WALPROGRAMM 2023

# CHAMBER WALEN

## GERECHT LÉISUNGEN FIR HAUT A MUER.

PIRATEN.LU | AHOI@PIRATEN.LU | +352 20 33 37

PIRATEN

# INHALT


AARBECHT 13

Fir eng besser Work-Life-Balance
Fir fair Chancen um Aarbechtsmaart
Actionnariat salarié ausbauen
Steierfräie Bonus
Sonndesaarbecht
Pensiounskeess
Fir Virdeeler fir d'Patronen an d'Salariéeën
Fir ee sozialen Index
Fir eng gutt funktionéierend Fonction Publique
Fir de Schutz vu Gemengepolitiker
Méi sektoriell Kollektivverträg
Méi Formatioune bei der ADEM
Fir besser Mediatioun mat der Adem

ARMÉI 23

Keen Asaz vu Lëtzebuerger Zaldoten a Krichsgebidder
Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden
NATO reforméieren
International Konflikter

ASYLPOLITIK 27

Asyl ass e Mënscherecht
Aarbechtsrecht fir Asylsichend
Een eenzege Ministère fir Migratioun
Participativ Gestioun vum Foyer
Familljenzesummeféierunge vereinfachen
Mannerjäreg Demandeurs de protection sinn an éischter Linn Kanner
LGBTIQ an Asyl- souwéi Immigratiounsrecht
Netz-politeschen Asyl
Mënschenhandel zu Lëtzebuerg

AUSSEPOLITIK 33

Déi russesch Invasioun vun der Ukrain stoppen
D'Stäerkung vun de Vereenten Natiounen (UNO)

Ausbau vun eisem diplomatesche Reseau
Fir Hëllef an de Respekt vu Mënscherechter

BILDUNG: PRIMÄRSCHOUL A LYCÉE 39

De Schoulprogramm un aktuell Erausfuerderungen upassen
D'Bildungsoffer u gesellschaftlech Besoinen upassen
Der Méisproochegkeet Rechnung droen
E moduläre System fir de Secondaire
Eng Upassung vum Horaire am Fondamental
D'Digitaliséierung an de Schoulen ausbauen
Verständlech Bilanen
Upassung vun der Bewäertung vum Dossier de vacance
D'Situatioun vun de Chargé(e)ë verbesseren
Quereinsteiger- a Remplacementsformatioune reforméieren
De Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv maachen
Eng besser Prise en charge vu Schüler:inne mat spezifesche Besoinen
Verhënneren, dass d'Schoul virzäiteg ofgebrach gëtt

BILDUNG: HÉICHSCHOUL & FUERSCHUNG 51

Villfälteg Studiegäng am Land ubidden
De Beruff vu Fuerscher:inne méi attraktiv maachen
Méi Raimlechkeete fir ze wunnen an ze liewen fir Student:innen
Studiefinanzéierung
D'Ënnerstëtzung vun Open-Access an Open-Data Projeten

BIERGERBEDEELEGUNG & MATBESTËMMUNG 57

Méi Matbestëmmung fir jiddereen
Aféiere vun engem Biergerrot op nationalem Niveau
Partizipative Budget aféieren
Froen u Ministere vu Bierger:innen aféieren
Méi Biergerbedeelegung an der legislativer Prozedur
Gesetzesinitiative vereinfachen
Petitiounen méi Gewiicht ginn
Weider Matbestëmmungs-Instrumenter zu Lëtzebuerg testen
Gemengefusiounen
Ee Walbezierk fir d'Nationalwalen
Walflicht ofschafen
Ee kloere Statut fir Parteien
Duebelmandater fir Politiker:innen begrenzen

DÉIERESCHUTZ 65

Méi kloer a streng Reegele bei Déierequälerei
Handel mat liewegen Déiere reduzéieren

Keen Déier gehéiert an een Zirkus
Géint de Verkaf vu Pelz
Géint Qualzuuchten
Schluechthaiser zu Lëtzebuerg erhalen
Déierentransporter begrenzen
Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken
Eng besser Kennzeechnung vun Eeër bei den Inhaltsstoffer
Juegd moderniséieren a Klappjuegd verbidden
Opfangstatiounen
Déiereversich
Hausdéiere vu Locatairen
Hondssteier ofschafen
Fir een Ombudsman fir Déieren

DIGITALISÉIERUNG A MEDIEN 73

Méi kloer a streng Reegele bei Déierequälerei
Handel mat liewegen Déiere reduzéieren
Keen Déier gehéiert an een Zirkus
Géint de Verkaf vu Pelz
Géint Qualzuuchten
Schluechthaiser zu Lëtzebuerg erhalen
Déierentransporter begrenzen
Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken
Eng besser Kennzeechnung vun Eeër bei den Inhaltsstoffer
Juegd moderniséieren a Klappjuegd verbidden
Opfangstatiounen
Déiereversich
Hausdéiere vu Locatairen
Hondssteier ofschafen
Fir een Ombudsman fir Déieren
Recht op Privatsphär am digitale Raum
Open Data, Open Source, Open Access
Digitale Kontakt mat de Bierger:innen
Recht op Participatioun am digitale Raum
Sécherheet an der Digitaliséierung
Digital Medien
Gaming
Kënschtlech Intelligenz

DRËTTEN ALTER 83

Nei Wunnformen erméiglechen
Dignitéit vun all Mënsch an Alters-oder Fleegeheemer respektéieren
Mobilitéit assuréieren
Accès zur Digitalisatioun

Promotioun vun der Präventivmedezin
Géint Altersaarmut
Prête fir Senioren
Programm Leit hëllefe Senioren

## DROGEPOLITIK 89

Nei Wunnformen erméiglechen
Dignitéit vun all Mënsch an Alters-oder Fleegeheemer respektéieren
Mobilitéit assuréieren
Accès zur Digitalisatioun
Promotioun vun der Präventivmedezin
Géint Altersaarmut
Prête fir Senioren
Programm Leit hëllefe Senioren
Méi Präventioun a Sensibiliséierung
Géint Klischeeë virgoen
Drogenofhängegkeet als medezinesche Problem gesinn
Méi spezialiséiert Strukturen
Gläichstellung vu medezineschem Cannabis mat anere Medikamenter
D'Legaliséierung vum Besëtz vu Cannabis

## ËMWELT, KLIMA & NATUR SCHÜTZEN! 93

De Staat muss responsabel akafen
Opstelle vun engem Fong fir Naturkatastrophen
Ëmweltfrëndlecht Verhale beloune mat engem Klimabonus
Gratis Grondbedarf u Waasser an Energie, duerno Pollueur-Payeur
Proppert Drénkwaasser fir jiddereen
Atomkraaft, nee Merci!
Liewensmëttel gehéieren net an d'Poubelle
Dreck gehéiert an d'Poubelle, net an d'Natur
Einwegplastik reduzéieren
Greenwashing verhënneren
Textilindustrie reguléieren
Ee Recht op Reparatur
TVA bei Elektroautoen
Afänken an Erëmbenotzung vum CO2 aus der Loft (Carbon Capture)
Manner Bëtong mat Blummen, méi heemesch Natur
De Bausecteur nohalteg gestalten
Bauschutt reduzéieren
D'Arméi net beim Klimaschutz vergiessen
Fësch ass net onbedéngt gesond
Eis Bëscher schützen
E nationale Klima- an Ëmweltgremium aféieren
Wuesstum intelligent gestalte fir méi Liewensqualitéit fir jiddereen

## ENERGIE 107

Sunergy – Lëtzebuerg prett maachen fir d'Energiewenn
Solaranlagen op ëffentleche Gebaier
Atomkraaft, nee Merci!
Nei Weeër bei der Energieproduktioun goen
Infrastrukturen an ëffentlecher Hand
Lëtzebuerg un d'HGÜ-Netz ubannen
Aféierung vum "Smart Grid"
Noutfallpläng fir all kritesch Infrastrukturen
Méi Luetstatiounen fir E-Autoen
Lëtzebuerg zu engem Wirtschaftsstanduert fir Climatetech maachen
Carbon Capture (E-fuels)
Intelligent Beliichtung & LED Luuchten
Renovatiounen fir jidderee bezuelbar maachen

## EUROPA & GROUSSREGIOUN 117

Méi Groussregioun = besser Liewensqualitéit fir jiddereen
Méi Demokratie fir d'EU-Institutiounen
Stäerkung vum Matsproocherecht vun de Bierger:innen
Géint Rietsextremismus a Faschismus
LGBTIQ*-Rechter an Europa stäerken
Nohaltëgkeet als Pilier vum europäesche Semester
Ausbau vun zentralen wirtschaftlechen Sekteuren an der EU
Ausbau vum europäesche Schinnen- a Busnetz
EU-Handelsofkommes
Fräi Beweegung am Schengeraum
Géint illegal Pushbacks
Déi russesch Invasioun vun der Ukrain stoppen
Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden

## FAMILLJEPOLITIK 127

De Chèque-service d'accueil un d'Elteren ausbezuelen
Méi Flexibilitéit bei der Kannerbetreiung aféieren
Congé parental ausbauen
Méi Congésdeeg fir schwéier Situatiounen
Reeboufamillen
Adoption simple priorisëieren
Fleegefamillje besser ënnerstëtzen
D'Interess vum Kand mussen am Mëttelpunkt stoen
Familljeplanung a Verhütung

## GESELLSCHAFT 135

Gläichberechtegung am Beräich Gender a Partnerschaft
Participatiounsrechter fir Persoune mat Handicap
E Liewe fräi vun Diskriminéierung a Gewalt
Reliounsausübung innerhalb vum gesetzleche Kader
Eng kreativ an engagéiert Gesellschaft

## GESONDHEETSPOLITIK 141

Eng staark ëffentlech koordinéiert Offer
Den Trend vum Erofsetze vu de Better muss ophalen.
Gesondheetsberuffer méi attraktiv maachen
Eng qualitativ héichwäerteg Offer fir jiddereen
D'mental Gesondheet verbesseren
E séieren Zougang zu Medikamenter assuréieren
Rare a chronesch Krankheete besser encadréieren
Méi fir Kanner a Jugendlecher maachen
Sexuell Gesondheet a Schwangerschaft
E Gebuertshaus fir Lëtzebuerg
Opstocke vun den Aarbechtsdokteren
Patentrechter: Accès zu Vaccinen

## INKLUSIOUN 153

Feeldenden kloere juristesche Kader
Tutelle reforméieren
Aarbecht an Ateliers protégés
Reform vun der assistance à l'Inklusioun
Reform vum Quotesystem fir Leit mam Statut „travailleur handicapé"
Den Adapto reforméieren
Logement, betreit Wunnstrukturen an inklusiv Wunngemeinschaften
Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren
Accès op Elektroborne fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit
Fir ee Master an der Inklusioun
Fir méi Inklusiounscrèchen
Fir méi inklusiv Spillplazen
Congés speciaux
Medezinesch Traitementer
Fir eng inklusiv Digitalisatioun
Assurance dépendance

## KULTUR 163

Fir d'Kënschtlerfräiheet
Bibliothéiken

Archiver
Eng fräi zougänglech Kultur
Reform vum Urheber- a Patentrecht (Copyright)
Eng Federatioun fir Auto-Entrepreneuren
Beruffer valoriséieren
Luxembourg Film Fund
Historesch Gebaier erhalen a mat Liewe fällen

MOBILITÉIT: INDIVIDUALVERKÉIER 171

Eng Autossteier fir all Benotzer vum Reseau
Elektroautoen finanziell méi attraktiv maachen
Ouni Luetstatiounen keng E-Autoen
Nohaltëg Tankstellen
Stroossesécherheet erhéijen duerch Technik
Stroossesécherheet erhéijen duerch Kontrollen
Eischt-Hëllef-Coursen fir de Führerschein
Velospisten besser schützen
Rush-Hour verhënneren
Besseren Transport fir d'Grenzgänger
Verkéiersinformatiounssystem national op Open Source ausbauen
West- an Nordcontournement
Verkéiersfloss verbesseren

MOBILITÉIT: ËFFENTLECHEN TRANSPORT 179

Gratis ëffentlechen Transport erhalen
Invest an den ëffentlechen Transport verbesseren
De Verkéier an der Stad berouegen
Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren
Den Adapto reforméieren
Taxisgesetz reforméieren
CFL soll a Staatshand bleiwen
Méi Nuetszich
Innovativ Weeër beim Transport goen
Internet am Zuch & Bus
Ee performanten an nohaltege Fluchhafe vun der Groussregioun
Nohaltëg Schëffahrt

SÉCHERHEET & UERDNUNG: POLICE 187

Méi physesch Policepresenz
D'Police um Terrain entlaaschten
D'Police muss een attraktive Patron sinn
Ëffentlech Sécherheet nëmme mat der Police: keng privat Sécherheetsfirmen
Gemengebeamten stäerken aplaz Kommunalpolice
Videoiwwerwaachung ass keen Zaubermëttel

SÉCHERHEET & UERDNUNG: JUSTIZ 193

Finanziellen Zougang zur Justiz fir jiddereen
Transparenz vun eiser Justiz
Ëffentlech Geriichtsprozesser solle kënne gefilmt ginn
Verfassungsgeriicht fir all Bierger:innen zougänglech maachen
Riichter:in fir de Strofvollzuch
Ofschafe vun der Anwaltsflicht
Affekotspräisser transparent gestalten a reglementéieren
Reform vum Notariat
Reform vum Dierwiechterstatut (Huissier de justice)
Gesellschaftlech wertvoll Strofen
Untersuchungshaft op de Minimum begrenzen
Kee Finanzement fir Iwwerwaachungsprogrammer & Spionagesoftware

SÉCHERHEET & UERDNUNG: PRÄVENTIOUN AN OPKLÄRUNG 201

Méi Street Worker
Eng Ulafstell fir Affer vu Gewalt aféieren
Méi Informatioun iwwert d'Sécherheetslag
Präventioun férdert Sécherheet
Baulech Moossnahmen fir ee bessert Sécherheetsgefill
Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel
Gesetzer an Uerteeler méi accessibel maachen op legilux.lu

SOZIALES 207

Méi Street Worker
Eng Ulafstell fir Affer vu Gewalt aféieren
Méi Informatioun iwwert d'Sécherheetslag
Präventioun férdert Sécherheet
Baulech Moossnahmen fir ee bessert Sécherheetsgefill
Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel
Gesetzer an Uerteeler méi accessibel maachen op legilux.lu
Offices sociaux
Hëllefen vum Fonds national de solidarité
Fir ee Guichet wou jiddereen Hëllef kritt
Keen op der Strooss zreck loossen
Méi Noutlogementer
Verbëtzen vun Liewensmëttel bekämpfen

SPORT 213

Méi Beweegung a Sport an de Schoulen a Betreiungsstrukturen
Eng besser Koordinatioun op Gemengenniveau
An eisem Gesondheetssystem
Méi Investitioune fir d'Sportsveräiner an Federatiounen

Strukture fir Athleten
Elittesport
Unerkennung vun eSport als Sportaart
Benevolat
Vereinfachung beim Medico-Sportif fir jonk Sportler
Eng Struktur fir Bientraitance an Integritéit
Lutte géint den Dopping verstäerken
Méi zentral an divers Sportsitten
D'Schafe vun engem Departement fir Sport a Sportsmedezin op der Universitéit

STEIERPOLITIK & STAATSFINANZEN 221

Méi netto vum Brutto um Salaire (Akommessteier)
Elengerzéiend an d'Steierklass 2 setzen
Witwesteier ofschafen
Steieren un d'Inflatioun upassen
Steierfräie Mindestloun
Steierkreditter automatesch ausbezuelen
Actionnariat salarié ausbauen
Fitforinvest
Steierfräie Bonus
Eng eenzeg Firmesteier: ICC an IRC fusionéieren
Automatiséiert TVA Deklaratiounen
Erof mat der TVA
Lëtzebuerg fir Crypto aktiv maachen
Keng bëlleg Taxe d'abonnement fir Gas an Atom
Finanztransaktiounssteier
Verstoppten Ierfschaftssteier ofschafen
Steierrecht am ganze Land selwecht uwenden
D'Steierbüroen musse méi Kulanz vis-à-vis vun de Steierzueler:inne weisen
Automatiséiert an digitaliséiert Steiererklärung
Reform vun der Grondsteier
Steiervirdeeler fir gerecht Loyeren
Wunnkäschten als Spezialausgab bei der Steiererklärung abauen
Géigefinanzéierung
Staatsschold am A behalen
Iwwerflësseg Steieren ofschafen

TRANSPARENZ 231

Fir e „Prinzip vun der Ëffentlechkeet"
Fir e wierklecht Transparenzgesetz
Eng transparent an effizient Economie
Fir eng transparent Politik a Verwaltung
Fir transparent Wirtschaftsaktivitéite vum Staat
Besser Kontroll vun den Ausgaben bei staatlechen Projeten

WIRTSCHAFT: KONSUMENTESCHUTZ 237

Liewensmëttelwarnunge méi breet veröffentlechen
Géint zoue Banken a Postbüroen
Net nëmmen d'Recht op eng Réckerstattung vu sengem Geld
Keng Reklamm w.e.g.

WIRTSCHAFT: LANDWIRTSCHAFT 241

Kennzeechnung vum Fleesch
Méi Uebst a Geméis ubauen
Sou vill wéi méiglech op Sprëtzmëttel verzichten
Biolandwirtschaft ausbauen
Primme reforméieren an déi mëttelstänneg Betriber méi staark ënnerstëtzen
E Guichet unique fir d'Landwirtschaft
Schluechthaiser zu Lëtzebuerg erhalen
Déierentransporter begrenzen
Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken
Personalmangel an der Landwirtschaft

WIRTSCHAFT: LËTZEBUERG ALS START-UP NATION 249

Start-ups wuesse loossen
Innovatioun a Risiko belounen - Firmegrënnunge vereinfachen a Fräiberuffler ënnerstëtzen
Aarbechtsmigratioun
D'Handwierk muss erëm méi attraktiv ginn
Steierklass 2 och wichteg fir d'Attraktivitéit vum Land
Fitforinvest
Lëtzebuerg fir Crypto aktiv maachen
Open Data, Open Source, Open Access
Reform vum Urheber- a Patentrecht (Copyright)

WIRTSCHAFT: NOHALTEG & ATTRAKTIV 257

Lëtzebuerg zu engem Wirtschaftsstanduert fir Climatetech maachen
Fir eng Finanzplaz déi prett ass fir d'Zukunft
Nohalteg Betriber
Kritesch Infrastrukturen an ëffentlecher Hand
Ofschafung vun der Zwangs-Memberschaft an alle Kummeren
Neireegelung vum Glécksspill
Digitalisatioun
Ënnerstëtzung vu Betriber, déi Servicer no vun bei de Leit ubidden
Ablösesumme
Respekt vum gesetzleche Kader an de Verwaltungsréit
D'Boergeld muss bleiwen
Wuesstum intelligent gestalte fir méi Liewensqualitéit fir jiddereen

**WUNNEN ZU LËTZEBUERG: MÉI WUNNENGE BAUEN** 265

Ee Masterplang fir de Logement
Méi Suen an den ëffentleche Wunnengsbau investéieren
Ee Code de la Construction aféieren
Nei Wunnformen erméiglechen
Bauprozedure vereinfachen an digitaliséieren mam Baute-Guichet
Mam Privatsecteur zesummeschaffen
Baulandleasing
Méi Aarbechter:innen gi gebraucht am Bausektor
Méi Transparenz bei Baugeneemegungen
Schafe vun engem Conseil Supérieur du Logement
D'Potenzial vun der Groussregioun notzen, fir Drock vum nationale Wunnmarché ze kréien
Perimetererweiderunge verhënneren
De Bausektor nohalteg gestalten
Bauschutt reduzéieren
Historesch Gebaier erhalen a mat Liewe fëllen

**WUNNEN ZU LËTZEBUERG: KAFEN ËNNERSTËTZEN** 275

Een Eegenheem ass eng Sécherheet fir d'Zukunft !
Ëffentlech Wunnenge fir 10€/m2 mat Mietkauf!
Mietkauf och um Privatmarché aféieren
Staatsgarantie fir Immobiliëprêten erhéijen
Notaireskäschte bei der Éischtwunneng ganz ofschafen (Bëllegen Akt)
Méi streng Reegelen géint d'Spekulatioun um Wunnmarché

**WUNNEN ZU LËTZEBUERG: LOUNEN MÉI ERSCHWÉNGLECH MAACHEN** 281

Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen
Mietkauf och um Privatmarché aféieren
Fair Loyeren ënnerstëtzen
Ausbau vun der Gestion Locative Sociale
De Loyer vu senge Steieren ofsetzen
De Loyer méi am Index gewiichten
Kommissioune solle vun deem bezuelt ginn, deen d'Agence bestellt
Méi Flexibilitéit bei der Dauer vu Mietverträg
Sozialwunnengen
Schafe vun enger permanenter nationaler Loyerskommissioun mat Decisiounsgewalt
Wunngemeinschaften & Co-Locatioune fërderen

**DENG PIRATEN AN DER CHAMBER** 287

**EIS KANDIDATEN** 289


FIR EEN GERECHT
LETZEBUERG!
PIRATEN

# AARBECHT

## Fir eng besser Work-Life-Balance

Mir Pirate sinn der Iwwerzeegung, dass d'Work-Life-Balance am Joer 2023 net an engem ugemoosse Verhältnis zouenee steet. An ville Familljе musse béid Partner schaffe goen, fir sech de Logement ze leeschten. Vill Single an Elengerzéiender kënnen sech hei am Land mol iwwerhaapt kee Logement méi leeschten a brauchen dofir nach méi laang op d'Aarbecht.

Fir eis Pirate muss dofir d'Aarbechtswelt prett gemaach gi fir dat 21echst Joerhonnert. Fir eis heescht dat Flexibilitéit op der Aarbecht a Respekt vum Privatliewen. Dozou gehéiert Zäit fir d'Famill awer och fir soziaalt Engagement. Dofir wëlle mir eis asetze fir méi flexibel Aarbechtszäiten a fir Télétravail do wou et méiglech ass. D'Période de référence iwwert ee Joer soll méiglech sinn.

Mir ënnerstëtzen och Cadres mobiles, déi engem erlaben, Moies méi fréi unzefänken oder Owes méi spéit ze schaffen a wou d'Aarbechter:innen mam Patron kucken, wéi eng Stonnen ee muss do sinn.

Mir vergiessen dobäi net déi negativ Aspekter vum Télétravail (ënnert Anerem: d'Trennung vu Beruff a Privatliewen, Iwwerstonnen, Recht op Privatsphär a Paus) an dofir muss de Staat ee kloren gesetzleche Kader virginn, fir d'Rechter vum Employé ze garantéieren. Den Télétravail gëtt de Leit awer ganz kloer och d'Flexibilitéit an d'Zäit, fir virun oder no der Aarbecht nach déi eng oder aner kleng Commissioun z'erleedegen. Zousätzlech huet den Télétravail och ee positiven Afloss op d'Verkéierssituatioun wouvu mir all profitéieren, dofir muss den Télétravail do vum Patron méiglech gemaach gi, wou e méiglech ass. Den Télétravail soll kënnen um Büro mee och a Coworking Spaces (oder Satellitte Büroen) no un der Grenz méiglech gemaach ginn. Heizou gehéieren och



grenziwwergräifend Geschäftszone wou d'Leit schaffe kënnen a wou op Niveau vun der Groussregioun ee gesetzlechen a fiskale Kär ausgeschafft gëtt.

Mir vergiessen awer och net déi Leit, déi net kënne vun doheem aus schaffen, dofir wëllen mir hinnen d'Kilometerpauschal eropsetzen. Och si musse weiderhi Loscht hunn an den Zentrum vum Land schaffen ze kommen.

Dat bedeit fir eis:

- *Flexibel Aarbechtsmodeller férderen. Dëst a Form vu cadre mobiles an enger Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten iwwert ee Joer gekuckt. Dat heescht, dass een net all Woch op 40h Schaffzäit muss kommen. Dat wat zielt ass, dass een um Enn am Schnëtt 40h geschafft huet. D'Aarbechtszäit dierf de legale Kader vun 48h/Woch awer net iwwerschreiden. Hei mussen och d'Sozialpartner agebonne ginn, fir d'Période de référence mat de Breibter auszeschaffen. De Schutz vun den Aarbechter:innen ass hei dat Wichtegst;*
- *Och wëlle mir Piraten, dass ee Patron senge Mataarbechter:innen muss de Wonsch no manner Aarbechtsstonnen nokommen. Dëst a grousse Firme mat méi wéi 50 Mataarbechter:innen, wou een herno och rëm dierf méi schaffen;*
- *Télétravail férderen duerch Steiererliichterunge fir d'Betriber déi hire Mataarbechter:innen erlabe vun doheem aus ze schaffen;*
- *D'Baue vu Coworking Spaces (oder Satellitte Büroen) zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun;*
- *Eropsetze vun der Kilometerpauschal vun 99€ op 115€ pro Unitéit fir déi Leit, déi keen Télétravail kënne maachen;*
- *Ee Recht op Déconnexioun ausserhalb vun den Aarbechtszäiten;*
- *All Persoun, déi Home Office mécht soll vun enger Steiererliichterung am Sënn vum Artikel 105 vum LIR ka profitéieren;*
- *Persounen a Beschäftegungsmesuren och d'Congés extraordinaires zougestoen (Congéë wann ee Familljemember stierft, déi Persoun plënnert oder bestuet gëtt).*

## Fir fair Chancen um Aarbechtsmaart

Ee faire Loun fänkt fir eis Pirate bei engem Mindestloun un, deen d'Leit iwwert der Aarmutsgrenz hält. Fir dëst z'areschen an awer gläichzäiteg net weider Käschten op d'Patronen ze dräcken, si mir Piraten der Meenung, dass de Mindestloun (qualifié grad wéi non-qualifié) steierfräi muss ginn.

All Mënsch hei zou Lëtzebuerg huet eng fair Chance verdéngt, fir eng Aarbecht ze fannen. Fir eis heescht dat, eng Aarbechtswelt schafen, wou jiddereen eng fair Chance kritt an ee gerechte Loun. D'Pirate schwätzen sech dofir anonymiséiert Kandidaturen aus, wou eenzeg an eleng d'Kompetenzen an d'Qualifikatioun vum Kandidat/der Kandidatin solle beim CV an der Lettre de motivation consideréiert ginn. Dëst entsprécht den Ufuerderunge vun engem héijen an effikassen Dateschutz a schützt géint Diskriminéierungen. Den Entretien op der Plaz besteet spéiderhin an ass dann d'Geleeënheet fir sech direkt virum potentielle Patron ze beweisen.

Interimsagencë benotze Kuerzzäitverträg oft als bëlleg Aarbechtskraaft a ginn de Leit keng Perspektiven. Et kënnt leider ze oft zu Abusen, wou Interimsaarbechter:innen eng fest Plaz am Betrib hunn, mee net vum Betrib agestallt ginn. Dofir schwätze mir eis fir méi streng Kontrollen am Beräich Interim aus.

Mir fuerderen dofir:

- *Ee steierfräie Mindestloun;*
- *Anonym Kandidature beim Staat obligatoresch maachen an am Privatsecteur incentivéieren;*
- *Interim méi staark kontrolléieren an encadréieren.*

## Actionnariat salarié ausbauen

D'Piraten wëllen, dass d'Mataarbechter:innen méi um Erfolleg vun hire Firme kënne bedeelegt a finanziell belount ginn. Eng Form fir dat ze maachen ass iwwert den Actionnariat salarié, wou Mataarbechter:innen Undeeler vun hirer Firma a Form vu Mataarbechter:innenaktien ausgestallt kréien, déi se un de Gewënner vun der Firma bedeelegen an hinne gewëss Matsproocherechter sécheren. Dat stäerkt d'Matbestëmmung vun de Salariéeën an den Entreprisen a valoriséiert hir Aarbecht. D'Piraten wëllen dofir den Actionnariat salarié virun allem a klengen a mëttelgroussen Entreprisen steierlech ënnerstëtzen, a souwuel d'Firmen, wéi och d'Salariéen, steierlech entlaaschten, wa si dee Wee wëlle goen.

## Steierfräie Bonus

Fir eis all klenge Bonus eng Unerkennung fir engem Salarié seng gutt Aarbecht a sollt dofir, ënnert gewëssene Limitten, net weider besteiert ginn.

Gratifikatiounen a Bonussen, déi net Deel vun der Rémunération périodique sinn, sollen dofir bis 5.000€ steierfräi gemaach ginn.

D'Piraten wëllen doriwwer eraus och ee steierfräien 13te Mount.

## Sonndesaarbecht

D'Piraten setzen op eng Flexibiliséierung duerch ee sektorielle Kollektivvertrag. Esou wëlle mir sécher stellen, dass d'Sonndesaarbecht ëmmer am Sënn vum Schutz vun Aarbechter:innen strikt encadréiert gëtt.

## Pensiounskeess

De Piraten ass et wichteg, Dass d'Investitioune vun eisem Pensiounsfong iwwerduecht ginn an transparent oppe geluecht ginn.

D'Pirate wëllen ee rentabelen an nohaltegen Investissement vum Pensiounsfong. Dat ass haut scho méiglech. De Pensiounsfong orientéiert seng Investissementer aktuell un Indica-



teuren déi weder déi rentabelst sinn, nach am Aklang mat dem Klimaschutz laut de Paräisser Accorde stinn. Et ginn aktuell schonns Méiglechkeeten eis Investissementer (z.B. an den Indice MSCI World Paris Aligned) méi gréng a rentabel ze gestalten, dat heescht am Sënn vun all Bierger:in deen seng wuel verdéngte Pensioun och soll kréien.

Mir Pirate fuerderen och dass de Pensiounsfong säin Deel zu der Wunnproblematik bäidréit an an d´Kreatioun vu Wunnraum op nationalem Terrain investéiert. Et kann een deementspriechend souwuel e laangfristege Rendement garantéieren als och hëllefen een Doheem fir jiddereen ze bauen.




## Fir Virdeeler fir d’Patronen an d’Salariéeën

Mir Pirate maachen eis staark fir eng Wirtschaft, déi op d’Matbestëmmung an d’Ermächtegung vu Mataarbechter:innen setzt. Eis Iddi vum Actionnariat Salarié ass et, fir de Salariéeën Undeeler a Form vu Mataarbechteraktien auszestellen, déi se um Profit vun der Firma bedeelegen an hinne gewëss Matsproocherechter sécheren.

Eng Aarbechtsplaz bréngt net nëmmen der Firma Profitter an dem Employé ee Salaire, mee suergt och dofir, dass de Staat duerch Steierrecetten a Sozialofgabe funktionéiere kann. Op der enger Säit brauche Firmen, virun allem kleng a mëttel Betriber, Flexibilitéit. Mir sinn der Meenung, dass Firmen, déi fir stabil Aarbechtsplaze suergen, dofir belount solle ginn. De Patron soll dozou animéiert ginn, fir Mataarbechter:innen méiglechst laang am Betrib ze halen.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Dass den Actionnariat Salarié steierlech begënschtegt gëtt. Dës Iddi ass als Bonus fir d'Employéeën ze verstoen a soll a kengstem Fall de Salaire oder aner Primmen, wéi den 13te Mount, ersetzen. Firmen, déi een Actionnariat Salarié ubidden, solle steierlech entlaascht ginn;*

- *Dass déi Betriber ënnerstëtzt ginn, déi Jonker ouni Experienz astellen a bei sech am Betrib halen, a Leit iwwer 49 Joer am Betrib halen. Mir proposéieren dofir, dass ee Betrib eng Primm kritt, wann e ka beweisen, dass ee Jonken dräi Joer bei him am Betrib geschafft huet. Dës soll no deenen dräi Joer ausbezuelt ginn. Wann ee Betrib Aarbechter:innen huet, déi 49 Joer al ginn, respektiv nei Leit astellt déi 49 Joer al sinn oder méi al, sollen d'Käschte vun de Charges patronales zum Deel oder ganz vum Staat iwwerholl ginn. Esou soll séchergestallt ginn, dass d'Leit och nach mat 50 eng Aarbecht fannen an hale kënnen;*

- *Dass een ab 55 Joer ee Recht als Aarbechter:innen soll hunn, fir manner Stonnen ze schaffen. Hei soll een da vum Staat finanziell gehollef kréien ënnert de selwechte Konditioune wéi et momentan scho beim Réemploi de Fall ass.*

## Fir ee sozialen Index

Den Index ass eng wichteg Errongenschaft. Dofir sti mir Piraten zu Indexmechanismus a fuerderen, dass dësen och weiderhin ëmmer ausbezuelt gëtt wann en fälleg ass. Mee esou, wéi e momentan zu Lëtzebuerg besteet, huet en zur Konsequenz, Dass virun allem déi Leit mat engem héijen Akommes am meeschte bei enger Index-Erhéijung dozou gewannen.

Als Beispill: Eng Indextranche vun 2,5% bréngt enger Persoun mam Mindestloun ronn 75€, wärend dee mat engem Salaire vun 10.000€ am ganzen 250€ kritt, also méi wéi dräi Mol esou vill. Dat ass net gerecht. Et brauch ee keng honnerten Euro fir d'Präisdéierescht vun de Wueren am Wuerekuerf ze kompenséieren. Ab engem gewësse Montant ass d'Erhéijung vun der Paien net méi a Relatioun mat der Inflatioun.

Domadder géif d'Schéier tëschent Aarm a Räich manner staark ausernee goen, wéi et mam aktuelle System de Fall ass. Jidderee kritt säi Kafkraaftverloscht kompenséiert a mir entlaaschten d'Betriber.

Dofir stinn d'Piraten:

- *Fir gedeckelt Index-Tranche op 3,5 Mol de Montant, deen eng Persoun mam Mindestloun kritt (ronn 11.000€). Dat bedeit de Montant ab dem Plaffong agefruer gëtt an all Persoun déi méi wéi 11.000€ de Mount verdéngt, zum Beispill 20.000€ oder och 50.000€, ëmmer 263€ Index kritt;*
- *Dass de Patron behält d'Recht, fir méi Index auszebezuelen;*
- *Géint all Manipulatioun vum Wuerekuerf, déi net zu Gonschte vun de Salarié(e) ass.*

## Fir eng gutt funktionéierend Fonction Publique

D'Pirate wëllen eng Fonction Publique déi gutt funktionéiert. Hei ass kloer d'Digitaliséierung, mee och eng gutt Work-Life Blance gefrot. D'Piraten fuerderen an deem Sënn, dass digital Léisungen déi mat de Leit um Terrain ausgeschafft ginn, fir esou sécher ze stellen, dass um Enn keng reng Prestige Projeten eraus kommen, déi de Beamt:inne méi Aarbecht maache wéi virdrun.

Och beim Staat muss Télétravail dann och erméiglecht ginn, do wou et méiglech ass. Dëst suergt fir méi Zäit fir d'Mataarbechter:innen, fir aner Saache wéi Hobbyen oder Kanner a suergt och fir déi néideg Attraktivitéit vun der Fonction Publique.

D'Piratepartei schwätzt sech dann dofir aus, dass och Employé(e)s d'Etat d'Recht hunn, fir sech bei bei internen Détachementer op eng Plaz ze mellen. Dës Méiglechkeet gëtt et haut fir Leit aus dem Privatsecteur an déi soll och fir Employé(e) d'Etat opgemaach ginn.

Dofir stinn d'Piraten:

- *Fir eng Digitaliséierung an der Fonction Publique mat de Aarbechter:innen a net iwwert hir Käpp ewech;*

- *Fir een Télétravail, do wou et méiglech ass;*
- *Fir intern Détachementer och fir Employé(e)n;*
- *Fir Kënnegungsschutz am Fall vu laange Krankheeten. D'Employé(e)n beim Staat sollen dat selwecht Recht am Krankheetsfall hunn, wéi Leit, déi am Privatsecteur schaffen. Am Privatsecteur gëtt een entlooss, wann een an enger Period vun zwee Joer méi wéi annerhalleft Joer krank war. Beim Staat verléiert den Employé awer schonn no enger Krankheet vu sechs Méint an enger Period vun engem Joer seng Plaz;*
- *Dass een och no enger Kënnegung no laanger Krankheet, sech erëm bei dem Staat kann op eng Plaz mellen.*

*[weider Detailer zu dem Thema ginn et e.a. am Dossier Sécherheet an Educatioun]*

## Fir de Schutz vu Gemengepolitiker

Vill Leit trauen sech net, fir an der Politik aktiv ze ginn, well se Angscht hunn, dass dëst negativ Konsequenzen op hirer Aarbechtsplaz kéint mat sech bréngen. An enger Demokratie muss jidderee sech trauen dierfen, fir aktiv d'Politik matzegestalten.

Dofir fuerderen d'Piraten, grad wéi bei de Personaldelegéierten, dass och Gemengepolitiker wärend hirem Mandat, wärend der Walcampagne, wou d'Leit Kandidat:in sinn a sechs Méint nom Auslafe vun hirem Mandat, virun enger Kënnegung geschützt ginn.

## Méi sektoriell Kollektivverträg

Lëtzebuerg ass mat 53% vun de Salarié(e)ën déi vun engem kollektiv Vertrag profitéiere wäit ewech vun deene vun der EU ugepeilten 80%. D'Pirateparteі ass der Meenung, dass méi Aarbechter:innen:inne solle kënne vun de Virdeeler vun engem Kollektivvertrag profitéieren. Dofir wëlle mir eis asetzen, fir dass méi sektoriell Verträg ofgeschloss ginn.

## Méi Formatioune bei der ADEM

D'Zil vun der Politik muss et sinn, de Leit esou séier wéi méiglech erëm op d'Been ze hëllefen. Dofir si mir Piraten der Meenung, dass all Formatioun déi vun engem vum Staat unerkannten Institut ugebuede gëtt, soll kënne vun enger Persoun op Aarbechtssich gemaach ginn. Dës Formatioune solle ganz vun der Adem bezuelt gi wann et sech ëm Ëmschoulunge fir System relevant Beruffer handelt.

## Fir besser Mediatioun mat der Adem

D'Piratepartei setzt sech an fir ee gutt accessibele Medatiounsservice bei der Adem. Dozou gehéiert eng Ulafstell déi kloer um Site vun der Adem an an den Agencen affichéiert ass, a wou professionell Mediateure probéiere mat de Betraffene Léisungen ze fannen.

# ARMÉI



**Keen Asaz vu Lëtzebuerger Zaldoten a Krichsgebidder**

D'Piratepartei ënnerstëtzt keen Asaz vu Lëtzebuerger Zaldoten a Krichsgebidder. Missioune wéi déi am Mali an am Afghanistan gi vun de Piraten net ënnerstëtzt. D'Lëtzebuerger Arméi soll nëmmen humanitären Hëllefsoperatiounen ënnerstëtzen.

Verdeedegungspolitik ass de Garant fir Sécherheet a Fräiheet. Wann een et zesummerechent, investéieren déi eenzel EU-Memberstaate méi an hir national Arméie wéi China a Russland zesummen. Leider ass déi aktuell europäesch militär Zesummenaarbecht, a Form vu Battlegroups, vu begrenztem Notzen.

Dofir si mir:

- *Géint den Asaz vu Lëtzebuerger Zaldoten a Krichsgebidder;*
- *Fir ee weltwäit Atomwaffeverbuet.*



## Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden

D'Piratepartei wëll sech dofir asetzen eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsarméi opzestellen. Dës Arméi soll gemeinsam Besoinen definéieren, Sécherheetsanalyse koordinéieren an a Beräicher, wéi dem gemeinsamen Akaf, der Maintenance vun Ausrüstung an der Ausbildung vu Rekrutten, zesummeschaffen. D'Piraten setzen sech fir méi Kooperatioun an allen Domainë vun der Defense an, ausgeholl d'Nuklearwaffen. Eng Europäesch Arméi géif sech aus engem EU-Fong finanzéieren, an deen all d'Memberstaaten abezuelen. D'Europäesch Kommissioun soll d'Weisungsbefugnis kréien, Asätz wieren awer nëmmen duerch en demokratescht Legitiméieren duerch d'Europäescht Parlament méiglech.

Dofir wëllen d'Piraten sech asetze fir:

- *Eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsarméi opzestellen. Dës Arméi soll gemeinsam Besoinen definéieren, Sécherheetsanalyse koordinéieren an a Beräicher – wéi dem gemeinsamen Akaf an der Maintenance vun Ausrüstung an der Ausbildung vu Rekrutte – zesummeschaffen.*

## NATO reforméieren

D'NATO ass säit dem Ugrëff vu Russland op d'Ukrain erëm méi an de Vierdergrond geréckelt. Et gëtt elo konstant iwwert nei Bäitrëttskandidate geschwat. Mir Piraten si fir ee Bäitrëtt vu Schweden a Finnland an d'NATO. Mee virun allem d'Diskussioune wéinst dem Bäitrëtt vu Schweden weisen, dass d'NATO muss reforméiert ginn. Et kann net sinn, dass een eenzegt Land kann de Bäitrëtt vu wichtege Verbündete verhënnere wéinst innepolitesche Muechtspiller.

Dës Weidere muss gekuckt ginn, wou déi 2% Memberschaftbäitrag Sënn maachen. Et kéint een sech virstelle fir Hard a Soft Power Dépensen an dësen 2% matzezielen. Heirënner fält zum Beispill Cybersecurity. An och den Ausbau vun erneierbaren Energien déi eis méi onofhängeg vun totalitäre Staaten an Diktature maachen, sollten dobäi gezielt ginn.

Am Fall vun engem Enn vum Ugrëffskrich duerch Russland muss d'NATO weiderhin zur Ukrain stoen an d'Onofhängegkeet vum Staat duerch Verdeedegungsofkommen ofsécheren.

Dofir stinn d'Piraten:

- *Fir een Iwwerschaffe vun der 2% Reegel;*
- *Fir eng Obligatioun vun 1% Invest vum RNB an d'Kooperatiounshëllef vun den NATO Memberstaaten.*


## International Konflikter

Mir Piraten setzen eis dofir an, dass international Accorden agehale ginn.

Dofir sti mir fir eng onofhängeg Ukrain. Mir bleiwen och bei eiser Positioun fir eng Zwee-Staate-Léisung tëscht Israel a Palestina. Hei muss endlech eng friddlech Léisung fonnt ginn, déi domadder ufänkt, dass déi vum UN Sécherheetsrot als illegal Siidlungspolitik am Westjordanland ophält.

China wéisst ëmmer méi aggressiivt Verhale vis-à -vis vu sengen Noperen. Mir Piraten plädéiere fir de Respekt vun den demokrateschen Entscheedunge vun der Bevëlkerung vun Taiwan. Mir wëlle verhënneren, dass et hei zu weideren Eskalatioune kënnt.

# ASYLPO



### Asyl ass e Mënscherecht

Populistesch Attacken op d'Asylrecht toleréieren d'Piraten net a schwätzen sech kloer fir eng verstäerkt Ënnerstëtzung vun Asylsichenden aus. Wichteg ass et Aslysichender net ze stigmatiséieren, mee als Mënschen an Nout ze behandelen a mënschewierdeg Prozeduren unzewenden, fir dem Recht op Asyl gerecht ze ginn.

Den europäeschen Usaz zur Asyl- a Flüchtlingspolitik muss op der Unerkennung vun de Mënscherechter berouen an d'Virgabe vun der Genfer Flüchtlingskonventioun an der UN Kannerrechtskonventioun vollstänneg respektéieren. Dubliner Verträg, déi d'Leit dozou zwéngen, fir am éischte Land wat se an Europa betratt hunn, hiren Antrag ze stellen an noutfalls och dohinner zréck ze schécke funktionéieren net méi. Fir eis Piraten ass et onsolidaresch, fir Leit a Länner wéi Italien zréck ze schécken, déi schonn iwwerlaascht sinn. D'Leit sollen dierfen hir eng Demande op Asyl an dem Land ze stelle wou se wëllen.

# LITIK



D'EU-Noperschafts-an Entwécklungspolitik soll op eng nohalteg Verbesserung vun de Liewensbedingungen an op d'Férderung vun de Mënscherechter an alle Partnerlänner a Regiounen ausgeriicht sinn. Fir d'Asylpolitik ze férderen, muss den Asyl- a Migratiounsfong méi Programmer fir d'Ophuelen an d'Integratioun vu Flüchtlingen an den eenzele Memberlänner ënnerstëtzen. Dëst op Basis vun den ugehollenen Asylunträg.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Eng Asylpolitik déi international an europäesch Mënscherechter respektéiert;*
- *Falls ee Joer nom Areeche vun enger Demande op protection internationalen nach keng Decisioun gefall ass, da soll dës Demande automatesch ugeholl ginn. Déi Waardezäit ass als maximalen Delai ze verstoen, dee nëmmen an de komplizéiertste Fäll areecht däerf ginn;*
- *Wann néideg soll d'Ausweisunge schnell a mënschewierdeg duerchgefouert ginn an et soll dofir gesuergt ginn, dass déi betreffend Léit eng reell Chance op en Neiufank hunn;*
- *Och Asylsichender sollen dierfen enger Aarbecht nogoen;*
- *Asylsichend Leit méi abannen an d'Gestioun vun de Foyeren;*
- *Méi kleng Foyere wou sech méi individuell ëm d'Leit ka gekëmmert ginn duerch eng Opstockung vum Personal;*
- *Familienzesummeféierunge vereinfachen;*
- *Schutz vu LGBTIQ* Persounen duerch ee separate Foyer;*
- *Ee bessere Schutz vu Mannerjäregen.*

### Aarbechtsrecht fir Asylsichend

D'Piratepartei fuerdert dass Asylsichender d'Méiglechkeet kréien, fir selwer fir sech opzekommen an d'Schoul ze besichen oder eng Léier ze maachen. Dofir muss d'Aarbechtsrecht flexibiliséiert gi fir jidderengem deen zu Lëtzebuerg lieft och d'Méiglechkeet ze gi schaffen ze goen.

Dofir sollt direkt wann d'Léit am Land ukommen en Kompetenzprofil erstallt ginn den esouwuel berufflech a sproochlech, mä och sozial a kulturell Kompetenzen erfaasst. Dëse Profil géif, am Respekt vum Dateschutzgesetz a mam Accord vum Betraffenen, mat der Direktioun de l'Immigration, dem OLAI an der ADEM gedeelt ginn, fir en individuelle 'parcours de formation, d'orientation et d'intégration' ze erstellen an ëmzesetzen ouni ze waarde bis Prozedur ofgeschloss ass.

## Een eenzege Ministère fir Migratioun

Fir méi schnell an einfach Entscheedunge soll et nëmmen nach een eenzege Ministère fir den Accueil, Prozedur an d'Integratioun vun neie Residenten zoustänneg sinn. Direktioun vun der Immigratioun an den ONA sollen ënnert der Tutelle vun engem Ministère stoen. Mir ënnerstëtzten een interministerielle Comité an dem och d'sozial Partner an d'Zivilgesellschaft hir Stëmm hätten. Dëst géif eiser Meenung no zu enger besserer Akzeptanz an der Bevëlkerung bäidroen.

## Participativ Gestioun vum Foyer

An all Foyer soll e participative Comité de Gestion agesat ginn. Esou wéi den Artikel 10(07) vum Gesetz vum 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire et virgesäit , sollten d'Léit déi am Foyer wunnen duerch d'aktiv Bedeelegung an engem Comité de Gestion en Matsproocherecht kréie wat Gestioun a Belaanger vun hirem Logement ugeet.

Laut Ausseministère brauchen Zentre vir d'éischt Opnam (« centres de primo-accueil ») läit de Personalschlëssel bei engem engem Encadrant (Assistant social oder Educateur) pro 40 Persounen. An den temporären Ënnerkonftsstrukturen, wou d'Persoune vum ONA selwer encadréiert ginn, läit de Personalschlëssel aktuell bei engem Encadrant pro 100 Persounen. Dobäi huet de Rapport vum Ombudsmann fir Kanner a Jugendlecher kloer gewisen, dass dat net duer geet, an dass d'Kanner drënner leiden, wa Personal feelt. Grouss Foyere sinn hei dee falsche Wee. Et muss een d'Leit mat Traumaen a ganz besonnesch d'Kanner besser betreien. Dat geet am beschten a klenge Strukturen.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Ee Personalschlëssel, wou op 10 Kanner an de Foyere muss mindestens ee Mataarbechter:innen kommen. Esou wéi et an de Crèchen an anere Betreiungsstrukture schonn haut de Fall ass;*
- *Ee Personalschlëssel,wou op 30 DPIen a BPIen soll een Educateur kommen;*
- *Ee Personalschlëssel, wou op 10 Familljen een Assistant social kënnt.*

## Familljenzesummeféierunge vereinfachen

Familljenzesummeféierunge vun Net-EU-Bierger ginn an der EU nach ëmmer op nationalem Plang entscheet. Mir Pirate fuerderen eng Harmoniséie-

rung a gläichzäiteg Vereinfachung vun dëse Prozeduren. Famillje gehéieren zesummen an et solle keng bürokratesch Hürden tëscht enger Famill stoe wa mindestens ee Familljemember no enger Asylprozedur an der EU Asyl krut.

## Mannerjäreg Demandeurs de protection sinn an éischter Linn Kanner

Fir eis Piraten solle Kanner, déi op Lëtzebuerg flüchten (ob eleng oder mat Familljememberen) wéi Kanner behandelt ginn. Dofir wënsche mir eis eng Reform vum System, wou dann den ONE (office national de l'enfance) an net méi d'ONA (office national d'acceuil) fir dës Kanner a Jugendlecher zoustänneg soll sinn.

D'Piraten fuerderen:

- *D'Kanner déi op Lëtzebuerg komme vum ONE betreien ze loossen;*
- *Mënscherechtskonform Weeër fir den Alter fest ze stellen;*
- *Kee Kand an engem Centre de rétention anzespären.*

## LGBTIQ an Asyl- souwéi Immigratiounsrecht

D'Piratepartei fuerdert, dass Homosexualitéit, Transsexualitéit an hier Persecutioun am Ausland als Asylmotiv unerkannt gëtt. Aktuell Reegelungen an dëser Hisiicht sinn net wäitreechend fir Persounen Asyl zu Lëtzebuerg ze gewäerden, wann se wéinst dësen Eegenschaften an hirem Heemechtsland verfollegt ginn. Lëtzebuerg muss déi néideg Prozedure schafen, dass all Persoun, déi ënnert dem Risiko steet wéinst hirer sexueller Identitéit oder hirer Sexualitéit verfollegt ze ginn d'Protektioun vum Asyl ze ginn.

D'Infrastrukture fir Asylsichender sinn dacks net op d'Bedierfnesser vu den eenzele Mënschen zougeschnidden. Esou ass et beispillsweis méiglech, dass besonnesch LGBTIQ-Leit, déi opgrond vun hirer Sexualitéit oder hirer geschlechtlecher Identitéit an hirem Heemechtsland verfollegt ginn, sech hei nees mat anere Schutzsichenden am selwechten Ënnerdaach erëmfannen, déi hirersäits duerch en LGBTIQ-feindlecht Gesellschaftsbild aus hirem Heemechtsland gepräägt sinn.

Et ass dacks esou, dass betraffe Leit sech opgrond vun hiren Erfarungen, net traue fir iwwert hir Situatioun ze schwätzen. Den Agent soll an dëse Fäll d'Situatioune verstoen an Hëllef ubidde kënnen. Och d'Iwwersetzer an d'Security-Personal sollten an dëser Thematik hiren Aufgaben entspriechend forméiert ginn, fir an de jeewei-

lege Situatiounen adequat kënnen ze handelen.

Mir begréissen ausdrécklech de Projet vun der Formatioun „Arc-en-ciel" vun der CIGALE an den Asylstrukturen, déi d'LGBTIQ- mat interkulturellen Thematike verbënnt, a wëllen dës Offer mat den néidege Moyenen ausbauen. Jiddwereen, dee mat Asylsichenden zesummeschafft, sollt e vereinfachten Zougang zu dëser Formatioun kréien.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Een eegestännege Foyer oder een ofgetrennten Deel fir DPI oder BPI déi Deel vun der LGBTIQ* Communautéit sinn;*
- *Fir Formatioune wéi déi vun der CIGALE fir d'Personal an de Foyeren.*

## Netz-politeschen Asyl

Net eréischt op Grond vun de Revelatiounen a Schicksaler vun de Whistleblower Chelsea Manning an Edward Snowden gouf kloer, dass Aktiviste wéinst Meenungsäusserungen um Internet, op sozialen Netzwierker oder fir hiert netzpoliteschen Engagement riskéiere bestrooft a souguer gefoltert ze ginn. Änlech Erfarunge gouf et och am sougenannten Arabesche Fréijoer wou vill Aktivisten opgrond vu Meenungsäusserungen um Internet verhaft an agespaart goufen.

Dofir setze mir eis an fir ee staarke Schutz vu Whistleblower.


## Mënschenhandel zu Lëtzebuerg

Laut dem Rechercheverband "Lost in Europe", an deem ënner anerem de brittesche Guardian, den nidderlännesche Rundfunk VPRO an de rbb matwierken, sinn tëscht 2018 an 2020 iwwert 18.000 onbegleete Flüchtlingskanner aus staatlechen Ariichtunge verschwonnen. Laut de Recherchë vun de Reporter goufen et zu Lëtzebuerg mindestens 85 esou Fäll. Dës Mannerjäreg landen oft an den Hänn vu Mënschenhändler a ginn zur Aarbecht gezwongen.

Dofir stinn d'Piraten:

- *Fir Hëllefen an Ulafstellen déi op si fir jiddereen;*
- *Fir méi Efforte bei der Sich vu Leit aus Foyere wann si verschwannen.*

# AUSSEPOL



## Déi russesch Invasioun vun der Ukrain stoppen

Et ass erëm Krich um europäesche Kontinent, e Krich, dee mir als Matbierger:inne vun der EU esou net méi kannt hunn. D'Ukrain kämpft fir hir Fräiheet wärend Russland probéiert d'Land dem Äerdbuedem gläich ze maachen. Mir Piraten ënnerstëtzen d'Ukrain vun Ufank un an hire Beméiungen, fir déi russesch Besatzer zréckzedrängen. An der Chamber hu mir all d'Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Ukrain matgedroen a mir wäerten dat och weiderhi maachen. Mir Piraten si fir d'Ënnerstëtzung vu Waffen déi net riskéieren de Konflikt eskaléieren ze loossen. Dat bedeit, dass mir géint d'Schécke vu lëtzebuerger Zaldoten, Nuklearwaffen, Laangstreckerakéiten, Minnen, Brandbommen an all anere Waffen déi géint international Traitéë verstousse, sinn. De Krich dierf net duerch esou Waffen eskaléieren. Am Fall wou et sollt zu Friddensverhandlunge kommen, wëlle mir Sécherungen (zum Beispill Blo Helmer) an der Ukrain opstellen, fir sécher ze stellen, dass de Fridde vun Dauer ass. D'Ukrain brauch och nom Krich Partner an der Défense.

De Krich huet an enger éischter Instanz zu enormer Solidaritéit a ganz Europa gefouert elo geet et drëms de Momentum ze erhalen an och weider als europäesch Länner zesumme géint Russland anzestoen.


LITIK

Och Lëtzebuerg gouf duerch dëse Krich virun Erausfuerderunge gestallt. Vill Mënschen hunn hire Wee an eis d'Land fonnt op der Sich no Sécherheet. Mir Piraten stinn och weiderhin dofir an, dass dës Leit bei eis opgeholl ginn, egal op aus der Ukrain oder anere Länner wéi Afghanistan, an hei anstänneg behandelt ginn.

Russland ass awer net deen eenzegen Acteur deen eis muss Suerge bereeden. China huet sech ni kloer géint Russland gestallt, säit dem Ufank vum Krich. China respektéiert weder d'Sanktioune géint Russland nach déi géint Nordkorea richteg. Si behuelen sech ëmmer méi aggressiv par Rapport zu hirem Noper Taiwan, wou reegelméisseg Chineesesch Fligeren onerlaabt den Taiwanesche Loftraum betrieden. D'UN huet an engem Rapport kloer konnte beweisen, dass d'Bevëlkerung vun den Uiguren a China systematesch agespaart a versklaavt gëtt. Mat esou engem China kann Europa net weider fuere wei virdrun. Mir mussen onofhängeg vun hinne ginn an zentrale Secteure wéi der Chipindustrie, der Medikamenten a Maskenhierstellung oder der Hierstellung vu Solarpanneauen.

D'Piraten sinn a bléiwen eng Partei, déi sech fir de Fridden asetzt. Fir eis awer kloer, dass ee Land sech am Fall vun engem Ugrëff muss verdeedege kënnen.

## D'Stäerkung vun de Vereenten Natiounen (UNO)

D'Vereenten Natiounen als wichtegst Institutioun fir déi friddlech Verstännegung tëscht de Staaten op dëser Äerd, brauchen onbedéngt eng Rei Reformen, fir esou fir déi nei Erausfuerderunge gerëscht ze sinn.

Vue dass d'Zil vun engem neie Sécherheetsrot awer wuel net fir haut a fir muer ass bitt et sech un, déi Felder wou d'UNO bis elo gutt Aarbecht leescht weider auszebauen. An Zäite vu Streidereien am Sécherheetsrot ass d'Katastrophenhëllef an de Schutz vun de Mënscherechter eng wichteg Aarbecht déi d'UNO nach ka maachen. Virun allem d:en Mënscherechtsbeoptragt:en musse weiderhi Mënscherechtsverletzungen an der Welt opweisen. Esou wei et am Rapport vun der UNO zur Situatioun vun den Uigure gemaach ginn ass.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Eng ugemoossen dauerhaft Bedeelegung vun alle Kontinenter am Sécherheetsrot;*

- *Besonnesch d'Schwellelänner sollte virum Hannergrond vun hirer ëmmer méi grousser regionaler Bedeitung, méi staark un d'Mechanisme fir eng global Verantwortung bedeelegt ginn;*
- *D'General Assembly muss par Rapport vum Sécherheetsrot méi Pouvoire kréien, fir Blockaden um Niveau vum Sécherheetsrot ze léisen;*
- *D'Vereenten Natiounen an Zukunft nach méi staark an d'Koordinatioun vu Katastrophenhëllefsprojeten ze integréieren.*

## Ausbau vun eisem diplomatesche Reseau

D'Pirate wëllen d'Ausbau vun eisen diplomatesche Bezéiunge fërderen. Dëst virun allem mat Natiounen, mat deene Lëtzebuerg duerch seng Geschicht oder seng Awunner un eis d'Land gebonnen ass. Dës Länner, wou Lëtzebuerg bis elo kee Representant huet oder nëmmen ee fir dat ganzt Land, do schloe mir Pirate vir, dass den Ausseministère sougenannten „traveling consultates" opbaut, fir dass dës Beamte méi no un de Bierger:inne sinn, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit an hir Wäerter deelen.

## Fir Hëllef an de Respekt vu Mënscherechter

Wou och ëmmer Lëtzebuerg optrëtt musse mir Verfechter vun den universale Mënscherechter sinn. Als temporäre Member vum UN Mënscherechtsrot muss Lëtzebuerg eng Virbildfunktioun anhuelen. Mir musse weltwäit e méi staarken Akzent op Mënscherechter leeën, well all Mënschen si gläich an hunn en Usproch op déi nämmlecht Rechter.

Mir fuerdere vun der nächster Regierung dass keng privilegéiert Partnerschafte mat Länner geschloss gi wou d'Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn. De Ruanda ass ee Beispill als Land wat vun Amnesty als Diktatur ugesi gëtt. Bei enger Visitt 2022 hunn d'Ministere Bettel a Fayot d'Land besicht an méi Kooperatioun mat Lëtzebuerg versprach. Esou Zeene weisen, dass Lëtzebuerg seng Kooperatiounspolitik dringend muss onofhängeg vu senge wirtschaftlechen Interesse maachen.

Bei allen offizielle Reese vu lëtzebuergeschen Delegatioune soll an Zukunft mindestens ee Mënscherechtsbeoptraagte mat dobäi sinn. Dëse soll no sengem Retour en onofhängege Rapport iwwert d'Lag vun de Mënscherechter am Zilland schreiwen. Unhand vun dësem Rapport sollen dann zukünfteg Delegatioune prioriséiert

ginn a Länner ouni de néidege Respekt virum Mënscherecht méi kritesch behandelt ginn.

Dofir muss Lëtzebuerg och weiderhi mat Länner wéi dem Kap Verde zesummen un engem Plang fir nohalteg Kooperatioun schaffen. Dëst net nëmmen duerch d'Ënnerstëtze vum nationale Bildungssystem mee och vu klenge lokale Firmen déi sech op erneierbar Energië konzentréieren. Mir wëllen eng onofhängeg an nohalteg Kooperatiounspolitik. Duerch d'Vergi vu Mikrokreditter huet Lëtzebuerg d'Chance fir Entreprisen ze ënnerstëtzen déi net nëmmen Aarbechter:innen am Secteur vun erneierbaren Energien astelle mee och ausbilden. Duerch esou Projete kënne mir de Léit hëllefen ouni se an eng Ofhängegkeet ze stierzen.

D'Piraten setzen sech dann och fir de Schutz vu Mënscherechter a wann et ëm Liwwerkette geet. Dofir hu mir zesumme mat der Initiative pour un devoir de vigilance eng Gesetzespropos agereecht vun der mir hoffen, dass se geschwënn an der Chamber gestëmmt ka ginn. D'Zil ass et dass all gréisser Entreprise muss ee Plan de vigilance opstellen an seng Liwwerketten op de Respekt vu Mënscherechter a klimaschiedlech Praxissen iwwerpréiwen.

Dofir wëlle mir Piraten:

- *D'Kooperatiouns- a Entwécklungshëllef konsequent op 1% vum RNB (Moyenne vun de leschten dräi Joer) halen;*
- *Eis Kooperatiounspolitik muss op Nohaltegkeet op gebaut sinn. Eise gréissten Effort muss der Agroeconomescher Transitioun (méi kleng a méi nohalteg Landwirtschaftlech Betriber) leien;*
- *Dass d'lëtzebuergesch Entwécklungshëllef sech soll un den internationale Korruptiounsindexer orientéieren;*
- *Mënscherechtsbeoptragte konsequent op Auslandsreessen alueden*
- *Eng LuxDev Agence déi fräi vu wirtschaftlechen Interessen ass;*
- *D'Uni.lu an d'Kooperationspolitik mat abannen;*
- *Trennung vu Kooperatiouns- a Wirtschaftsministère;*
- *Kooperatiounspolitik déi d'Leit an d'Betriber an de jeeweilege Länner energieonofhängeg mëscht an se op d'Konsequenze vum Klimawandel virbereet;*
- *Fir een Devoir de viligence.*

# BILDUNG: PRI
# SCHOUL A LYC



**De Schoulprogramm un aktuell Erausfuerderungen upassen**

Nieft der wichteger Kompetenzvermëttlung an den Haaptfächer, ass et vu grousser Bedeitung, dass de Schoulprogramm och op déi aktuell global Erausfuerderungen ageet, wéi z. B. de Klimawandel oder d'Aartestierwen, an zousätzlech mussen och Theme behandelt ginn, déi wichteg sinn, fir d'Gesondheet an d'gesellschaftlecht Zesummeliewen.

Doduerch, dass méi Thematike solle behandelt ginn, géifen d'Kanner an déi Jonk besser op eis Gesellschaft virbereet ginn a sech laangfristeg an eiser komplexer Gesellschaft besser zurecht fannen.

Dofir fuerdere mir:

- *D'Fach Vie et Société notzen, fir wichteg individuell a gesellschaftlech Erausfuerderunge méi ze thematiséieren, wéi z. B. d'mental Gesondheet oder de Problem vun der Gewalt;*
- *D'Punkte vum Klimawandel an dem Schutz vun der Ëmwelt an de Schoulprogrammer stäerken an deene Jonken d'Natur nobréngen duerch Schoulgäert an Ausflich;*

# MÄR-
# ÉE



- *D'Mediekompetenz vun de Jonke stäerken;*
- *Éischthëllefscoursen op de Schoulprogramm setzen.*

## D'Bildungsoffer u gesellschaftlech Besoinen upassen

D'Bildungsoffer muss um Niveau vun de Sektiounen am Lycée un d'Besoine vum Terrain ugepasst ginn. A verschiddene Beruffssparte feelt et aktuell massiv u qualifizéiertem Personal;
An den Handwierksberuffer an an de Gesondheetsberuffer feelen de Moment besonnesch vill Leit. Hei geet et net duer, fir just Werbecampagnen ze maachen, an der Hoffnung, fir méi Jonker fir dës Secteuren ze begeeschteren. Hei muss scho bei der Formatioun an de Schoulen ugesat ginn an d'Beruffsausbildunge musse ganz kloer valoriséiert ginn. Bei der Orientéierung vun de Jonken am Lycée ass et wichteg, no den Interesse vun de Schüler:innen ze kucken an d'Beruffsausbildungen net just deene Schüler:inne virzeschloen, déi fir aner Klassen net genuch Punkten haten. Eng Karriär am Handwierk ass net manner Wäert wéi eng Universitéitsausbildung. Wichteg ass, dass een dat, wat ee mécht, mat Spaass mécht. D'Piraten ënnerstëtzen dofir och d'Iddi, et de Schüler:innen ze erlaben, eng 1ère gläichzäiteg mat engem DAP-Ofschloss ze maachen. Op all Schoulniveau – och am Classique - sollt et eng Filière gi fir d'Handwierk a fir d'Gesondheets- a Fleegeberuffer. All Jonke soll eng Formatioun an engem vun dëse Branchë kënne maachen, wann e wëll, egal op en am Classique ass oder an engem vun den Niveaue vum General. Esou erméigleche mir et, dass all Interesséierten ee Gesondheets- oder Handwierksberuff ka léieren.

Dofir fuerdere mir:

- *D'Beruffsausbildunge valoriséieren an en DAP-Ofschloss zesumme mat enger 1ère ubidden;*
- *Eng Filière op all Schoulniveau fir d'Handwierk an d'Gesondheets- a Fleegeberuffer ubidden;*
- *De Besuch vun der järlecher Léierfoire fir all Schoulniveaue verflichtend maachen;*
- *Stage promouvéieren.*

## Der Méisproochegkeet Rechnung droen

D'Schoul huet sech an deene leschte Jore ganz vill verännert, dëst och duerch déi gesellschaftlech Ännerungen, mat deene Lëtzebuerg konfrontéiert ass. Vill Leit sinn nei an d'Land komm,

dëst mat an ouni Kanner. Lëtzebuergesch ass a ville Familljen net méi déi Sprooch, déi primär geschwat gëtt. Dës Realitéit huet natierlech och ganz grouss Auswierkungen op d'Schoul an de Schoulalldag. D'Schoule mussen sech un dës Realitéiten upasse – an zwar net nëmmen déi international Schoulen. Lëtzebuerg ass duerch eng grouss Sproochevillfalt gepräägt an d'Méisproochegkeet ass ee vun de ganz groussen Atouten, déi mir hunn. Där Méisproochegkeet muss och an der Schoul Rechnung gedroe ginn a gläichzäiteg dierf d'Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch awer net verluer goen - am Géigendeel.

Dofir fuerdere mir:

- *D'Alphabetiséierung net just op Däitsch ubidden;*
- *Verschidde Couren a verschiddene langues véhiculaires ubidden;*
- *Lëtzebuergesch als Fach net nëmmen op de Stonneplang vun der 4ième, mee och nach vun der 3ième setzen;*
- *Iwwerdenke vun der aktueller Trennung vun den internationale Schoulen an den traditionelle Lycéeën, well laangfristeg dierf et net d'Zil sinn, de klassesche lëtzebuergesche Schoulsystem engersäits an de System vun den internationale Lycéeën anerersäits parallel vun eneen (an dat heescht och laanscht eneen) lafen ze loossen.*

## E moduläre System fir de Secondaire

Haut ass et a verschiddene Fächer scho méiglech, dass d'Schüler:innen sech tëscht Basis- an Opbaucoure kënnen entscheeden. Dëse moduläre System muss nach weider ausgebaut ginn, fir dass dëst nach a méi Fächer méiglech gëtt. D'Module bidde jidderengem d'Fräiheet, an deem Tempo ze léieren, deen him entsprécht. Gläichzäiteg verhënnert dee System, dass déi Jonk ganz frei entspriechend hirer Leeschtung a fix Klasse getrennt ginn, ouni dass Deelstärke gefërdert kënne ginn. Problemer kënnen an eenzele Beräicher frei erkannt ginn, esou dass cibléiert Hëllefsstellunge méiglech sinn an d'Schüler:innen hier Schwieregkeeten net einfach „weiderschleefen". Feelt z. B. an enger Sprooch eng gutt Basis, huet et kee wäert op e méi schwéieren Niveau weider ze goen a scho grouss literaresch Wierker virgesat ze kréien, just well een an en nächst Schouljoer kënnt. Andeems ee Flichtmoduller, Walmoduller a méi spéit och Spezialiséierungsmoduller géif ubidden an dës och nach a Basis- an Opbaumoduller opdeelt, kéint een a vill méi Fächer eng wierkungsvoll Differenzéierung ubidden.

Fir dës villfälteg Coure kënnen unzebidden, kann et sënnvoll sinn, Schoulen, déi op dem selwechte Campus oder zumindest no beienee leien, zesummen ze schléissen oder eng Kooperatioun unzereegen. Zudeem sollt et beim Bau vun neie Schoulen am Fondamental méi einfach gemaach ginn, dass sech verschidde Gemengen zesummen dinn, fir eng méi grouss gemeinsam Schoul ze bauen. Dëst géif laangfristeg wichteg Ressource schounen a nei Synergien tëscht Gemengen oder Schoulen entstoe loossen.

Dofir fuerdere mir:

- *En Ausbau vum moduläre Schoulsystem an eng besser Differenzéierung;*
- *D'Ausschaffe vun enger Orientéierungshëllef an Zesummenaarbecht mat de Beruffskummeren, déi weist, wéi eng Moduler, fir wéi eng Ausbildung/Beruffswënsch noutwenneg sinn;*
- *D'Ënnerstëtze vun Zesummeschlëss a Kooperatiounen tëscht Schoulen, fir méiglechst villfälteg Couren ubidden ze kënnen a Synergien ze förderen.*

## Eng Upassung vum Horaire am Fondamental

D'Pirate maachen sech staark fir Schoulen, déi un d'Besoine vun de Kanner an hiren Elteren ugepasst sinn. Déi aktuell Schoulzäiten am Fondamental, wou d'Kanner u verschiddenen Deeg no enger laanger Mëttespaus nach emol d'Schoulbänk mussen drécken, hunn Nodeeler fir d'Kanner, d'Elteren an d'Personal. Eng Upassung vun de Schoulzäiten, wou all Dag vun 8h00 bis 13h00 Schoul wier, géif bei de Kanner de Stress reduzéieren, deen de Wiessel Schoul-Maison Relais-Schoul mat sech bréngt. Den Elteren, déi mi-temps schaffen, géif dat erlaben, Mëttes méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen a fir d'Personal an de Maisons Relaise géif et de Planning méi einfach maachen. Doduerch, dass net u verschiddene Mëtteger nach Schoul ass, kënnt et net méi zu Coupuren, esou dass d'Maisons Relaisen och d'Méiglechkeet hätten, fir nach méi divers Aktivitéiten unzebidden, zum Beispill a Kooperatioun mat Kulturinstitutiounen oder Sportveräiner. Doduerch, dass dës Coupuren am Horaire ewechfalen, kënnen dann och d'Aarbechtskonditioune verbessert an d'SAS-Kontrakter bei allen Träger strikt applizéiert ginn.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng Upassung vum Horaire vun de Grondschoulen: All Dag Schoul vun 8h00 bis 13h00;*

- *Eng verbessert Zesummenaarbecht tëscht de Maison Relaisen an de lokale Kulturschafenden a (Sports)Veräiner.*

## D'Digitaliséierung an de Schoulen ausbauen

All Schoul hei am Land, egal ob aus dem Fondamental oder dem Secondaire, muss iwwert eng gutt digital Infrastruktur verfügen. Dëst geet vum Internetuschloss iwwert modern Computere bis zu de benotze Programmer. Et ginn nach ëmmer Schoulen hei am Land, déi net iwwert e gutt funktionéierenden Internet verfügen an dat muss sech änneren. Wichteg ass och, dass d'Schoul onofhängeg vu grousse Megakonzerner bleift. D'Schüler solle mat verschiddene Programmer vu verschiddenen Hiersteller kënnen ëmgoen an do, wou et méiglech ass, mat Open-Source Programmer schaffen.

Schoulbicher sollen de Schüler:innen an digitaler Form gratis zur Verfügung stoen. De Ministère soll mat de Verlager, déi d'Schoulbicher fir d'Schüler:innen erausginn, Zougangsberechtegungen ausschaffen, déi et de Schüler:innen erlaben, een zäitlech begrenzten Zougrëff op d'Bicher ze kréien. Dat géif et de Schüler:innen erméiglechen, fir och vun doheem aus Accès op hir Bicher ze hunn, ouni dës mat Heem mussen ze schleefen. Um Enn vum Schouljoer géif de Login fir den digitalen Zougang zu de Bicher automatesch verfalen. Déi digital Versioun soll awer déi geprinte Bicher net ersetzen, wien wëll, soll natierlech och weiderhi kënne geprinte Schoulbicher notzen.

Dofir fuerdere mir:

- *Ee séieren a stabillen Internetzougang an allen Klassen;*
- *Eng Stäerkung vun Open Source;*
- *Käschtefräien digitalen Accès op Schoulbicher.*

## Verständlech Bilanen

D'Bilane mussen d'Elteren an d'Kanner kloer a verständlech doriwwer informéieren, wou d'Kand steet. Aktuell si vill verschidden Evaluatiounssystemer an der Lëtzebuerger Schoullandschaft ze fannen an net all System ass gläich gutt.

Dofir fuerdere mir:

- *d'Ausschaffe vun engem en eenheetlechen Evaluatiounssystem fir de Lëtzebuerger Enseignement.*

## Upassung vun der Bewäertung vum Dossier de vacance

Huet een an engem Fach eng Ongenügend an der Moyenne muss een aktuell e sougenannten Dossier de vacance schreiwen. E gëtt bewäert a mécht e Véierel vun der Gesamtnott vum Noexamen aus. Dësen Dossier ze schreiwen, erlaabt et de Jonken d'Inhalter vum Examen a Rou doheem ze widderhuelen an ze weisen, wat si kënnen ouni Prüfungsstress. Gläichzäiteg gëtt et, wéi bei bei Hausaufgaben am allgemengen awer de Problem, dass fir d'Schoul ni sécher ass, wien se gemaach huet. War d'Bomi villäicht méi an d'Schreiwe vum Dossier involvéiert wéi den/d' Schüler:in oder gouf et eng bezuelten Nohëllef? Gouf den Dossier villäicht souguer vun engem Chatbot verfaasst? Well de Bot alle Schüler:inne gläichermoossen zur Verfügung steet, wier seng Verwendung villäicht souguer méi fair, wéi de Réckgrëff op déi traditionell Hëllef duerch Frënn a Famill, mee kloer ass, dass all dës « Hëllefsmëttel »Ongläichheeten tëscht de Schüler:inne schafen. Well et beim Noexamen net soll drëm goen, wat d'Frënn, d'Famill oder e Bot kënnen, soll den Dossier net méi an d'Berechnung vun der Nott vum Noexame mat afléissen, mee just nach en onbewärte Leeschtungsnoweis fir den Zougang zum Exame sinn.

## D'Situatioun vun de Chargé(e)ë verbesseren

Et ass wäitreechend bekannt, dass d'Situatioun vun de Chargé(e)s de cours hei am Land ganz schlecht ass. Den Educatiounsministère hëlt sech hei verschidde Rechter eraus, déi esou an der Privatwirtschaft net méiglech wieren. E Beispill sinn hei d'Aarbechtskontrakter, wou den Educatiounsministère vill ze dacks iwwert Joren ëmmer nees zäitlech begrenzte Kontrakter ubitt. Wärend der Summervakanz hunn d'Chargé(e) ë mat befriste Kontrakter net nëmme keen Akommes, mee si sinn och net sozial verséchert. Zousätzlech mussen d'Chargéë méi Stonne Cours halen an dat fir manner Geld wéi d'Fonctionnairen. Och aner Avantagë bleiwen de Chargé(e)n hei am Land virenthalen. Den Educatiounsministère notzt d'Chargé(e)s de course schamlos aus. An dat, obwuel ouni d'Chargé(e)s de cours hei am Land d'Beschoulung net kéint assuréiert ginn, well ganz vill Stonnen am Enseignement vu Chargé(e)ë gehale ginn. D'Ausbeutung vun dësen Aarbeschtskräft muss endlech ophalen.

Dofir fuerdere mir:

- *Den Asaz vun zäitlech limitéierte Kontrakter (CDD) fir d'Chargé(e)s de*

*coursen esou wéi an der Privatwirtschaft och fir den Educatiounsministère begrenzen: No zwee zäitlech begrenzte Kontrakter muss automatesch en zäitlech onbegrenzte Kontrakt ugebuede ginn;*

- *En Zougang zu allen Dechargë fir d'Chargé(e)ën;*
- *Eng Upassung vun den ze leeschtende Stonnen, fir dass d'Chargé(e)ën net méi Stonne musse schaffe wéi aner Enseignanten;*
- *De Chargé(e)ën d'Méiglechkeet ginn, no enger bestëmmter Zäit am Beruff och un der Affektatiouns- bzw. Mutatiounsprozedur deelzehuelen, woubäi d'Fonctionnairen eng Prioritéit solle behalen;*
- *Eng Passerelle fir Chargé(e)ën am Fondamental, déi et erlaabt, zum Enseignants-Concours zougelooss ze ginn, wann ee genuch Beruffserfarung gesammelt an zousätzlech Couren absolvéiert huet.*

## Quereinsteiger- a Remplacements-formatioune reforméieren

Nieft de Chargé(e)s de cours gehéieren och d'Quereinsteiger an d'Kuerzzäit-Remplaçanten zu de Realitéite vum lëtzebuerger Schoulsystem. Grad am Fondamental muss all ze dacks op si zréckgegraff ginn, fir dass d'Coursë kënnen assuréiert ginn. Mir kënnen also net op si verzichten, mee si mussen awer besser encadréiert a forméiert ginn. D'Zil soll et sinn, d'Quereinsteiger laangfristeg zu vollwäertegen Enseignanten auszebilden (an dat net just um Pabeier) an och de Remplaçante wichteg pedagogesch Kenntnisser mat op de Wee ze ginn, éier si virun enger Klass stinn. Nëmmen esou kann ee fir déi néideg Qualitéit ze suergen. Dowéinst gesi mir déi aktuell Reform vum Quereinsteiger ganz kritesch. Hei soll innerhalb vun engem Joer déi gesamt Pedagogik nogeholl ginn, déi aktuell iwwert véier Joer am traditionelle Bachelor vermëttelt gëtt. Zudeem ass hei net genuch Stagezäit virgesinn. Amplaz weider um aktuelle System vun de Quereinsteiger ze pléischteren, misst hei zesumme mat de Gewerkschafte gekuckt ginn, fir eng seriö a laangfristeg Léisung ze fannen, déi am Interêt vun den Enseignanten, der Schoul a virun allem och de Kanner ass.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng enk Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften, fir e Quereinsteiger-Programm op d'Been ze stellen, deen d'Qualitéit vun der Léier garantéiere kann;*

- *De Bachelor an de Sciences de l'Education och en cours d'emploi ubidden;*

- *Eng Ënnerscheedung bei der Formatioun/Stage vu Persounen, déi als Remplaçant fir eng länger Zäit agesat solle ginn a Surveillanten, déi just e puer Stonnen oder e puer Deeg punktuell asprangen: Remplaçanten, déi iwwert eng méi laang Zäit Klassen iwwerhuele kënnen, musse besser forméiert ginn, wéi dat aktuell de Fall ass.*

## De Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv maachen

Vill Leit wollte fréier an den Enseignement goen an Schoul halen, sief et am Fondamentale oder am Secondaire. Haut huet Lëtzebuerg mat engem Mangel u qualifizéierten Enseignanten ze kämpfen an et muss vill op Quereinsteiger a Chargé(e)s de coursen zréckgegraff ginn, fir eis Schoulen um Lafen ze halen an d'Coursen ze assuréieren. Wärend Joren huet den Educatiounsministère et verpasst, de Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv ze maachen, an huet aplaz op Quereinsteiger gesat a Chargé(e)s de coursen mat zäitlech limitéierte Kontrakter a schlechten Aarbechtsbedingungen ausgebeut. Hei muss dowéinst elo endlech eppes geschéien.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng Vereinfachung vun den administrativen Tâchen duerch den intelligenten Asaz vun digitalen Outilen an enger Upassung vun den administrativen Demarchen am Zesummenhang mat Kanner mat spezifesche Besoinen;*

- *Besser Hëllefsstellunge fir Enseignanten, déi opgrond vu Schüler mat Verhalensopfällegkeeten oder anere spezielle Besoinen Ënnerstëtzung froen;*

- *En Ausbau vun de Formatiounen op der Universitéit, fir méi Kandidate kënnen zouzeloossen iwwert de Wee vum Concours fir de reelle Besoine vum Terrain gerecht kënnen ze ginn, esou dass och manner Iwwerstonne gemaach musse ginn;*

- *Keng Benodeelegunge vu Persounen, déi Hallefzäit schaffe par Rapport zu Vollzäitmataarbeschter:inne beim Wiessel vum Lycée;*

- *Iwwerstonnen zur Ausnam aplaz zur Reegel maachen an Iwwerstonne mat engem erhéichte Korrekturkoeffizient ausbezuelen, falls se dann awer ufalen;*

- *De Betreiungsmodell aus dem Precoce, wou eng Equippe aus engem/enger Educateur/-trice an engem/enger Enseignant(e) zesummen d'Prise en charge vun de Kanner iwwerhuelen, op verschidde Cyclen aus dem fondamental auswäiten;*

- *D'Reegele fir d'Notzung vum CET (Zäitspuerkont) esou upassen, dass en och effektiv benotzt ka ginn an Demanden net systematesch ofgeleent ginn.*

## Eng besser Prise en charge vu Schüler:inne mat spezifesche Besoinen

Kanner mat verschiddenste Besoinen einfach zesummen an ee Klassesall ze setzen, geet net duer, fir vun enger gelongener Inklusioun ze schwätzen. D'Schoulpersonal muss och op déi nei Heterogenitéit reagéiere kënnen, fir all Kand, esou gutt et geet, gerecht kënnen ze ginn, mee dat ass haut leider net ëmmer méiglech. Obwuel et um Pabeier eng ganz Rei vun Ënnerstëtzungsforme gëtt, vun deene Kanner mat spezifesche Besoine profitéiere kënnen, ass d'Hëllef um Terrain trotzdeem nach ëmmer ganz limitéiert. Gläichzäiteg ginn et ëmmer méi Schüler:inne mat Verhaalensopfällegkeeten an de Schoulen an a ville Fäll ass d'Léierpersonal domat iwwerfuerdert a weess sech senger Hänn kee Rot méi. Si froen zwar no Hëllef, mee leider kënnt dës oft - wann iwwerhaapt - ze spéit um Terrain un. Souguer bei physeschen Attacke vu Kanner géint aner Kanner oder géint d'Schoul- a Léierpersonal gëtt et oft keng Reaktioun. Dat dierf zum Wuel vun de Kanner a vum Schoul- a Léierpersonal awer net esou weider goen.

Dofir fuerdere mir:

- *All Gebai oder Schoul muss spezialiséiert Personal a Form vun enger „Task Force" zougewise kréien, déi kuerzfristeg an de Klassen intervenéiere kann, wann e Besoin besteet. D'Member vun der Task Force sollen Educateuren an Infirmière sinn, déi Kanner an eng Klass siche kommen an ausserhalb vun der Klass betreie kënnen, bis et de Kanner besser geet;*
- *D'Méiglechkeet schafen, eng Assistance à l'inclusion fir Schoulkanner unzefroen, esou wéi et aktuell schonns fir Erwuessener an der Aarbechtswelt méiglech ass;*
- *Eng Verflichtung, beim Bau vun neie Schoulen Inklusiounsräim (z.B. Entspaanungsräim, Ecker fir sech ofzereagéieren etc...) anzeplangen;*
- *Eng Evaluatioun vun de Beruffsgruppen, déi aktuell mat Kanner mat spezifesche Besoine schaffen (Enseiganten, I-EBS, ESEB, Personal aus de Kompetenzzentren...) fir festzestellen, wéi eng Ressource sollten ausgebaut ginn a wou eventuell Reformbedarf besteet;*
- *Envisagéieren, dass Upassunge vun de Klasseneffectifer an dem Contin-*

*gent néideg sinn, wann sech erausstelle sollt, dass d'Problemer trotz zousätzlechem zukünftege Support um Terrain persistéieren.*

## Verhënneren, dass d'Schoul virzäiteg ofgebrach gëtt

Och wann d'Kompenséiere vun Notten net grondsätzlech an allen Hisiichte schlecht ass, esou gouf an deene leschte Joren awer e System geschaf, an deem vill ze vill vun dësem Outil gebrauch gemaach gëtt. Grad am General ass et esou, dass ee vun der 7e bis op 5e quasi net méi kann duerchfalen - och wann een a ganz ville Fächer eng ongenügend Nott huet. Dat ass fir eis e falscht Signal un d'Schüler:innen. Doduerch, dass d'Schüler:innen all Joer weiderkommen, gi vill Problemer iwwert Joren accumuléiert an zu engem oniwwerbréckbaren Hindernis. Soubal d'Kompenséieren net méi méiglech ass, ginn d'Problemer nämlech da richteg un. D'Lacunnen no Jore mat Kompensatiounen nach nozehuelen ass ganz schwéier, well da jo net nëmmen de Retard muss opgeholl ginn, mee jo och nach de Programm vum lafende Joer bewältegt muss ginn. Dat ass a ville Fäll onméiglech. Nach méi schwéier gëtt dann, wann och nach Problemer aus dem Fondamentale matgeschleeft goufen an/oder d'mental Gesondheet vun de Jonke leit. Dëse Cumul vun de Problemer féiert dann dacks dozou, dass d'Schüler:innen esou iwwerfuerdert sinn, dass si keen aneren Auswee méi gesinn, wéi d'Schoul ofzebriechen. An un där Iwwerfuerderung an hire Konsequenzen op d'Schüler:innen ännert sech och näischt, wann een d'Schoulflicht op 18 Joer eropsetzt.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng Reduzéierung vun de Méiglechkeete fir ze kompenséieren;*

- *Den Ausbau vun Hausaufgabenhëllefen, déi dësen Numm och verdéngen an net just eng Étude surveillée sinn;*

- *En Ausbau vun de Cours d'appuien, fir dass a méi klenge Gruppen u Problemer geschafft ka ginn, amplaz dass de Proff pro Kand just e puer wéineg Minutten zur Verfügung huet;*

- *D'Offer vu Programmer wéi „Schüler hëllefe Schüler" ausgebauen;*

- *Stigma vu Servicer wéi bspw. dem Sepas reduzéieren. Et muss de Schüler:inne méiglech sinn an de Sepas ze goen, ouni vun hire Matschüler gesinn ze ginn an d'Informatiounen aus dem Sepas musse streng vertraulech behandelt ginn;*

- *Ausserschoulesch Ulafstelle wéi Jugendhaiser oder de Kannerjugendtelefon ausbauen.*

# BILDUNG: HÉI
# & FUERSCHUN



Eng gutt Bildung ass d'Basis vun all opgekläerter Gesellschaft. Dozou gehéiert nieft de Grondschoulen an de Lycéeën natierlech och d'Universitéit. Eng universitär Educatioun ass dann och wichteg fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, well mir hunn e grousse Mangel u qualifizéiertem Personal. Universitéitsstudien dierfen net vun de finanzielle Moyene vun de Studenten an hire Famillen ofhänken, mee musse fir all Mënsch méiglech sinn, egal wéi de finanzielle Background ass. Dofir dierfe finanziell Interesse keng Hürd si fir en Uni-Studium.

### Villfälteg Studiegäng am Land ubidden

Zu enger héichwäerteg Studienoffer gehéiert fir eis eng breetgefächerten Offer, déi och op d'Besoinen hei am Land ageet. Am Beräich vun den Dokteren an de spezialiséierten Infirmieren ass viru kuerzem mat vill Verspéidung de Ball endlech e wéineg un d'Rulle bruecht ginn. Dëst geet awer nach net duer, mir brauche Villfälteg Ausbildungsméiglechkeeten an dat a méiglechst ville Sparte. Vir dat ze erméiglechen, soll op Kooperatioun mat aneren Universitéiten aus der Groussregioun zeréckgegraff ginn. An och international ausgeriichte Studiegäng, wou Studenten innerhalb vun engem Studiegang oder Fach Module op verschidden Universitéite mussen absolvéieren,

# CHSCHOUL
# G



solle verstäerkt ugebuede ginn. Esou kréie mir nei Talenter hei an d'Land, een internationale Renommée an eng breetgefächerten a qualitativ héichwäerteg Offer.

Dofir fuerdere mir:

- *Méi Spezialisatiounen a Formatiounen an de Beräicher vun der Gesondheet an der Fleeg;*
- *D'Schafe vun engem Departement fir Sport a Sportsmedezin op der Universitéit;*
- *Méi eng enk Kooperatioun innerhalb vun der Groussregioun;*
- *Eng verstäerkten Zesummenaarbecht mat Partneruniversitéite fir gemeinsam Studiegäng auszeschaffen;*
- *Méi beruffsbegleedend Studiegäng.*

## De Beruff vu Fuerscher:inne méi attraktiv maachen

D'Fuerschung ass besonnesch a verschiddene Beräicher, wéi zum Beispill an der Medezin, enorm wichteg, well nëmmen esou néi Behandlungsmethoden an Erkenntnisser fonnt kënnen ginn. Jee no Beruff ass d'Fuerschung aus finanzieller Hisiicht awer net ëmmer interessant. E Beispill heifir sinn d'Médecins-Salariés. Well si am Prinzip aus engem grousse gemeinsamen Dëppe bezuelt ginn an d'Fuerschung finanziell manner abréngt, wéi d'Traitéiere vu Patient:innen, ass et fir si net ëmmer méiglech, sech an der Fuerschung esou ze engagéiere, wéi si dat villäicht gäre wéilten. Gläichzäiteg entscheede vill Leit sech géint eng Zukunft an der Fuerschung, well de Beruff oft mat villen Onsécherheete verbonnen ass, doduerch, dass et just seelen onbefriste Kontrakter gëtt a well et wärend der laanger Ausbildungszäit net einfach ass Famill a Fuerschung ënnert en Hutt ze kréien.

Dofir fuerdere mir:

- *Fuerscher musse besser remuneréiert ginn, fir ze verhënneren, dass villverspriechend Talenter der Fuerschung aus finanzielle Grënn de Réck dréinen;*
- *Och d'Grondlagefuerschung bei der Finanzéierung net benodeelegen;*
- *En Ausbau vun Ënnerstëtzungsmoossname fir PhD-Studenten a Post-Docs duerch Hëllefsstellunge fir jonk Fuerscher:inne mat Kanner oder Persounen, déi zousätzlech zum Fuerschungsprojet enger Méibelaaschtung ausgesat sinn, duerch en Handicap, eng Krankheet oder en anere valabele Grond.*

## Méi Raimlechkeete fir ze wunnen an ze liewen fir Student:innen

Eng Universitéit ka fir auslännesch Studente just dann attraktiv sinn, wann si och bezuelbare Wunnraum an noem Ëmkrees vum Campus ubitt. Dat ass zu Lëtzebuerg net esou einfach. Et feelt massiv u bezuelbarem Wunnraum an esou natierlech och u bezuelbare Studentewunnengen. Gläichzäiteg ass de Mangel u Raimlechkeeten och e Problem fir Studentenorganisatiounen, deene oft Raim feelen, wou Student:innen sech austauschen oder zeréck zéie kënnen.

Dofir fuerdere mir:

- *An der Géigend vun den Universitéitscampusse méi Studentewunnengen ubidden, zum Beispill a Form vu Wunntierm, wann dës sech gutt an dat restlecht Erscheinungsbild afügen (wéi z. B. um Campus Belval);*
- *Studenteschen Organisatiounen méi Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, fir jonk Projeten ze färderen.*

## Studiefinanzéierung

D'Wiel vum Studium ass net einfach. Et ass eng wichteg Entscheedung, déi d'Zukunft laangfristeg präge kann. De Piraten ass et wichteg, dass déi Jonk bei der Wiel vun hirem Studium d'Chance kréien, virun allem no hiren Interessen an net nom Portmonnie mussen ze kucken. Dofir ass d'Studiebäihëllef (AideFi, virdrun CEDIES-Bourse genannt) vu grousser Wichtegkeet. Well dës eleng awer oft net duergeet fir ze wunnen an ze liewen, si vill Jonker op op de Studenteprêt ugewisen. Dëse muss spéitstens zwee Joer nom Studium ugefaange ginn, zeréck bezuelt ze ginn, an dat iwwert maximal zéng Joer. Virun allem fir Absolvent(inn)en, déi no dem Studium net direkt eng gutt bezuelte Plaz fannen, kann dat belaaschtend sinn.

Manner Drock bedeiten doniewent d'Stipendien fir Unis-Studenten. Hei ginn et zu Lëtzebuerg eng ganz Réi Stipendien, vun deene Jonke profitéiere kéinten, mee leider ass d'Feld zerspläitert an oniwwersiichtlech, sou dass et schwéier ass, fir op dës Offeren opmierksam ze ginn. Fir dëst z'änneren, fuerdere mir d'Ariichtung vun engem Sammelpool fir Stipendien a Form vun enger Fondatioun, déi informéiert an och selwer aktiv Stipendien vergëtt. Si soll eenheetlechen Uspriechpartner fir lëtzebuergesch an international Bewerben ginn.

Grad Student:innen aus dem Ausland sinn op eng gutt Informatioun ugewisen. Si brauchen Informatiounen iwwert Finanzéierungsméiglechkeeten,

Studieninhalter an d'Offer u richtege Formatiounen hei am Land, fir net ze riskéieren, vun zweiwelhaften Instituter, déi net acreditéiert sinn, d'Geld aus der Täsch gezunn ze kréien.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng méi laang Frist, fir CEDIES-Prêt zréck ze bezuelen: Andeems een d'Lafzäit vun de Prêten vun 10 op 20 Joer géif erhéijen, kéint een d'Mensualitéite reduzéieren;*
- *Eng Fondatioun fir Stipendien;*
- *Eng transparent Lëscht mat net-accréditéierten Héichschoulen, déi zu Lëtzebuerg Studiegäng ubidden, déi hei am Land net unerkannt ginn an domat och keen Zougang zu enger Studiebäihëllef erméiglechen.*


## D'Ënnerstëtzung vun Open-Access an Open-Data Projeten

Oft stéisst ee, wann een e wëssenschaftlechen Artikel liese wëll op eng Pay-Wall. Just wien bezilt, kann den Artikel liesen. D'Verläg rechtfäerdegen d'Lizenzpräisser domat, dass si Ausgaben hätten, fir d'Qualitéit vun den Artikelen ze garantéieren. Éier en Artikel vun engem Fuerscher veröffentlech gëtt, evaluéieren nämlech aner Wëssenschaftler op den Artikel och de wëssenschaftleche Standarden entsprécht, ob methodesch propper geschafft gouf an ob d'Resultater novollzéibar an iwwerpréifbar sinn. Dat nennt sech Peer-review an ass eng wichteg Kontroll, fir ze verhënneren, dass wëssenschaftlech mannerwäerteg Aarbechten duerch eng Publikatioun an engem Verlag mat gudder Renommée leschten an och souguer d'Wëssenschaft am allgemengen a Verruff bréngen kéinten. Mee d'Ausgabe vun de Verläg sinn net unnäernd esou héich wéi hier Recetten. Grouss wëssenschaftlech Verläg verzeechne Gewënner an dräistelleger Milliounenhéicht. D'Fuerscher:innen gesinn dovun oft keen Cent – ganz am Konträr musse si souguer oft eng Eegepartizipatioun bezuelen, fir verëffentlecht ze ginn. Dat fanne mir Piraten net gerecht. Et kann net sinn, dass de Staat d'Universitéiten bezilt, fir Akademiker:innen astellen. D'Fuerscher:innen bezuelen, fir kenne publizéiert ze ginn an d'Bibliothéiken an d'Universitéiten (an domat nach emol d'ëffentlech Hand) dann och nach emol bezuelen, fir Zougangslizenzen ze kafen, wärend d'Verläg op Käschte vun der Ëffentlechkeet Profit maachen.

Dofir fuerdere mir:

- *D'Ënnerstëtzung an den Ausbau vum Prinzip vum Open-Access;*
- *E peer-reviewten Open-Access Journal fir Fuerschungsresultater, déi hei am Land zestane koumen oder vu Lëtzebuerger am Ausland gemaach goufen;*
- *Eng ëffentlech zougänglech Datebank mat anonymiséierten Datesätz, wou Daten aus staatlechen/staatlech finanzéierten Erhiewungen erofgeluede kënne ginn.*

# BIERGERBEDEE & MATBESTËM



D'Piraten sinn zënter hirer Grënnung eng Matmaachpartei. Och dëse Programm gouf zesumme mat eise Memberen a ville verschiddenen Aarbechtsgruppe geschriwwen. Zënterdeems mer an der Chamber sinn, hunn eis Deputéierten d'Dier fir de Bierger:innen opgemaach, fir hinne méi Matschwätzmégilechkeet an der Politik ze ginn: op fro.lu kann all Mënsch seng parlamentaresch Froen un d'Regierung stellen an eis hëllefen, fir d'Regierung besser ze kontrolléieren. Op stëmm.lu kann all Piraten-Member seng Messagen zu der Aarbecht an der Chamber weiderginn. Iwwerdeems hu mir eis Memberen 2021 iwwert d'Impfflicht ofstëmme gelooss an eis an der Chamber un dee Vott gehalen. Méi Biergerbedeelegung an der Politik ass méiglech an dat wëlle mir weider virundreiwen!

### Méi Matbestëmmung fir jiddereen

Lëtzebuerg huet eng speziell Situatioun: mir liewen an engem Land, wou manner wéi d'Hallschent vun den Awunner wielen dierfen. D'Resultat vun de Chamberwalen ass deemno net representativ fir d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg.

# LEGUNG
# MUNG



D'Piraten:

- *Respektéieren d'Walresultat vum Referendum 2015 ganz kloer;*
- *Wëllen d'Biergerbedeelegung fir jiddereen iwwert aner Weeër an am Respekt mam Referendum weider ausbauen.*

## Aféiere vun engem Biergerrot op nationalem Niveau

D'Politik méi no un d'Bierger:innen bréngen an d'Leit endlech an der Politik matmaache loossen an dat, ouni dass een eng Parteikaart muss hunn oder Beruffspolitiker muss sinn. Dat ass d'Zil vum Biergerrot, dee mir Pirate wëllen. D'Piraten haten 2019 schonns eng Gesetzespropose op de Wee bruecht, fir esou ee Biergerrot hei am Land anzeféieren.

Per Lous gi Leit aus der Bevëlkerung gezunn, déi dann an engem Biergerrot zesummekommen. Dëse Rot soll aus ganz normale Léit bestoen an d'Gesellschaft erëmspigelen. D'Mandat am Biergerrot soll komplett inkompatibel si mat anere politesche Mandater.

D'Leit am Biergerrot schaffen eegestänneg un den Themen, déi hinnen um Häerz leien. Dës Theme ginn am Biergerrot diskutéiert a fléissen an ee Rapport, deen duerno dem Parlament virgestallt an diskutéiert gëtt.

De Biergerrot kann awer och selwer Léisungen ausschaffen, déi dann am Parlament virgestallt an ofgestëmmt musse ginn. D'Ëmsetzung kann a Form vun enger Motioun, Resolutioun oder Gesetzespropose an der Chamber decidéiert ginn.

D'Pirate wäerten:

- *Ee Biergerrot um nationalen Niveau aféieren, an deem Persounen, déi aktuell net an der Politik aktiv sinn, solle vertruede sinn.*

## Partizipative Budget aféieren

Fir politesch Moossnamen ëmzesetze brauch ee Suen. Aktuell decidéiere gewielte Politiker:innen, wéi dës Suen agesat ginn a wouhinner se fléissen. Mir Pirate mengen, dass och d'Bierger:innen ee Wuert matzeschwätzen hunn, wéi hir Steiergelder gebraucht, investéiert oder verdeelt ginn. Beim participative Budget geet et genee dorëms. Bis ewell ginn et iwwer 4.000 Stied a Gemengen an Europa, déi dës Form vu Biergerbedeelegung schonn ugefaangen hunn.

Mir Pirate wëllen:

- *Dass ee Mol am Joer de Bierger:inne soll ee Bréif virgeluecht ginn, fir se z'informéieren, wou d'Steiergelder hierkommen an a wéi eng Beräicher a grouss Projeten d'Suen ausgi ginn;*

- *Dass d'Bierger:innen dem Staat op enger ëffentlecher Plattform kënne matdeelen, a wéi enge Beräicher de Staat kéint Steiergelder spueren. Si sollen anonym op dëser Plattform selwer Proposë kënne maachen.*

- *Mir proposéieren zwee konkret Modeller fir de participative Budget:*

- *Ee Matsproocherecht fir d'Bierger:inne beim gesamte Staatsbudget. Hei dierf all ausgewielte Bierger:innen aus dem Biergerrot Proposen (Investitiounen, Spuermoossnamen, Prioriséierungen) fir all Beräich maachen;*

- *Ee Matsproocherecht bei engem „Bierger"-Budget: d'Bierger:inne kënne selwer Propose formuléieren an e Projet ofginn. D'Propose vun de Bierger:inne bezéien sech op ee virdru vun der Politik festgeluechte Montant. Zum Schluss gëtt et dann eng Ofstëmmung vun de Bierger:innen, wéi ee Projet zeréckbehalen a finanzéiert gëtt.*

## Froen u Ministere vu Bierger:innen aféieren

All Deputéierten huet d'Recht, fir engem/enger Minister/Ministesch parlamentaresch Froen ze stellen, op déi de Minister da bannent engem Mount äntwere muss. D'Froe betreffe meeschtens de Fonctionnement an d'Aarbecht vun enger Verwaltung oder d'politesch Visioune vum/vun der Minister/Ministesch.

D'Pirate wëllen:

- *Dass fir d'Mënschen zu Lëtzebuerg eng offiziell Plattform op d'Been gestallt gëtt, fir hir Froen ëffentlech an direkt un d'Ministeren ze stellen, déi d'selwecht ewéi d'Questions parlementaires vun den Deputéierte behandelt a publizéiert musse ginn. Ministère mussen innerhalb vun engem bestëmmten Zäitraum op d'Fro äntweren an dës Äntwert muss fir jiddereen accessibel sinn;*

- *Fir esou Froen un d'Regierung kënnen ze stellen, brauch een d'Ënnerstëtzung vun 300 Matbierger:innen oder een Deputéierten, deen d'Fro ënnerschreift.*

## Méi Biergerbedeelegung an der legislativer Prozedur

D'Bierger:innen zu Lëtzebuerg sollen d'Méiglechkeet kréien, fir bei all Gesetzesprojeten a Gesetzesproposen an der Chamber ee Wuert matzeschwätzen. D'Iddi ass et, fir der Zivilgesellschaft, virun allem bei méi iwwergräifende Reformen, eng ëffentlech Plattform ze ginn, fir dass Projete virum Vott an der Chamber kënnen diskutéiert a besser duerchduecht ginn. D'Iddi ass och, fir tëschent de Walen d'Aarbecht vun de gewielte Politiker:innen ze kontrolléieren.

D'Pirate fuerderen:

- *Dass no all Dépôt vun engem Gesetzesprojet d'Méiglechkeet besteet, fir een ëffentlechen Debat oder eng Invitatioun an eng Kommissiounssitzung iwwert ee Gesetzesprojet unzefroen. Dëst soll iwwert de Mechanismus vun de Petitioune gemaach ginn;*
- *Dass ee Mount no enger Ofstëmmung vun engem Gesetzesprojet am Parlament d'Bierger:innen d'Zäit kréien, fir géint d'Gesetz ze stëmmen. Wa mindestens 12.500 walberechtegt Bierger:innen dëst fuerderen, soll ee bindende Referendum iwwert d'Gesetz organiséiert ginn, wou dann entscheet gëtt, ob d'Gesetz bäibehale gëtt oder ofgeännert muss ginn.*

## Gesetzesinitiative vereinfachen

Déi nei Verfassung gesäit vir, dass d'Bierger:inne kënne Gesetzesinitiativen areechen, wann 12.500 Wieler:innen dës ënnerschreiwen. Dës Gesetzesinitiative mussen da vun der Chamber kommentéiert ginn.

D'Pirate wëllen:

- *Dass schonns 4.500 Walberechtegter kënnen der Chamber eng Gesetzespropositioun virleeën, déi d'Parlament da muss an der normaler legislativer Prozedur, zesumme mam Auteur vum Text, behandelen an och ofstëmmen.*

## Petitiounen méi Gewiicht ginn

Ëffentlech Petitioune ginn de Bierger:innen d'Chance, fir hier politesch Iddien am Parlament ze presentéieren. Ëmmer méi Leit trauen sech, fir eege Petitiounen ze lancéieren an dat ass gutt esou. Leider bleift et aktuell nëmme bei Unhéierungen am Parlament; d'Iddi gëtt diskutéiert, mee meeschtens ginn d'Iddien no den Diskussiounen net ëmgesat.

D'Pirate wëllen:

- *D'Petitiounen zu engem Matgestaltungsprozess weiderentwéckelen: no der Seance soll d'Chamber Positioun zu de Fuerderungen aus der Petitioun bezéien an ofstëmmen. D'Parteie maachen domadder kloer, ob se d'Iddi realiséiere wëllen oder net;*
- *Dass wärend de Petitioune virun allem d'Petitionnären an hier Equipe am Vierdergrond stinn. D'Deputéierte sollen eng neutral Roll hunn a sollen nëmmen dem Petitionär dierfe Froe stellen;*
- *De Seuil vun den néidegen Ënnerschrëfte vun aktuell 4.500 op 3.000 erofsetzen.*

## Weider Matbestëmmungs-Instrumenter zu Lëtzebuerg testen

Et gëtt vill weider Formen, fir d'Bierger:innen an de politeschen Debat matanzebezéien, déi jee no Kontext ënnerschiddlech kënnen agesat ginn. D'Iddi ass ëmmer, dass Leit zum Matmaache beweegt ginn, déi net politesch, gewerkschaftlech oder an Interesseveräiner aktiv sinn. Dës Forme vu Biergerbedeelegung kënne fir vill Problematiken agesat ginn, wou aktuell politesch Tabue bestinn. D'Zil ass et ëmmer, dass d'Bierger:innen dat Format kënnen auswielen, wat hinnen am beschten entgéint kënnt a Fräiheet bitt, iwwer wat diskutéiert gëtt.

Ee Beispill ass de Bierger:inne-Forum, wou Leit an enger kuerzer an intensiver Zäit zesummekommen, fir politesch onofhängeg iwwert een Thema ze diskutéieren, a wou konkret Recommandatioune solle gemaach ginn, déi dann un d'Chamber weidergeleet ginn a vun dëser an enger am Viraus definéierter Form verschafft ginn. Weider Forme vu Biergerbedeelegung si Future Labs, Biergerkonferenzen oder Panels, woubäi all Format sech besser fir dat eent oder anert Thema eegent.

D'Pirate wäerten:

- *Sech fir d'Teste vu méi Matbestëmmungsméiglechkeeten um nationalen Niveau asetzen. Dës kann iwwert eng Plattform geschéien, wou Bierger:inne selwer kënnen Themen opsetzen, a wann eng gewëssen Unzuel u Leit dës ënnerschreiwen, kann esou ee Grupp opgestallt ginn.*

## Gemengefusiounen

D'Pirate sti positiv géigeniwwer de Gemengefusiounen, well domadder Ressourcë besser kënnen agesat ginn an d'Fusiounsgemenge gréisser Projete besser plange kënnen. D'Decisioun

fir eng Gemengefusioun muss awer vun de Bierger:innen kommen.

Dofir ass et fir d'Pirate kloer:

- *Dass d'Entscheedung vun enger Gemengefusioun muss iwwert ee Referendum getraff ginn;*
- *Dass et gutt an neutral Informatiounscampagnë brauch, fir dës Referenden uerdentlech ofzehalen;*
- *Dass grad de Projet vun der Nordstad eng onheemlech grouss Chance fir d'Nord-Regioun ass.*

## Ee Walbezierk fir d'Nationalwalen

Déi ongläich Verdeelung vun der Stëmmgewiichtung zu Lëtzebuerg ass ondemokratesch, well eng Stëmm aus dem Walbezierk Norden zielt ëm e Véierel manner, ewéi eng Stëmm aus dem Walbezierk Zentrum. Et steet Bierger:innen aus engem anere Bezierk och net fräi fir Politiker:innen aus engem anere Bezierk ze wielen. Dës Virgoensweis gëtt dem Grondsaz, Dass all Stëmm gläich vill wäert ass, net gerecht.

D'Piraten:

- *Schwätzen sech fir een eenheetleche Walbezierk fir d'ganzt Land aus.*

## Walflicht ofschafen

Fir d'Piraten ass kloer, dass d'Walflicht net déi richteg Moossnam ass, fir d'Leit vun engem demokratesche System z'iwwerzeegen. D'Bierger:inne musse vum System iwwerzeegt sinn an dat erreeche mer net doduerch, dass mer d'Leit zwéngen, an d'Walkabinn ze goen. Jidderee soll fräi sinn, z'entscheeden, ob a wien e wiele wëll – dozou gehéiert och de Choix zouzeloossen, fir net wielen ze goen.

D'Piraten:

- *Wëllen d'Walflicht ofschafen.*

## Ee kloere Statut fir Parteien

Zu Lëtzebuerg gëtt et am Géigesaz zu deene meeschte Länner op der Welt bis haut nach kee Gesetz wat festleet, wéi eng Konditiounen eng Organisatioun muss erfëllen, fir als Partei unerkannt ze ginn an domadder u Wale kënnen deelzehuelen. Virun allem D'CSV-Frëndeskrees-Affär huet gewisen, dass Parteien, déi keng Personnalité juridique hunn, op juristesch Konstrukter zeréckgräifen a sech domadder a Grozone beweegen, fir handlungsfäeg ze sinn. Och fir d'Bierger:innen ass et net einfach z'erkennen, wéini eng Partei als solch un-

erkannt ass. Nei Parteie si wichteg fir d'Demokratie a sollen dowéinst proportionell zu hirem Walresultat vum Staat ënnerstëtzt ginn, wann d'Parteien hir Recetten an Ausgabe komplett op den Dësch leeën.

D'Pirate fuerderen dowéinst:

- *Ee Gesetz, wat mat e puer Konditiounen definéiert, wéi eng Reegelen eng Organisatioun muss respektéieren, fir als Partei ze gëllen;*
- *Dass eng no dëse Critèren unerkannte Partei d'Personnalité juridique kritt;*
- *Dass d'Transparenz vun de Parteistrukture verbessert gëtt, andeems kloer definéiert gëtt, wéi eng Donnéeën ëffentlech zougänglech musse sinn;*
- *Dass all Partei, déi op mannst 1% vun de Stëmme bei de Wale gewënnt, vun enger staatlecher Finanzéierung profitéiere kann.*

## Duebelmandater fir Politiker:innen begrenzen

Stand haut ass et méiglech, fir souwuel Buergermeeschter vun enger grousser Gemeng ze sinn an niewebäi och nach ee Mandat als Deputéierten an der Chamber unzehuelen. D'Politiker:inne kréien dofir ee spezielle Congé, fir dës Aufgabe kënne wouerzehuelen. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob een als Buergermeeschter oder Schäffe vun enger grousser Gemeng mat villen Awunner, enger rise Verwaltung mat honnerte Mataarbechter:innen a ville verschiddene Projeten, nach iwwerhaapt enger normaler Aarbecht ënnert engem Patron kann nogoen, oder  d'Aarbecht als Deputéierte mat Leif a Séil a vollzäit kann ausféieren. Et muss dofir evaluéiert ginn, wéi eng Mandater, grad a gréissere Gemengen, hautzedaags mat den neien Erausfuerderungen op lokalem Niveau vereenbar sinn an ob de Cumul vun de Mandater am Interêt vun de Bierger:innen ass.

Dofir wëllen d'Piraten:

- *Eng Neibewäertung vum Congé politique, mam Zil, dass de Congé politique déi reell geleeschten Aarbechtszäit vun der politescher Aarbecht erëmgespigelt;*
- *D'Mandat vum Deputéierten, Buergermeeschter a Schäffe vu grousse Gemenge komplett professionaliséieren. All dës Mandater sollen op 40 Stonne Congé politique gehuewen an no hirer Leeschtung a Verantwortung entschiedegt ginn. Een/Eng Mandatsdréier:in soll awer net méi wéi 40 Stonne Congé politique sammele kënnen.*

# DÉIERESCH



### Méi kloer a streng Reegele bei Déierequälerei

Déierequälerei ass eng Strofdot a muss aus deem Grond mat schwéiere Strofe beluecht ginn.

An dësem Kontext fuerdere mir:

- *D'Schafung vun engem Informatiounsblat/Broschüren/ Guide duerch de Ministère an Zesummenaarbecht mat den Acteuren um Terrain, wou festgehale gëtt, wéi d'wuel vum Déier fir all Déierenaart garantéiert gëtt (guide des bonnes pratiques);*
- *D'Schafung vun enger zentraler Meldestell fir schnell op Déierequälerei reagéieren ze kënnen;*
- *Eng transparent a kloer digital Ausweisung vu Bau-erebetriber, déi méi oft wéinst Déierequälerei verurteelt gi sinn, fir de Konsument esou och de Choix ze ginn, fir do anzekafen oder net.*

### Handel mat liewegen Déiere reduzéieren

Déiere si Liewewiese mat Gefiller a keng Handelsobjeten. Den Handel mat liewegen Déieren op ëffentleche Plaze muss fir eis op de Minimum begrenzt ginn an de strengs-


HUTZ

ten Déiereschutzkonditiounen ënnerleien. Et ass awer esou, dass verschidden Déierenaarten, wéi Homarden a Krustendéieren, net ënnert d'Déiereschutzgesetz falen, mee ënnert d'Liewensmëttelgesetz. Am Kader vun der Liewesmëttelgesetzgebung ass et erlaabt, dass dës Déiere vum Fang bis bei den Endkonsument an engem liewegen Zoustand sinn. Duerno landen dës Déieren da lieweg an engem Dëppe mat kachendem Waasser. Dëst ass absolut net am Aklang mam Déiereschutz. Aner Déieren, wéi Insekten oder Mais, gi lieweg als Fudder verkaf, zum Deel och ënnert onvirstellbare Bedingungen.

Dowéinst setze mir eis dofir an,

- *Dass lieweg Déieren, déi als Fudder oder als Liewensmëttel verkaf ginn (Homard, Heesprénger, Mais, etc.) net méi an onvirstellbare Konditioune gehalen dierfe ginn, fir se ze verkafen. Dës Déiere mussen op mannst aartgerecht, no de Krittäre vu klore Reegelen, gehale ginn, wann se zum Verkaf ugebuede ginn;*
- *Fir Krittären anzeféieren, wéi laang Déiere vun hirer Gebuert/Fang bis zum Verkaf liewe mussen;*
- *Dass Déieren, wéi Homarden, net méi lieweg dierfen dout gemaach ginn an, dass Krittären aus dem Déiereschutzgesetz hei iwwerholl ginn;*
- *Dass et verbuede gëtt, fir exotesch Déieren a Geschäfter ze verkafen;*
- *Dass et verbuede gëtt, fir lieweg Déieren op Mäert ze verkafen.*

## Keen Déier gehéiert an een Zirkus

D'Piraten si grondsätzlech géint d'Haltung, d'Dressur a d'Presentatioun vun Déieren am Zirkus. Et gëtt, ausser der mënschlecher Curiositéit, kee Grond, fir Déieren aus hirem Habitat ze rappen an ënnert Stress onnatierlech Presentatiounen iwwert sech ergoen ze loossen. Dëst féiert zu onnéidege Stress, verursaacht duerch Kaméidi, vill Léit a Maschinnen.

Mir fuerderen:

- *Ee konsequent Verbuet vun Déieren an Zirkussen;*
- *Keng lieweg Déiere méi bei Ëmzich (Cortègen).*

## Géint de Verkaf vu Pelz

Zum aktuellen Zäitpunkt reegelt d'Déiereschutzgesetz, dass d'Produktioun vu Pelzer zu Lëtzebuerg verbueden ass, mee et verbitt awer de Verkaf

nach net. Dat ass an den Ae vun de Piraten net zilféierend, well d'Pelzindustrie an domat d'Déierequälerei esou just an aner Länner verlagert gëtt, wou d'Pelzindustrie d'Déieren an absolut onwierdege Konditiounen ziicht an dout mécht. Et däerf een net dorop waarden, dass aner Länner an Europa de Wee virginn, mee Lëtzebuerg kann den Dënschde selwer aktiv ginn an doduerch anerer motivéieren, de Wee vum Déiereschutz matzegoen.

D'Piratepartei wëll:

- *De Verkaf vu Pelzer zu Lëtzebuerg mat Hëllef vum Artikel 36 vum Traité zum Fonctionnement vun der EU verbidden. No enger Transitiounsphas soll de Verkaf vun neie Pelzer zu Lëtzebuerg definitiv zu Enn goen.*

## Géint Qualzuuchten

Verschiddenen Déierenaarten, wéi zum Beispill d'Hondsrass Mops, gi vu professionellen Déierenziichter mat problematesche Methode geziicht. Ziichter hunn iwwer Joren a Joren dës Hënn geziilt esou geziicht, dass hir Schnëss ëmmer méi kleng a platt ginn ass. Mat schlëmme Folgen, well dës Hënn opgrond vun hirer platter Schnëss nëmmen nach ganz schlecht Loft kréien a ganz vill Problemer mat iessen hunn. Dat ass Déierequälerei. Holland huet bei den Hënn mëttlerweil een entspriechend Gesetz erlooss.

Mir wëllen dofir:

- *Hei am Land solle Qualzuuchten verbidden an de Verkaf an Import vun Zuuchtdéiere besser kontrolléieren an aschränken.*

## Schluechthaiser zu Lëtzebuerg erhalen

Eréischt dëst Joer gouf annoncéiert, dass eent vun deenen zwee verbleiwende Schluechthaiser hei zu Lëtzebuerg seng Dieren zou mëscht, well et sech net méi rentéiert. Fir eis Piraten ass dat eng Katastroph. Mir mussen dowéinst elo dofir suergen, dass dat lescht verbleiwend Schluechthaus hei am Land op bleift. Fir eis bedeit e Schluechthaus hei zu Lëtzebuerg, dass d'Déierequälerei méiglechst kleng ka gehale ginn an d'Déiereschutzgesetz ka garantéiert ginn.

- *Mir Pirate setzen eis an fir ee Schluechthaus fir kierztméiglechst Transportweeër z'assuréieren;*
- *Dass Déieren no de beschtméiglechen an aartgerechteste Konditioune kënne geschluecht ginn;*

- *Dëst auszebauen, dass och Hénger geschluecht kënne ginn, dëst mat staatlecher finanzieller Hëllef.*

#### Déierentransporter begrenzen

Beim Déierentransport soll an éischter Linn un d´Wuel vun den Déiere geducht ginn an net dorunner, déi bëllegst Handelsroute fir méiglechst vill Profit ofzefueren.

Dowéinst fuerdere mir:

- *D´Déierentransporter souwäit wéi méiglech ze begrenzen;*
- *Eng Obligatioun fir d´Bauere fir dat noosten Schluechthaus auszewielen, esou dass Déieren net onnéideg duerch ganz Europa gefouert ginn;*
- *Eng Erhéijung vun de Strofe fir Mësshandlung op Déierentransporter oder a Schluechthaiser;*
- *D'Presenz vun op mannst engem Schluechthaus zu Lëtzebuerg, fir den Déiereschutz hei weiderhi kënnen ze kontrolléieren.*

#### Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken

Massendéierenhaltung ass schlecht fir Mënsch an Déier. Mir setzen eis fir besser Standarde bei der Haltung vu Notzdéieren an, fir op dësem Wee eng aartgerecht Behandlung ze garantéieren. D'Piraten fuerderen

- *Dass de Kader vun der landwirtschaftlecher Produktioun verbessert an ökologesch ausgebaut gëtt;*
- *Eng Réckbesënnung op Bauerenhäff mat enger iwwerschaubarer Unzuel u Béischten amplaz vu risegen Agrarfabriken.Et geet net ëm d'Festleeë vun enger Zuel, mee dorëms, dass d'Wuel vum Déier um Haff no klore Krittäre respektéiert gëtt.*

#### Eng besser Kennzeechnung vun Eeër bei den Inhaltsstoffer

D'Kennzeechnungen op Liewensmëttel ass fir vill Leit dacks net ëmmer verständlech an et feelt un Transparenz.

Mir fuerderen dowéinst,

- *Dass op all Produit, deen Eeër enthält, kloer markéiert ass, ob dës aus der Buedemhaltung oder der Käfeghaltung stamen, änlech wéi dëst scho bei der Eeër-Kennzeechnung de Fall ass.*

## Juegd moderniséieren a Klappjuegd verbidden

Zënter Joren héiert een ëmmer erëm, dass et eng Iwwerpopulatioun u Wëllschwäin an anere Wëlldéiere géif ginn. Verschidden Acteure maachen d'Politik dofir verantwortlech, well d'Reegelen, wéi eng Juegd dierf ofgehale ginn, ze strikt wieren. Wann een d'Ofschlosszuelen aus de leschte Joren awer kuckt, gesäit een, dass Joer fir Joer méi Wëllschwäin erschoss ginn.

D'Wëllschwäipopulatiounen hunn vun der Ofwiesenheet vu natierleche Feinden (Wollef), enger intensiver Landwirtschaft an engem méi milde Klima wéinst der Äerderwärmung profitéiert. Och d'Andrénge vum Mënsch an de Liewensraum vun den Déieren huet dofir gesuergt, dass Populatiounen ënner méi Iwwerliewensstress geroden, wat och een Impakt op de Reproduktiounsrythmus vun de Wëllschwäin huet.

D'Juegdgesetz reegelt hei am Land all d'Aspekter vun der Juegd. Hei ass virgesinn, dass den Territoire a 621 Juegdlouser opgedeelt ass, wou all Kéier ee Juegdsyndikat mat de Proprietäre vun den Terraine vertrueden ass. D'Recht fir op de Juegdlouser ze joe gëtt vum Syndikat verlount. Op villen Terrainen a Deeler vu Bëscher hei am Land kann net gejot ginn, well d'Jeeër net duerch dat deckt Gestrëpps kommen, wat op ville Plaze wiisst. Traditionell Methoden, wéi Klappjuegten, brénge mat sech, dass de Mënsch op den Territoire vun den Déieren andréngt an d'Déieren am Bësch an eng temporär Panik versetzt. Dat ass net am Aklang mam Déiereschutz, sou wéi mir e verstinn. Do muss een sech och d'Fro stellen, ob d'Juegd an hirer aktueller Form nach ugepasst ass, fir d'Wëllschwäinpopulatiounen an de Grëff ze kréien.

Fir eis Piraten:

- *Muss d'Juegdgesetz am Sënn vu méi Déiereschutz reforméiert ginn;*
- *Muss d'Zuel vun de Juegdsyndikater reduzéiert ginn an d'Louser net méi un dee Meeschtbiddende versteet ginn;*
- *Musse méi präzis Schätzungen hir, wéini eng Wëllschwäipopulatioun «ze grouss» ass;*
- *Muss d'Klappjuegd an hirer aktueller Form duerch Alternativen, wéi zum Beispill stressfräi Falen oder den Asaz vu Steriliséierungen, ersat ginn;*
- *Muss d'Juegd no an no professionaliséiert ginn.*

## Opfangstatiounen

Et musse méi Opfangstatioune fir verletzte Wëlldéiere queesch duerch Land geschaaft ginn, fir dass Leit verletzt Déieren direkt an no bei sech kënnen ofginn. Esou kann den Déiere méi séier gehollef ginn.

## Déiereversich

D'Piraten akzeptéieren, dass et a bestëmmte Situatiounen néideg ass, fir Medikamenter fir d'éischt un Déieren ze testen oder nei Behandlungsmethoden iwwerhaapt eréischt duerch Déieren z'entdecken. Mee Déiereversich mussen op de strikte Minimum begrenzt ginn.

Mir setzen eis dofir an, dass:

- *Déiereversich an alle Fäll, wou zouverlässeg alternativ Methode bestinn, net verflichtend sinn;*
- *An alle Fäll, wou awer Déiereversich kënnen duerch Alternativen ersat ginn, soll op Déiereversich verzicht ginn;*
- *d'Unzuel un Déieren, déi vir d'Versich geziicht ginn, op dat néidegst limitéiert ginn;*
- *d'Identifikatioun an de Genotypage net dierf op invasiv Aart a Weis gemaach ginn.*

## Hausdéiere vu Locatairen

Et ass eng Realitéit, dass Leit, déi eng Wunneng lounen, dacks wéinst hiren Hausdéiere benodeelegt ginn, well verschidde Proprietären hir Wunneng net u Leit mat engem Hauséier wëlle verloune mam Argument, dass d'Déiere Schued uriichten. Dës Angscht ass an eisen Aen net begrënnt, well all Locataire hannerléisst eng Garantie a muss fir Schied, déi hie wärend der Locatioun uriicht, souwisou opkommen. Potenziell Locataire mat Hausdéiere ginn dowéinst bei der Wunnengssich benodeelegt oder ginn opgefuerdert, sech vun hirem Déier ze trennen. Dëst féiert dozou, dass Hausdéieren onnéidegerweis an engem Asyl.

Mir wëllen:

- *Dass de Fait, dass eng Persoun een Hausdéier huet, net méi dozou féieren dierf, dass eng Persoun als Locataire net méi a Fro kënnt oder sech vum Déier trenne muss.*

## Hondssteier ofschafen

Am Hondsgesetz gouf 2008 eng Hondssteier festgehalen. All Gemeng muss deemno all Besëtzer vun engem Mupp mat 10 Euro besteiere. Dës Steier gëtt zu Lëtzebuerg aktuell op ganz ënnerschiddlech Manéier applizéiert. Weder sinn d´Critère bekannt, no deenen de Montant vun der Steier berechent gëtt, nach kann een dovunner ausgoen dass dës Recetten och ëmmer integral am Interêt vun de Muppe genotzt ginn. An eiser Optik ass e Mupp keng finanziell Laascht fir eng Gemeng, mee ee perséinlechen a wichtege Begleeder, e Familljemember.

Dofir fuerdere mir:

- *Dass eng Persoun, déi een Hausdéier adoptéiert huet, net mat enger Steier soll bestrooft ginn;*
- *D'Hondssteier ofzeschafen.*

## Fir een Ombudsman fir Déieren

D'Piraten fuerderen eng Equipe ronderëm een Ombudsmann fir Déieren, deen national Recommandatiounen ausschafft, bestoend Gesetzer ka kontrolléieren a generell eng Kontrollinstanz fir Déierenhaltung, -transport a –Versich duerstellt. An dëser Equipe solle Leit mat veterinärer Ausbildung schaffen.

# DIGITALISÉIERU A MEDIEN




## Recht op Privatsphär am digitale Raum

D’Grondrecht op Privatsphär muss och am digitale Raum respektéiert ginn. D’Digitaliséierung erlaabt et, privat Daten a grousser Unzuel iwwert laang Zäit ze späicheren. Dat ass a ville Beräicher e grousse Virdeel, bréngt awer och eng ganz Rei Gefore mat sech, wann dës Informatiounen an déi falsch Hänn geroden. Privat digital Informatiounen, Messagen, Fotoen a Videoe mussen dofir geschützt ginn an d’Persoun, déi dës Date betrëfft, muss zu all Moment wëssen, wien, wisou a wéi op dës Daten zougräife kann. Dat bedeit och, dass Chatkontrollen, wéi se ënnert dem Deckmantel vun der Bekämpfunge vun der Kriminalitéit ëmmer nees proposéiert ginn, fir d’Piraten net a Fro kommen. D’Recht op Privatsphär an d’Bréifgeheimnis mussen och fir E-Mailen, SMSen, Chatmessagen etc. gëllen. Grondrechter mussen universell gëlteg sinn an dierfen net vum benotzte Medium ofhänken.

Mir fuerderen:

- *Biometresch Donnéeën, déi fir d’Ausstelle vun engem biometresche Päss oder enger Carte d’Identité erhuewe ginn, dierfen net iwwer länger Zäit vu Gemengen oder staatleche Stelle gespäichert ginn;*

# UNG



- *Zertifizéierungsservicer mat Zertifikater, déi d'Kommunikatioun vum duerchschnëttlechen Internetbenotzer schützen;*
- *Keng Hannerdiere fir de staatlechen Zougrëff op verschlësselte Messenger-Déngschter;*
- *Recht op informationell Selbstbestëmmung als d'Leitlinn bei all Datesammlung;*
- *Datebanke mat perséinlechen Donnéeë sollen net méi nodréiglech, mee à priori vun der Dateschutzkommissioun mussen autoriséiert ginn;*
- *Kee verbanne vun Datebanken ouni d'Zoustëmmung vun de Betraffenen;*
- *Schülerdatebanken (Fichier élève) esou schlank wéi méiglech halen;*
- *D'CNPD personell stäerken;*
- *D'Ofschafe vun der Vorratsdatespäicherung;*
- *E Stop vu VISUPOL (Kameraiwwerwaachung am ëffentleche Raum).*

## Open Data, Open Source, Open Access

Wëssen dierf kengem gehéieren. Jidderee muss d'Recht hunn, sech informéieren ze kënnen an dat bedeit fir d'Piraten, dass Wësse fräi zougänglech muss sinn an net dierf duerch Paywalls oder Abonnementer limitéiert ginn. Och Computerprogrammer sollte fir jidderengem zougänglech sinn, well soss Persounen, déi sech d'Programmer net leeschte kënnen, vun der digitaler Participatioun ausgeschloss ginn. D'Ofhängegkeet vu kommerzielle Programme verhënnert eng zäitgeméiss Informatiounspolitik. Donnéeë kënnen nëmme benotzt ginn, wann se accessibel sinn. Nëmme wann Informatiounen an Daten net méi hannert Lizenze verstoppt ginn, kënnen si innovativ vun all Bierger:innen an Entreprisë genotzt ginn.

Accessibilitéit ass awer net alles - och d'Format muss stëmmen. Daten ëffentlech ze maachen, ouni se fir eng Weiderverwäertung brauchbar ze maachen ass zwecklos. Open Data ass kee Selbstzweck. Daten ëffentlech ze maachen, just fir kënnen ze soen, dass se ëffentlech sinn, hëlleft kengem. D'Format muss stëmmen, d'Date mussen zäitno public gemaach ginn an och à jour gehale ginn.

Mir fuerderen:

- *En Iwwerschaffe vun der Plattform data.public.lu fir d'Daten méi iwwersiichtlech a besser weiderverwäertbar maachen;*

- *E gläichberechtegten Informatiounszougang fir jiddereen nom Prinzip "Sharing is Caring";*

- *Legaliséirung vu Filesharing;*

- *Kierzung vun alle Schutzfristen op Minima wéi se an den TRIPS- a WIPO-Traitéë virgesi sinn an nei Aushandlung vun dëse Verträg;*

- *Allgemengen a fräien Zougang zu allen aus Stéiergelder finanzéiert Fuerschungsresultater an -daten;*

- *En Open-Access-Fond um Niveau vun der Uni, fir Publikatiounskäschte bis zu engem gewëssе Seuil ze iwwerhuelen;*

- *Kee Monopoliséiere vu Wëssen a Kultur iwwer den Ëmwee vum Urheber- a Patentrecht;*

- *Radikal Reform vun nationalen, europäeschen an internationale Reegelen zum Urheber- a Patentrecht a Copyright;*

- *Keng Patenter op liewenswichteg Produiten/Entdeckungen;*

- *Formatioune fir den Ëmgang mat Open Source Programmer an de Schoulen an um Niveau vun der Formation Adulte;*

- *Open Source an de Schoulen notzen aplaz vun Accorde mat internationale Grousskonzerner;*

- *D'ëffentlech Verwaltunge sollen op Open Source Léisunge setzen. Dokumenter, déi an de Verwaltungen entstinn, sollen den oppene Standarden ënnerleien;*

- *Ustriewen déi weltwäit Spëtzt an Open Data Froen an Dateschutz ze ginn.*

## Digitale Kontakt mat de Bierger:innen

Dank dem Internet kënnen Informatioune weltwäit ausgetosch ginn - an dat innerhalb vu Sekonnen. Mee wann et ëm den Informatiounsaustausch tëscht de Bierger:innen an den ëffentlechen Administratiounen, der Regierung oder dem Parlament  geet, dann dauert dat oftmools awer nach vill méi laang. Obwuel an de leschte Joren Efforte gemaach goufen, fir déi staatlech elektronesch Plattformen ze verbesseren an ëmmer méi Virgäng digitaliséiert goufen, si vill Demarchen nach komplizéiert online ze maachen an

eng ganz rei Virgäng existéieren ëmmer nach just a Papeierform. Gläichzäiteg gëtt d'Ëffentlechkeet net esou an d'Parlaments- a Regierungsaarbecht agebonnen, wéi dat an engem digitalen, transparenten a participative Staat de Fall sollt sinn.

Mir fuerderen:

- *Sämtlech Démarchen tëscht de Bierger:innen an dem Staat souwuel op Pabeier ewéi och digital ubidden;*
- *D'Chance vu Blockchain erkennen an ëmsetzen;*
- *Staatlech a kommunal digital Servicer benotzerfrëndlech an inklusiv gestalten an dobäi op Open Source Léisunge setzen;*
- *D'Plattform E-Santé grondleeënd iwwerschaffen a vereinfachen, well se an hirer aktueller Form weder d'Patient(inn)en nach déi Professionell iwwerzeegt;*
- *D'Kommissiounssëtzunge vun der Chamber a Gemengerotssëtzungen am Live-Stream weisen;*
- *Sécherstellen, dass Informatiounen an Dokumenter op ëffentleche Siten och accessibel si fir Leit mat enger Behënnerung.*

## Recht op Participatioun am digitale Raum

Mam Internet gouf en digitale Raum geschaf, an deem Mënschen sech informéieren an austausche kënnen. D'Pirate gesinn dëse fräien Informatiounsaustausch als Plus-Value fir eis Demokratie a sinn der Meenung, dass jidderee sollt d'Méiglechkeet hunn, dësen digitale Raum ze notzen. D'Digitaliséierung betrëfft all Beräicher vum Liewen, vun der Aarbecht an der Bildung bis zur Fräizäitgestaltung. Wann mir d'Digital Inklusioun fërderen, kënne mir sécherstellen, dass jiddereen an der Lag ass, un der digitaler Gesellschaft deelzehuelen a keen ausgeschloss gëtt.

Mir fuerderen:

- *Esou séier wéi méiglech all Awunner:in een Internetuschloss mat héijer Vitess unzebidden;*
- *Zougang zu gratis WiFi op ëffentleche Plazen;*
- *D'Verbesserung vun der Upload-Geschwindechkeet fërderen,fir Privatleit an och grad Firmen e besseren Datenaustausch ze erméiglechen;*
- *D'Offer un ëffentleche Platze mat gratis Wifi-Hotspotten ausbauen;*

- *D'Offer u käschtefräien Internet-, Handy a Computercouren ausbauen an dat och um kommunalen Niveau;*
- *Professionell Berodungsméiglech-keeten, fir och eelere Leit en Zougang zur digitaler Vernetzung ze bidden;*
- *Ëffentlech Websäiten inklusiv gestalten (leichte Sprache, Virlies-Funktiounen etc.);*
- *Netzneutralitéit a Plattformneutralitéit gesetzlech festleeën;*
- *Garantéiert Dateverbindung am ëffentlechen Transport.*

## Sécherheet an der Digitaliséierung

D'Digitaliséierung kann am Fall vun nationale Krisen dozou bäidroen, d'Bevëlkerung méi séier iwwert eng imminent Gefor ze informéieren an doduerch d'Sécherheet vum Land verbesseren. Gläichzäiteg si Cyberattaquen, Spionagesoftwaren an digital Desinformatiounscampagnen néi Bedrohunge fir d'Sécherheet vun engem Staat. Aus dësem Grond ass et essentiel d'Chancen an d'Risike vun der Digitaliséierung an dësem Beräich net aus den Aen ze verléieren.

Mir fuerderen:

- *En IP-baséiert Informatiounsnetz an eng zousätzlech Hotline an en inklusiv gestalten Email/SMS-Service fir manner dréngläch Problemer fir a Krisesituatiounen den 112 ze entlaaschten;*
- *En Ewechfale vu Roamingrestriktiounen am Fall vu Krisen;*
- *Hëllef fir Entreprisen, déi hier Websäit géint Cyberugrëffer ofséchere wëllen;*
- *E Beruffsgeheimnis an e Quelleschutz fir Sécherheetschercheuren;*

- *Streng Krittäre fir Entreprisen, déi Softwaren hierstellen, déi fir Spionagezwecker gebraucht kënne ginn a keng Steiergelder fir d'Finanzéierung vun Iwwerwaachungsprojeten;*
- *Sensibiliséierungscampagnë fir iwwert d'Methode vun der Desinformatioun opzeklären;*
- *Kritesch Infrastrukturen aus dem digitale Beräich musse ganz an ëffentlecher Hand sinn.*

## Digital Medien

Dat aktuellt Mediegesetz baséiert op den Iddie vun enger Welt ouni Internet a gëtt dem digitale Wandel vun de leschte Joerzéngten net gerecht. Dofir brauche mir en neit Mediegesetz, dat vun Ufank un niewent der Telé an dem Radio och déi digital Medien als Verbreedungsplattforme mat deckt. Op Radio, Telé, Websäiten, Podcasts oder Social Media, mir brauchen eenheetlech a kloer Reegele fir all Plattformen an Aarte vu Publikatiounen an dat onofhängeg vum Medium, mat deenen dësen Inhalt verbreet gëtt. Grad wann et em Reklammen, Produktplacéierungen a gesponsert Contenue geet, brauche mir eng Gesetzgebung, déi och Influencer:inne matdenkt. Mir Piraten begréissen explizitt dës Form vun Entrepreneurship am digitale Beräich, mee am Sënn vun der Transparenz an dem Konsumenteschutz fuerdere mir och kloer Reegele wat d'Kennzeechnung vu Publicitéit a bezueltem Content ugeet a wëllen deementspriechend dës Reegelen an engem neie Mediegesetz verankeren.

Mir fuerderen:

- *E Mediegesetz, dat och Social Media a Podcasts oofdeckt;*
- *E Verbuet vun Uploadfilter fir Social Media;*
- *Eng Reglementatioun fir gesponserte Content a Produktplacéierungen op Social Media.*

## Gaming

D'Piraten setzen sech dofir an, dass d'Entwécklung vu Videospiller zu Lëtzebuerg méi effikasse finanziell geférdert an d'Land als Entwécklungsstanduert promouvéiert gëtt. Mat engem Gaming-Fonds, deen änlech funktionéiere kéint wéi aktuell de Film-Fonds, kéinte kreativ national Videospill-Projeten ënnerstëtzt ginn. Duerch dës Erweiderung vun der finanzieller Ënnerstëtzung fir d'lëtzebuerger Kreativinfindustrie géif d'Land seng Wirtschaft weider diversifizéieren an nei Aarbechtsplaze schafen. Jonker, déi aktuell hei Formatioune suivéieren aus dem Gaming-Beräich wieren dann net méi gezwongen an d'Ausland ze goen, fir ze schaffen, mee kéinten deen Know-How, dee si hei am Land gewonnen hunn, och hei asetzen. D'Gaming-Branche ass eng wuessend Industrie a Lëtzebuerg sollt et net verpassen dëse Wirtschaftszweig auszebauen. Dëst dierf awer just geschéien, andeems gläichzäiteg och d'Sujete vum Jugendschutz an der Suchtpräventioun ugepaakt ginn an dat souwuel national wéi op europäeschem Niveau.

Mir fuerderen:

- *Eng Verbesserung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg fir d'Gaming-Industrie, déi iwwert reng Steierpolitik erausgeet;*
- *E Gaming-Fonds fir d'Ënnerstëtzung vu lëtzebuergesche Produktiounen;*
- *D'Ënnerstëtzung vum Ausschaffe vun engem gemeinsame Jugendschutzprogramm fir déi ganz EU am Gamingberäich;*
- *Eng Regulatioun vu sougenannte „Lootboxen", déi de Spiller:innen nom Zoufallsprinzip Gewënner ausdeelen a geziilt esou programméiert goufen, dass se Suchtverhalen ausléise kënnen.*

## Kënschtlech Intelligenz

Ëmmer méi Programmer, déi an de Beräich vun der sougenannter „kënschtlecher Intelligenz (KI)“ gehéieren, kommen op de Marché. Anescht wéi den Numm vermudde loosse kéint, sinn dës Maschinnen zwar (nach) net wierklech „intelligent“, well se kee Bewosstsinn besetzen, mee si kënnen ausgoend vun engem Code eegestänneg „léieren“, also eege Weeër fannen, fir e Problem ze léisen. Esou kënnen déi nei Programmer bspw. Sprooch, Beweegungen, Biller, oder Toun generéieren an och Inhalter op Opfällegkeete scannen. Dat ka ganz nëtzlech sinn, mee kann awer och zu staarke Biase féieren, je nodeem mat wéi engem Daten d'Maschinn gefiddert gouf. Ass z.B. bei engem Programm fir eng Gesiichtserkennung just mat Fotoe vu jonke Männer mat heller Haut geschafft ginn, ass et net verwonnerlech, wa Persoune mat anerem Alter, Geschlecht oder Hautfaarw vum Programm méi schlecht erkannt an doduerch eventuell diskriminéiert ginn.

De Schutz virun Diskriminéierung an d'Recht op Privatsphär sinn deemno vun zentraler Bedeitung wann et ëm eng adequat Gesetzgebung fir d'Encadrement vun der KI geet. Doriwwer eraus fuerdert d'kënschtlech Intelligenz aktuell Dateschutzreegelen eraus, werft Froen op, wann et ëm d'Patent- an Urheberrecht geet a wéisst op Problemer hin, wann et ëm d'Responsabilitéit an d'Transparenz geet.

Dofir fuerdere mir:

- *Eng Regulatioun op EU-Niveau, déi d'Fuerschung an d'Entwécklung vu KI-Softwaren an Europa fërdert a gläichzäiteg e staarke Schutz vun den individuelle Grondrechter virgesäit;*
- *E Verbuet vum Benotze vun automatiséierte Systemer an der Kriminalitéitsbekämpfung;*
- *Kloer Reegelen am Beräich vum Dateschutz, un déi sech Softwareentwéckler hale mussen an och entspriechend Kontrollen. Persounen, deenen hier Date vun automatiséierte Systemer ausgewäert ginn, mussen doriwwer informéiert sinn an hiert Averständnis ginn hunn;*
- *En Iwwerschaffe vun den Urheber- a Patentrechter: Well Computer keng Rechter hunn, sinn hier Produktiounen*

*net geschützt an esou fräi zougänglech, wärend Inhalter, déi vu Mënsche geschaf goufen, oft duerch Paywalls blockéiert sinn. Vu Bots generéiert Fake News dierfen online net méi zougänglech sinn, wéi peer reviewed wëssenschaftlech Informatiounen;*

- *Sensibiliséierungscampagnë fir op d'Gefore vun duerch KI-Software generéiert "Fake News" opmierksam ze maachen;*

- *Eng Verflichtung fir kommerziell Ubidder ab enger gewësser Gréisst, fir hier Sourcen oppen ze leeën, fir novollzéihen ze kënnen, wéi hier Software schafft;*

- *Keen Asaz vu Programmer, bei deenen net kloer ass, wéi mat den Donnéeën operéiert gëtt, a Beräicher wou Date vu Mannerjäregen traitéiert ginn (z. B. a Schoulen).*

# DRËTTEN A



Mir Piraten wëllen, dass d'Leit méiglechst laang ee selbstbestëmmt Liewe kënne féieren. D'Leit sollen sou laang wéi méiglech autonom bleiwen, un der Gesellschaft deelhuelen a selwer iwwert hiert Liewen an hir Zukunft bestëmmen.

## Nei Wunnformen erméiglechen

An engem méi héijen Alter ass et net méi ëmmer méiglech respektiv esou einfach fir eleng ze wunnen, zum Beispill an engem Haus, dat mat vill Entretien verbonnen ass. Vill Leit spieren sech awer nach trotz gewëssen altersbedéngte Problemer ze gutt a wëllen net an een Altersheem, wat dacks mat engem groussen Aschnëtt vun der Onofhängegkeet an der Autonomie verbonnen ass. Doduerch sinn nei Iddie fir alternativ Wunnformen entstanen, zum Beispill verschidde Modeller fir Wunngemeinschaften. Et gi mëttlerweil eng Rei interessant Projeten, mee si kënnen opgrond vun der aktueller Gesetzgebung dacks net ëmgesat ginn.


ALTER

Mir fuerderen hei kloer dass:

- *De legale Kader hei aktualiséiert an un déi modern Ufuerderungen a Virstellungen ugepasst gëtt;*
- *Nei Wunnformen, wéi zum Beispill verschidden Zorte vu Wunngemeinschaften, Projete vun intergenerationellem Wunnen, Wunnkooperativen asw., legal berécksiichtegt a facilitéiert ginn.*

## Dignitéit vun all Mënsch an Alters- oder Fleegeheemer respektéieren

Leider ass et net ëmmer méiglech, fir eleng oder an enger alternativer Wunnform ze liewen an eng Persoun ass zum Beispill opgrond vu gesondheetleche Problemer dorop ugewisen, an een Alters- oder Fleegeheem ze zéien.

An dësem Kontext fuerdere mir:

- *En universellen Zougang zu Zëmmeren an Alters- a Fleegeheemer, onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vun de betraffene Leit;*
- *Eng Obligatioun, dass all Zëmmer mat enger eegener Toilette an enger eegener Dusch muss equipéiert sinn;*
- *Weider Rekrutementer vu qualifizéiertem Personal, fir eng gutt Betreiung a qualitativ héichwäertege Servicer an den Alters- a Fleegeheemer ze assuréieren;*
- *Kontrollen um Terrain fir d´Qualitéit vun der Betreiung ze suivéieren an z´assuréieren.*

## Mobilitéit assuréieren

Och eeler Leit wëlle gär mobil sinn an dozou gehéiert natierlech och den Accès zum ëffentlechen Transport. Donieft musse vill méi Alternativen am ëffentlechen Transport ugebuede ginn, fir dass all Persoun esou mobil wéi méiglech ka bleiwen. E Beispill fir esou eng Offer ass den Déngscht Adapto. Mat der Reform vum Adapto

hu vill Leit hiren Accès zu dësem Service verluer, well si net méi de neie Krittären entspriechen. Zënterhier ass fir vill Leit de Service dann och net besser ginn, am Géigendeel. Och de net urgenten Altentransport ass fir vill Leit dacks problematesch. Hei ginn et verschidden Tariffer an et ka séier geschéien, dass eng Persoun fir eng relativ kuerz Streck deels ganz héich Präisser bezuele muss respektiv Servicer a Rechnung gestallt kritt, déi esou net néideg waren. Dës Rechnunge ginn dann och net vun der Gesondheetskeess iwwerholl. Heimat gi Persoune finanziell bestrooft, déi keng Persoun an hirer Famill oder an hirem Ëmfeld hunn, déi si zu engem Rendez-vous ka bréngen.

Am Beräich vun der Mobilitéit fuerdere mir deementspriechend:

- *Eng Upassung vun de Busquaien, esou dass jidderee besser ran- a rausklamme kann;*
- *Eng Promotioun vun Initiative wéi Ruffbusser op nationalem wéi och op regionalem Niveau. Eng Upassung vun de Servicer vum Adapto, esou dass Leit, déi no den aktuelle Krittäre gratis vum Adapto kënne profitéieren, dëst och weiderhin kënnen;*
- *Den Zougang zu dem Service vum Adapto fir eeler Leit ze vereinfachen, an dëst zu engem reduzéierten Tarif;*
- *Eenheetlech Tariffer am Beräich vun dem net urgentem Alterstransport.*

## Accès zur Digitalisatioun

Vill eeler Leit kënnen net ëmmer gutt mat engem Computer, Tablett oder Smartphone ëmgoen. Dëst kéint awer a ganz ville Fäll geännert ginn, wann een de Leit géif ënnert d'Äerm gräifen an hinne weisen, wéi et geet.

Dofir mussen iwwerall am Land entspriechend Coursen offréiert ginn. Esou erméiglecht een et och eelere Leit, fir vun enger Rei Servicer an Offeren ze profitéieren an si net méi vun der digitaler Gesellschaft auszeschléissen. Gläichzäiteg sollen hei awer och Coursen zu aneren Thema ugebuede ginn, wéi zum Beispill zur Sécherheet am Internet oder och der Partnersich, well Léift a Sex net nëmme Jonker betrëfft.

Zudeem mussen awer natierlech eng Rei Servicer assuréiert ginn, wéi zum Beispill Bank- oder Postguicheten an den Dierfer oder och analog Alternative fir administrativen Demarchen.

## Promotioun vun der Präventivmedezin

Déi bescht Krankheet ass déi, déi guer net réischt opkënnt. An no dësem Motto misst och eise Gesondheetssystem opgestallt ginn. Aktuell gëtt awer nach vill ze wéineg Wäert op d'Präventioun geluecht. Dëst och, well eis Nomenclature de Facteur Zäit guer net berécksiichteg an d'Dokteren esou ënnert Zäitdrock setzt. Grad am Alter ass awer eng gutt Präventivmedezin wichteg, fir dass méiglechst vill Leit bis an een héijen Alter gesond bleiwen.

## Géint Altersaarmut

D'Mindestrent muss un déi aktuell Wirtschaftssituatioun ugepasst ginn, fir doduerch ze verhënneren, dass Mënschen, déi hiert Liewe laang zum Wuel vun dësem Land bäigedroen hunn, an d'Aarmut ofrëtschen a schlëmmstefalls souguer op der Strooss landen.

Déi sougenannte Witwerent soll gläichgestallt gi mat der normaler Rent an net reduzéiert ginn, wann de Partner stierft, den dofir abezuelt huet. De Partner, dee manner oder guer net cotiséiert huet, soll am Alter net dofir bestrooft ginn.

D'Witwesteier muss endlech ofgeschaaft ginn. De Verloscht vum Partner ass fir déi Hannerbliwwe scho schwéier genuch, dëse Verloscht soll steierlech net och nach bestrooft ginn.

## Prête fir Senioren


Et muss och eelere Leit erméiglecht ginn, fir e Prêt opzehuelen, wann si hiert Doheem wëlle renovéieren. D'Doheem ze moderniséiere muss och fir eeler Leit méiglech sinn. Eng Rei Banke wëlle Persounen ab engem gewëssen Alter awer kee Prêt méi ginn. Dat ass an eisen Aen eng ongerechtfäerdegt Diskriminéierung. Och eeler Leit musse kënne Renovéierungsaarbechten oder Ännerungen un hirem Doheem virhuelen, ouni dass si dës Suen op hirem Bankkonto mussen hunn. Fir eis ginn et hei e puer Méiglechkeeten, zum Beispill gedeckelt Montanten oder eng méi kuerz Lafdauer vum Prêt. Eng wieder Méiglechkeet wier iwwert eng Assurance solde restant dû, déi den oppene Betrag géif iwwerhuelen, am Fall wou eng Persoun géif verstierwen.

## Programm Leit hëllefe Senioren

Mir fuerderen d'Schafung vun enger zentraler Plattform. Hei kënnen eeler Leit sech aschreiwen, wann si Hëllef bei verschidden Aufgaben oder Aktivitéite brauchen, zum Beispill fir de

Wuess ze méinen oder fir si bei den Dokter an engem Spidol ze beglee-den an dofir ze suergen, dass si gutt am Spidol ukommen an de richtege Stack an dat richtegt Zëmmer fannen. Fräiwëlleger kënnen sech hei och aschreiwen, d'Annoncen ukucken an iwwert dëse Wee eelere Leit hëllefen. Dofir géifen si dann och finanziell mat engem klenge Montant fir déi hinnen entstane Käschten entlaascht ginn. Dëse Montant kéinten si als Benevole no der aktueller Gesetzgebung bis zu enger Héischt vun 10.000€ steierfräi deklaréieren.

# DROGEPO



Een Thema, wat hei zu Lëtzebuerg dacks net gär ugeschwat gëtt, ass d'Drogeproblematik. Mat Droge verbanne vill Leit just klischeehaft Virstellunge vu kriminellen Drogendealeren a Sans-Abrisen. Dës Virstellungen entspriechend awer net ganz der Realitéit. D'Drogeproblematik hei zu Lëtzebuerg ass vill méi villfälteg wéi dës deels falsch Virstellungen an deem muss politesch och Rechnung gedroe ginn. Nëmmen esou kann sech un der Situatioun wierklech eppes änneren.

## Méi Präventioun a Sensibiliséierung

Vill Problemer mat Droge kéinte verhënnert ginn, wann vill méi fir eng gutt Präventioun gemaach géif ginn. Eng konsequent Opklärungs- a Suchtpräventiounsaarbecht ass de Grondstee vun enger moderner Drogepolitik.

D´Piraten fuerderen an dësem Kontext:

- *Eng Sensibiliséierung déi bei de Kanner an der Schoul ufänkt, wou een net nëmmen op d´Geforen hiweist, mee och doriwwer informéiert, dass ee mat Droge keng Problemer ka léisen;*


LITIK

- *Eng Sensibiliséierung iwwert d´Gefore vum Alkohol, déi iwwert Initiativë wéi «Dry January» erausgeet;*
- *Eng obligatoresch Formatioun am Kader vun der zweejäreger Proufzäit fir den definitive Führerschäin virgesäit.*

## Géint Klischeeë virgoen

Dass vill Drogekonsumenten net den traditionelle Virstellunge vu vill Leit entspriechen, ass eppes, wat seelen thematiséiert gëtt. Grad d'Analyse vum Ofwaasser weisen awer, dass an de Wirtschaftszentren d'Konzentratioun vun de Réckstänn am Waasser mat am héchsten ass. Dowéinst ass et wichteg, dass den Dialog iwwert d'Drogeproblematik éierlech gefouert gëtt. Nëmmen esou kann een de Problem wierklech bei der Wuerzel packen.

## Drogenofhängegkeet als medezinesche Problem gesinn

Drogenofhängeg Persounen si krank an dierfen net méi wéinst hirer Krankheet kriminaliséiert ginn. Dës Krankheet soll behandelt ginn, ouni dass déi ofhängeg Persoun muss fäerten, fir hir Sucht och nach penal bestrooft ze ginn. Eng Kriminaliséierung stéisst déi betraffe Persoune just nach méi an d'Prekaritéit. Och opgrond vun dëser Angscht verzichten ofhängeg Persounen nach ze dacks op eng Behandlung.

Dofir fuerderen d´Piraten:

- *Eng proaktiv Propose vun alle verfügbare medezinesche Méiglechkeete fir Persoune mat engem Suchtverhalen;*
- *Eng méi grouss Offer u sozialen Agliederungsmoossnamen, déi enger Persoun et erméiglechen, sech nees eng sécher an drogefräi Existenz opzebauen an esou Réckfäll an d'Sucht ze vermeiden.*

## Méi spezialiséiert Strukturen

Lëtzebuerg brauch méi Strukturen, bei deenen sech ofhängeg Persounen kënnen Hëllef sichen. Eng Persoun muss sech zu all Moment un eng vun dësen Statiounen wende kënnen, fir en Entzuch unzefänken.

Dofir fuerderen d´Piraten:

- *Méi Fixerstuffen mat enger professioneller Berodung duerch spezialiséiert Personal, wou d'Leit an enger gréisst méiglecher Sécherheet kënnen consomméieren;*
- *Méi Statiounen a Spideeler, wou ofhängeg Persounen sech kënnen hi wenden, fir een Entzuch ze maachen, begleet vu qualifizéiertem Personal, dat hinnen am Kader vun den Entzuchserscheinungen an domat verbonnene Problemer kann hëllefen;*
- *Méi Programmer, déi Persounen no hirem Entzuch begleeden an hinnen dobäi hëllefen, hire Wee zréck an een drogefräit Liewen ze fannen a méiglech Réckfäll ze vermeiden.*

## Gläichstellung vu medezineschem Cannabis mat anere Medikamenter

Zu Lëtzebuerg ass d'Verschreiwung vu medezineschem Cannabis zënter véier Joer méiglech. Trotzdeem sinn dës Medikamenter nach ëmmer net komplett mat de gängege Medikamenter gläichgestallt. Medezinesche Cannabis kritt e Patient am Moment just an enger Spidolsapdikt.


D´Piraten fuerderen an dësem Kontext:

- *Eng Gläichstellung vu cannabinoidhalteg Medikamenter mat anere verkéiersfähege Medikamenter;*
- *Eng Offer déi et erlaabt, dass Patienten hir cannabinoidhalteg Medikamenter och sollen an Apdikten uechter d'Land kënne kréien;*
- *Eng Vergréisserung vum Stock, esou dass zu all Moment genuch cannabinoidhalteg Medikamenter disponibel sinn.*

## D'Legaliséierung vum Besëtz vu Cannabis

Fir volljäreg Persoune muss de Besetz vu Cannabis endlech legaliséiert ginn. Zënter Jore schleeft de Projet, mee nach ass kee Resultat do. Hei muss nogebessert ginn. Mat der Legaliséierung vum Cannabis entkriminaliséiert ee ganz vill Leit an och d'Police gëtt entlaascht.

# ËMWELT, KLIM
# NATUR SCHÜT



Nëmmen andeems mir eis Ëmwelt a Ressource schützen, kënne mir d'Iwwerliewe vu Mënsch an Déier garantéieren a laangfristeg de Wuelstand vun eiser Gesellschaft sécheren. De Mënsch kann an dierf seng Liewensgrondlag op eisem bloe Planéit net futti maachen. D'Piraten erkennen d'Prioritéit vum Ëmwelt- a Klimaschutz kloer un a setzen sech fir een Ëmdenke vun eiser Wirtschaft souwéi eise Gewunnechten an. Mir mussen déi Verhalensweise fërderen, déi eis Wirtschaft an een Aklang mat eiser Ëmwelt an am Respekt mat eise Ressource bréngen.

## De Staat muss responsabel akafen

De Staat muss selwer mam gudde Beispill virgoe beim Akaf vu Liewensmëttel, Gedrénks, Material a Kleedung fir seng Verwaltungen a Strukturen. En dierf net bei der Qualitéit vu gudde Liewensmëttel a Produkter spueren.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Dass all staatlech Verwaltung soll bei sengen Akeef op ëmweltfréndlech (biologesch, regional, saisonal) & fair Produkter zeréckgräifen. Och bei der Kleedung an Textilien muss an Zukunft op FairFashion gesat ginn;*


A &
ZEN!

- *Virun allem an de Kantinnen, muss de Staat Virreider ginn an d'Verwendung vun nohaltege Produkter ënnerstëtzen.*

## Opstelle vun engem Fong fir Naturkatastrophen

D'Fondatioun IDEA huet an hirem Aarbechtsdokument n°7 "Quelques réflexions sur le budget 2022!" proposéiert, ee Fong fir Naturkatastrophen opzestellen, wou schnell kënne Sue mobiliséiert ginn, fir d'Folge vum Klimawandel zu Lëtzebuerg ze finanzéieren an d'Affer z'ënnerstëtzen. Och d'Cour des Comptes recommandéiert an hirem Budgetsavis 2022 d'Opstelle vun engem Spezialfong fir Naturkatastrophen.

- *D'Piraten schléissen sech där Meenung un a wëllen ee Fong fir Naturkatastrophen aféieren.*

## Ëmweltfrëndlecht Verhale beloune mat engem Klimabonus

Mir mussen d'Bierger:inne virun allem mat positiven Ureizer zu enger méi ekologescher Liewensaart motivéiren. Leit, déi am Respekt mat der Natur a mam Klima liewen, sollen dofir vum Staat belount ginn. Den aktuelle Prinzip vun der CO2-Steier bestrooft Leit nëmmen, ouni si zur Reduktioun vun hirem CO2 Ausstouss ze motivéieren.

De STATEC huet schonns Zuelen, déi weisen, wat eng Persoun am Duerchschnëtt am Joer verdéngt a consomméiert a wéi vill Suen ee brauch, fir ee wierdegt Liewen zu Lëtzebuerg ze féieren. Et ass och gewosst, dass Lëtzebuerg op de Kapp ronn 15 Tonne CO2 am Joer produzéieren. Op Basis vun den aktuellen Zuele wëlle mir ee Steiermodell opstellen, fir d'klimaverantwortlech Verhalen ze belounen.

All Persoun kritt all Mount eng Direkthëllef (Klimabonus) op säi Salaire, seng Rent oder anert Akommes ausbezuelt. Dës Direkthëllef gëtt, änlech wéi d'Kannergeld, ouni vill Bürokratie u jiddereen ausbezuelt. Esou kéint ee jidderengem an enger Ufanksphase 50€ pro Mount ginn. No e puer Jore kann een higoen an de Steierkredit op 100€, 200€ asw. erhéijen a gläichzäiteg d'CO2-Steier upassen. Op der anerer Säit gëtt d'CO2-Steier, wéi eng TVA, op verschiddene Produkter ugepasst. Beispill: ee Bio-Apel aus der Groussregioun wier da méi bëlleg wéi een Apel aus Neiséiland. Produiten, wou laang Transportweeër hannert sech hunn, wieren och méi deier wéi lokal Produkter. Doduerch, dass d'Leit awer de Mount 50€ méi an der Täsch hunn, spieren si dovunner näischt an hunn de Choix.

D'Iddi ass, dass Persounen, déi méi verbrauchen, bezuelen, wärend déi, di spuersam sinn, um Enn vum Mount fir hiert klimaneutraalt Verhale belount ginn.

D'Piraten wëllen:

- *ee Klima-Bonus an Héicht vu 50€ pro Mount als Direkthëllef aféieren, duerno 100€, 200€, ...;*
- *d'CO2-Steier op knaschtege Produiten deementspriechend upassen;*
- *op Datespuersamkeet an Anonymitéit setzen an dofir suergen, dass a kengem Fall d'Leit duerch dëse System iwwerwaacht ginn.*

### Gratis Grondbedarf u Waasser an Energie, duerno Pollueur-Payeur

Spéitstens zënter der Invasioun vun der Ukrain ass deene meeschte bewosst ginn, wéi wäertvoll Waasser an Energie sinn. Mir musse spuersam mat eise Ressourcen ëmgoen an dofir sti mir Piraten hannert dem Prinzip, dass deen, dee méi Ressource verbraucht oder d'Ëmwelt méi belaascht, och deementspriechend dofir bezuele muss (=Pollueur-Payeur).

Gläichzäiteg si mer iwwerzeegt, dass et falsch ass, d'Käschten un déi Schwächsten an eiser Gesellschaft ofzedrécken an dass jiddereen een Accès op ee Minimum un Energie a Waasser muss hunn.

D'Piraten wëllen:

- *Dass déi éischt 2.000 Liter Leitungswaasser de Mount gratis sinn;*
- *Dass ab 2.000 Liter de Waasserpräis sozial gestaffelt erop geet an de Literpräis méi um Verbrauch (partie variable) gewiicht gëtt.*

### Proppert Drénkwaasser fir jiddereen

Waasser ass eng iwwerliewenswichteg Ressource an dofir musse mer spuersam a verantwortungsvoll mam Waasser ëmgoen. Drénkwaasser sollt generell net genotzt ginn, fir den Auto ze wäschen, de Gaart ze netzen oder Sprangbueren ze fidderen.

D'Piraten wëlle proppert Waasser fir jiddereen, andeems mer:

- *De Bau vu Kläranlage virundreiwen, fir eist Waasser fräi ze kréie vu Mikroplastik, Medikamenter a chemesche Stoffer. Dobäi muss och d'Fro vum Klärschlamm geléist ginn, andeems mer dësen hei zu Lëtzebuerg erëm verwäert kréien;*

- *Aam ëffentleche Raum an op groussen ëffentleche Gebaier méi Reewaasserbehälter a Sammelbecken opstellen, déi am Summer bei Dréchente genotzt kënne ginn, fir d'Planzen an der Gemeng ze netzen oder d'Toiletten ze spullen. Domadder spuere mer Drénkwaasser.*

## Atomkraaft, nee Merci!

Nuklear Energiequellen si keng Alternativ zu fossillen Energien: Atomkraaft ass knaschteg a geféierlech fir Mënsch, Déier an Natur. Ee klengen Accident huet Konsequenzen, déi iwwer Generatiounen ewech net méi réckgängeg gemaach kënne ginn. Et ass eng onsécher an am Endeffekt och eng Deier form, fir Energie hierzestellen. Atommeileren z'ënnerhalen an no hirer Liewenszäit ofzemontéiere kascht d'Steierzueler:innen richteg vill Geld, wärend d'Betriber mat Subventioune Milliounen u Profitter maachen. Bei Dréchente besteet iwwerdeems de Risiko, dass och Atomkraaftwierker keng Energie méi produzéieren (siehe Frankräich am Summer 2022)

D'Piraten:

- *setzen sech hei zu Lëtzebuerg a weltwäit fir ee Stop vun der Atomkraaft an.*

## Liewensmëttel gehéieren net an d'Poubelle

D'Piraten schwätzen sech fir eng besser Politik géint d'Verschwende vu Liewensmëttel aus. All Liewensmëttel kascht Ressourcen (Zäit, Aarbecht, Materialien). D'Produzenten, d'Supermarchéen an d'Restauranten, also jiddereen, dee Liewensmëttel verkeeft, musse méi a Verantwortung geholl gi fir Liewensmëttel ze retten. Och mir als Konsumente mussen de Wäert vu qualitative Liewensmëttel ervirhiewen.

D'Liewensmëttelverschwendung hei am Land soll gestoppt ginn, andeems:

- *Mir ee Gesetz aféieren, wéi a Frankräich /loi Garot), wat grouss Liewensmëttelfirme verflicht, fir Liewensmëttel net ewechzegeheien;*
- *Produiten, déi op den Enn vum Haltbarkeetsdatum kommen, ënnert dem Akafspräis kënnen un d'Clienten ugebuede ginn;*
- *Produiten, déi hiren Haltbarkeetsdatum iwwerschratt hunn, mee nach genéissbar sinn, u Veräiner, Associatiounen oder Persoune gespent kënne ginn;*

- *Grouss Liewensmëttelfirmen eng monatlech Statistik produzéieren a festhalen, wéi vill Liewensmëttel vernicht goufen. Mir géifen op där Basis an zesumme mam Secteur een nationale Prozentsaz festleeën, deen dann net dierf iwwerschratt ginn;*
- *Op Liewensmëttel, déi an de Firmen an d'Poubelle fléien, eng Strofsteier agefouert ginn.*

## Dreck gehéiert an d'Poubelle, net an d'Natur

Mir sinn am 21te Joerhonnert a jidderengem misst hautzedaags bewosst sinn, dass een säin Offall net a senger Ëmwelt entsuergt, mee an enger Poubelle. Leider ass dat nach net bei jidderengem ukomm.

D'Piraten setzen sech a géint den Dreck:

- *Kompostabel Zigarettestëmp mussen de Standard sinn op europäeschem Niveau, Plastikfiltere musse verbuede ginn (Einwegplastik);*
- *Et brauch méi Campagne géint Dreck an der Natur, d'Leit musse massiv opgekläert ginn. Dreck op de Buedem ze geheien dierf net méi als Bagatell ugesi ginn, egal ob et ee Knätsch ass, Pabeier oder eng metallen Dous;*
- *De Staat muss zesumme mat de Gemenge méi ëffentlech Poubellen opriichten, wou och den Tri ka gemaach ginn;*
- *D'Aktioun SuperDreckskëscht soll nei ausgeschriwwe ginn, fir déi aktuell Situatioun, wou eng Firma duerch dubiéis Aktiounen ee Monopol vum Staat geschenkt krut, z'iwwerschaffen.*

## Einwegplastik reduzéieren

D'Piraten setzen sech mat dofir an, dass den onnéidegen Asaz vu Plastik op een Enn kënnt a mer dës Ressource nëmmen nach do asetzen, wou se laangfristeg Sënn mécht. De Plastik däerf keng bëlleg Alternativ zu anere Materialien a kee Wegwerfartikel méi sinn.

Dofir setze mer eis an:

- *Dass Einwegplastik net méi genotzt soll ginn;*
- *Op Plastiksprodukter generell eng Kautioun (Pfand) anzeféieren, fir dass Plastik permanent recycléiert gëtt an net méi an der Natur lant.*

## Greenwashing verhënneren

Et ginn aktuell vill ze vill Labelen a vill Konsument:inne gesinn de Bësch viru lauter Beem net méi. Déi eenzeg onofhängeg Labelen, déi net profitorientéiert an u sech interessensfräi sinn, si staatlech Labelen, déi gesetzlech festgehale sinn a kontrolléiert ginn (Beispill: den EU-BIO-Label).

Mir fuerderen:

- *Dass d'Unzuel u Labelen am Ausschaffe mat de Profien aus dem BIO-Secteur verréngert gëtt an nëmmen nach Labelen zougelooss ginn, déi iwwert d'Gesetz zougelooss sinn;*
- *Dass Lëtzebuerg sech och op europäeschem Niveau heifir asetzt.*

## Textilindustrie reguléieren

D'Textil- a Kleederbranche ass eng héich globaliséiert a lukrativ Industrie. D'Produktioun ass oft iwwert d'Kontinenter ewech organiséiert an d'Kleeder fuere vill dausende Kilometer, bis se bei eis an de Kleederbutteker ze kafe sinn. Dës Industrie huet sech international esou organiséiert, dass se a Niddreglounlänner vu bëlleger Aarbecht a manner strengen Ëmwelttreegele profitéieren. D'Ëmweltbilanz vun der Mouden-Industrie ass miserabel.

D'Piraten wëlle weider Moossnamen aféieren, fir d'Textilindustrie lues a lues méi nohalteg ze maachen:

- *D'Erëmbenotze vu Kleeder muss gefërdert ginn andeems Secondhand-Butteker hier Wuer ouni TVA kënne weiderverkafen (ëmmerhi gouf jo schonn um neie Produit eng TVA bezuelt);*
- *Mir wëllen eng national Plattform fir Secondhandgeschäfter opbauen;*
- *Mir wëllen op europäeschem Niveau ee Pfandssystem fir Kleeder an een nohaltegen Textil-Label aféieren (änlech wéi de Bio-Label);*
- *D'Collecte séparée fir Textil am neien Offallgesetz muss ëmgesat ginn;*
- *Doriwwer eraus setze mir Piraten eis fir ee Liwwerkettegesetz an.*

### Ee Recht op Reparatur

Recht op Reparatur heescht, dass all d'Notzer:inne vu Produkter d'Reparatur esou einfach wéi méiglech kënnen duerchféieren. Dat bedeit, dass si entweder selwer kënnen d'Stécker ersetzen oder dass et genuch Ulafsstelle gëtt, wou d'Produkt ka reparéiert ginn. Dofir muss sech d'Reparéieren och finanziell rentéieren: Ersatzdeeler dierfen net méi deier sinn, wéi de Produit selwer, a se mussen iwwerall erhältlech sinn.

Mir fuerderen:

- *Eng Reduktioun vun der TVA op Reparaturservicer op 3%. Dat selwecht sollt fir de Kaf vun Ersatzstécker gëllen;*
- *Dat selwecht wëlle mer fir Second-hand-Shops, wou Produkter erëm genotzt kënne ginn;*
- *Dass Betriber, déi sech am Reparéiere spezialiséieren, déi éischt Jore méi finanziell ënnerstëtzt ginn, grad wann se speziell Maschinnen oder 3D-Druckere brauchen;*
- *Ee Reparaturbonus nom éisträichesche Modell anzeféieren.*

### TVA bei Elektroautoen

Et ass richteg a wichteg, dass d'Politik de Kaf vun ëmweltfrëndlechen Autoen ënnerstëtzt, fir den Individualverkéier méi ekologesch ze maachen. Fir méi Elektroautoen op eise Stroossen fueren ze kréien, muss een un der Präisschrauf dréinen, fir dass méi Leit sech de Kaf vun engem Elektroauto och leeschte kënnen.

Dofir setze mir eis an:

- *Dass bis 2030 keng TVA op Elektroautoen (100% Elektresch) méi soll erhuewe ginn, fir domadder de Präis vun den Elektroautoen ze reduzéieren;*
- *Dass déi aktuell Subsiden fir Elektroautoen bis 2030 beibehale ginn an och, dass de Subsid net zum Profit vum Autohirsteller benotzt gëtt, mee dem Endkonsumment zegutt kënnt;*
- *Dass méi Betrieber Elektroautoen ubidden andeems ee Patron, dee sengem Employé een Elektroauto als Déngschtwon zur Verfügung stellt, net zousätzlech besteiert ginn.*

### Afänken an Erëmbenotzung vum CO2 aus der Loft (Carbon Capture)

An de leschte Joren hu verschidden Etüden erausfonnt, dass d'Reduktioun vun de CO2-Emissiounen eleng net méi duer geet, fir eist Klimazil vu

maximal 1,5 Grad Äerderwiermung z'erreechen. Parallel zur Reduktioun vun den Zäregaser mussen also och Ustrengungen ënnerholl ginn, fir de bestoende CO2, deen elo schonn an der Atmosphär ass, eraus ze kréien. Mir schwätzen heibäi vum Carbon Capture oder negativen Emissiounstechnologien.

Beim Carbon Capture geet et dorëm, fir de CO2 aus der Loft eraus ze filteren an an anere Forme fest ze setzen, wou en dann net méi zur Äerderwiermung bäidréit. Da kann ënnert verschiddene Forme sinn: a Steeschichten oder a Baumaterialie wéi dem Bëtong. Et existéiert och d'Méiglechkeet fir d'Hierstellung vun E-fuels. Dës Dreifstoffer sinn op mannst CO2-neutral an eegnen sech, fir den Undeel vu fossillen Dreifstoffer kuerz- a mëttelfristeg nach ee Mol ze reduzéieren.

D'Piraten:

- *Hunn an der Chamber eng Gesetzespropose deposéiert, an där et dorëms geet, fir negativ Emissiounstechnologien (Carbon Capture) op der ganzer Welt ze förderen;*
- *Sinn oppen, fir dass syntheetesch Dreifstoffer (E-fuels) an deene Beräicher genotzt ginn, wou se Sënn maachen (Schëffer, Fligeren, etc.).*

## Manner Bëttong mat Blummen, méi heemesch Natur

De Verzicht op Bëtong schützt besser virun héijen Temperaturen am Summer a virun Iwwerschwemmungen. De Staat soll zesumme mat de Gäertnereie vun de Gemenge méi op Wildwuchs an op heemesch Planze setzen. Wildwuchs brauch manner Ënnerhalt, fërdert d'Biodiversitéit a kascht d'Steierzueler:innen am Endeffekt manner Geld.

D'Piraten wëlle richteg Natur aplaz Bëtong mat Blummen:

- *D'massiv Zoubetonéiere vun ëffentleche Plaze muss ophalen;*
- *Grouss iwwerierdesch Parkinge solle mat Alternativen, wéi Kräsi, Rasengitter, Mulch oder Grouine bedeckt ginn, och wann dat e bësse mi Aarbecht mat sech bréngt fir den Entretien;*
- *Mir brauchen op ëffentleche Plaze keng kënschtlech Zierpflanzen, isoléiert Stroossebeem oder Blimmercher, mee sollten zesummenhänkend Biotopen entstoe loossen.*

## De Bausecteur nohalteg gestalten

Lëtzebuerg huet ee grousse Wunnengsmangel an dofir muss méi gebaut ginn. Allerdéngs dierfe mer eis

Bautepolitik net géint d'Natur ausspillen, well dat schlëmm Folge fir eis Ëmwelt huet a Punkto Biodiversitéitsverloscht, Flächeversigeleung, Iwwerschwemmungen a Liewensqualitéit.

Fir de Bausecteur gëllt fir eis:

- *Déi bestoend Bauperimeteren dierfen net vergréissert ginn, well et leien aktuell ronn 4.000 Hektar Bauland prett. Als éischt solle mol dës Bauplaze ganz genotzt ginn, éiert mer Felder zoubetonéieren a Bëscher ofholzen;*
- *Baumaschinnen, déi mat erneierbaren Energie kënne fueren, solle steierlech gefërdert ginn. Dës profitéiert der Baubranche duebel, well se um europäesch Maart manner CO2-Zertifikater musse kafen;*
- *Nei Forme vun energeetesche Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) mussen erlaabt ginn;*
- *Gebaier, déi nohalteg gebaut ginn, solle subventionéiert ginn;*
- *bei ëffentleche Bauprojete muss een Undeel vu 25% aus nohaltege Baumaterialien erreecht ginn.*

## Bauschutt reduzéieren

Duerch déi héich Aktivitéit am Bausecteur entsteet vill Bauschutt: al Gebaier, déi ofgerappt ginn a Buedem, deen ausgegruewe muss ginn. Aktuell existéiere queesch duerch d'Land Bauschuttdeponien, wou dëse Bauschutt kann hi bruecht ginn. Mee op ville Platze sinn d'Deponie voll an et deet een sech zënter Jore schwéier, fir nei Deponien opzemaachen.

De Problem vum Bauschutt muss resolut ugaange ginn:

- *Bestoend Gebaier mussen sou gutt wéi méiglech erhale bleiwen a renovéiert, restauréiert oder ausgebaut ginn. Dëst reduzéiert de Bauschutt beim Bauen an erhält eis architektonesch Ierwen;*
- *Et soll dofir direkt een Appell gemaach ginn un all Gemengen zu Lëtzebuerg souwéi an der Groussregioun, déi gewëllt sinn a Platz hunn, fir de Bauschutt kënnen ze lageren. De Staat muss dann zesumme mat deene Gemengen an der Baubranche ee Plang opstellen, fir Bauschutt ze reduzéieren an Deponie méi schnell disponibel ze maachen;*
- *D'Prozedure fir d'Oflagere vu Bauschutt mussen, am Respekt mat der Ëmwelt, gelackert ginn, fir kënnen De-*

*ponien no vun de Chantieren disponibel ze maachen;*

- *De Staat muss d'Fërderung vun neien Deponien zesumme mam Privatsecteur finanzéieren.*

## D'Arméi net beim Klimaschutz vergiessen

De Militärsecteur huet mat all sengen Infrastrukturen, dem dreifstoffintensive Material um Buedem, um Waasser souwéi an der Loft, ee vun den héchste CO2-Emissiouns-Tauxen op der Welt. D'Piraten hate viru Joren eng Evaluatioun vum CO2-Ausstouss vun der Arméi gefrot an op där Basis sollt och d'Klimapolitik bei der Arméi gefërdert ginn.

- *D'Lëtzebuerger Arméi muss fir d'Erreeche vun de Klimaziler mat abegraff ginn.*

## Fësch ass net onbedéngt gesond

Den Netflix-Dokumentarfilm «Seaspiracy» weist engem, wéi schiedlech d'Massefëscherei fir eise Planéit ass. De Fakt, dass mir hei zu Lëtzebuerg Fësch aus Massefëscherei konsuméieren, huet global Auswierkungen op eise Planéit. Nieft dem Fakt, dass Mieresfësch oft dausende Kilometeren Transportweeër hannert sech hunn, ass och ee Groussdeel vum Plastik, deen an eise Weltmierer ze fannen ass, op d'Fëscherindustrie zeréckzeféieren. Um oppene Mier ginn et keng Kontrollen: Wëlderen, Ëmweltverschmotzung, Déiereschutz a Sklaverei sinn Deel vum Business. Dat intensiivt Fëschen ouni Kontrolle mécht d'Ekosystemer futti.

D'Piraten wëllen der Fëscherei-Industrie Limitte setzen:

- *Grouss Betriber musse fir d'Nohaltegkeet vun hire Produkter verantwortlech gemaach ginn a Produkter, déi net nohalteg sinn, solle steierlech méi deier gemaach ginn;*
- *Fësch aus lokaler a biologescher Fëschzucht soll ouni TVA kënne verkaf ginn.*

## Eis Bëscher schützen

Laut Statec waren 2021 nëmme 16% vun eise Beem a engem gudden Zoustand. Dat ass net nëmmen zu Lëtzebuerg ee Problem, mee europawäit, bedéngt duerch de Klimawandel, laang Drécheperioden a Monokulturen an der Forstwirtschaft. Dës huet virun allem bei Nolebeem d'Verbreedung vum d'Borkenkäfer begënschtegt. Vill Bëschbesëtzer gesinn an hire Bëscher, wann déi éischt Beem gefriess ginn,

fannen dann awer keen, deen hinnen déi krank Beem fällen oder och ewechraume kënnt.

Bëscher sinn net nëmmen ee Liewensraum an ee liewege CO2-Späicher, mee och ee Liwwerant vum Rohstoff Holz, deen eng wichteg Roll fir d'Kreeslafwirtschaft bedeit, ob fir de Bau, d'Produktioun oder fir d'Energie. Grad well d'Holz lokal bei eis am Land wiisst an no enger Zäit erëm nowiisst, huet dëse Rohstoff de Virdeel, dass en nëmmen dee CO2 fräisetzt, deen d'Holz a senger Liewensdauer gespäichert huet. Domat ass Holz ëm wäite besser ewéi fossil Energien aus Pëtrol an Ueleg.

Eis Bëscher schütze mer zu Lëtzebuerg an europawäit, andeems:

- *Mir dofir suergen, dass keng Bëschflächen hei am Land verluer gaange ginn. Natura2000-Zone solle bäibehale bleiwen an ni méi kënnen ëmklasséiert ginn;*
- *Mir esou wéineg wéi méiglech an d'Bëscher agräifen. Et solle keng nei Bëschstroossen an deenen nächste Joren entstoen. Tëschent Naturzonen a bebautenen Zone oder Felder soll ëmmer eng Pufferzone sinn, fir der Flora & Fauna op der Bëschgrenz hier Plaz ze loossen;*
- *D'Bëschbesëtzer solle weiderhin encouragéiert ginn, fir hir Bëscher mat klimaresiliente Bamzorten opzestocken an d'Forstwirtschaft op eng nohalteg Manéier fir de lokale Konsum gestalten;*
- *Mir Bëschbränn am Summer besser an de Grëff kréien. Dofir musse méi Waassersammelbecke queesch duerch d'Land opgestallt ginn;*
- *Mir verhënneren, dass sech Krankheeten an de Borkenkäfer nach méi séier ausbreeden. Dofir brauch et ee Service bei der Natur- a Forstverwaltung, dee krank Beem séier aus de Bëscher erausbréngt an eliminéiert;*
- *Andeems mer fiabel Zuelen an Donnéeën erhiewen, fir festzeleeën, wat ee sënnvolle Prozentsaz fir d'Energiegewënnung aus Holz fir Lëtzebuerg duerstellt;*
- *Mir eng Traçabilitéit fir Holzprodukter um europäesche Maart aféieren an zu Lëtzebuerg schonn domadder ufänken, fir ze kucken, wéi déi Lëtzebuergesch Wertkette vum Ubau bis zum Endproduit funktionéiert;*
- *Mir d'Leit informéieren:*
  - *op verschiddene Beem a Planze solle QR-Code a Plaquette opgestallt ginn, mat deenen d'Leit kënnen d'Geschicht an d'Informatiounen vun der Planz noliesen. Dës Intitiativ existéiert schonns a villen Stied op der Welt;*
  - *Formatiounen ubidden wéi een sech respektvoll am Bësch verhält.*

## E nationale Klima- an Ëmweltgremium aféieren

Aktuell gëtt d'Regierung vu Gremie beroden, wou d'Ministère selwer decidéieren, wéi eng Persounen do dierfe sëtzen. Ëmwelt- a Klimaschutz gehéiert an eisen Aen iwwerall diskutéiert, op Regierungsniveau wéi och um lokale Plang bei de Leit. D'Aarbecht vum Klimabiergerrot huet gewisen, dass d'Bierger:innen a verschiddene Punkte souguer méi wäit géife goen, wéi d'Politik et aktuell mécht.

D'Piraten wëllen:

- *Déi bestoend Gremie reforméieren an dës an een nationalen «Klimagremium» opbauen, dee sech der Problematik vum Ëmwelt- a Klimaschutz zu Lëtzebuerg soll unhuelen. Dëse Conseil soll aus ëffentlechen Acteuren (Syvicol, Ministèren, CNDD), mee virun allem mat Acteure vum Terrain (Klimabiergerrot, Mouveco, engagéiert Bierger:innen) besat sinn. Domadder soll d'Klimaschutzpolitik an Zukunft méi onofhängeg an op héchstem Niveau bewäert ginn;*
- *Dass bei all Gesetzesprojet, deen d'Ëmwelt oder d'Klima betrëfft, dëst Gremium een Avis muss ofginn a sech och selwer kënnen aschalten, fir selwer Avis'en ze schreiwen.*

## Wuesstum intelligent gestalte fir méi Liewensqualitéit fir jiddereen

Zënter Jore gëtt de Wuesstem als eppes duergestallt, wat einfach esou vun uewen erof op eist Land eroffält. Dobäi ass de Wuesstem zu Lëtzebuerg politesch gewollt, hausgemaach an net an allen Hisiichte schlecht. De Wuesstem, dee politesch gewollt ass, ass virun allem quantitativ: méi Wirtschaft, méi Aarbechtsplazen an um Enn méi Steierrecette fir eise Sozialsystem um Lafen ze halen.

Zënter e puer Jore mierke mer awer, wéi sech dëse quantitative Wuesstem op d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg auswierkt. De Problem ass net de Wuesstem u sech, mee d'Ampleur an d'Richtung vum Wuesstem an, well mer dem quantitative Wuesstem fräit Feld iwwerloossen an déi negativ Konsequenzen, wéi d'Präisser um Wunnmarché, den Trafic, d'Zersiidlung vun eisem Land an den onmoossege Ressourcëverbrauch ignoréieren an net an eis Rechnungen eranhuelen.

D'Piraten sinn der Meenung, dass de Staat de Wuesstem muss lenken:

- *Mir kënnen a sollen net all Wirtschaftsaktivitéit, déi um Pabeier gutt kléngt, zu Lëtzebuerg maachen, grad wann dobäi massiv Ressource gebraucht ginn, wéi Buedem, Waasser an Energie (Beispill Jughurtsfabrick, Google-Datenzenter zu Biissen oder och den Tanktourismus). Projeten a Wirtschafts- oder Industriezonen, déi vill Fläche brauchen, sollten a gemeinsamen Approchen an der Groussregioun oder interkommunal realiséiert ginn;*
- *De Wirtschaftswuesstem muss an enger ganzheetlecher Approche gekuckt a gemooss ginn. Dofir musse Moossinstrumenter, wéi de PIB du bien-être entwéckelt an och konsequent genotzt a kommunizéiert ginn;*
- *Et geet net duer d'Bruttoinlandprodukt an d'Steierrecetten ze kucken, mee et muss een dovunner och d'Käschten ofrechnen, déi zustane kommen, well de Staat weider Investitioune muss ënnerhuelen, fir de Wuesstem um Liewen z'erhalen. Et muss dann d'Rechnung gemaach ginn, ob sech Investitiounen am Verglach mat der Aktivitéit an dem Wirtschaftswuesstem lounen;*
- *D'Nodeeler vum Wuesstem, wéi de Verkéier oder de Wunnengsbau, mussen duerch de Staat kompenséiert ginn;*
- *De Wuesstem kann duerch eng gemeinsam intelligent Wirtschafts- an Siidlungspolitik an der Groussregioun fir méi Liewensqualitéit suergen. Aarbechtsplaze sollten éischter do geschaaft ginn, wou d'Leit wunnen. Et muss een och emol op eppes verzichte kënnen.*


# ENERGIE

D'Versuergungssécherheet bei der Energie muss méi ee grousse Stellewäert kréie wéi dat bis elo de Fall ass. D'Invasioun vun der Ukrain souwéi d'Dréchente wärend dem Summer 2022, wou vill Atomkraaftwierker a Frankräich kee Stroum méi konnte produzéieren, hu gewisen, wéi schnell Energie als Waff kann agesat ginn a wéi ofhängeg d'Leit vun den Energiepräisser sinn. Mir mussen dofir esou wäit a schnell wéi méiglech vu fossillen an nuklearen Energiequelle wechkommen. Fir d'Piraten leit d'Léisung do dran, dass mer esou schnell wéi méiglech nohalteg Energien ausbauen an eng dezentral an diversifizéiert Approche beim Beschafen, Erzeugen a Verdeele vun Energie aféieren.

## Sunergy – Lëtzebuerg prett maachen fir d'Energiewenn

Lëtzebuerg produzéiert aktuell pro Joer ronn 1,3 Terrawattstonne Stroum a verbraucht ronn 6,5 Terrawattstonnen. Zu Lëtzebuerg ginn et ronn 150.000 Wunngebaier, deenen hier Diecher potenziell brauchbar wieren, fir eng Photovoltaikanlag vu 10 Kilowattpeak.

Eist Zil muss et si fir hei am Land genuch erneierbare Stroum ze produzéieren an domat laangfristeg eppes géint d'Energieaarmut, Energieonofhängegkeet a fir de Klimaschutz ze maachen an zousätzlech Aarbechtsplazen





an der Energie-Branche ze schafen. Wa mer et fäerdeg bréngen, nëmme 5% vun de bebauten a versigelte Flächen (Diecher, Parkingen, etc.) zu Lëtzebuerg mat Solarpanels ofzedecken, kéinte mer bal aacht Quadratkilometer Solarpanels opstellen. Domadder kéint een all d'Gefierer aus dem nationale Fuerpark mat Stroum versuergen. Wa mer souguer 15% vun där Fläch kéinten notzbar maachen, da kéint Lëtzebuerg eleng duerch Solarenergie energieautark ginn.

D'Piraten:

- *Wëllen ee staatlech-private Fong opsetzen, dee Solaranlagen op Privatgebaier fir 10 Joer iwwert ee Kontrakt virfinanzéiert an duerno de Proprietären iwwerléisst. Wärend deenen 10 Joer géif sech de Fong ëm all d'Käschte këmmeren, mee eben och d'Recetten aus dem Stroumverkaf kréien. No dësen 10 Joer géingen d'Anlagen an de Besëtz vum Proprietär iwwergoen;*
- *Wëlle bis 2030 op mannst een Drëttel vun den Diecher (50.000) mat Solaranlagen equipéieren an domadder 300.000 Tonne CO2 pro Joer aspueren.*

## Solaranlagen op ëffentleche Gebaier

An der Äntwert op parlamentaresch Froe krute mer erkläert, dass op nëmme 40 Gebaier beim Staat Photovoltaikanlagen installéiert sinn an 19 Gebaier Solarthermieanlagen hunn, wat un der Unzuel vun de Gebaier ongeféier 4 % vu ronn 1.500 Gebaier entsprécht.

Mir Piraten wëllen:

- *Dass de Staat sech ee Plang gëtt, fir bis 2030 all d'Diecher, déi ëm gehéieren a wou et méiglech ass, mat enger Solaranlag auszestatten. Falls d'Diecher musse renovéiert ginn, da soll dat an engems gemaach ginn!*

## Atomkraaft, nee Merci!

Nuklear Energiequellen si keng Alternativ zu fossillen Energien: Atomkraaft ass knaschteg a geféierlech fir Mënsch, Déier an Natur. Ee klengen Accident huet Konsequenzen, déi iwwer Generatiounen ewech net méi réckgängeg gemaach kënne ginn. Et ass eng onsécher an am Endeffekt och eng Deier form, fir Energie hierzestellen. Atommeileren z'ënnerhalen an no hirer Liewenszäit ofzemontéiere kascht d'Steierzueler:innen richteg vill Geld, wärend d'Betriber mat Subventi-

oune Milliounen u Profitter maachen. Bei Dréchente besteet iwwerdeems de Risiko, dass och Atomkraaftwierker keng Energie méi produzéieren (siehe Frankräich am Summer 2022)

D'Piraten:

- *setzen sech hei zu Lëtzebuerg a weltwäit fir ee Stop vun der Atomkraaft an.*

## Nei Weeër bei der Energieproduktioun goen

All Energiequell, déi nohalteg an illimitéiert ka genotzt ginn, wéi zum Beispill de Wand, d'Sonn oder d'Waasser, ass eng positiv Energiequell. Laangfristeg profitéiere mer vun dësen Energien, well se onendlech kënne genotzt ginn an ouni iergendwellech Offallprodukter an eiser Ëmwelt ze hannerloossen.

D'Piraten sinn oppen:

- *Fir all nohaltëg Energiequell ze notzen, fir d'Energieproduktioun esou effikass wéi méiglech ze maachen;*
- *Nieft klassesche Wandrieder och Energie aus Wand hierstellen, andeems d'Gemengen op vill befuerene Stroossen méi kleng Wandhelixen opstellen oder vertikal Wandenergieanlagen opstellen (Satonius-Rotoren). Dës vertikal Wandanlage kënnen ouni Rotorblieder Stroum hierstellen an eegnen sech super fir an de Stied Energie hierzestellen;*
- *Fir d'Geothermie, also d'Gewënnung vu Wäermt aus méi déiwe Buedemschichten;*
- *Och op d'Kanéil vun de Kläranlagen zeréckgräifen, wann den Debit hei grouss genuch ass.*

## Infrastrukturen an ëffentlecher Hand

Grondleeënd Infrastrukturen a Servicer, wéi zum Beispill d'Réier fir Drénkwaasser, Ofwaasser a Reewaasser, Leitunge fir d'Elektresch, Telekommunikatioun a Fernwärme, d'Stroossen- an d'Schinnenetz an d'Gestioun vum Offall a Recycling wäerte mat de Piraten net privatiséiert ginn, mee an der Hand vum Staat, de Gemengen oder de Gemengesyndikater bleiwen. Domadder gëtt garantéiert, dass d'Infrastrukture laangfristeg dem ëffentlechen Interessi déngen.

## Lëtzebuerg un d'HGÜ-Netz ubannen

Lëtzebuerg importéiert aktuell ee Groussdeel vu sengem Stroum aus dem Ausland an dat wäert mëttelfris-

teg net änneren, ausser mir bréngen et duerch de massiven Ausbau vun den erneierbaren Energien fäerdeg, fir selwer energieautark ze ginn. Fir erneierbare Stroum aus de verschiddensten Energiequellen heihinner ze kréien, brauche mir Héichspannungsgläichstroumiwwerdroungs-Leitungen (kuerz HGÜ). Dës Leitungen géifen eis erlaben déi néideg Netzstabilitéit z'erreechen duerch d'Ubanne vu Produktiouns- a Späichercapacitéiten, déi méi wäit vu Lëtzebuerg ewech sinn. Donieft ass d'Capacitéit vu Leitunge méi héich, sou dass als Nieweneffekt bestoend Trasse benotzt a keng weider Trasse musse geluecht ginn.

D'Piraten wëllen:

- *Eng redundant Ubannung vu Lëtzebuerg un existéierend an zukünfteg HGÜ-Netzer.*

### Aféierung vum "Smart Grid"

Fir d'Notzung vun eisem Stroum intelligent ze lenken a fir all d'Méiglechkeete vu Spuerpotenzialer a Synergien ze notzen, ass et sënnvoll, fir sougenannte Smart Grids, also intelligent Stroumnetzer, anzeféieren. Duerch Smart Grids kann ee Stroumnetz sech u sech selwer reguléieren an optimiséieren. Wann d'Leit an enger Residence hier Elektroautoen all ugeschloss hunn, kann de Reseau kucken, wéi en d'Energie verdeelt. D'Netz rechent aus, ob et méi Sënn mécht, fir dee Moment Stroum aus der Solaranlag ze huele fir den Auto ze lueden oder fir en um Marché ze verkafen. Och ëmgedréint kéint de Stroum aus der Autosbatterie genotzt ginn, fir zum Beispill den Uewen oder d'Heizung am Appartement ze fidderen: der Notzung sinn u sech ab deem Moment keng Grenze méi gesat.

D'Piraten:

- *Wäerten d'Aféierung vun intelligente Stroumnetzer ënnerstëtzen;*
- *Wäerten oppassen, dass d'Datespuersamkeet an Datesécherheet beim Asaz vun engem "Smart Grid" am Mëttelpunkt steet an persounen- an haushaltsbezunnen Energiedonnéeë net einfach esou kënne gesammelt ginn.*

## Noutfallpläng fir all kritesch Infrastrukturen

De Krich an der Ukrain souwéi d'Dréchenten am Summer 2022 hu gewisen, dass mer zu all Moment musse prett sinn, fir eis Energieversuergung ze garantéieren. Déi dofir reservéiert Fonge mussen esou wäit wéi noutwenneg erhéicht gi fir d'Infrastruktur vum Land ze stäerken an d'Konsequenze vun engem Ausfall op Mënsch a Wirtschaft ze limitéieren.

Fir d'Piraten ass kloer:

- *De Staat muss zesumme mat de Firmen, déi kritesch Infrastrukture bedreiwen, Noutfallpläng bereet hunn. Dës Pläng mussen all méiglech Zenarie beinhalten, vun Naturkatastrophen, Klimakonsequenzen oder Attentater;*
- *An den zoustännege Ministèren an Organisatioune muss eng Abteilung sech nëmmen ëm déi secherheetstechnesch Rechner an netzrelevant Aspekter vun der Energie-Infrastruktur an hiren Acteure këmmeren;*
- *Et mussen all Joer Stresstester fir all systemrelevant Soft- an Hardware ginn, sou wéi den Noweis erbruecht ginn;*
- *Dass eng funktionéierend Kaltstartméiglechkeet zur Verfügung steet.*

## Méi Luetstatiounen fir E-Autoen

Aktuell sinn d'ëffentlech Luetstatiounen (Chargy) nëmme begrenzt verfügbar. Op ville Plazen hei am Land ginn d'Kapazitéite vum Netz net duer, fir méi Luetstatiounen an de Stroossen opzebauen, ob privat oder ëffentlech. Lëtzebuerg huet och jorelaang vum Tanktourismus

profitéiert, ouni, dass dovunner ee Su an d'Nohaltegkeet vun eisem Tankstellennetz gaangen ass. Nëmme mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit.

D'Piraten wëllen:

- *Dass d'Stroumleitungen a Ballungsgebidder opgerëscht ginn, fir flächendeckend ëffentlech a privat Luetstatioune kënnen opzestellen;*
- *Dass do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, eng separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) d'Luetstatioune fiddere sollen;*
- *Dass d'ëffentlech Parkplaze fir d'Elektroautoen haaptsächlech fir d'Luede genotzt ginn an net fir den Auto 24/7 gratis ze parken;*

- *Dass bis 2028 op all Tankstell hei am Land mindestens eng Schnellluetstatioun muss gebaut ginn.*

## Lëtzebuerg zu engem Wirtschaftsstanduert fir Climatetech maachen

Mir Pirate wëlle kleng Servicer wéi eis Handwierksbetriber stäerken an och de Secteur Climatetech encouragéieren op Lëtzebuerg ze kommen. Ënnert Climatetech falen zum Beispill Solaranlagen an allen Formen, (Mikro)Wandrieder a Carbon Capture.

Domat erwëscht een zwou Mécke mat enger Klapp wëll een eng Léisung fir d'Klimakris weiderdreift an nohalteg Aarbechtsplaze schaaft. Fir Solaranlagen ze bauen, brauche mir qualifizéiert Handwierker. Mir ginn dovun aus, dass fir den Bau vu Solaranlagen duerch eise Programm Sunergy ronn 400 zousätzlech Aarbechter:innen gebraucht wäerte ginn. Een Deel vun dëse Leit mussen natierlech duerch fir de Bau vu Solaranlage geschoult ginn.

Dofir sti mir Pirate fir ee klimafrëndleche Wirtschaftsstanduert deen:

- *Laangfristeg Aarbechtsplaze schaaft a séchert;*
- *Op eis Stäerkten als Finanzstanduert baut;*
- *Eis zum Virreider mécht wat klimafrëndlech Technologien ugeet;*
- *Eis Handwierksbetriber stäerkt.*

## Carbon Capture (E-fuels)

An de leschte Joren hu verschidden Etüden erausfonnt, dass d'Reduktioun vun de CO2-Emissiounen eleng net méi duer geet, fir eist Klimazil vu maximal 1,5 Grad Äerderwiermung z'erreechen. Parallel zur Reduktioun vun den Zäregaser mussen also och Ustrengungen ënnerholl ginn, fir de bestoende CO2, deen elo schonn an der Atmosphär ass, eraus ze kréien. Mir schwätzen heibäi vum Carbon Capture oder negativen Emissiounstechnologien.

Beim Carbon Capture geet et dorëm, fir de CO2 aus der Loft eraus ze filteren an an anere Forme fest ze setzen, wou en dann net méi zur Äerderwiermung bäidréit. Da kann ënnert verschiddene Forme sinn: a Steeschichten oder a Baumaterialie wéi dem Bëtong. Et existéiert och d'Méiglech-

keet fir d'Hierstellung vun E-fuels. Dës Dreifstoffer sinn op mannst CO2-neutral an eegnen sech, fir den Undeel vu fossillen Dreifstoffer kuerz- a mëttelfristeg nach ee Mol ze reduzéieren.

D'Piraten:

- *Hunn an der Chamber eng Gesetzespropose deposéiert, an där et dorëms geet, fir negativ Emissiounstechnologien (Carbon Capture) op der ganzer Welt ze färderen;*
- *Sinn oppen, fir dass syntheetesch Dreifstoffer (E-fuels) an deene Beräicher genotzt ginn, wou se Sënn maachen (Schëffer, Fligeren, etc.).*

## Intelligent Beliichtung & LED Luuchten

Zënter der Entdeckung vum Feier an duerno der Erfannung vun der Glübieren si mir Mënsche Meeschter doriwwer, wéini et hell soll sinn a wéini et donkel ass. Dat war vun der Natur natierlech net esou beofsichtegt. An haut wësse mer, dank der Fuerschung aus der Medizin a Psychologie, dass d'kënstlech Luucht d'Auswierkungen op d'Gesondheet vu Mënsch, Déier an Ëmwelt huet.

Et muss net all Plaz permanent beliicht ginn. Kënstlech Luucht muss virun allem op deene Platze sinn, wou et Sënn mécht, wéi zum Beispill op Aarbechtsplazen, op vill befuerene Kräizungen oder iwwer Zebrasträifen. Do wou d'Luucht net permanent gebraucht gëtt, kënne mer Suen aspueren.

D'Piraten wëllen eng intelligent Beliichtung:

- *Duerch d'Opstelle vu Beweegungsmelderen, déi maachen, dass d'Luucht nëmmen ugeet, wann och eng Persoun op der Strooss ass;*
- *Duerch d'Ëmstelle vun der staatlecher a kommunaler Beliichtung op LED-Luuchten.*

## Renovatiounen fir jidderee bezuelbar maachen

Mir sinn an enger Klimakris an d'Wunnenge maachen ee groussen Deel vum Energiekonsum an de CO2-Emissiounen hei am Land aus. Duerch d'Hëtze vun eisen Haiser mat fossillen Energië stousse mer all zesummen eng riseg Quantitéit un Zäregaser (dorënner CO2) aus. Wa Wunnenge besser isoléiert sinn, brauch ee manner Energie fir iwwert déi kal Joreszäiten ze kommen. Dofir ass et wichteg a richteg, déi Leit z'ënnerstëtzen, déi hier Wunnengen energeetesch sanéiere wëllen.

Wann d'Haiser besser isoléiert an energieeffizient sinn, spuert eist Land op laang Zäit Ressourcen a mer verbrauche manner Energie. Dat kënnt zu gudder Lescht de Leit, hirem Portmonni an der ganzer Gesellschaft zegutt. Mir belounen a motivéieren d'Leit also, fir energieperfomant ze ginn.


Wann een seng Wunneng renovéiert, kann ee vum niddregsten TVA-Taux vu just 3% profitéieren an domadder bis zu 50.000€ vun der bezueltener TVA zeréckkréien. Ee Beispill: bei enger Rechnung vun 100.000€, misst ee bei 17% TVA 17.000€ dropbezuelen. Duerch déi bëlleg TVA vun 3% leet een awer nëmmen 3.000€ bei. De Staat schenkt engem an dësem Fall also 14.000€. An deem Fall huet ee 14.000€ vu senge 50.000€ opgebraucht.

Déi aktuell Hëllefe ginn nach net wäit genuch, well déi meescht Leit nach ëmmer ee Prêt mussen ophuelen, fir sech d'Renovatioun leeschten ze kënnen. Vill Stéit, déi an de leschte Joren eng Wunneng hei kaf hunn, sinn awer mat hiren Ausgabe fir de Hypothéikenprêt hanne widder. Mir mussen awer elo d'Energiewend ugoen.

D'Piraten setzen sech dofir an, dass jiddereen seng Wunneng ka renovéieren:

- *Bëlleg TVA bei Renovatiounen ouni Limitten pro Wunnunitéit;*
- *Méi einfach Prêten fir Renovatiounen oder dem Abau vu Wärmepompelen ze maachen. De Staat soll hei, wéi bei de Studenteprêten, als Garant bis 50.000€ matasprangen an och d'Zënsen fir dësen Deel iwwerhuelen;*
- *De Leit op enger Plattform ganz einfach erklären, wat si un Hëllefen zegutt hunn.*

# EUROPA & GROUSSREGIO



**Méi Groussregioun = besser Liewensqualitéit fir jiddereen**

Lëtzebuerg lieft Europa all Dag an der Groussregioun. All Dag kommen däitsch, franséisch a belsch Noperen eriwwer schaffen. Vill Lëtzebuerger:innen hunn an der Groussregioun ausserhalb vun de Grenzen eng nei Heemecht fonnt oder ginn d'Weekender op Tréier, Metz, Nancy, Namur oder Bastogne. Vill Studenten zitt et an d'Nopeschstied ronderëm Lëtzebuerg.

Europa a Schengen ginn an der Groussregioun gelieft. D'Piraten wëllen sech dofir asetzen, dass d'Liewensqualitéit an der ganzer Groussregioun besser gëtt, andeems méi zesummegeschafft gëtt, méi gemeinsam Projete gestart ginn. Et geet net duer, fir nëmme Suen an den Transportberäich z'investéiere fir Zich ze kafen, Quaien ze verlängeren a Parc & Riden z'amenagéieren. All d'Awunner:in soll méi vun den ëffentlechen Infrastrukturen an de véier Länner kënne profitéieren, ob bei der Santé, beim Transport, bei der Police a bei der Kultur.

D'Piraten setzen fir eng staark Groussregioun an:

- Fir méi Méiglechkeeten op Home Office fir Grenzgänger, wat der Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg zegutt kënnt,

# OUN



well eist Stroossennetz da manner belaascht gëtt;

- Mam Opstelle vun engem grossregionale Fong fir gemeinsam Projeten am Grenzgebitt, deen d'Liewensqualitéit op béide Säite vun der Grenz verbessere soll an dee kloer Krittären fir eng gemeinsam territorial Approche virgëtt;
- Mat der Aféierung vun der Rétrocession fiscale nom Modell, wéi en zënter 50 Joren tëschent der Schwäiz a Frankräich gemaach gëtt oder wéi Lëtzebuerg en aktuell mam Fonds Reynders an der Belsch mécht;
- Fir méi Investitiounen an d'Sécherheet an den Opbau vun enger eenheetlecher Strategie fir d'Kriminalitéitsbekämpfung an der ganzer Grenzregioun
- Eng besser Notzung vun de medezineschen Infrastrukturen a Personal an der ganzer Groussregioun;
- Fir méi gemeinsam Projeten fir d'Awunner vun der Groussregioun, ob am kulturelle Beräich, bei den Infrastrukturen oder och am Beräich vum Wunnengsbau.

## Méi Demokratie fir d'EU-Institutiounen

Mir Piraten sinn a bléiwe Pro-EU. Mee mir sinn der Meenung, dass d'europäesch Institutioune musse méi demokratesch an transparent ginn. Am aktuellen EU-Gesetzgebungsprozess dominéiert d'EU-Kommissioun op Käschte vum europäesche Parlament d'Legislativen.

Mir Piraten wëllen:

- *Eng Ännerung vun der Muechtverdeelung an den europäeschen Institutiounen erreechen, déi d'Legislativ begënschtegt an dem EU-Parlament méi Muecht gëtt;*
- *Eng EU déi zu gemeinsame Wäerter steet. Dofir ass an eisen Aen een Rechtsstaatlechkeetsmechanismus onerlässlech. Ee Land ewéi Ungarn, wat sech net méi un d'EU Wäerter hält an Decisiounen op EU Niveau blockéiert, dierf keen Geld méi aus EU-Fonge kréien. Ee Land, wat Minoritéiten ënnerdréckt an d'Gewaltentrennung net respektéiert, dierf keen Geld vun der EU méi kréien.*

Dofir fuedere mir Piraten, dass:

- *D'EU-Kommissiounspresident:in muss direkt an den Europawalen gewielt ginn;*
- *D'EU-Parlament muss och endlech déi voll Muechte vun engem Parlament kréien. Dozou gehéiert d'Initiativrecht fir Gesetzesproposë kënnen ze depo-*

*séieren an d'Recht iwwert den EU-Budget z'entscheeden;*

- *D'Bierger:inne mussen iwwert de Wee vun thematesche Referenden méi agebonne ginn;*
- *D'Konsultatiounen déi d'Kommissioun haut mëscht, erreschen leider wéineg Bierger:innen a méi Interressevertrieder;*
- *D'Leit sollen esou wäit wéi méiglech duerch digital Moyenen an den Alldag vun den EU Institutiounen agebonne ginn;*
- *Een komplett Transparenzregster fir all Treffen vun all Europa Deputéierten, EU-Kommissär:innen an hire Mataarbechter:innen.*

## Stäerkung vum Matsproocherecht vun de Bierger:innen

D'Konferenz fir d'Zukunft vun Europa war een éischten a wichtegen Exercice, dee gewisen huet, dass ee kann d'Bierger:innen an Entscheedungen op EU-Niveau matabezéien. D'Bieger:innen hunn kloer Proposen ausgeschafft a sinn zefridden aus dem Exercice eraus gaangen. Elo läit et awer un de Memberstaaten, fir d'Recommandatioune vun der Konferenz ëmzesetzen, respektiv de Leit verständlech ze kommunizéiere firwat net, an déi nächst Biegerbedeelegungsprojeten ze lancéieren.

Och suergt een Abanne vun de Leit dofir, dass d'Politikverdrossenheet an d'Anti-EU Stëmmung an den eenzele Länner net weider klëmmt. Hei gëllt et generell méi a méi liicht verständlech ze kommunizéieren, wat d'EU alles fir d'Bierger:inne mécht.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Ee konstanten Austausch tëscht de Bierger:innen an de Responsabelen an den EU Institutiounen;*
- *Een zentralen Tool, wou d'Bierger:inne kënnen hir Meenungen ausdrécken a Gehéier fannen;*
- *Méi liicht verständlech Kommunikatioun vun den EU-Institutiounen;*
- *Bei besonnesch wichtegen Themen soll d'EU-Parlament kënnen decidéieren een EU-wäite Referendum ofzehalen, wou all d'EU-Bierger·inne kënne matmaachen.*

## Géint Rietsextremismus a Faschismus

Déi nationalistesch Stréimungen an Denkbeweegungen an Europa sinn an de leschte Joren ëmmer méi präsent ginn. Europawäit sinn an deene lesch-

te Joren ëmmer méi riets Politiker:innen a Parlamenter gewielt ginn, mat schwéiere Konsequenze fir d'Zesummenaarbecht an den Zesummenhalt vun der Europäescher Unioun. Mer sinn der Iwwerzeegung, dass et kloer Alternative gëtt zu Iddien, déi op engem Gesellschaftsbild opbauen, dat vun Angscht, Haass a Verzweiwlung definéiert ass.

Et ass un eis, d'Stëmm ze erhiewen an de Mënschen an Europa ze weisen, dass et Alternativen zum Rietspopulismus ginn. Dofir schwätze mir Pirateparteien a ganz Europa eis kloer géint all Form vun Haass an Angschtmaacherei aus. Mer Pirate sinn iwwerzeegt, dass all Mënsch d'Recht huet fair a gläich behandelt ze ginn.

Mer sti fir een Europa, an deem all Mënsch seng Chancë soll kréien, egal wéi eng Hautfaarf, Nationalitéit oder Relioun en huet. Eis Gesellschaft huet d'Rechter vu Minoritéiten ze respektéieren. Mer wäerten eis dofir all Form vun Diskriminéierung widdersetzen an eis Gruppéierungen entgéintstellen, déi d'Mënscherechter ugräifen.

## LGBTIQ*-Rechter an Europa stäerken

Diversitéit ass ee vun den zentrale Wäerter vun der Europäescher Unioun. Fräiheet a Gläichbehandlung sollt fir jidder eenzelen, onofhängeg vu Glawen, Relioun oder Weltuschauung, garantéiert sinn. An den Ae vun der Piratepartei sinn ëmmer méi Länner an der Europäescher Unioun um richtege Wee. Sou ass zum Beispill d'Reform vum Bestietnis a groussen Deeler vun der EU schonns Realitéit. Aner Länner, wéi Ungarn, beweegen sech leider an déi komplett falsch Richtung. Gesetzer, déi sexuell Opklärung oder Duerstellung vun der LGBTIQ*-Gemeinschaft begrenzen oder verbidde si fir eis net z'acceptéieren.

Fir d'Piratepartei:

- *mussen d'LGBTIQ-Koppelen an engem Bestietnis oder engem Partenariat déi selwecht Rechter hunn, wéi aner Koppelen. Dës sollen dann och an alle Länner vun der EU unerkannt ginn.*

## Nohaltëgkeet als Pilier vum europäesche Semester

D'EU-Kommissioun muss bei hiren Evaluatiounen, déi se de Memberstaaten all sechs Méint zoukomme léisst, net nëmmen op traditionell wirtschaftlech Facteure kucken, mee d'Memberstaaten nach méi staark dozou animéieren an eng gréng an digital Zukunft z'investéieren. Donieft mussen och d'Bierger:innen méi

an dëse Prozess agebonne ginn, an d'Prioritéiten an d'Ziler vun der EU kënne matbestëmmen.

### Ausbau vun zentralen wirtschaftlechen Sekteuren an der EU

D'Covid-19 Pandemie huet eis gewisen, wéi ofhängeg Europa vu China an anere Länner ass, wann et ëm Masken, Medezin an Impfstoffer geet. Mee net nëmmen do huet Europa eng Ofhängegkeet par Rapport zu totalitären an autoritäre Regimmer geschafft, déi gestoppt muss ginn. Stéchwuert Photovoltaikanlagen, Cybersécherheet, Robotik a 5G.

D'EU muss an zentrale Secteuren, wéi der Gesondheet, der Digitalisatioun an den erneierbaren Energië méi selbststänneg ginn. Esou ass fir eis Piraten zum Beispill den „European Chips Act" ee Schrëtt an déi richteg Richtung. Virun allem kleng Betriber a Start-Ups déi néi Weeër virweisen, sollen hei duerch Programmer wéi InvestEU ënnerstëtzt ginn.

D'EU Institutioune spillen eng Kär Roll, fir dës Projeten z'ënnerstëtzen an dofir ze suergen, dass et zu enger fairer Verdeelung vu Produite kënnt am Fall vun enger Kris, zum Beispill am Fall vun enger Pandemie. Diversifizéierung vu Liwwerketten ass hei fundamental wichteg.

### Ausbau vum europäesche Schinnen- a Busnetz

Et ginn nach ze oft bilateral Initiativen tëscht Länner amplaz een EU-wäiten an eenheetleche Plang fir d'Zukunft vun der Schinn. Ee Beispill heifir ass d'Netz vun den Nuetszich duerch Europa, wou Lëtzebuerg ausgegrenzt bléift. Gutt Zuchstrecken a Busstrecken iwwert d'Lëtzebuerger Grenze sinn awer och fir d'Frontaliere vun immenser Wichtegkeet. Et ass am Interêt vun dem Standuert Lëtzebuerg, dass d'Leit déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, méi einfach, méi séier a méi bëlleg kënnen eran an eraus. Doduerch kréien d'Leit wichteg Zäit erëm déi se kënne mat hirer Famill an hire Kolleeg:inne verbréngen.

- *Den Ausbau vum ëffentleche Schinnenetz, fir den Transport vu Waren a Mënsche muss besser op EU-Niveau koordinéiert ginn.*

### EU-Handelsofkommes

Mir Piraten hunn eis géint Fräihandelsaccorden, wéi TTIP, Mercosur an CETA ausgeschwat, wëll mir Sozial- an Ëmweltdumping wëlle verhënneren an eis lokal Produktiounen an der Landwirtschaft souwéi an anere Beräicher wëlle schützen.

- *EU-Fräihandelsofkommes mat anere Länner sollen an den Ae vun eis Piraten just nach mat Demokratien ofgeschloss ginn.*
- *All Handelsofkommes muss och ënnert der Konditioun entstoen, dass d'Paräisser Klimaofkommes respektéiert an ëmgesat gëtt.*

## Fräi Beweegung am Schengeraum

D'Iddi vun Europa ass, dass mir als europäesch Bevëlkerung zesumme schaffen a liewen, mam Zil, dass jiddwer Land vun dem ganze Gefüge profitéiert. Europa kann nëmmen effektiv

weiderbestoen, wa mer d'Prinzippie vum Schengener Vertrag (Freizügegkeet an Europa) ënnerstëtzen. Covid-19 huet eis gewisen, wéi wichteg et ass, dass d'Grenzen op bleiwen.

EU-Bierger:innen, déi decidéieren hiert Land ze verloossen, fir sech an engem anerem EU-Land nidderzeloossen, si keng Exceptioun méi. Lëtzebuerg ass scho laang d'Heemescht vu villen EU-Bierger:innen a bleift och haut nach ee Wonschland vu ville Mënschen. An een neit Land wunnen ze goen, ass awer och eng Aventure, déi vill Aarbecht a Kraaft vun de jeeweilege Persoune fuerdert.

All Kéiers, wou een an een anert EU-Land plënnert, stéisst een op onnéideg Hindernisser: d'Versécherung kann net matgeholl ginn, Steckere fir elektronesch Geräter mussen ugepasst ginn, Autoemussen nach eemol duerch e Contrôle Technique, Diplomer gi net unerkannt oder d'Pensioune mussen nei berechent ginn.

Dofir wëlle mir Piraten:

- *Kloer Kaderen an Zäitfënsteren, en deenen ee Land seng Grenzen dierf zoumaachen an de Schengener Vertrag dierf aussetzen;*
- *Een europäeschen Aktiounsplang fir d'Plënneren oder d'Studéiere vun engem EU-Land an dat anert méi einfach ze gestalten.*

## Géint illegal Pushbacks

An deene leschte Jore goufen et vill Meldunge vun illegale Praktiken op de EU-Baussegrenzen, déi Mënschen, déi bei eis Asyl ufroe wëllen, sollen ausbremsen. Dës Praktiken, wéi zum Beispill d'Zéie vu Booter zréck an Net-EU-Gewässer, sinn illegal an der EU net würdeg. Recherche vu Journalisten hunn bewisen, dass Frontex a verschidden national Grenzbeamten dës Mënsche probéieren erëm aus der EU raus ze drängen an hei deelweis och Gewalt ugewannt gëtt. Esou zum Beispill bei de Schallwaffen, déi d'grii-

chesch Beamten asetzen, an déi kënnen zu schwéiere Schied um Geheier féieren.

Dofir froe mir Piraten:

- *D'Pushback-Praktiken direkt op een Enn ze bréngen;*
- *Ermëttlungen an deene Fäll ze lancéieren;*
- *D'Benotzung vun Apparater wéi Tounwaffe géint Zivilisten ze verbidden.*

## Déi russesch Invasioun vun der Ukrain stoppen

Et ass erëm Krich um europäesche Kontinent, e Krich, dee mir als Matbierger:inne vun der EU esou net méi kannt hunn. D'Ukrain kämpft fir hir Fräiheet wärend Russland probéiert d'Land dem Äerdbuedem gläich ze maachen. Mir Piraten ënnerstëtzen d'Ukrain vun Ufank un an hire Beméiungen, fir déi russesch Besatzer zréckzedrängen. An der Chamber hu mir all d'Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Ukrain matgedroen a mir wäerten dat och weiderhi maachen. Mir Piraten si fir d'Ënnerstëtzung vu Waffen déi net riskéieren de Konflikt eskaléieren ze loossen. Dat bedeit, dass mir géint d'Schécke vu lëtzebuerger Zaldoten, Nuklearwaffen, Laangstreckerakéiten, Minnen, Brandbommen an all anere Waffen déi géint international Traitéë verstousse, sinn. De Krich dierf net duerch esou Waffen eskaléieren. Am Fall wou et sollt zu Friddensverhandlunge kommen, wëlle mir Sécherungen (zum Beispill Blo Helmer) an der Ukrain opstellen, fir sécher ze stellen, dass de Fridde vun Dauer ass. D'Ukrain brauch och nom Krich Partner an der Défense.

De Krich huet an enger éischter Instanz zu enormer Solidaritéit a ganz Europa gefouert elo geet et drëms de Momentum ze erhalen an och weider als europäesch Länner zesumme géint Russland anzestoen.

Och Lëtzebuerg gouf duerch dëse Krich virun Erausfuerderunge gestallt. Vill Mënschen hunn hire Wee an eis d'Land fonnt op der Sich no Sécherheet. Mir Piraten stinn och weiderhin dofir an, dass dës Leit bei eis opgeholl ginn, egal op aus der Ukrain oder anere Länner wéi Afghanistan, an hei anstänneg behandelt ginn.

Russland ass awer net deen eenzegen Acteur deen eis muss Suerge bereeden. China huet sech ni kloer géint Russland gestallt, säit dem Ufank vum Krich. China respektéiert weder d'Sanktioune géint Russland nach déi géint Nordkorea richteg. Si behuelen sech ëmmer méi aggressiv par Rapport zu hirem Noper Taiwan, wou

reegelméisseg Chineesesch Fligeren onerlaabt den Taiwanesche Loftraum betrieden. D'UN huet an engem Rapport kloer konnte beweisen, dass d'Bevëlkerung vun den Uiguren a China systematesch agespaart a versklaavt gëtt. Mat esou engem China kann Europa net weider fuere wei virdrun. Mir mussen onofhängeg vun hinne ginn an zentrale Secteure wéi der Chipindustrie, der Medikamenten a Masken-hierstellung oder der Hierstellung vu Solarpanneauen.

D'Piraten sinn a bléiwen eng Partei, déi sech fir de Fridden asetzt. Fir eis awer kloer, dass ee Land sech am Fall vun engem Ugrëff muss verdeedege kënnen.

## Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden

D'Piratepartei wëll sech dofir asetzen eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsarméi opzestellen. Dës Arméi soll gemeinsam Besoinen definéieren, Sécherheetsanalyse koordinéieren an a Beräicher, wéi dem gemeinsamen Akaf, der Maintenance vun Ausrüstung an der Ausbildung vu Rekrutten, zesummeschaffen. D'Piraten setzen sech fir méi Kooperatioun an allen Domainë vun der Defense an, ausgeholl d'Nuklearwaffen. Eng Europäesch Arméi géif sech aus engem EU-Fong finanzéieren, an deen all d'Memberstaaten abezuelen. D'Europäesch Kommissioun soll d'Weisungsbefugnis kréien, Asätz wieren awer nëmmen duerch en demokratescht Legitiméieren duerch d'Europäescht Parlament méiglech.

Dofir wëllen d'Piraten sech asetze fir:

- *Eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsarméi opzestellen. Dës Arméi soll gemeinsam Besoinen definéieren, Sécherheetsanalyse koordinéieren an a Beräicher – wéi dem gemeinsamen Akaf an der Maintenance vun Ausrüstung an der Ausbildung vu Rekrutte – zesummeschaffen.*

# FAMILLJE-POLITIK



Famill: dat sinn déi Mënschen, déi engem nostinn, déi a gudden ewéi a schlechten Zäite fir een do sinn an op déi een sech am Eeschtfall ëmmer verloosse kann. Et sinn déi Mënschen, fir déi een alles a Beweegung setzt, fir se frou ze maachen. Famill gëtt Gebuergenheet a Sécherheet. D'Piratepartei steet fir eng modern Familljepolitik, déi um Prinzip vun der fräier Selbstbestëmmung vum perséinleche Liewe berout an der Villfalt vun de Liewensstiler gerecht gëtt, grad bei der geschlechtlecher a sexueller Identitéit. All Familljemember muss fräi kënnen entscheeden, wéi e mat senge Léifsten zesummeliewe wëll. All Form vum Zesummeliewe muss respektéiert ginn, wann se um géigesäitegen Averständnes an dem Respekt vun de betraffene Persoune berout.

### De Chèque-service d'accueil un d'Elteren ausbezuelen

Deen aktuelle Modell vun de Betreiungsstrukturen (Crèchen, Maisons relaisen, asw.) bitt den Elteren an de Kanner keng zefriddestellend Léisung. Ganz am Géigendeel, d'Eltere kréien de Choix ewechgeholl, well si et sech net leeschte kënnen, fir hir Kanner selwer z'erzéien.

Wien sech selwer ëm d'Erzéiung vu senge Kanner këmmere wëll, dee muss ee Kompromëss maachen: entweder Suen oder Zäit fir seng Kanner. Wien sech fir d'Suen



entscheet, entscheet sech fir méi Aarbechtszäit a setzt säi Kand an eng Crèche. D'Crèche gëtt zum gréissten Deel vum Staat bezuelt iwwert de Chèque-service d'accueil (CSA). Wien seng Kanner awer selwer versuerge wëll an net an eng Crèche schéckt, dee kritt guer näischt. Wéinst den héije Liewenskäschten zu Lëtzebuerg ass d'Decisioun do schnell gemaach, well een ouni zweet fest Akommes finanziell net iwwert d'Ronne kënnt. D'Eltere ginn also finanziell gezwongen, fir hir Kanner an eng Betreiungsstruktur ze schécken.

D'Piraten fuerderen ee fräie Choix bei de Kannererzéiung duerch:

- *d'Aféiere vum bore Chèque-service d'Accueil: mir wëllen, dass een Deel vum Chèques-service d'acceuil direkt un d'Eltere soll ausbezuelt ginn, wann si hiert Kand net Vollzäit an eng Crèche schécken. D'Ausbezuelung soll nom Akommes vun der Famill gestaffelt sinn, genau esou ewéi dat elo scho beim CSA de Fall ass. Dat géif och deene Familljen zegutt kommen, déi hir Kanner net kënnen an eng Crèche oder Maison relais schécken, well keng Plaze méi fräi sinn.*

### Méi Flexibilitéit bei der Kannerbetreiung aféieren

Crèchen, d'Maison Relais'en an och „Mini-Crèchen" sinn oft onflexibel fir ausserhalb vun de reguläären Aarbechtszäiten op ee Kand opzepassen. Oft rechne Crèchen d'Stonnen och am Forfait of an net pro genotzte Stonn, soudass dëse Modell net déi néideg Flexibilitéit fir verschidde Liewenssituatioune bitt. Wann Elteren onreegelméisseg Aarbechtszäiten hunn oder am Noutfall eng Persoun brauchen, fir op hiert Kand opzepassen, brauchen se aner Betreiungsméiglechkeeten.

Dagesmammen a privat Strukturen hunn do de Virdeel, dass d'Kanner an enger familiärer Ëmgéigend betreit kënne ginn an d'Auerzäite méi flexibel kënne gestallt ginn. An hirem Beruff kënnen se och profitéieren, dass se gläichzäiteg hir eege Kanner betreien an erzéie kënnen.

D'Piraten wëllen:

- *D'Aktivitéit vun der Dagesmamm besser ënnerstëtzen an et den Dagesmammen (a -pappen) méi einfach maachen, fir hir Aktivitéit ouni vill Paperasse kënnen ze maachen;*

- *Op mannst eng staatlech Crèche an all Kanton hunn, déi exklusiv fir Leit reservéiert ass, déi irregulär Aarbechts-zäiten oder Schichte schaffen (Police, CGDIS, Douane, Commerce, etc.);*

- *D'Méiglechkeet mat de Gemengen aféieren, fir sougenannt „Pausen-Crèchen" anzeféieren. Dat si Plazen, wou Elteren hir Kanner e puer Stonne kënnen a Sécherheet loossen, wann si op ee wichtege Rendezvous musse goen oder am Noutfall keng Persoun bei Hand hunn, fir hiert Kand bei enger Vertrauenspersoun ze loossen. Dës Crèche kënnen och hëllefen, fir ee „burn-out parental" virzebeugen.*

## Congé parental ausbauen

De Congé parental ass eng gutt Moossnam, déi den Eltere méi Zäit a Flexibilitéit fir d'Organisatioun vun hirem Familljeliewe gëtt. Allerdéngs: wat nëtzt et engem Elterendeel, ee Mol am Liewe kënnen op sechs Méint Congé parental zeréckzegräifen, wann een op mannst weider 10 Joer den Alldagsstress vun Aarbecht, Kanner-betreiung mat senger Zäit jongléiere muss? Niewebäi ass am Gesetz geschriwwen, dass en Elterendeel am Fall vum Doud vun engem Kand wärend dem Congé parental maximal e Mount Zäit huet, fir nees schaffen ze goen, wat fir eis net akzeptabel ass.

Mir Piraten:

- *Ënnerstëtzen den aktuelle Congé parental a wäerten eis dofir asetzen, fir den aktuelle System auszebauen an ze verbesseren, andeems, d'Eltere méi Congésdeeg kréien an och méi Urechter, fir de Congé an Deelzäit kënnen ze huelen;*

- *Wäerten eis dofir asetzen, dass am tragesche Fall vum Doud vun engem Kand d'Eltere kënne weider doheem bléiwen, bis de Congé parental eriwwer ass, fir sécherzestellen, dass d'Elteren Zäit hunn de Verloscht ze verschaffen;*

- *Proposéieren, fir de Congé, deen ee Partner bei der Gebuert kritt, vun aktuell 2 Wochen op 3 Méint z'erhéijen, fir dass de Partner oder d'Partnerin vun Ufank un der Mamm kann zur Säit ze stoen.*

### Méi Congésdeeg fir schwéier Situatiounen

Wenn een Elterendeel mat hirem krank Kand bei de Dokter muss fueren, kann si zu all Moment op de „Congé pour raisons familiales" zeréckgräifen. Wenn ee Familljemember awer ee schwéier kranke Familljemember bei een Dokter muss féieren, kann en op de Congé d'accompagnement zeréckgräifen aus dem Gesetz Soins. Dat sinn aktuell fënnef Deeg pro Patient:in pro Joer.

D'Piraten wëllen:

- *De Congé d'accompagnement am Fall vu schwéiere Krankheeten auswäiten, fir dass d'Leit méi Zäit hunn, fir sech ëm hir krank Familljememberen ze këmmeren;*
- *De Congé pour Décès vun aktuell dräi Deeg op fënnef Deeg z'erhéijen a méi flexibel ze gestalten, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, d'Begriefnis vun hirem Familljemember propper z'organiséieren.*

### Reeboufamillen

D'Piraten ënnerstëtzten d'Diversitéit vun de verschiddenste Familljemodeller, wou net primär de biologesche Lien am Mëttelpunkt steet a stinn dofir kloer zum Modell vun de Reeboufamillen, wat bedeit, dass Persoune mam gläiche Geschlecht kënnen Eltere vun engem Kand sinn.

D'Piraten sti fir:

- *Eng direkt Unerkennung vu béiden Elterendeeler bei der Gebuert vun engem Kand an dat och bei gläichgeschlechtleche Partner;*
- *D'Schafe vun enger klorer legaler Basis hisiichtlech der Filiatiounspolitik an den eventuelle Konsequenzen op d'Ofstamungs- an Ierfschaftsrecht hisiichtlech vu Reeboufamillen;*
- *D'Aféiere vu méi Optiounen op offiziellen Dokumenter, Publikatiounen a Formulaire, soudass all déi involvéiert Elterendeeler, onofhängeg vun hirem Geschlecht, kënnen op den Dokumenter stoen (z.B. zwou Mammen an ee Papp um Certificat de naissance).*

### Adoption simple prioriséieren

Persounen, déi engem Kand een Doheem wëlle bidden, an deem et Léift a Virsuerg kritt, sollen an all Fall ënnerstëtzt ginn. Dofir soll all erwuesse Persounen, déi de Krittäre vun den zoustännege Fachleit a Servicer entspriechen an déi dofir néideg Kompetenze besëtzen, d'Méiglechkeet

kréien, sech als Elterekandidat fir eng Adoptiounsprozedur ze bewerben. Mir gesinn et awer och als e Grondrecht vu jiddwer Mënsch un, d'Identitéit vu senge biologeschen Elteren ze kennen. Et steet kengem Mënsch zou, engem aneren d'Méiglechkeet virzëenthalen seng eege Wuerzelen ze entdecken.

Aus dësem Grond maachen d'Piraten sech staark:

- *Dass d'Adoption simple prioriséiert gëtt, bei deem d'Kand de Lien zu senge biologeschen Eltere behält an déi dem Kand déi gréissten Auswielméiglechkeete fir säi Liewe gëtt.*

## Fleegefamillje besser ënnerstëtzen

Ee Kand gëtt am Prinzip vu senge biologeschen Eltere versuergt a grouss-gezunn. Leider existéieren an all Gesellschaft Fäll, wou een d'Kanner virun hire biologeschen Eltere schütze muss a wou et besser ass, dass d'Kanner net bei hiren Eltere liewen, grad wa Gewalt am Spill ass oder d'Kanner staark vernoléissegt ginn. An dësen Extremfäll ginn d'Kanner aus hirer biologescher Famill geholl an a Foyeren oder Fleegefamillje bruecht. Fleegeelteren si Persounen, déi fräiwëlleg dës Kanner an hiert Doheem ophuelen a sech drëm këmmeren, fir deene Kanner déi Fleeg ze ginn, déi si bei hire biologeschen Elteren net kënne kréien. Fleegefamillje leeschten deemno méi, wéi nëmmen d'Garde vun de Kanner z'assuréieren: et sinn Ersatzelteren, déi sech mat Leif ëm d'Kanner këmmeren. Fir d'Kanner huet dëse System de Virdeel, well si am Géigendeel zu Foyeren eng Bezuchspersoun, also eng Famill hunn, op déi si sech 24/7 verloosse kënnen.

D'Piraten ënnerstëtzen de Modell vun der Fleegefamill a wëllen:

- *Dass d'Wuel vum Kand op laang Siicht gekuckt am Mëttelpunkt steet;*
- *Dass et Zil soll sinn, dass all Kand ee Recht drop huet, fir eng Plaz an enger Fleegefamill ze kréien an dass de Modell vun de Fleegeeltere virum Opbau vun neie Foyere prioriséiert gëtt;*
- *Dass d'Fleegefamilljen een eegene Statut als Independant an d'Fleegeelteren déi néideg Ressourcen zu Verfügung gestallt kréien, fir hir Aarbecht am beschten Interêt fir d'Kand kënnen ze maachen;*
- *Dass d'Kanner am Placement bei gewëssene Krittären eng laangfristeg Zouso kréien, ob si bei hir biologesch Elteren zeréck mussen oder net. Wärend där Zäit soll och kloer gesetzlech*

*gekläert sinn, wat Fleegeelteren eleng dierfen entscheeden. D'Kand soll zu all Zäitpunkt an op eegen Initiativ selwer kënnen decidéieren, ob et zeréck bei seng biologesch Eltere wëll goen;*

- *Dass méi Leit doriwwer informéiert ginn, fir Fleegefamill ze ginn.*

## D'Interess vum Kand mussen am Mëttelpunkt stoen

Gescheeten Elteren hunn oft verschidden Usiichten, wéi d'Kanner erzu solle ginn an dofir ginn et oft Problemer bei der Koordinatioun tëschent gescheeten Elterendeeler. D'Interessie vum Kand mussen heibäi ëmmer am Mëttelpunkt stoen. D'Kand huet e Recht drop mat béiden Elteren, souwéi och mat nostoende Familljememberen de Kontakt no enger Scheedung ze halen. D'Kand huet och d'Recht drop dee Kontakt ze verweigeren. D'Scheedungsrecht muss dofir méi dem Wëlle vun de Kanner entgéint kommen an un hir Realitéit ugepasst ginn.

D'Piraten fuerderen:

- *Dass d'Wiel vum Kand mat béiden Elterendeeler a Kontakt ze bleiwen, wann dëst gewënscht ass, muss Prioritéit hunn.*
- *Dass jidder Elterendeel, dee sech an d'Erzéiung vum Kand abrénge wëll, onofhängeg vum Geschlecht, déi selwecht Rechter zougestane kritt.*

## Familljeplanung a Verhütung

Zënter dësem Joer kënnen d'Fraen d'Anti-Baby-Pëll gratis an der Apdikt kréien. Dëst Verhütungsmëttel gëtt schonn zënter Joerzéngte vu Millioune vu Fraen op der Welt all Dag geholl. Mee ëmmer nach brauch ee fir d'Pëll eng Ordonnance vum Dokter. Anerersäits kritt een d'Pëll fir de Schwangerschaftsofbroch (Pëll vum Dag duerno) ouni iergendwellech Verschreiwung an der Apdikt, obwuel den Hormongehalt vun där Pëll vill méi héich an de Risiko vun engem Impakt op der Kierper méi grouss ass, wéi bei der Anti-Baby-Pëll.

An anere Länner, wéi zum Beispill Portugal, brauch ee keng Ordonnance méi, fir d'Anti-Baby-Pëll an der Apdikt ze kafen. Duerch déi professionell Berodung vun engem ausgebilten Apdikter bleift ee Kontrollmechanismus erhalen a gläichzäiteg entlaascht een d'Gynekologen, well d'Fraen net extra fir eng Ordonnance bei de Gynekolog mussen, fir ee regulären Traitement ze huelen.

D’Piraten setzen sech dofir an:

- *Dass d’Anti-Baby-Pëll an Zukunft ouni Ordonnance vum Dokter soll an der Apdikt erhältlech sinn;*
- *Dass och d’Männer iwwert hier Méiglechkeete fir ze verhüten opgekläert an ënnerstëtzt ginn.*

# GESELLSCH



D'Piratepartei steet fir eng zäitgeméiss Gesellschaftspolitik. Jideree soll säi Liewen nom Prinzip vun der fräier Selbstbestëmmung ouni staatlech Amëschung gestalte kënnen. De Staat soll jideree virun Ongläichheeten, Diskriminéierung a Gewalt schützen, ouni ee Liewensmodell ze favoriséieren. Obwuel um Niveau vun der Gläichstellung an de leschte 50 Joer vill geschitt ass, bléiwe strukturell Ongläichheete bestoen, déi et ze iwwerwanne gëlt. An enger moderner a fairer Gesellschaft dierfen d'Geschlecht, d'Hierkonft an/oder de sozio-ökonomeschen Hanndergrond net iwwert d'Chancen an d'Fräiheeten am Liewe bestëmmen.

## Gläichberechtegung am Beräich Gender a Partnerschaft

D'Geschlecht an d'Form vun der Partnerschaft hunn net iwwert d'Méiglechkeeten am Liewen ze bestëmmen. Jideree soll d'Recht hunn, seng Léift esou ze liewen, wéi e wëll, a sech a sengem Kierper wuelfillen ze kënnen. Stereotypen op Basis vum Geschlecht a Virurtdeeler géigeniwwer vu Persounen, déi Partnetschaft an/oder Gender net nom traditionelle Modell liewen, mussen iwwerwonne ginn zugonschte vun engem oppenen an toleranten Zesummeliewen.

# HAFT



An deem Kontext fuedere mir:

- *Anonym Job-Bewerbungen zur Regel maachen;*
- *Fest an eenheetlech Normen fir eng genderneutral Sprooch;*
- *E Gebuertscongé vun dräi Méint fir Partner:innen zäitgläich zum Congé de Maternité;*
- *D'Optioun vum drëtte Geschlecht aféieren a laangfristeg d'Kategorie vum Geschlecht op ëffentleche Pabéieren oofschafen;*
- *Administrativ Prozedure fir trans-ident Persounen vereinfachen*
- *Eng ëmfaassend Prise en charge vun de medizineschen Traitementer bei Geschlechtsugleichungen;*
- *Direkt Unerkennung vu beiden Elterendeeler bei der Geburt vun engem Kand an dat och bei gleichgeschlechtleche Partner;*
- *D'Méiglechkeet vun enger Adoptiounen net oofhängeg maache vum Etat civil vun den Elteren;*
- *D'Schafe vun enger klorer legaler Basis hisiichtlech der Filiatiounspolitik an den eventuelle Konsequenzen op d'Ofstamungs- an Ierfschaftsrecht hisiichtlech vu Reeboufamillen;*
- *Eng Verbesserung am ILGA-Europe-Index.*

## Participatiounsrechter fir Persoune mat Handicap

Eng gläichberechtegt Gesellschaft muss eng Gesellschaft sinn ouni Barrièren an Hürden – eng Gesellschaft, an där sech och Mënsche mat Behënnerunge fräi vun Diskriminéierung a Stigmatiséieren entfale kënnen. All Mënsch, mat oder ouni Handicap, huet d'Recht e selbstbestëmmtend Liewe féieren ze kënnen.

Dofir fuedere mir:

- *D'Fërderung vun der däitscher Gebärdesprooch an hier Unerkennung als Landessprooch;*
- *Méi eng grouss Offer u Gebärdesproochdolmetscher a Coure fir Gebärdesprooch fir d'breed Bevëlkerung;*
- *Persoune mat Handicap eng perséinlech Assistenz erméiglechen an deem Ausmooss an deem se gebraucht gëtt;*
- *Déi ze stréng Adapto-Krittären iwwerschaffen;*
- *Asetze vun engem Ombudsman fir Persoune mat Handicap, deen evaluéiert, awéifern d'UN-Behënnerterechtskonventioun ëmgesat an agehale gëtt, an un dee sech Betraffener wende kënnen, wa si sech an hire Rechter verletzt fillen;*

- *Noutrufsystemer (z.B. a Liften) an Noutruf-Hotlinen (wéi den 112), déi och Textmessagen erlaben an am Idealfall eng Live-Chat-Optioun hunn;*
- *D'Vie affective et sexuelle vu Leit mat Handicap net tabuiséiren: Perséinlech Assistenz an digital Outilen hei als Chance gesinn.*

## E Liewe fräi vun Diskriminéierung a Gewalt

D'Piratepartei mecht sech staark fir eng tolerant an oppe Gesellschaft. Xenophobie, Homophobie an all Art vun Diskriminéierung a Gewalt hunn an esou enger Gesellschaft keng Plaz. Jidderee muss d'Recht hunn, säi Liewe fräi an ouni Angscht gestalten ze kënnen ganz onofhängeg vu sengem Geschlecht, senger Relioun, senger Hierkonft, senger Hautfaarw oder der Form vu senger Partnerschaft.

Mir fuerderen dofir:

- *Streng Bestrofung vu geschlechtsspezifescher, homophober, transfeindlecher a rassistesch motivéierter Gewalt;*
- *Verbuet vu kosmeteschen Agréffer un de Geschlechtsdeeler vun intersex Kanner bis dës en Alter erreecht hunn, wou si selwer entscheede kënnen;*
- *Verbuet vu Konversiounstherapien, mat deenen LGBTIQ+-Persounen vun hirer Geschlechtsidentitéit oder sexueller Orientéierung "geheelt" solle ginn;*
- *Sensibiliéirungscampagnen fir d'Vermeidung vu Gewalt bei der Gebuert;*
- *Eng zentral Ulafstell, wou Affer vu (sexueller/sexualiséierter/geschlechtsspezifescher) Gewalt kënne medezinesch, juristesch a psychologesch Hëllef kréien ouni dofir bei zësch verschidde Servicer mussen ze goen;*
- *Den Ausbau vun der Préventioun an der Täteraarbescht;*
- *Kee Stigmatiséiere vu bestëmmte Gesellschaftsgruppe, mee e Verständnis vu Gewalt als gesamtgesellschaftlechem Problem.*

## Reliounsausübung innerhalb vum gesetzleche Kader

D'Reliounsfräiheet ass e wichtegt Grondrecht, wat an enger Demokratie respektéiert muss ginn. D'Pirate sinn awer der Meenung, dass et net dierf sinn, dass am Numm vun der Reliounsfräiheet géint aner Gesetzer verstouss gëtt. Diskriminéierungen opgrond vum Geschlecht a Gesetzesverstéiss, déi ausserhalb vum reliéise Ramen als illegal ugesi ginn, mussen och innerhalb vun de Reliounsgemeinschafte respektéiert ginn.

Dofir fuedere mir:

- *E Verbuet vun der Praktik, dass reliéis Ämter, obwuel se d'Form vun engem Aarbeschtsposten hunn, engem bestëmmte Geschlecht virbehale sinn. Fir Reliounsgemeinschafte mussen déi selwescht aarbeschtsrechtlech Reegele gëllen, wéi allgeméng an der Privatwirtschaft, esou dass Diskriminéierungen opgrond vum Geschlecht och hei net toleréiert solle ginn;*
- *En Encardrement an op Wonsch eng enk Begleedung vu Persounen, déi op Lëtzebuerg kommen an virdrun Affer vun engem Zwangsbestiednes oder engem Kannerbestiednës waren, fir sécherzestellen, dass déi Betraffen an eventuell Kanner aus dem Marriage hei am Land hirem fräie Choix entspriechend liewe kënnen;*
- *E Verbuet vu reliéise Beschneidungen u mannerjärege Kanner mat Penis an e Beibehale vum konsequente Verbuet vu weiblecher Genitalverstümmelung.*

## Eng kreativ an engagéiert Gesellschaft

Déi digital an industriell Fortschrëtter vun eiser Zäit, kéinten et de Mënschen eigentlech erlabe manner oofhängeg ze sin, vun hirer Aarbeschtplaz. De Wuelstand vum Land kéint vill méi gerecht verdeelt ginn, esou dass kee:nt

méi misst ëm seng Existenz färten, wann e keng Aarbescht fënnt oder aus gesondheetlechen oder familiäre Grënn net kann schaffe goen. Eng Grondsécherung, déi héich genuch ass, fir iwwert der Aarmutsrisikogrenz ze liewen, géif et jiderengem erlaben, säi Liewen fräi ze gestalten, ouni den Drock ze hunn, beim Aarbeschtsverloscht net iwwerliewen ze kënnen. Gläichzäiteg dierf d'Aarbescht keng esou grouss Plaz am Liewen anhuelen, dass keng Zäit méi fir d'Famill, d'Veräinsliewen oder och z.B. Sport bléift. Ouni Existenzängscht a mat enger gesonder Work-Live-Balance si Mensche méi kreativ, manner krank an hunn och d'Zäit sech z. B. am Bénévolat ze engagéieren. Esou gi si der Gesellschaft och méi zeréck.

Dofir fuereren d'Piraten:

- *E Grondakommes a Form vun enger negativer Akommesstéier;*
- *D'Asetze vun engem Congé associatif;*
- *D'Fërderung vum Bénévolat a vum Veräinsliewen.*

# GESOND-HEETSPOLITIK



## Eng staark ëffentlech koordinéiert Offer

Lëtzebuerg ass e räicht Land an deementspriechend war och eise Gesondheetssystem iwwert laang Jore ganz gutt. Iwwert déi lescht Joren huet sech dat awer ëmmer méi geännert. Wärend an deene leschte Jore vun der Politik alles op de Wirtschafts- a Bevëlkerungswuesstem gesat gouf, ass de Gesondheetssecteur vergiess ginn. Duerno koum dunn nach d'Covid-Pandemie dobäi, déi de Lëtzebuerger Gesondheetssystem an d'Gesondheetspersonal staark belaascht huet. Iwwert Jore sinn Zuele vun de Better erof gesat ginn, wat och der Tatsaach geschëlt war, dass ëmmer manner Personal do war, fir e gudde Service ze assuréieren.

## Den Trend vum Erofsetze vu de Better muss ophalen

Gläichzäiteg gëtt et grad bei verschidde Service eng ganz grouss Demande, zum Beispill bei den IRMen. Dëser ëmmer méi héijer Demande gouf iwwert Joren net Rechnung gedroen, mam Resultat, dass et aktuell ganz grouss Delaie bei de Waardezäite gëtt. Hei muss an Zukunft méi proaktiv geschafft ginn, fir dass dës Geräter a Servicer méi séier disponibel ginn, wann Demande klëmmt.



Grad iwwert eng limitéiert Liberaliséierung vum Gesondheetssecteur hätt een hei am Extrahospitalier fir déi néideg Offer kënne suergen, ouni d'Gesondheet vun de Patient:innen an d'Qualitéit vun de Servicer a Gefor ze riskéieren. Domat hätt dann och d'Zwouklassemedezin, déi scho laang eng Realitéit ass, ofgeschaaft kënne ginn.

Et dierf net sinn, dass hei zu Lëtzebuerg Leit mat engem méi héijen Akommes an d'Ausland ginn, fir e méi séieren Accès ze hunn, wärend Leit mat engem méi niddregen Akommes dacks méintelaang hei am Land musse waarden.

Dowéinst fuerdere mir:

- *D'Zuel vun de Better relativ zur Populatioun muss erop goen an dierf net weider erof goen;*
- *Eng besser op d'Besoinen an d'Populatioun ugepassten Offer;*
- *Een Dosier de Soins Partagé (DSP) deen an der Realitéit wierklech funktionéiert an am Interêt vum Patient ass;*
- *Méi Servicer am Extrahospitalier, zum Beispill a private Cabineten, unzebidden;*
- *Méi Maisons médicalen iwwer Land mat méi laangen Ëffnungszäiten;*
- *Ärztehaiser an der direkter Géigend vu Spideeler ze bauen, fir dass méi Kapazitéiten an de Spideeler fräi ginn.*

## Gesondheetsberuffer méi attraktiv maachen

Haut feelt et um néidege Gesondheetspersonal. Dëst kann zwar zu engem ganz klengen Deel op d'Iwwerbelaaschtung wärend der Covid-Pandemie zréckgefouert ginn, et ginn awer nach eng Rei aner Grënn. Beim Rekrutéiere vun neiem Gesondheetspersonal gouf iwwert laang Zäit ze vill op d'Groussregioun gesat, déi mir antëscht awer och schonn ofgraast hunn.

Vill Studenten, déi am Ausland Medezin studéieren, komme wéinst den onattraktiven Aarbechtsbedingungen net méi zréck op Lëtzebuerg. Dobäi kënnt, dass an enger Rei Länner mëttlerweil Mesuren ergraff goufen, fir d'Gesondheetspersonal am Land ze halen. Hei brauch et séier e Paradigmewiessel fir dës Entwécklung ëmzedréien an nees méi Gesondheetspersonal op Lëtzebuerg ze kréie respektiv direkt hei auszebilden.

Mir Pirate fuerderen dofir eng Verbesserung vun den Aarbechtsbedingungen duerch:

- D'Erlabnis un d'Dokteren ginn, fir dass si sech als net kommerziell Sociétéiten zesummen ze doen dierfen. Op dës Aart a Weis kënnen sech d'Dokteren zum Beispill d'Käschte fir de Loyer, e Sekretariat, d'Ausstattung asw. deelen. Gläichzäiteg muss de gesetzleche Kader awer verhënneren, dass privat Investisseuren a Cabineten dierfen a kënnen investéieren. Och zu Lëtzebuerg ginn et wuel scho Fäll vu privaten Investisseuren a Cabineten, hei muss also séier gehandelt ginn;

- E lëtzebuergesche Referenzkader bei der Unerkennung vun de Grade vun Dokteren an den Diplomer fir aner Gesondheetsberuffer schafen, well et hei de Moment ganz grouss Ënnerscheeder an Inegalitéite ginn;

- D'Garden, d'Astreinten an d'Urgencen nei ze organiséieren a besser ze remuneréieren;

- D'Méiglechkeet op schouleschem Niveau ee Gesondheetsberuff kënnen ze erléieren, an dat vum niddregsten Niveau bis zum héchsten Niveau. Esou bidde mir méi Schüler:innen d'Méiglechkeet, an engem Gesondheetsberuff forméiert ze ginn. Well mir brauchen nieft den Dokteren an den Infirmier an Infirmièren och aner Gesondheetsberuffer, wéi zum Beispill d'Aide-soignante;

- ee Kollektivvertrag fir de ganze Fleegesecteur dee souwuel fir d'Spideeler wéi och fir de private Secteur gëllt;

- Méi Studiegäng a Formatiounen am Beräich vun der Medezin an de Gesondheetsberuffer ugebuede ginn. Hei kann de Santésministère mat der Uni.lu an den Universitéitsklinicken aus der Groussregioun zesummeschaffen;

- Laangfristeg eng eegen Universitéitsklinik hei am Land, wou Studenten a Personal net nëmmen ausgebilt respektiv weidergebilt ginn, mee wou och d'Patient vun der besserer Offer an enger méi héijer Qualitéit vu verschiddene Servicer profitéieren.

## Eng qualitativ héichwäerteg Offer fir jiddereen

D'Offer fir medezinesch Servicer an Traitementer soll net nëmme koordinéiert sinn, mee och qualitativ héichwäerteg a fir jiddereen accessibel. De Moment gëtt et de Projet vun der Couverture universelle de soins de santé (CUSS), ee Pilotprojet, deen et erméiglече soll, dass jiddereen Accès zu medezinesche Servicer an Traitement huet.

Leider funktionéiert de Projet um Terrain an der Realitéit quasi net, well et ze vill administrativ Hürde ginn. Dowéinst hunn bis elo och net ganz vill Leit vun dëse Projet konnte profitéie-

ren. Grad d'Aarmut kann awer ganz séier krank maachen, sou dass de Risiko besteet, dass vill Leit opgrond vun hirer Aarmut och nach schwéier krank ginn, well se keng Moyenen hunn fir bei een Dokter ze goen. An engem räiche Land wéi Lëtzebuerg dierf esou eppes net virkommen.

Och wann den Tiers payant, dee scho viru laanger Zäit ugekënnegt awer nach ëmmer net ëmgesat gouf, iergendwann kënnt, wäert dës Problematik net automatesch verschwannen, mee et wäert ville Leit éischter méiglech ginn, fir bei den Dokter ze goen, well si just nach deen Deel, deen net rembourséiert gëtt, mussen iwwerhuelen. Deene Leit, déi awer guer keng Moyen hunn an dowéinst och net veréchert sinn, wäert domat awer net gehollef ginn. Déi finanziell Situatioun vun enger Persoun oder engem Menage dierf a kengem Fall dozou féieren, dass Persoune keen Accès op medezinesch Servicer oder Traitementer hunn oder just op Servicer an Traitementer, déi vun enger mannerwäerteger Qualitéit sinn.

Generell muss dann och méi een héije Stellewäert op d'Präventivmedezin gesat ginn, well déi beschte Krankheet ass déi, déi guer net réischt opkënnt. Zu enger gudder Präventivmedezin gehéiere fir eis verschidde Voleten. Zum enge mussen d'Leit besser informéiert ginn iwwert verschidde Krankheeten, hir Ausléiser a wat se virbeugend dogéint kënne maachen.

Mir brauche méi Präventiounspläng, déi d'Leit hei am Land méi séier informéieren an och besser openeen ofgestëmmt sinn. Well verschidde Krankheeten hunn zum Deel déi selwecht Ursprénng, wéi zum Beispill eng ongesond an ze zockerhalteg Ernierung.

Mir fuerderen dowéinst:

- *Dass de Facteur vun der Zäit an der Nomenclature muss berécksiichtegt ginn fir dass sech een Dokter bei Bedarf méi Zäit ka fir e Patient huelen, ouni dësem direkt mussen ee groussen an deieren Examen ze verrechnen;*
- *De Projet vun der Couverture universelle des soins de santé gesetzlech ze verankeren an déi administrativ Hürden, déi de Projet aktuell scheitere loossen ofzebauen;*
- *Den Tiers payant endlech anzeféieren;*
- *Géint d'Zwouklassemedezin virzegoen duerch e bessere Gesondheetssystem fir jiddereen;*
- *Eng besser Präventivmedezin;*
- *Méi national a besser koordinéiert Präventiounspläng.*

## D'mental Gesondheet verbesseren

Laang Zäit gouf net genuch Wäert op déi mental Gesondheet geluecht a vill Leit hunn sech souguer geschummt, wann si vu mentale Problemer oder Krankheete betraff waren, aus Angscht, si géifen dowéinst ausgeschloss a stigmatiséiert ginn. Problemer mat der mentaler Gesondheet kënnen awer jiddereen treffen, egal ob aarm, räich, jonk, al oder wat fir e Geschlecht een huet. Et dierf keen Tabu méi sinn fir zouzeginn, dass ee krank ass.

D'Behandlungen an d'Präventioun vun mentale Gesondheetsproblemer mussen dowéinst fir jiddereen accessibel sinn an d'mental Gesondheet muss endlech dee Stellewäert an eiser Gesellschaft kréien, dee se verdéngt huet. Vu politescher Säit muss nach méi gemaach ginn, fir d'mental Gesondheet vun alle Bierger:innen hei am Land ze förderen an eng héichwäerteg Offer iwwerall am Land ze assuréieren.

Leider ginn et och méi schwéier mental Krankheeten, déi méi Zäit a Ressourcen fir d'Behandlung brauchen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg awer vill ze wéineg Plaze fir all dës Fäll opzehuelen, well déi néideg Strukturen a Personal an de psychiatreschen Ustalten feelen. A Fäll vun Urgencen (Stéchwuert Burn-out an Depressioun mat Suizidgefor) musse Leit a verschiddene Fäll nees Heem geschéckt ginn, obwuel si do net higehéieren an eigentlech am Spidol misste gehollef kréien.

An dësem Kontext fuerderen d'Piraten:

- *Fir méi héich Investissementer an d'Präventioun vu mentale Krankheete maachen. Spezifesch Offeren mussen ausgebaut ginn, zum Beispill d'Logements encadrés an d'Logement thérapeutique, an nei Projete wéi Zentere fir mental Gesondheet opgebaut ginn;*
- *Dass d'Soins psychatriques musse fir jiddereen accessibel sinn andeems mir psychiatresch Urgencen ausbauen an nei organiséieren;*
- *Dass d'psychiatresch Ustalten méi vu bausse kënne kontrolléiert ginn an dass d'Politik sech dofir interesséiert, wéi een dës Plazen esou angenehm a mënschlech wéi méiglech fir d'Patient: innen an och fir d'medezinnescht Personal ka gestalten. De Schutz an d'Rechter vum Patient mussen heibäi ëmmer am Vierdergrond stoen;*
- *D'Schafung vu sougenannten Krisenunitéiten mat spezielle ausgebilte Leit, fir bei Urgencen, wou Leit sech d'Liewe wëllen huelen, séier kënnen agräifen an handele. Dës Krisenunitéiten*

*sollen iwwert Telefon disponibel sinn an am Fall vun enger Urgence och eraus bei betraffe Persoun kënne goen, fir sech mat dëser zesummen ze setzen. Si kann dës Persoun evaluéieren an dorop baséierend déi néideg Demarchen an d'Weeër leeden, fir der betraffener Persounen déi néideg Hëllef zoukommen ze loossen;*

- *D'Promotioun, d'Wäertschätzung an d'Enttabuiséierung vun der Santé mentale an allen Populatiounsschichten. Der Präventioun vun der mentaler Gesondheet muss méi Wichtegkeet beigemooss ginn, duerch grouss ugeluechte Campagne, wou de Staat d'Leit dorobber opmierksam mécht, wéi wichteg zum Beispill eng gesond Ernierung, genuch Beweegung an eng gesond Work-Life-Balance fir déi mental Gesondheet vun engem Mënsch ass oder wou et drëm geet, fir de Leit iwwert d'Suchtpotenzial vu verschiddenen Aktivitéiten z'erklären;*
- *Dass méi Donnéeën zur Santé mentale erhuewe ginn;*
- *De Beruff vum Psycholog endlech ze reglementéieren, fir et onqualifizéierte Leit net méi ze erméiglechen, esou Servicer unzebidden.*

## E séieren Zougang zu Medikamenter assuréieren

Lëtzebuerg importéiert de gréissten Deel vu senge Medikamenter aus der Belsch, aner Länner maachen hei just e ganz klengen Undeel aus. Wann et dann zu engem Enkpass oder enger Rupture vum Stock kënnt, da sti vill Patiente virum Problem, dass si ob emol een anert Medikament sollen huelen, dat zwar änlech, awer net ëmmer komplett selwecht ass.

Hei muss Lëtzebuerg méi Viraussiicht beweisen an sou séier wéi méiglech, an net réischt fir fréistens 2030, een nationaalt Lager schafen, wou och ëmmer eng gewëss Quantitéit vun allen zu Lëtzebuerg disponibel Medikamenter ka stockéiert ginn. Vun dësem zentrale Lager ginn dann och d'Apdikten am ganze Land beliwwert, esou dass och keng Gefor besteet, dass hei Medikamenter ongenotzt am Lager leie bleiwen.

Mir setzen dowéinst dofir an:

- *Dass e nationaalt Lager fir Medikamenter gebaut gutt, wou Stocke vun allen hei am Land disponibele Medikamenter ugeluecht a vu wou aus all d'Apdikten am Land beliwwert ginn;*
- *Fir nei Medikamenter méi séier disponibel ze maachen;*

- *Dass d'Beipackziedele vu Medikamenter iwwer e QR-Code digital verfügbar gemaach ginn, awer eng Obligatioun fir d'Apdikte bleift, och ëmmer eng Printversiounen do ze hunn, zum Beispill fir eeler Leit.*

## Rare a chronesch Krankheete besser encadréieren

Haut si vill Leit, déi vun enger rarer oder chronescher Krankheet betraff sinn, ze dacks op sech eleng gestallt. Si sinn dacks mat der Situatioun iwwerfuerdert, hunn zum Deel heefeg e jorelaange Leidenswee hannert sech, bis se endlech eng Diagnose kruten, a wëssen net, wou si déi Hëllef kréien, déi se bei hirem Krankheetsbild brauchen.

Grad bei rare Krankheete kann de Generalist oder d'Generalistin dës Orientatioun och net virhuelen, well dofir dacks dat spezifescht Fachwësse feelt, fir dem Patient hei eng gutt Berodung an Orientatioun zoukommen ze loossen. Dowéinst wenden sech vill Betraffener un Associatiounen, an der Hoffnung, do Hëllef ze fannen. Dëst ass natierlech net verwerflech, ass awer och net ideal, well dës um Niveau vun der Gesondheetskeess kee Pouvoir hunn. Betraffener mussen awer grad hei besser encadréiert ginn.

Dowéinst setze mir eis dofir a fir eng Cellule bei der Gesondheetskeess ze schafen, wou Leit schaffen, déi op chronesch a rare Krankheete spezialiséiert sinn. Dofir musse rare Krankheete méi séier vun der Gesondheetskeess unerkannt ginn. Fir ee méi séieren Diagnostik ze assuréiere muss awer och méi enk mam Ausland zesummegeschafft ginn, well mir net ëmmer all spezialiséierten Dokter hei zu Lëtzebuerg kënnen hunn.

Mir setzen eis dofir a fir:

- *Eng Cellule bei der Gesondheetskeess ze schafe fir am Fall vu raren oder chronesche Krankheeten eng besser a méi einfach an onbürokratesch Prise en Charge ze garantéieren. Si soll Betraffener beroden an hinnen wichteg Informatiounen zoukommen loossen, fir dass d'Patient:innen onbürokratesch Hëllef bei der Prise en Charge vu Visitte bei Spezialist:innen, bei der Demande fir en Transfert an d'Ausland an beim direkten Iwwerhuele vun den domat verbonnene Käschte kréien;*
- *Eng méi grouss Unerkennung vun de rare Krankheeten.*

## Méi fir Kanner a Jugendlecher maachen

Och am Beräich vun de Kanner a Jugendlecher gëtt et de Moment verschidde Problemer, déi séier misste behuewe ginn. Dozou gehéieren den Depistage bei de Neigebuerenen. Hei gëtt zu Lëtzebuerg just op siwe Krankheete getest, obwuel et d'Méiglechkeete ginn, fir nach op méi Krankheeten ze testen. An villen anere Länner ginn elo scho bei esou Tester standardiséiert no méi wéi 20 verschiddene Krankheete gesicht. Mat engem méi groussen Depistage kéinte verschidde Krankheete vill méi séier erkannt ginn.

Dann gouf viru kuerzem an der Sëtzung zu enger Petitioun dorop opmierksam gemaach, dass mir am Beräich vun der Kanneronkologie vill Servicer an Traitementer hei am Land guer net ubidden, obwuel mir längst d'Zuelen erreecht hunn, déi eng richteg Kanneronkologie hei am Land géif justifiéieren. Dofir misst dann awer och nach en Drëtten, op Kanner spezialiséierte Kriibsdokter, agestallt ginn.

Et sinn nach ëmmer vill ze vill Jonker, déi scho frei mam Konsum vun Alkohol, Drogen an Zigaretten ufänken. Den Hannergrond ass dacks d'Bedürfnis, fir zu engem Grupp dozou ze gehéieren, oder d'Hoffnung privat Problemer domat ze léisen andeem si sech selwer betäuben. Hei muss méi an d'Präventioun investéiert ginn. Et muss sech d'Zil gesat ginn, fir dass kee Kand a kee Jugendleche mat dem Konsum vun dëse Produiten ufänkt, well déi aktuell Mesure ginn de Moment leider nach laang net duer.

Och am Beräich vun der Jugendpsychiatrie muss nach vill geschéien. Hei feelt et souwuel um néidege Personal wéi och un Offeren am Extrahospitalier. Fir dës Penurie beim Personal ze bekämpfe musse spezialiséiert Diplomer an Zesummenaarbecht mat der Uni.lu ugebuede ginn. Hei dierfe keng Ofstrécher bei der Ausbildung an der Formatioun vum Personal gemaach ginn, dowéinst muss eng entspriechend Offer och hei am Land ugebuede ginn.

Mir setzen eis an:

- *Den Depistage bei Neigebuerenen auszewäiten, fir dass op méi wéi déi aktuell siwe Krankheete getest gëtt;*
- *Eng vollwäerteg Kriibsstatioun mat genuch Doktere fir Kanner a Jonker hei zu Lëtzebuerg ze creéieren;*
- *Méi an d'Präventioun beim Alkohol, den Drogen an den Zigaretten ze investéieren, fir de Konsum bei de Jugendlechen sou wäit wéi méiglech komplett ze verhënneren;*

- *Zesumme mat der Uni.lu een Diplôme d'études spécialisées en psychiaterie infanto-juvénile an och aner Diplomer aus dëser Fachrichtunge mat Schwéierpunkt op Kanner a Jugendlecher unzebidden;*
- *Centres de l'enfance ze schafen, wou am Extrahospitalier verschidden Disziplinnen aus der Kanner- a Jugendpsychiatrie zesummekommen an och zesummegeschafft ka ginn am Interêt vum de jonke Patienten.*

## Sexuell Gesondheet a Schwangerschaft

Hei zu Lëtzebuerg ginn et nach ëmmer ganz vill Fäll vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten. De Grond dofir ass eng net ausräichend Präventioun an Opklärung. Eng ongewollte Schwangerschaft ass fir déi betraffe Fraen eng ganz schwéier Situatioun. Si mussen eng wichteg Entscheedung treffen, déi wäitreechend Konsequenze fir hiert Liewen huet. Net ëmmer entscheet sech eng Fra dofir, d'Kand ze behalen a wëll dowéinst eng Ofdreiwung virhuele loossen. Grad méi jonk Fraen, déi zum Beispill nach an d'Schoul ginn oder studéieren an iwwert hier Eltere verséchert sinn, hunn awer Angscht, dass duerch eng Ofrechnung vun der Gesondheetskeess hir Entscheedung bekannt gëtt an si méiglech Konsequenze fäerte mussen.

Mir setzen eis dofir an:

- *Méi an d'Präventioun an an d'Opklärung iwwert sexuell iwwerdrobare Krankheeten an iwwert Verhütung ze investéieren. Hei muss nach méi an de Schoulen ugesat ginn, fir déi Jonk méiglechst fréi op d'Geforen an déi méiglech Folge vun dëse Krankheeten opmierksam ze maachen;*
- *Dass eng Ofdreiwung zu 100 Prozent anonym a gratis ka virgeholl ginn, ouni dass et dovun Trace ginn;*
- *Just zu statisteschen Zwecker solle verschidden anonymiséiert Donnée gesammelt ginn, zum Beispill iwwert d'Unzuel vun de duerchgefouerten Ofdreiwunge pro Joer;*
- *Dass den obligatoreschen Delai vun dräi Deeg, fir iwwert eng eventuell Ofdreiwung nozedenken, ofgeschaaft gëtt.*

## E Gebuertshaus fir Lëtzebuerg

Vill Frae wëllen hiert Kand net an enger Maternité op d'Welt bréngen, well si sech do aus verschiddene Grënn net wuel fillen oder an der Vergaangenheet schlecht Erfarunge gemaach hunn. Dësen Eltere muss een et er-

méiglechen, fir d'Kand an engem Gebuertshaus op d'Welt ze bréngen, ouni dass dobäi onnéideg Risike fir Mamm a Kand a Kaf musse geholl ginn, och wann eng direkt medezinesch Betreiung do net esou méiglech ass wéi an enger Maternité. Dofir brauche mir e kloren Kader a Richtlinnen, fir eng méiglechst grouss Sécherheet ze assuréieren, an dës Gebuertshaiser misste geografesch an iwwert eng enk Zesummenaarbecht un eng Maternité ugebonne ginn, am Fall wou eppes bei der Gebuert sollt schif goen.

## Opstocke vun den Aarbechtsdokteren

Haut ginn et vill ze laang Waardezäite bis ee ka bei een Aarbechtsdokter goen, oder een Aarbechtsdokter eng Kontroll ka maachen. Fir eis muss de System vun den Aarbechtsdokteren ëmorganiséiert ginn a méi regional funktionéieren. Dofir brauch et natierlech och méi Dokteren. Dës kënnen nëmmen duerch eng Revalorisatioun erëm an de Beruff kommen, fir esou de gudde Fonctionnement vun dem System ze sécheren. Och muss gekuckt ginn, wat fir Tâchen haut nach Sënn maachen, a wou kéint Zäit deblockéiert ginn, fir aner Aufgabe besser kënnen nozekommen. Am Géigenzuch ass et wichteg, dass Patienten an d'Dokteren Accès zu den Analyse vum Kontrolldokter kréien, fir esou sech kënnen ee méi komplett Bild ze maachen an ze decidéiere wat déi nächst Schrëtt sinn.

Dofir sti mir Pirate fir:

- *Eng méi attraktiv Aarbecht als Aarbechtsdokter;*
- *Eng Entlaaschtung vum Service;*
- *Fir ee méi regionaalt Funktionéiere vum Service;*
- *Fir méi Transparenz an den Decisioune vun de Kontrolldokteren.*

## Patentrechter: Accès zu Vaccinen

D'Pandemie huet eis deelweis gewisen,  dass mir an Europa duerchaus kënnen zesumme schaffen, wann mir da wëllen, eis anerersäits awer och gewisen huet,  dass Solidaritéit awer leider net ëmmer eis gréisste Stäerkt ass.

Europa huet am Géigesaz zu Amerika oder England  net den Export vu Covid-Vaccinen an aner Länner gestoppt. Mee de Covid-19 Vaccin ass net gläichméisseg op der Welt verdeelt ginn. Wärend aner Länner eréischt bei 2% geimpfte Bevëlkerung war, hu mir hei zu Lëtzebuerg scho misste Vaccin ewech geheien.

Generell stellen d'Piraten sech dem aktuelle Fonctionnement vum Patentrecht entgéint. D'Patentéiere vun Trivialitéiten oder souguer Blockade vum Fortschrëtt duerch Patenter soll ënner allen Ëmstänn verhënnert ginn. Aus dëse Grënn schwätzen sech d'Pirate géint Als Ersatz fuerdere mer den Opbau vun alternative Methode mam Zil Innovatioun ze fërderen andeems Ureizer geschafe ginn.


Mir gesinn d'Patenter oft als Brems vum Fortschrëtt an der Produktivitéit. D'Covid Kris huet kloer gewisen, dass d'Patenter kënne Liewe kaschten. D'Patent dierf net de Business sinn.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Dass een internationalen Accord fonnt gëtt, deen dofir suerge soll, dass bei der nächster weltwäiter Pandemie, den entspriechende Vaccin direkt Patentfräi fir all Staaten op der Welt zougänglech gemaach gëtt;*
- *Den Ofbau vu Monopoler an eng Ëffnung vun de Marchéen;*
- *Een Enn vu Patenter op Liewenszäit aus an och op souer, déi sech op Liewewiesen, Genen, Geschäftsiddien, Medikamenter an och op Software bezéien.*

# INKLUSIO

Eis Gesellschaft schléisst nach ëmmer vill Leit op Grond vun hire kierperlechen a mentale Fäegkeeten aus. D'Inclusioun an eiser Gesellschaft muss dofir viru gedriwwe ginn. Mir Pirate gesinn hei eng ganz Rei Chantieren, un deene geschafft muss ginn.



## Feeldenden kloere juristesche Kader

De juristesche Kader ass nach ëmmer e Problem. Ab wéini gëllt eng Persoun als handicapéiert, wou fänkt dat un a wou hält et op. Wien huet wat ze gutt? Hei feelt et un enger klorer Definitioun. D'Feele vun enger klorer Definitioun bréngt dann och vill Problemer bei den Attestatioune mat sech. Fir dat engt ass eng Persoun mat engem Handicap eligibel, mee fir dat anert ass se dann awer «net handicapéiert genuch». Et ginn ze vill Ënnerscheeder gemaach, zum Beispill bei dem Statut als travailleur handicapé. Dëst féiert zu ganz absurde Situatiounen. Dat kann an dierf net sinn. Mir fuerderen dowéinst ee kloren a verständleche juristesche Kader.

# UN



## Tutelle reforméieren

Dat aktuellt Gesetz iwwert Tutellen ass veraalt an eng Persoun huet entweder alleguer seng Rechter oder si huet guer keng Rechter. E wéineg nogebessert gouf mëttlerweil beim Walgesetz, wou et eng Upassung gouf. Persounen, déi ënnert enger Tutelle stinn dierfen elo och wiele goen. Lëtzebuerg gouf dann och schonn opgefuerdert, fir hei nozebesseren, well eist aktuellt Tutellesgesetz net den Norme vun der Genfer Konventioun entsprécht, geschitt ass awer nach net ganz vill. Hei gëtt et also héich Zäit, dass nogebessert gëtt. Insgesamt solle Persounen, déi ënnert der Tutelle stinn, nees méi selwer entscheede kënnen an doduerch nees méi Selbststännegkeet a Selbstbestëmmung erëm kréien, amplaz komplett entmëndegt ze ginn.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Dass d'Juges de tutelle net méi fir jiddereen zoustänneg sinn, mee just spezifesch fir e Gruppe vu Leit, wéi zum Beispill Persoune mat engem Handicap;*
- *Méi Formatioune vun de Juges de tutelle;*
- *Tutelle muss méi selektiv sinn an net méi nom Prinzip vum ganz oder guer net funktionéieren;*
- *Tutelle muss flexibiliséiert ginn, dass déi betraffe Persoune selwer vill méi matbestëmme kënne respektiv dass si méi staark an d'Entscheedungsprozesser zesumme mat hirem Tuteur oder hirer Tutrice agebonne ginn;*
- *Eng Tutelle soll dann och net automatesch fir de Rescht vum Liewe vun enger Persoun gëllen, mee zäitlech begrenzt ginn. Innerhalb vun engem Delai soll eng Evaluatioun virgeholl ginn, fir ze kucken, ob eng Tutelle verlängert gëtt oder net.*

## Aarbecht an Ateliers protégés

Persoune mat engem Handicap hunn et net ëmmer einfach um Aarbechtsmarché. Vill vun hinne kënnen opgrond vun hirer Behënnerung awer och ni enger «normaler» Aarbecht nogoen. Fir si ginn et sougenannten Ateliers protegéen. Hei ginn si vun Educateure respektiv Educatrice begleet a kënnen a speziellen Atelieren enger Tätegkeet nogoen. Heifir ginn si da mam onqualifizéierte Mindestloun bezuelt. Dëst ass eigentlech gutt Saachen. Leider ginn et awer hei verschidden Ongerechtegkeeten. Och wann Leit mat engem Handicap schonn zënter ville Joren an esou engem Atelier schaffen, sou kréien si awer ëmmer nëmmen den onqualifizéierte Mindestloun. Um Aarbechts-

maart ass et awer normalerweis esou, dass en(g) Aarbechter:in als qualifizéiert gëllt, wann hien enger Tätegkeet zënter méi wéi fënnef Joer nogeet. Just am Beräich vum Handicap gëtt hei also eng Ausnam gemaach an dës Leit benodeelegt. Dat ass awer net deen eenzege Problem. Och wann dës Aarbechter:innen hir Aarbecht gutt maachen, kënnen si keng Hausse vun hirem Salaire kréien an och een dräizéngte Mount ass fir si net méiglech. Dës Ongerechtegkeete mussen ophalen. Et ass bei de Kontrakter respektiv den Tâchen an den Atelieren awer och schonn zum Mëssverständnesser komm. Verschidde Leit kréien hei ee Kontrakt als Aarbechter:in a sinn domat ënnert dem Statut vum Salarié handicapé agestallt. Aner Persoune ginn am Kader vun enger Mesure thérapeutique opgeholl. Si ginn hei zwar an eng Mesure de travail gesat, dës gehéiert awer zur therapeutescher Approche vun der Mesure. Fir dës Léit gëtt et soumat och keen Aarbechtskontrakt an si ënnerstinn dowéinst net dem Aarbechtsrecht, mee der Santé.

D'Pirate fuerderen:

- *Dass och hei soll déi Reegel mat de fënnef Joer gëllen an d'Aarbechter:innen ab dem Moment de qualifizéierte Mindestloun kréien;*
- *Och eng Hausse vum Salaire an d'Méiglechkeet vun engem dräizéngte Mount muss agefouert ginn. Doduerch gëtt een hinnen och d'Méiglechkeet, sech selwer eng Existenz opzebauen an net fir ëmmer op aner finanziell Méttelen ugewisen ze sinn;*
- *Et musse méi Aarbechtsplaze vir Mënsche mat engem Handicap kreéiert ginn an dofir sollen och méi Suen zu Verfügung gestallt ginn;*
- *All Persoun, déi an engem Atelier enger Tâche nogeet, soll een Aarbechtskontrakt kréien.*

## Reform vun der assistance à l'inclusion

All Aarbechter:innen am Privatsecteur mat engem Statut handicapé an all Aarbechter:innen am Privé am Reclassement extern kënnen zesumme mam Patron eng „assistance à l'inclusion dans l'emploi" bei der Adem ufroen, wann een Aarbechtskontrakt vu mindestens 12 Méint virläit. Dee Moment kuckt een Assistent zesumme mam Aarbechter an dem Arbeitgeber, fir déi speziell Besoine vum Salarié(e) ze definéieren, ee Projet auszeschaffen, fir dës Besoinen z'erfëllen an ee Suivi vun der Ëmsetzung ze maachen. Leider gouf dës Mesure bis August 2023 réischt zweemol ugefrot, obwuel et se scho säit Februar 2020 gëtt. Eng

vun den zwou Demande gouf dunn och nach zréckgezunn, well se mat ze villen administrativen Hürde verbonne war. Hei muss direkt an effikass nogebessert ginn, fir dass an Zukunft méi Leit vun dëser Mesure profitéiere kënnen.

## Reform vum Quotesystem fir Leit mam Statut „travailleur handicapé“

De Quotesystem wéi et en am Moment gëtt funktionéiert net. Betriber mat iwwer 300 Mataarbechter:innen misste laut Quotegesetz 4% vun hire Poste mat Leit mat engem Statut Handicap besetzen. 98% vun de Betriber hunn dat 2021 net gemaach. Dofir muss de Quotesystem reforméiert ginn, dass en Leit mat Handicap eng réel Chance bitt, fir um éischten Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.

## Den Adapto reforméieren

2020 gouf de Spezialtransport Adapto reforméiert. Mat der Gratuitéit vum ëffentlechen Transport ass och dëse Service gratis ginn, mee zesumme mat der Upassung vum Präis goufen och Ännerungen un de Krittäre fir eng Adaptos-Kart ze kréie gemaach, wat dozou gefouert huet, dass eng Rei Persounen, déi virun der Reform vum Adapto profitéiere konnten, dëst no der Reform net méi kënnen.

D’Fahrte beim Adapto sinn an der Unzuel limitéiert an och bei den Horaire ginn et Aschränkungen, zum Beispill däerf et net ze spéit ginn, soss kann de Service net genotzt ginn. Vill Concerten, Kinosfilmer oder Theateropféierunge sinn awer dacks méi spéit. Doduerch kënne Leit mat Handicap net dorun Deel huelen, wann si op den Adapto ugewise sinn.

Den Adapto gëtt dann och net als Transportmëttel fir op d’Aarbecht ugesinn, well dofir géif et den ëffentlechen Transport ginn. Dëst entsprécht awer net ëmmer dem reelle Besoin. Dobäi kënnt, dass ee säi Führerschäi muss ofginn, fir den Adapto notzen ze dierfen. Wann Aarbechter:innen mat Handicap et packen, fir eng Plaz enzwousch bei engem Patron ze fannen, da kënnen se heiansdo trotzdeem net dohinner schaffe goen, well de Mobilitéitsministère mengt, dass si capabel ass, fir op den ëffentlechen Transport zréckzegräifen, fir op d’Aarbecht ze kommen. Dës Entscheedung gëtt deemno wéi géint den Avis vum Hausdokter vun der jeeweileger Persoun getraff.

Dofir fuerdere mir Piraten eng grondleeënd Reform vum Adapto Service:

- *D'Horaire vun den Transportservicer soll ausgebaut ginn;*
- *Am Fall wou d'Evaluatioune vum Gesondheetszoustand tëscht dem Kontrolldokter an dem Hausdokter grondverschidde sinn, musse béid Doktere mateneen een Austausch hunn;*
- *Keng Limitatioune méi wat d'Faartenunzuel ugeet;*
- *Den Adapto soll och kënne fir den Transport op d'Aarbecht genotzt ginn;*
- *Nieft der App muss ëmmer eng analog Ulafstell bestoe bléiwen;*
- *Keng automatescht Entzéie vum Führerschäi méi mee eng Evaluatioun jee no Dossier.*

## Logement, betreit Wunnstrukturen an inklusiv Wunngemeinschaften

Beim Logement gouf an deene leschte Jore scho vill verbessert. Déi méi nei Residence sinn haut normalerweis och fir Persoune mat engem Handicap accessibel. Trotzdeem ass et grad bei méi ale Residencen nach dacks esou, dass si fir Persoune mat engem Handicap net zougänglech sinn. Et gëtt awer net nëmme Problemer um Niveau vum Accès zu Gebaier, mee och beim finanzielle Volet. Vill Leit,déi vun engem Handicap betraff sinn, hunn keng Aarbecht mat enger gudder Remuneratioun oder si sinn a Beschäftegungsmesuren, déi net gutt remuneréiert ginn. Si kréien zwar deels Aiden vu staatlecher Säit hier, mee déi ginn net duer, fir sech selwer eppes kafen ze kënnen. Et muss awer och Persoune mat engem Handicap méiglech sinn, fir eng eege Wunneng ze hunn. Et ginn awer och Persoune mat engem Handicap, déi net eleng oder komplett eleng kënne wunnen. Fir si muss et genuch alternativ Wunnforme ginn. Beispiller heifir wiere betreit Wunnstrukturen oder och inklusiv Wunngemeinschaften. Leider ginn et net genuch alternativ Wunnformen. De Staat muss hei seng Verantwortung iwwerhuelen a méi finanziell Mëttel dofir zur Verfügung stellen.

Mir setzen eis dofir an:

- *Dass de Staat méi finanziell Aiden zur Verfügung stellt, fir dass och Persoune mat engem Handicap sech eng Wunneng kënne leschten;*
- *Dass de Staat méi finanziell Aiden zur Verfügung stellt, fir alternativ Wunnformen ze förderen.*

## Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren

Et gëtt aktuell schonn esou munches gemaach, fir den ëffentlechen Transport méi accessibel ze maachen. Dës Ustrengunge mussen awer nach verstäerkt ginn, well et bleift nach ganz vill ze maachen. Eng ganz Rei vu Busser, Zich a Gare si mëttlerweil fir Persoune mat engem Handicap accessibel, awer nach längst net all. Den ëffentlechen Transport muss fir jiddereen notzbar sinn a muss dofir 100% behënnertegerecht gebaut sinn. D'Zil muss et sinn, dass all Persoun sech eegestänneg an eisem Land ka beweegen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Dass och d'Quaien op de Garen an d'Busarrête mussen entspriechend amenagéiert ginn, zum Beispill duerch Leitlinnen um Buedem oder duerch eng passend Héicht fir d'Rampen;*
- *Hei muss de Staat dann och d'Gemengen encouragéiere fir d'Quaien an hire Gemenge fir Persoune mat engem Handicap entspriechend ze amenagéierten;*
- *All d'Garen am Land mussen esou amenagéiert sinn, dass ee kann op all Gare eran an eraus klammen.*

## Accès op Elektroborne fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit

An Zukunft sollen alleguer d'Autoen elektresch fueren, also natierlech och déi vu Persoune mat engem Handicap. Aktuell ass et awer esou, dass et keng festgeluechte Virgabe bei der Installatioun vu Bornen am ëffentleche Raum gëtt fir den Zougang zu de Borne fir Persoune mat engem Handicap ze assuréieren. Och op europäeschen Niveau ginn et hei bis elo nach keng Virgaben. Hei kéint Lëtzebuerg eng Virreiderroll iwwerhuelen an zesumme mat den Associatiounen aus dem Beräich vum Handicap Normen entwéckelen a festleeën. Amplaz op eng europäesch Direktiv ze waarden, kéint een dëst also haut scho an Ugrëff huelen an domat och vill onnéideg Käschte vermeiden, fir herno schonn existéierend Bornen unzepassen oder ze erneieren, well se enger Norm net entspriechen.

## Fir ee Master an der Inklusioun

Fir Persounen, déi am Beräich vum Handicap schaffen ass eng gutt Formatioun ganz wichteg. Aus dem Secteur gouf dowéinst an der Vergaangenheet schonn e Studiegang, zum Beispill e Master an der Inklusioun gefuerdert. Et gouf dann och schonn éischt Gespréicher mat Vertrieder vun der Uni-

versitéit, mee et ass bis haut näischt geschitt. Fir eis ass dës Fuerderung awer duerchaus sënnvoll, soudass mir eis dofir engagéieren, dass och Studiegäng wéi zum Beispill e Master an der Inclusioun sollen ugebuede ginn.

## Fir méi Inklusiounscrèchen

Vill Eltere mussen haut zu zwee schaffe goen, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen. Wärend sinn op der Aarbecht sinn, mussen si hir Kanner friem betreie loossen, zum Beispill an enger Crèche. Wärend et fir vill Famille schonn eng Erausfuerderung ass, fir eng Plaz an enger Crèche fir hiert Kand ze fannen, esou ass fir Eltere vun engem Kand mat engem Handicap nach vill méi schwéier. Et ginn net genuch Inklusiounscrèchen a Stand aktuell ginn d'Waardelëschte bis 2025. Dat ass däitlech ze laang a fir d'Famillen dacks net ze bewältegen. Fir elengerzéiend Elteren ass et dann nach vill méi schwéier. De Staat muss de Bau respektiv d'Opmaache vun inklusive Crèche massiv fërdere fir déi laang Waardezäiten ofzebauen.

## Fir méi inklusiv Spillplazen

Déi meeschte Kanner gi gäre raus op Spillplaze spillen, esou och Kanner mat engem Handicap. Jee no der Aart vum Handicap sinn déi regulär Spillplaze fir si awer net accessibel. Mee och Kanner mat engem Handicap musse kënnen op Spillplaze goen, wou si sech austoben, Spaass hunn a mat anere Kanner, egal ob mat oder ouni Handicap, kënnen interagéieren. Stand haut ginn et awer nach net vill inklusiv Spillplazen hei am Land. Op e puer wéinege Plazen, wou et esou Spillplaze gëtt, sinn se dann och nach zum Deel opgespaart oder an engem Eck verstoppt, wou se nëmme schwéier ze fanne sinn. Dat fanne mir inakzeptabel. Lëtzebuerg brauch méi inklusiv Spillplazen an d'Gemenge sollen och méi finanziell Aide kréien, wann si eng scho bestoend oder eng nei Spillplaz och fir Kanner mat engem Handicap amenagéieren.

## Congés speciaux

Et ginn hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei u spezielle Congéen, dozou gehéiert ënnert anerem och de Congé pour raisons familiales. D'Virgaben zu der Unzuel un Deeg, zum Beispill beim Congé pour raisons familiales si ganz spezifesch an hänke vum Alter vum Kand of. Dëst ass fir vill Famillen

dann och kee Problem. Anescht gesäit et awer fir Familen aus, déi e Kand mat engem Handicap hunn. Hei kann d'Altersgrenz zu engem ganz grousse Problem ginn. Grad bei Kanner mat engem mentalen Handicap kënnt et vir, dass de biologeschen Alter an de mentalen Alter net gläich sinn. Bei de Congés pour raisons familiales an aner spezielle Congéë muss déi reell Behënnerung vum engem Kand gekuckt ginn an net just den Alter um Pabeier. D'Eltere vu Kanner mat engem Handicap sollen doweinst dann och ënner gewësse Konditioune méi Deeg beim Congé pour raisons familiales zougestane kréien, fir sech ëm hir krank Kanner ze këmmeren, ouni dofir regulär Congésdeeg mussen ze huelen.

## Medezinesch Traitementer

All Mënsch gëtt a sengem Liewe mindestens emol krank a brauch een Dokter. Awer och bei der Präventioun ass d'Medezin gefrot. Déi klassesch Medezin ass awer dacks net fir Leit mat Handicap gëeegent. D'Dokteren an d'Gesondheetspersonal sinn dacks iwwerhaapt net oder net genuch forméiert an informéiert fir Persoune mat engem Handicap gutt behandelen ze kënnen. Eng gutt medezinesch Versuergung ass fir Persoune mat engem Handicap awer genau esou wichteg wéi fir all anere Mënsch och. Doweinst musse méi Formatiounen an och obligatoresch Formatioune fir Dokteren an d'Personal aus dem Gesondheetssecteur ugebuede ginn. Nëmme mat de richtege Formatioune kann déi bescht-méiglech Prise en charge ugebuede ginn.

## Fir eng inklusiv Digitalisatioun

Leit mat Handicap sinn nach ëmmer vill ze dacks vun der Digitaliséierung ausgeschloss. Vill Servicer oder Internetsäiten si fir Leit mat engem Handicap guer net accessibel. Ganz dacks gëtt nach ëmmer keng Sproochausgab op de Bankomater, Gebäerdesprooch ugebueden, et gi keng Ënnertitel oder keng liicht Sprooch. Dëst betrëfft och nach ëmmer d'Internetsitten an d'Servicer vun ëffentlechen Institutiounen. Grad hei ass de Staat awer an der Verantwortung a muss dofir suergen, dass och Persoune mat engem Handicap Accès hunn, sech zu recht fannen an d'Offer benotze kënnen.

## Assurance dépendance

Assurance Dépendance soll sech net nëmmen op den Dépendance-Grad fixéieren. An da just duerfir suergen dat eng Persoun lessen, sech wäschen a schlofen kann.

Mir Pirate fuerderen:

- *Dass d'Assurance dépendance sech och op Preventioun fokusséiert, well ee mat enger gudder Virsuerg, Dépendance no hannen geréckelt ka ginn. Sou kënne Leit méi laang eng gréistméiglech Selbststännegkeet erhalen. Zill soll et sinn dat Leit kënnen doheem wunne bleiwen;*
- *Dass Leit nees méi oft kënne vun de Servicer profitéiere fir hier Akeef ze maachen;*
- *Méi Gardestonne fir Famill ze entlaaschten.*

# KULTUR



## Fir d'Kënschtlerfräiheet

Konscht war, ass a bleift ëmmer subjektiv. Dowéinst dierf de Staat sech net an d'Bewäertung vu Konscht améschen. De Staat dierf och keng Form vu Konscht zenséieren, déi net zur Gewalt oprifft. Am Géigendeel: Kënschtlerinnen a Kënschtler droen ee groussen Deel zum gesellschaftleche Liewe bäi a sollen dofir vun de staatleche Stellen ënnerstëtzt ginn. Dofir ass et och wichteg dat lokaalt Kulturierwen zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun ze erhalen an ze fërderen. D'Pirate setzen sech an, fir ee generellen Accès zu Kulturgidder an eng méi grouss Ënnerstëtzung vu jonken a lokale Kënschtlerinnen a Kënschtler a Veräiner.

D´Piraten fuerderen an deem Beräich ganz allgemeng:

- *Meenungsfräiheet als Viraussetzung fir fräi Konscht: Konscht dierf just zenséiert ginn, wann si zum Gesetzesbroch, zu Gewalt oder zu Haass oprifft. D'Konschtfräiheet muss dowéinst geschützt ginn;*
- *Eng besser staatlech Ënnerstëtzung vu lokale Kulturveräiner an der Form vu méi einfachen administrative Prozeduren, fir hier Aktivitéiten duerchzeféieren;*


LE ROI
Philosophie de la corrida
AMERICAN RADIO
AMY SCHUMER
LEONARD
LETTERMAN
GOOD VIBRATIONS!

- *E Bereetstellunge vun néidegen Infrastrukture fir déi lokal Kulturveräiner, fir finanziell Iwwerbelaaschtungen ze verhënneren;*

- *En Aféiere vun engem Kulturpass fir Kanner a Jonker: Mat dësem Kulturpass sollen si e méi bëllegen an einfachen (a fréien) Zougang zu de verschiddenste kulturelle Veranstaltunge kréien an domat en eventuellt Intressi bei de Jonken entwéckelt ginn.*

## Bibliothéiken

Liesen ass immens wichteg fir eng breetgefächert a gutt Educatioun a ganz wichteg fir d'Entwécklung vun de Kanner. Kanner, déi vill liesen oder virgelies kréien, weise ganz dacks eng besser sproochlech Entwécklung op. Sou hunn dës Kanner zum Beispill heefeg e méi grousse Wuertschatz a si kënnen sech besser ausdrécken. D'Bibliothéike mussen zu Lëtzebuerg dofir ënnerstëtzt ginn an nëmme gutt ausgebilte Personal kann eng héich Qualitéit vun der Offer assuréieren.

Am Kontext vun de Bibliothéike fuerderen d´Piraten:

- *Eng méiglech grouss Offer u staatleche Bibliothéiken déi iwwerall am Land verdeelt sinn, wann néideg och duerch d´Grënnung vun neie Bibliothéiken;*

- *En universellen Accès fir jiddereen zu dëse Bibliothéiken, onofhängeg zum Beispill vun der finanzieller Situatioun an d´Garantéiere vun enger breetgefächerter Offer;*

- *D´Astellen an d´Formatioun vu qualifizéiertem Personal, fir den noutwennege Qualifikatiounen, fir an enger Bibliothéik schaffen ze kënnen, z'entspriechen;*

- *D´Aféiere vun engem Buchpreisbindungsgesetz, wat fir méi Transparenz suergt, well d'Präisser iwwerall nämmlecht sinn. Domat schaaft een eng fair Konkurrenz tëscht groussen a klenge Geschäfter a schützt zudeem och déi zu Lëtzebuerg produzéierte Bicher.*

## Archiver

D'Archive sinn ee wichtege Bestanddeel vun eisem gesellschaftleche Gediechtnes, well si konservéieren an archivéiere Material zu ville verschiddenen Aspekter vun eisem gesellschaftleche Liewen, zum Beispill Dokumenter aus der Politik. Dowéinst brauchen d'Archiver awer och Accès zu Material, well si soss hir Aarbecht net esou kënne maachen, wéi si sollen.

Dofir fuerderen d´Piraten:

- *Eng allgemeng Promotioun vun der Wichtegkeet vun den Archiven an dem Archivgesetz;*
- *E besseren a gesécherten Zougang zu staatlechen Dokumenter zur Rechtsspriechung a Circulairen;*
- *Eng Verbesserung vun der Zesummenaarbecht bei der Dokumentatioun tëscht staatlechen a privaten Organisatiounen.*

## Eng fräi zougänglech Kultur

Gedeelte Kultur ass duebel Kultur. D'Piraten setzen sech zënter hirer Grënnung fir d'fräi Zirkulatioun vun Informatiounen, Wëssen a Kultur aus. An dësem Kontext wëllen d´Piraten:

- *Eng Relizenséierung a Veröffentlechung vun aktuell nach geschützte Wierker;*
- *Eng Promotioun vun der digitaler Kulturindustrie;*
- *En Facilitéiere vun der Kreatioun vun neie Start-ups am Kulturberäich;*
- *D'Erhale vun der Kultur aus Lëtzebuerg an der Regioun duerch modern Technologien;*
- *D´Ewechfale vu Patenter bei der Konscht, well dëst géint den Interessi vun der Gesellschaft ass a jidderee soll gläichberechtegten Zougang dozou hunn;*
- *En obligatoreschen Zougang fir d´Allgemengheet zu lizenzéierte Wierker vu lokale Veräiner oder Kënschtler, déi vum Staat ënnerstëtzt ginn.*

## Reform vum Urheber- a Patentrecht (Copyright)

Déi aktuell Reegelen zum Urheberrecht baséieren zum Deel op joerhonnertenalen Iddien a Virstellungen, déi net méi un déi häiteg technologesch Méiglechkeeten ugepasst sinn. Modern Technologien, déi e verloschtfräit Kopéieren an Austausche vu Kultur a Wëssen erlaben, sinn eng Chance fir jiddereen, onofhängeg vu finanzielle Méiglechkeeten, fir un der kultureller Villfalt Deel ze huelen an sech ze bilden. D'Urheberrecht an dat angelsächsegt Copyright verhënnert d'Verbreedung vu Kultur a Wëssen, andeems et den Zougrëff dorop monopoliséiert. De fräien Zougang zu Kultur a Wëssen ass awer eng Bedingung, fir eng oppen a gebilten Informatiounsgesellschaft.

Dowéinst setzen d'Piraten sech an, fir:

- *E gläichberechtegten Informatiounszougang fir jiddereen;*

- *E gerechte Loun fir den Auteuren hier Konscht, wat aktuell zum Deel, mat den aktuelle Reegelen zum Auteursrecht, net ëmmer garantéiert ass;*

- *D'Kierzung vun alle Schutzfristen op déi festgeluechte Minimumen, wéi se an den TRIPS a WIPO-Traitéë virgesi sinn. Mëttelfristeg sollen dës Traitéen nei ausgehandelt gi fir d'Schutzfristen op maximal 14 Joer ab Umeldung vun engem Wierk ze kierzen;*

- *Eng Ënnerdeelung vun de Fristen, wéi se an den TRIPS a WIPO-Traitéë virgesi sinn: eng éischt Frist vu siwe Joer an eng zweet vu siwe Joer, déi awer explizitt nach muss ugefrot ginn. Mat dëser Reegelung fale Wierker vu sougenannte verweesste Wierker an d'Public Domain a kënnen esou vu jidderengem genotzt ginn, ouni restriktiv Urheberrechtsreegelungen;*

- *Eng Legaliséierung vum privaten Austausch vun Dateien ("Filesharing") bei der net-kommerzieller Notzung;*

- *Eng Reegelung, dass kopéiergeschützte Produiten net dierfe vum Verkaf zu Lëtzebuerg ausgeholl ginn;*

- *Eng europäesch Direktiv, déi e Kopéierschutz ("DRM") fir digital Produite generell verbitt. Nëmmen esou kënnen digital Musek oder Filmer weiderverkaaft oder verierft ginn.*

## Eng Federatioun fir Auto-Entrepreneuren

Aktuell ass et esou, dass vill Kënschtler zwar Member bei enger Federatioun sinn, bei dësen awer a Kategorie mat anere Beruffer zesumme gesat ginn, och wann déi aner Acteuren aus der Kategorie ganz aner Besoinen, Problemer an Interêten hunn. Dacks hunn grad Auto-Entrepreneure mat groussen administrativen Hürden a Problemer ze kämpfen, déi zum Deel och mat ganz ville Käschte verbonne sinn.

Dowéinst setzen d'Piraten sech dofir an:

- *Dass Auto-Entrepreneuren, a ganz vill Kënschtler sinn an deene meeschte Fäll Auto-Entrepreneuren, eng eege Federatioun kréien, déi hir Interête vertrëtt, sech fir eng Vereinfachung vun den administrativen Demarchë fir kleng Betriber an Auto-Entrepreneuren asetzt a sech op nationalem Niveau fir d´Besoinen an d´Interête vu klenge Betriber an den Auto-Entrepreneuren asetzt.*

## Beruffer valoriséieren

Mir setzen eis dofir an, dass déi verschidde Beruffer aus der Kulturzeen sollen evaluéiert ginn, genau wéi déi verschidde Weeër, fir an dës Beruffer ze kommen. Aktuell gesäit et nämlech esou aus, dass et just ganz wéineg Bildungsméiglechkeete gëtt, fir sech an d'Richtung vun engem Beruff am Domaine vun der Kultur z'orientéieren. Dobäi huet de Kulturberäich ganz vill verschidden a villfälteg Beruffer ze offréieren. Sollt dës Evaluatioun erginn, dass et net genuch Pisten am Enseignement ginn, wëlle mir eis engagéieren, dass nei Weeër geschaaft ginn. D´Piraten setzen sech hei fir ënnerschiddlech Iddien an:

- *Méiglechkeete vun enger kultureller Orientatioun schafen iwwert de Wee vun engem BTS oder iwwert Formatioune bei de Beruffskummeren;*
- *Eng besser finanziell Ënnerstëtzung vun de Kënschtler mat engem Iwwerschaffe vun de Krittären, déi aktuell net wierklech op all Kënschtler zoutreffen;*
- *En Abanne vun den Acteuren um Terrain fir déi aktuell Ënnerstëtzung méi gezielt op hier Besoinen ze adaptéieren;*
- *Eng Vereinfachung vun der Autorisation d'établissement virgesinn, fir et de Kënschtler méi einfach ze maachen sech ze lancéieren.*

## Luxembourg Film Fund

Et goufen an de leschte Joren e puer Problemer bei der Gestioun vum Filmfong festgestallt. Aus deem Grond proposéieren d'Piraten:

- *De Luxembourg Film Fund soll sech op d'Finanzéiere vu klenge Produktiounen aus Lëtzebuerg konzentréieren, fir der Filmbranche an der Groussregioun eng eegen Identitéit ze ginn;*
- *Eng méi staark Kontroll vum Luxembourg Film Fund. D'Gerance vum Fong soll an de Kulturministère agegliddert ginn an d'Finanze méi streng kontrolléiert ginn.*

## Historesch Gebaier erhalen a mat Liewe fëllen

Historesch Gebaier gehéieren zum Stadbild vun enger Gemeng an erziele vill iwwert d'Geschicht vun enger Uertschaft.

Eis Partei huet sech an de vergaangene Jore kritesch mam Ëmgang mat eisem historesche Bauierwe beschäftegt. An der Chamber hu mer den Ofrëss vun der Ettelbrécker Gare kritiséiert an ofgeleent. Mir haten och a

parlamentaresche Froen un d'Kulturministesch verschidde Bauprojeten ënnert d'Lupp geholl, wou bauhistoresch Gebaier sollten ofgerappt ginn. An engem Fall (dem Eesebuerer Schlass) ass et eis souguer gelongen, dass een Ofrëss-Stopp domadder bewierkt gouf.

Wann eppes national geschützt ass, kann de Buergermeeschter awer eng Autorisation de destruction ginn, mat der Oplag, dass de bestoende Gabarit geschützt gëtt. Dat ass en Nonsens.

D'Piraten wëllen, dass:

- *Beim Baue bestoend Baukultur souwäit wéi méiglech erhale bleift;*
- *Gebaier, déi um nationale Plang geschützt sinn, automatesch och um kommunale Plang geschützt sinn;*
- *Gebaier, déi net méi genotzt ginn, wéi zum Beispill Garen, erëm mat Liewe gefëllt ginn, andeems een se renovéiert, fir dass hei Gemengeservicer, Veräiner oder Geschäfter kënne Plaz huelen;*
- *Eng „Fondatioun du Patrimoine" aféieren, déi historesch Gebaier opkafen, restauréieren an enger neier Notzung zouféiere kann, z.B. fir ze Wunnen. Esou eng Fondatioun kéint Knowhow iwwert den Denkmalschutz vermëttelen an de Public sensibiliséieren.*

# MOBILITÉIT: INDIVIDUALVE



Lëtzebuerg huet en Transportproblem. Mir hunn ze vill Autoen an zevill Traffic op eise Stroossen a brauchen dofir besser Alternativen an ee besseren ëffentlechen Transport. Den Auto ass a bleift weiderhin ee wichtegt a komfortaabelt Gefier, fir vun A op B zekommen, mee mir kënnen dofir suergen, fir den ëffentlechen Transport méi attraktiv a bequeem ze gestalten an zu enger wierklecher Alternativ zum Autofuere ze maachen. Nëmmen esou kënne Bus an Zuch zu engem ëmweltbewossten an effektiven ëffentlechen Transport bäidroen.

## Eng Autossteier fir all Benotzer vum Reseau

Den aktuelle Modell vun der Autossteier ass net fair, well ee groussen Deel vun den Autoen a Camionen eis Stroossen benotzen, mee net fir den Ënnerhalt dovunner bezuelen.

D'Piraten proposéieren:

- *Fir déi aktuell Autossteier an ee Vignette-System ze änneren, soudass jiddereen, deen eist Stroossennetz benotzt, och säi finanziellen Deel zum Ënnerhalt bäidréit.*

# ERKÉIER



- *Dës Vignette:*

  *–Soll vum Präis net méi héich sinn wéi de Betrag vun der aktueller Autossteier. D'Héicht vun der Steier hänkt och dovunner of, wéi vill Emissiounen den Auto produzéiert a wéi oft den Auto benotzt wäert ginn;*

  *–Soll kënne fir e puer Deeg oder Méint bezuelt ginn;*

  *–Soll ganz einfach a bequeem online, per App oder per Telefon kënnen bezuelt ginn. Fir déi Leit, déi keen Internetuschloss hunn, kann d'Vignette, wéi eng Prepaidkaart, einfach op all méiglechе Verkafspunkt ze kafe sinn;*

  *–Soll och fir Touriste verfügbar sinn;*

  *–Ass a Form vun engem QR Code liéiert un d'Nummereschëld vum Gefier.*

## Elektroautoen finanziell méi attraktiv maachen

Et ass richteg a wichteg, dass d'Politik de Kaf vun ëmweltfrëndlechen Autoen ënnerstëtzt, fir den Individualverkéier méi ekologesch ze maachen. Fir méi Elektroautoen op eise Stroossen fueren ze kréien, muss een un der Präisschrauf dréinen, fir dass méi Leit sech de Kaf vun engem Elektroauto och leeschte kënnen.

Dofir setze mir eis an:

- *Dass bis 2030 keng TVA op Elektroautoen (100% Elektresch) méi soll erhuewe ginn, fir domadder de Präis vun den Elektroautoen ze reduzéieren;*
- *Dass déi aktuell Subsiden fir Elektroautoen bis 2030 beibehale ginn an och, dass de Subsid net zum Profit vum Autohirsteller benotzt gëtt, mee dem Endkonsumment zegutt kënnt;*
- *Dass méi Betrieber Elektroautoen ubidden andeems ee Patron, dee sengem Employé een Elektroauto als Déngschtwon zur Verfügung stellt, net zousätzlech besteiert ginn.*

## Ouni Luetstatiounen keng E-Autoen

Aktuell sinn d'ëffentlech Luetstatiounen (Chargy) nëmme begrenzt verfügbar. Op ville Plazen hei am Land ginn d'Kapazitéite vum Netz net duer, fir méi Luetstatiounen an de Stroossen opzebauen, ob privat oder ëffentlech. Lëtzebuerg huet och jorelaang vum Tanktourismus

profitéiert, ouni, dass dovunner ee Su an d'Nohaltegkeet vun eisem Tankstellennetz gaangen ass. Nëmme mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit.

D'Piraten wëllen:

- *Dass d'Stroumleitungen a Ballungsgebidder opgerëscht ginn, fir flächendeckend ëffentlech a privat Luetstatioune kënnen opzestellen;*
- *Dass do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, eng separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) d'Luetstatioune fiddere sollen;*
- *Dass d'ëffentlech Parkplaze fir d'Elektroautoen haaptsächlech fir d'Luede genotzt ginn an net fir den Auto 24/7 gratis ze parken;*
- *Dass bis 2028 op all Tankstell hei am Land mindestens eng Schnellluetstatioun muss gebaut ginn..*

### Nohaltëg Tankstellen

Aktuell sinn d'ëffentlech Luetstatiounen (Chargy) nëmme begrenzt verfügbar. Op ville Plazen hei am Land ginn d'Kapazitéite vum Netz net duer, fir méi Luetstatiounen an de Stroossen opzebauen, ob privat oder ëffentlech. Lëtzebuerg huet och jorelaang vum Tanktourismus profitéiert, ouni, dass dovunner ee Su an d'Nohaltegkeet vun eisem Tankstellennetz gaangen ass. Nëmme mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit.

D'Piraten wëllen:

- *Dass d'Stroumleitungen a Ballungsgebidder opgerëscht ginn, fir flächendeckend ëffentlech a privat Luetstatioune kënnen opzestellen;*
- *Dass do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, eng separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) d'Luetstatioune fiddere sollen;*
- *Dass d'ëffentlech Parkplaze fir d'Elektroautoen haaptsächlech fir d'Luede genotzt ginn an net fir den Auto 24/7 gratis ze parken;*
- *Dass bis 2028 op all Tankstell hei am Land mindestens eng Schnellluetstatioun muss gebaut ginn.*

### Stroossesécherheet erhéijen duerch Technik

All Joer stierwen am Duerchschnëtt 20 Mënschen op eise Stroossen an iwwer 1.000 Persounen ginn am Verkéier verletzt. Dës Zuele weisen, dass ee Problem op eise Stroossen besteet. Et kann net sinn, dass kleng Feehler zu mënschleche Katastrophen féieren.

An de leschte Jore sinn an der Automobilindustrie eng Rëtsch interessant Sécherheetsequipementer agefouert ginn. Ee Beispill ass de Rechtsabbiegeassistent, bei deem d'Sensore vum

Auto Vëlosfuerer erkennen, déi vun hannen ugefuer kommen an eng automatesch Bremsung ausléisen. Aner Equipementer bidden dës automatesch Bremssystemer fir d'Verhënnere vu Frontalaccidenter mat Foussgängeren un.

Selbstfuerent Autoen sinn och säit Jore keng Wahnvirstellung méi. Am Automobilsecteur ginn et Autoen ze kafen, déi d'autonoomt Fueren op drëtter Stuff erméiglechen.

All dës technesch Sécherheetsmesuren kënnen dozou bäidroen, fir d'Zil vun null Stroossenaffer z'erreechen. Et ass natierlech esou, dass den Abau vun esou Sécherheetsequipementer an den Autoe Geld kascht an och eis Stroossen si leider nach net fir all dës nei Technologien ugepasst.

D'Piraten setzen sech fir méi Verkéierssécherheet fir jiddereen an:

- *Mir géifen den Abau vu Sécherheetsequipementer finanziell mat enger Primm belouhnen, fir dass méi Autoen equipéiert sinn;*
- *Mir wëllen d'Stroossen an d'Beschëlderung prett maachen, fir d'autonomt Fueren 100% sécher ze maachen;*
- *Mir wëllen LED-Luuchten op den Autobunnen (déi een dimmen oder mat Beweegungsmelderen ausstatte kann).*

## Stroossesécherheet erhéijen duerch Kontrollen

An de leschte Joren goufen op ville Plazen am Land fix Radaren a souguer Streckeradaren opgestallt. Dës Radaren erreeschen zwar op der Plaz selwer, dass d'Leit méi lues fueren, mee bréngen d'Leit awer net dozou, dass sech duenro nach méi un d'Vitesslimitatioune gehale gëtt. Dës Weideren maache fix Radaren no e puer Wochen nëmmen nach ageschränkt Sënn, well d'Emplacementer bekannt sinn. Dateschutztechnesch si fix Radaren, a grad Streckeradaren, an eisen Aen bedenklech a sollten dofir net weider ausgebaut ginn.

D'Piraten wëllen:

- *Innerorts, an engem Duerf an do wou et sécherheetsbedingt Sënn mécht, méi op d'Tempolimitt 30 bis 40 setzen. Bei Schoulen kann een Schritttempo setzen an op geféierleche Landstroossen, déi net breet sinn, soll Tempolimitt 70 bis 80 gëllen;*
- *Alkohol, Drogekonsum an Handybenotzung am Auto sinn ee No-Go, wat och vill Leit wëssen an och hei mussen d'Leit besser kontrolléiert a sensibiliséiert ginn;*
- *Schwätzen sech aus Dateschutzgrënn just fir mobill Radaren aus a*

*géint fest installéiert an automatiséiert Radarfalen a Streckeradaren;*

- *Kënnen mat den Handy-Blitzer liewen, wann d'Kontrollen nom Prinzipp vun engem mobille Radar benotzt ginn;*
- *Méi Kontrolle vun de Wanterpneuen wärend de Wantermeint, fir d'Leit ze sensibiliéieren an esou Accidenter ze verhënneren.*

### Éischt-Hëllef-Coursen fir de Führerschein

Wien éischt Hëllef leeschte kann, dee ka Liewen retten. D'Piraten sinn der Meenung, dass et sollt obligatoresch sinn, dass een an Zukunft fir den Erhalt vum Führerschein een Eischt-Hëllef-Cours muss bestoen, esou wéi et an Däitschland schonns de Fall ass. Dëse Cours sollt fir jidderee gratis sinn.

### Velospisten besser schützen

Mir hunn am Land eng grouss Unzuel vu lokale Vëlosweeër, déi awer net weider ënnertenee verbonnen, nach gutt siichtbar ausgeschëldert sinn. Oftmools féieren Deelstrecke vun de Vëlosweeër awer och iwwer normal Stroossen, wou d'Autofuerer wéineg Récksiicht op Vëlosfuerer huelen, a soumat Accidenter virprogramméiert sinn. Et geet net duer e puer Strécher op d'Strooss ze molen an dës Deeler als Vëloswee ze klasséieren.

Mir Piraten fuerderen:

- *Richteg Vëlospisten op den Haaptachsen, ofgetrennt vum Autosverkéier, fir esou d'Sécherheet vun alle Verkéiersdeelhueler ze garantéieren.*

### Rush-Hour verhënneren

Lëtzebuerg ass Stauland. Et ass bekannt, dass grad zu de Spëtzestonnen moies an owes méi Verkéier op eise Stroossen ass. Dat leit dorunner, dass déi meescht Aarbechtsplazen tëschent 7h00 an 9h00 Auer ufänken an och d'Schoulen an d'Lycéeën um 8h00 Auer mat de Corusen ufänken. Jiddereen muss also zur nämmlechter Zäit aus dem Haus, fir op déi nämmlecht Plaz ze kommen.

Fir dat ze änneren, wëllen d'Piraten:

- *D'Ufankszäiten staffelen, zu deenen déi meeschte Leit op d'Aarbecht oder an d'Schoul fueren, zum Beispill andeems ee verschidde Schoulen a Lycéeën zu ënnerschiddlechen Auerzäiten ufänke léisst oder andeems een déi individuell andeelbar Aarbechtszäite méi fördert.*

- *D'Gesetzgebung zum "Home Office" iwwerschaffen an en zum feste Bestanddeel vun eisem Schaff-Alldag maachen.*
- *Den Home Schooling am Lycée grad wärend de Moiesstonnen ausbauen.*

## Besseren Transport fir d'Grenzgänger

All Dag fueren dausenden vu Grenzgänger vun hierem Heem mam Auto op d'Aarbechtsplaz, wat ee vun den Haaptgrënn vun de Iwwersättegung vun eisem Stroossenetz ass.

Fir méi Mobilitéit op eisem Stroossennetz wëllen d'Piraten:

- *Raimlech Moossnamen iwwert Dezentraliséierung huelen, andeems zukünfteg Aarbechtsplaze méi wäit ausserhalb vun der Stad entstoe mussen;*
- *Op de Grenze Opfangparkinge schafen, fir esou de Stau op den Autobunnen ze verhënneren an domat den Traffik ze entlaaschten an d'Grenzgänger iwwert den ëffentlechen Transport (Bus, Zuch) méi schnell a komfortabel op hier Aarbechtsplazen ze bréngen. Dës Parkingen solle mindestens 16 Stonne gratis sinn. All Bus-oder Zuchlinn, déi zu Lëtzebuerg fortfiert oder bei engem P&R ophält, soll gratis fir d'Grenzgänger sinn.*

## Verkéiersinformatiounssystem national op Open Source ausbauen

Et goufe Milliounen Euro a Systemer investéiert, fir eis Autobunnen ze iwwerwaachen an d'Fuerer fréizäiteg op Stau a Geforen opmierksam ze maachen. Och a Parkhaiser ginn Informatiounen zu de Parkplaze gesammelt. Leider gouf oft vergiess, dës Informatiounen iwwer informatesch Systemer disponibel ze maachen. Mir brauchen méi Transparenz bei den Informatioune ronderëm de Verkéier, ob fir den Auto, Zuch oder Bus. Lëtzebuerg géif enorm dovu profitéieren, wann déi gesamt Verkéiersdonnéeën net nëmmen op digitale Schëlder oder an Apps géife stoen, mee och online gratis fir jiddereen disponibel wieren.

D'Piraten wëllen:

- *Dass ee Maximum un Donnéeën zum Verkéier graits ëffentlech verfüügbar sinn, fir dass jidderee eng Plattform an Alternativen zu bestoenden Apps kann opbauen;*
- *Dofir d'Donnéeën zu elektronesch Staumeldungen fir jiddereen ëffentlech maachen;*

- *Dofir d'Live-Informatiounen zum ëffentlechen Transport fir jiddereen accessibel maachen;*
- *Dofir suergen, dass d'Live-Informatiounen zu den verfügbare Parkplazen, do wou Parkplazen gezielt ginn, obligatoresch mussen op eng zentral Plattform matgedeelt ginn, déi fir jiddereen accessibel ass.*

### West- an Nordcontournement

Fir de Verkéier an der Stad méi fluid ze kréien, muss d'West-Ëmgehung gebaut ginn. Och d'Nordstad brauch direkt zwee Contournementen, fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien. Esou sollt ee Contournement nördlech vun Dikrech verlafen an de Stadkär, wéi och Angelduerf, entlaaschten. Donieft ass et wichteg endlech d'Verbindung Ettelbréck-Feelen ëmzeorganiséieren.

### Verkéiersfloss verbesseren

Och kleng Verännerungen kënne sech positiv op de Verkéiersfloss auswierken.

D'Piraten proposéieren dofir:

- *D'Aféierung vun enger Giel-Phase op de roude Luuchten, esou wéi beispillsweis an Däitschland, wann vu rout op Gréng geschalt gëtt.*
- *D'Aféierung vun engem Zieler (Countdown) bei de roude Luuchten, esou Dass sech Verkéiersteilnehmer op d'Ufueren bereet maache kënnen.*
- *Intelligent Verkéiersluuchten, déi ëmmer funktionnéieren, och an der Nuecht.*

# MOBILITÉIT: ËF LECHEN TRANS



## Gratis ëffentlechen Transport erhalen

Mir hunn eis jorelaang dofir agesat, dass den ëffentlechen Transport gratis gëtt. 2020 gouf eis Fuerderung endlech ëmgesat.

Mir Piraten:

- *Sti fir den gratis ëffentlechen Transport fir jiddereen a wäerten och dofir suergen, dass e gratis bleift;*
- *Wäerte versichen, de gratis ëffentlechen Transport an der Groussregioun auszebaue fir déi Zuch- a Busstrecken, déi zu Lëtzebuerg fortfueren oder bei engem P&R ophalen;*
- *Wëllen dofir suergen, dass all Eisebunnslinnen erhale bleiwen an de Passagéierverkéier op der Schinn ausgebaut gëtt aplaz Strecken ewechzehuelen (Beispill: Esch-Audun-le-Tiche).*

## Invest an den ëffentlechen Transport verbesseren

Lëtzebuerg ass, pro Awunner gekuckt, dat Land an Europa, wat mat am meeschten an den ëffentlechen Transport investéiert. Trotz allen Investissementer sinn d'Reeszäiten zu Lëtzebuerg nach ëmmer mat di längsten an Europa.

# FENT-
# SPORT



Et geet also net duer, fir Suen auszeginn, mee et muss een och kucken a wat investéiert gëtt an ob dës Investissementer dozou bäidroen, fir d'Situatioun ze verbesseren. D'Offer vum ëffentlechen Transport (CFL, RGTR, Tram) variéiert zum Beispill immens, jee nodeems, wou een hei am Land wunnt.

D'Piraten wëllen:

- *D'Investissementer, déi aktuell an den ëffentlechen Transport gestach ginn, iwwert de Leescht huelen a kucken, wou een d'Suen besser kéint asetzen;*
- *Ressourcen spueren, andeems och d'Gemengen sech zesummendinn, nom Beispill vum TICE, fir interkommunal Buslinnen opzestellen, déi d'Offer zousätzlech zum RGTR komplettéieren. De Staat kann heifir déi néideg finanziell Ureizer schafen.*

## De Verkéier an der Stad berouegen

Et ass net sënnvoll, fir all Bus bis an de Stadkär oder op d'Gare vu Lëtzebuerg era fueren ze loossen, fir dann am Zentrum vun der Stad d'Passagéier op di verschidde Plazen ze verdeelen. Dës Approche féiert nëmmen zu Konzentratioun vum Traffic a vergréissert de Chaos.

Fir d'Mobilitéit am Stadkär vu Lëtzebuerg ze verbesseren, sollen d'Passagéier vun Zuch a Bus virun der Stad op Dréikräizer eraus gelooss ginn, fir da vun hei aus hir gezielte Verbindungen op déi verschidde Plazen an der Stad eran ze huelen (Hubsystem).

D'Piraten wäerten:

- *Dat Konzept vum Hubsystem fir an d'Stad, wat elo ugefaange gouf, weider ausbauen;*
- *Kucken, fir tëschent de verschiddene Dréikräizer eng Ringbahn oder ee Shuttle op d'Been ze stellen.*

## Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren

Et gëtt aktuell schonn esou munches gemaach, fir den ëffentlechen Transport méi accessibel ze maachen. Dës Ustrengunge mussen awer nach verstäerkt ginn, well et bleift nach ganz vill ze maachen. Eng ganz Rei vu Busser, Zich a Gare si mëttlerweil fir Persoune mat engem Handicap accessibel, awer nach längst net all. Den ëffentlechen Transport muss fir jiddereen notzbar sinn a muss dofir 100% behënnertegerecht gebaut sinn. D'Zil muss et sinn, dass all Persoun sech eegestänneg an eisem Land ka beweegen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Dass och d'Quaien op de Garen an d'Busarrête mussen entspriechend amenagéiert ginn, zum Beispill duerch Leitlinnen um Buedem oder duerch eng passend Héicht fir d'Rampen;*
- *Hei muss de Staat dann och d'Gemengen encouragéiere fir d'Quaien an hire Gemenge fir Persoune mat engem Handicap entspriechend ze amenagéierten;*
- *All d'Garen am Land mussen esou amenagéiert sinn, dass ee kann op all Gare eran an eraus klammen.*

## Den Adapto reforméieren

2020 gouf de Spezialtransport Adapto reforméiert. Mat der Gratuitéit vum ëffentlechen Transport ass och dëse Service gratis ginn, mee zesumme mat der Upassung vum Präis goufen och Ännerungen un de Krittäre fir eng Adaptos-Kart ze kréie gemaach, wat dozou gefouert huet, dass eng Rei Persounen, déi virun der Reform vum Adapto profitéiere konnten, dëst no der Reform net méi kënnen.

D'Fahrte beim Adapto sinn an der Unzuel limitéiert an och bei den Horaire ginn et Aschränkungen, zum Beispill däerf et net ze spéit ginn, soss kann de Service net genotzt ginn. Vill Concerten, Kinosfilmer oder Theateropféierunge sinn awer dacks méi spéit. Doduerch kënne Leit mat Handicap net dorun Deel huelen, wann si op den Adapto ugewise sinn.

Den Adapto gëtt dann och net als Transportmëttel fir op d'Aarbecht ugesinn, well dofir géif et den ëffentlechen Transport ginn. Dëst entsprécht awer net ëmmer dem reelle Besoin. Dobäi kënnt, dass ee säi Führerschäi muss ofginn, fir den Adapto notzen ze dierfen. Wann Aarbechter:innen mat Handicap et packen, fir eng Plaz enzwousch bei engem Patron ze fannen, da kënnen se heiansdo trotzdeem net dohinner schaffe goen, well de Mobilitéitsministère mengt, dass si capabel

ass, fir op den ëffentlechen Transport zréckzegräifen, fir op d'Aarbecht ze kommen. Dës Entscheedung gëtt deemno wéi géint den Avis vum Hausdokter vun der jeeweileger Persoun getraff.

Dofir fuerdere mir Piraten eng grondleeënd Reform vum Adapto Service:

- *D'Horaire vun den Transportservicer soll ausgebaut ginn;*
- *Am Fall wou d'Evaluatioune vum Gesondheetszoustand tëscht dem Kontrolldokter an dem Hausdokter grondverschidde sinn, musse béid Doktere mateneen een Austausch hunn;*
- *Keng Limitatioune méi wat d'Faartenunzuel ugeet;*
- *Den Adapto soll och kënne fir den Transport op d'Aarbecht genotzt ginn;*
- *Nieft der App muss ëmmer eng analog Ulafstell bestoe bléiwen;*
- *Keng automatescht Entzéie vum Führerschäi méi mee eng Evaluatioun jee no Dossier.*

## Taxisgesetz reforméieren

Zu Lëtzebuerg zécken d'Leit éischter nach, fir den Taxi an hirem Alldag ze benotzen. Dobäi hunn Taxien de Virdeel, dass d'Autoen déi ganzen Zäit iwwer genotzt ginn an eng komfortabel Léisung sinn, fir den ëffentlechen Transport ze komplettéieren.

D'Piraten wëllen:

- *Eng Liberaliséierung vum Taxiservice a Covoiturage zu Lëtzebuerg ouni Aschränkungen. Et soll all Entreprise en Taxiservice dierfen ubidden. De Client soll virum Transport kloer iwwert d'Käschten informéiert ginn an d'Taxie sollte verflicht sinn, an engem gedréckten Dokument, esou wéi op hirer Internetsäit, transparent iwwert d'Käschten an de Service z'informéieren;*
- *Eng staatlech Plattform fir Taxi a Covoiturage, wou kloer kontrolléiert gëtt, dass all gesetzlech Aarbechts-Standarden agehale ginn. Iwwert dës Plattform sollen dann och aner Apps hir Servicer kënnen ubidden.*

## CFL soll a Staatshand bleiwen

Et ass fir ee klengt Land wéi Lëtzebuerg vu Virdeel, dass de Staat de Schinnereseau nach selwer organiséiere kann. Doduerch kënne mer d'Offer vum Persouneverkéier op engem konstant héijen Niveau halen a gläichzäiteg fir gudd Aarbechtskonditioune bei der CFL suergen. Den Transport ass ee Grondbedierfnis a muss dofir a staatlecher Hand bleiwen.

D'Piraten:

- *Schwätzen sech fir den Erhalt vun der CFL a Staatshand aus;*
- *Wëllen de Statut vum CFL-Beamten iwwert een neit Gesetz propper reegelen.*

## Méi Nuetszich

Nuetszich tëscht den europäesche Metropole sinn eng Alternativen, fir dass méi Leit mam Zuch aplaz mam Fliger an d'Vakanz reesen. Eng besser Ausnotzung vum europäesche Schinnereseau zu Nuetszäite kéint een Ureiz sinn, fir de Loftpassagéierverkéier op d'Schinn erofhuelen. An eisen europäeschen Nopeschlänner existéieren aktuell eng Réi Zuchlinne fir Nuetszich.

D'Piraten wëllen:

- *Lëtzebuerg an dat europäescht Netz vun den Nuetszich abauen, grad wärend de Summerméint, wou vill Mënsche reesen;*
- *Gemeinsam mat aneren EU-Länner Nuetszich an enger Ufanksphas subventionéieren, fir kompetitiv Präisser am Verglach mat Low-Cost-airlines unzebidden.*

## Innovativ Weeër beim Transport goen

Et existéiere méi Transportméiglechkeeten, wéi de Bus, Zuch oder Tram. De Monorail, Magnetbahnen, Schwebebahnen, Seelbunnen a firwat net och den Hyperloop sinn Optiounen, déi an anere Stied op der Welt all Dag genotzt ginn an den ëffentlechen Transport verbesseren.

D'Piraten sinn oppen:

- *Fir zu Lëtzebuerg innovativ Weeër ze goen an konkret Etuden zu engem Monorail, Schwebebahn oder Hyperloop ze maachen.*

## Internet am Zuch & Bus

An der haiteger Zäit ass et Usus, dass een ëmmer an iwwerall erreechbar wëll sinn. Dofir brauch een iwwerall eng konstant an zouverlässeg Internetverbindung. Och fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ass et wichteg, dass d'Dateverbindung am ëffentlechen Transport séchergestallt ass. Dëst géif et de Leit erlabe schonn um Wee op hir Aarbechtsplaz ze schaffen.

D'Piraten:

- *Wäerten sech dofir asetzen, dass am Zuch an am Bus iwwerall eng gratis Wifi-Verbindung disponibel ass.*

## Ee performanten an nohaltege Fluchhafe vun der Groussregioun

De Findel huet eng optimal Infrastruktur an ass de Fluchhafe vun der Groussregioun. Mat enger gudder Ubannung un d'Stroossen- a Schinnenetz kann de Findel och an Zukunft méi Passagéier unzéien a soumat Aarbechtsplazen an eisem Land schafen. Mir schwätzen eis kloer fir de Standuert Findel aus, deen a Koordinatioun mat de Fluchhäfen an der Groussregioun säi Service a Streckennetz ausbaue soll.

Och wa mir fir een Ausbau vun den Aktivitéiten um Findel sinn, esou wëlle mir dofir suergen, dass d'Fluchindustrie esou nohalteg wéi méiglech gestalt gëtt. De Wuesstem vum Flughafen dierf net ëm all Präis zustane kommen. D'Ëmwelt an déi lëtzebuergesch Aarbechtsstandarde musse respektéiert ginn. Et sollt een de Fliger och net iwwergebrauchen: an Éisträich gouf zum Beispill d'Decisioun geholl, all Fluchstrecken, déi ënnert dräi Stonne Fuerzäit mam Zuch erreechbar sinn, nom Prinzip "Zug statt Flug" z'ersetzen.

D'Piraten schwätzen sech kloer dofir aus:

- *Dass d'Low-Cost-Airlines hier Fligerticketen zu Lëtzebuerg net méi ënnert engem Mindestpräis dierfen ubidden. Et entsprécht net der Realitéit, dass ee fir 10€ vu Lëtzebuerg op Mailand fléie kann. Dës 10€ enthale weder d'Käschte vum Kerosin, nach decken se d'Steieren, déi um Flughafen ufalen;*
- *Fir eng Steier op de Kerosin anzeféieren. Et kann net sinn, dass d'Leit op der Tankstell Steiere musse bezuelen, deen se brauche fir op d'Aarbecht, an op der anerer Säit dierfen Airlines steierfräi hier Fligere volltanken, fir Leit domadder an d'Vakanz oder op hire Business-Trip ze fléien;*
- *Fir Kuerzstreckeflich am Passagéierverkéier (wéi z.B. LUX-CDG oder Lëtzebuerg-Saarbrécken) duerch eng Zuchverbindung z'ersetzen, wann eng gutt Zuchverbindung op där Streck existéiert. Zousätzlech soll et méiglech sinn, direkt op der Gare den Check-In z'erleedegen;*

- *Dass d'Nuetsfluchverbuet bäibehale gëtt;*
- *Dass op all Fligerticket ugewise gëtt, wéi vill CO2 pro Passagéier op dësem Fluch ausgestouss gëtt;*
- *Dass bei all Gesetzesännerung, déi de Fluchverkéier betrëfft, eng Fiche d'Analyse zum Ëmweltimpakt muss gemaach ginn.*

### Nohaltëg Schëffahrt

Lëtzebuerg huet zwar kee Mier, mee dofir fueren trotzdeem insgesamt 216 Schëffer mat 1,4 Millioune Brutto-Register-Tonnen ënnert enger Lëtzebuergescher Flagg. Dës Schëffer si bei eis am lëtzebuergesche Séiregëster ugemellt, mee nach nie bei eis op engem Hafen op der Musel ugedockt. Dofir kritt Lëtzebuerg da Steiere vu Firme bezuelt.

D'Piraten fuerderen:

- *Dass de Staat aus dem Steiergeschäft mat de Bëllegflaggen erausklëmmt an nëmmen nach Schëffer vu bëllege Steiersätz am Séiregister profitéiere kënnen, déi mat nohaltegen Technologien (wéi zum Beispill Waasserstoff oder e-Fuels) fueren;*
- *Dass d'Mënscherechter an déi lëtzebuergesch Aarbechts-a Sozialstandarde op de Schëffer ënnert lëtzebuergescher Flagg agehalen a kontrolléiert ginn.*

# SÉCHERHEET & UERDNUNG: P



Ouni Sécherheet gëtt et an enger Gesellschaft keng Fräiheet. Dofir ass et ee Muss, dass de Staat, duerch seng Police a Justiz, alles mécht, fir d'Sécherheet esou héich wéi méiglech ze halen, dass d'Leit hir Grondfräiheeten kënnen ausliewen. De Staat muss dofir suergen, dass d'Leit sech sécher spieren, andeems se sou gutt wéi méiglech viru Mënschen mat béisenOfsiichten a Gewalt geschützt sinn. D'Bierger:inne musse bei der Sécherheet am Mëttelpunkt stoen: hier Fräiheeten an hiert Wuelergoen musse geschützt ginn. D'Piraten sti fir eng Sécherheetspolitik, déi pragmatesch a proportional zum Zilsoll sinn. Mir schaffen op Léisungen, déi noweislech d'Sécherheet vun de Leit solle verbesseren.

## Méi physesch Policepresenz

Kee sollt an Angscht musse liewen an a kriddelege Situatiounen op sech eleng gestallt sinn. An eisen Aen ass déi beschte Léisung, fir d'Sécherheetsgefill hei am Land z'erhéijen, méi physesch Policepresenz op eise Stroossen an ëffentleche Plazen. D'Police muss net iwwerall an zur selwechter Zäit sinn: et geet duer, dass mer genuch Polizisten hunn, déi fir een do sinn, wa se gebrauch ginn.

# POLICE



D'Pirate wäerten:

- *Iwwert déi nächst Joren honnerten nei Polizist(inn)en astellen, fir dem Bevëlkerungswuesstem hei am Land gerecht ze ginn;*

- *A Problem-Quartiere méi Police-Patrullen zesumme mat Gemengebeamt(inn)en a Streetworker reegelméisseg zirkuléiere loossen, déi mat hirer Presenz fir Uerdnung a Sécherheet suergen;*

- *A gréissere Gemengen erëm dofir suergen, dass hei op mannst ee Police-Kommissariat 24/7 fir d'Bierger:innen op ass.*

## D'Police um Terrain entlaaschten

Et geet net nëmmen duer, dass mer méi Polizist(inn)en astellen, mee mir mussen och dofir suergen, dass d'Polizist:inne méi Zäit hunn, fir och tatsächlech um Terrain ze schaffen. Aktuell ass dat awer net de Fall: d'Polizist:inne verléiere vill Zäit beim Schreiwe vu Protokoller an Dokumenter a këmmeren sech ëm Aufgaben, déi net fir méi Sécherheet suergen. Wann d'Police méi Zäit hunn, kënnen si sech méi ëm richteg Policeaufgaben, wéi d'Feststelle vu Strofdoten an d'Ermëttlung (Enquête) këmmeren.

D'Pirate wäerten d'Police entlaaschten, andeems:

- *Aufgaben, déi net vun der Police gemaach musse ginn, op aner Verwaltungen ausgelagert ginn. (Zum Beispill soll den Arrestantentransport an Zukunft vun de Giischtercher gemaach ginn an d'Gemengebeamt(inn)e sech ëm kleng Delikter këmmeren.);*

- *Administrativ Aufgabe bei der Police vun zivillem Personal iwwerholl ginn a verschidde Saachen net méi eng Policepresenz brauchen (zum Beispill d'Ausfëlle vu Constate bei klengen Autosaccidenter);*

- *Mir d'Digitaliséierung bei der Police endlech ufänken, mat Tabletten an Equipementer, op deenen d'Polizist(inn) en all hir Aufgaben digital erleedege kënnen;*

- *Mir duerch d'Cannabis-Legaliséierung an eng nei Drogepolitik der Police nei Prioritéite ginn, fir dass se méi Zäit hunn, fir déi richteg geféierlech Kriminell opzesichen a viru Geriicht ze bréngen;*

- *Mir d'Kompetenzen tëschent der Police an der Politik (Gemengen, Ministèren) kloer opdeelen an trennen. Verschidden Aufgaben, wéi d'Festleeë vun engem Sécherheetsperimeter oder d'Détention préventive administrative, sollen an Zukunft ouni Autorisatioun vum Minister/vun der Ministesch oder*

*dem Buergermeeschter/der Buergermeeschtesch kënne vun der Police gemaach ginn. Wann eng Gefor besteet, muss d'Police ouni bürokratesch Hindernisser kënne reagéieren.*

## D'Police muss een attraktive Patron sinn

D'ëffentlech Sécherheet an de Rechtsstaat garantéieren, dat sinn d'Käraufgabe vun engem Staat an dofir brauch de Staat gutt Polizist:innen. Dat ass eng grouss Verantwortung fir all eenzelne Polizist.

De Beruff ass aus deem Grond keen einfachen: oft ass een den Überbringer vu schlechten Noriichten, et muss een a ville kriddelege Situatiounen d'Rou behalen an dobäi kommen dann nach onreegelméisseg Schaffzäiten a Beruffsrisiken.

Dobäi kënnt, dass zënter der Police-Reform intern Streidereie lassgaange sinn, well den aktuelle Karriäresystem fir Diskussioune suergt an net fair opgestallt ass.

D'Pirate wëllen a punkto Attraktivitéit vun der Police:

- *Déi ganz Karriär an de Primmesystem bei der Police & Arméi, zesumme mat de Acteuren, iwwerschaffen. D'Gewiichtung vun de Karriäre soll op der Ausbildung an Erfarung leien. Et muss awer och jidderengem méiglech sinn, d'Karriäreslieder no transparente Kritären, Tester an Eegenefforten eropzeklammen;*
- *Eng Police-Crèche aféieren, fir den onreegelméissegen Auerzäite vun der Police Rechnung ze droen. Dës Crèchë kënnen och op aner Beruffer, déi Schichte schaffen, ausgewäit ginn;*
- *D'Formatioun vun de Polizist:innen erëm op mindestens zwee Joer verlängeren, éiert d'Polizist:innen eleng op den Terrain geschéckt ginn.*

## Ëffentlech Sécherheet nëmme mat der Police: keng privat Sécherheetsfirmen

D'Polizist:inne schützen eise Rechtsstaat, andeems si dofir suergen, dass jidderee sech un d'Reegelen hält. Dofir vertraue mir der Police de Gewaltmonopol un, wat eng ganz grouss Verantwortung fir all eenzel Polizist:in ass.

D'Piraten:

- *Schwätzen sech kloer dogéint aus, dass privat Sécherheetsfirmen sech ëm d'Sécherheet am ëffentleche Raum këmmeren;*

- *Mat de Pirate bleift d'Organisatioun vun der ëffentlecher Sécherheet eng Aufgab vun der Police!*

## Gemengebeamten stäerken aplaz Kommunalpolice

D'Pirate mengen net, dass d'Aféierung vun enger sougenannter „Kommunalpolice" de richtege Wee ass, dee fir méi Sécherheet an eise Gemenge suergt. D'Gendarmerie gouf viru Joerzéngten ofgeschaaft - firwat also erëm ee Waasserkapp un neie Verwaltunge schafen? Dës Weidere stellt sech d'Fro, wou déi Leit fir eng Kommunalpolice sollen hierkommen a bezuelt ginn, wa scho bei der Police d'Personal feelt.

- *Déi besser Alternativ ass, fir der Police an de Gemengebeamten déi personell, materiell an organisatoresch Mëttelen ze ginn, déi se brauchen, fir d'Strofverfollegung ze verbesseren;*

- *D'Pirate setzen sech dofir an, dass d'Gemengebeamten hir Kompetenze voll notze kënnen a Presenz weisen, fir dass sech un d'Gesetzer an d'Reglementer gehale gëtt.*

## Videoiwwerwaachung ass keen Zaubermëttel


Säit Jore gëtt d'Videoiwwerwaachung a verschiddene Gemengen hei am Land ausgebaut, obwuel Etüden an d'Erfarungen um Terrain kloer weisen, dass et kee Sécherheetsgewënn duerch eng generell Videoiwwerwaachung gëtt.

D'Pirate setzen sech dofir an:

- *Dass d'Videoiwwerwaachung net als Zaubermëttel fir d'Garantéiere vun der ëffentlecher Sécherheet mëssbraucht gëtt. Mir wäerten eis prioritär fir Léisungen asetzen, wou d'Polizist:innen an der Uniform oder mat geziilten technesche Mëttele fir méi d'Sécherheet suergen;*

- *Dass Videoiwwerwaachungsprogrammer, déi aktuell a verschiddene Gemenge genotzt ginn (wéi zum Beispil de VISUPOL), reevaluéiert a falls néideg gestoppt ginn.*

# SÉCHERHEET & UERDNUNG: J



Zu Lëtzebuerg gëtt et, sou wéi et an Demokratien üblech ass, eng Gewaltentrennung. D'Chamber mécht d'Gesetzer, d'Regierung féiert d'Gesetzer aus mat sengem Staatsapparat an d'Justiz kontrolléiert d'Gesetzer a suergt dofir, dass jiddereen se anhält.

D'Justiz, dat sinn d'Police, de Parquet (Staatsanwaltschaft), eis Geriichter, Affekot(inn)en an och aner Acteuren. Si suergen dofir, dass zu Lëtzebuerg de Rechtsstaat an domadder d'Sécherheet funktionéieren. Ee staarke Rechtsstaat bedeit, dass Strofdoten duerch d'Justiz erkannt, verfollegt a sanktionéiert ginn. D'Pirate wëllen eng Justiz, déi fir all Bierger:in novollzéibar an esou transparent wéi méiglech ass. Den Zougang zur Justiz muss dobäi fir jidderee séchergestallt sinn.

## Finanziellen Zougang zur Justiz fir jiddereen

All Bierger:in hei am Land huet d'Recht, d'Justiz anzeschalten, wann ee sech enger Ongerechtegkeet ausgesat gesäit. Dëst Recht ass am Artikel 47 vun der europäescher Charta vun de Grond- a Mënscherechter festgehalen an och hei zu Lëtzebuerg an der Gesetzgebung verankert.

An der Realitéit ass et awer oft esou, dass vill Leit net kënne viru Geriicht goen, well si et sech finanziell net

# USTIZ



leeschte kënnen, fir een/eng Affekot:in ze bezuelen. Déi lëtzebuergesch Gesetzgebung gesäit zwar eng Assistance judiciaire vir, wou de Staat d'Geriichts- an d'Affekotskäschte vu Leit mat wéineg Akommes bezilt, mee et ass et awer oft esou, dass Bierger:innen trotzdeem keen Zougang zur Justiz hunn, well se, no de Krittäre vum Gesetz, genuch Suen hunn, fir selwer en:g Affekot:in bezuelen ze kënnen. Et kënnt och vir, dass d'Leit, obwuel si eng Geriichtsaffär gewonnen hunn, op dausenden Euro Geriichts-, Affekots- an Expärekäschte sëtze bleiwen. Oder d'Leit d'Assistance judiciaire nodréiglech ewechgeholl kréien, well hiert Gehalt liicht geännert huet.

D'Piratepartei wëll:

- *Dass jidderee soll ënnerstëtzt ginn, fir säi Recht op legale Bäistand duerch en:g Affekot:in ze notzen;*
- *Dass d'finanziell Hürde fir d'Assistance judiciaire ofgebaut ginn, andeems déi finanziell Prozesshëllef un de reelle Käschte vum gesamte Geriichtsprozess definéiert gëtt (Affekot:in, Expären, asw.) an net nëmmen um Akommes vum Demandeur;*
- *Dass d'Assistance judiciaire, wa se accordéiert gëtt, och muss bäibehale ginn, fir d'Leit net a finanziell Laberenten ze bréngen;*
- *Dass beim Dedommagement d'Affere bis zu engem gewëssene Plaffong op mannst hir Expären-an Affekotskäschte vun der Géigepartie rembourséiert kréien.*

## Transparenz vun eiser Justiz

Verschidde Geriichtsaffäre brauchen heiansdo immens vill Zäit, bis eng Decisioun vum Riichter/der Riichterin getraff gëtt. Dat féiert dozou, dass vill Leit sech net op d'Geriicht trauen, well se Angscht hu viru laangen a schleefenden Affären.

Och wann d'Justiz kloer onofhängeg soll si vun der Politik an an éischter Linn hir Aarbecht mat beschter Suergfalt soll maachen, esou ass et awer wichteg, dass d'Bierger:innen an d'Zivilgesellschaft hir Institutioune kontrolléiere kënnen. Dofir brauch et Transparenz an oppen zougänglech Informatiounen. Et geet net duer, ëmmer nëmme méi Personal anzestellen: heiansdo bewierkt eng Prozedur oder nei Aarbechtsweis schonn, dass d'Saache méi schnell a manner opwänneg ginn.

D'Pirate wëllen d'Justiz méi effikass a méi transparent maachen:

- *Andeems zesumme mat de Justizautoritéiten (Parquet, Geriichter) ee Katalog mat Messwäerter (Key Performance Indicators) opgestallt gëtt, deen alle Bierger:innen oppen an online zur Verfügung gestallt gëtt an op enger wëssenschaftlecher an analytescher Basis d'Aarbecht vun eiser Justiz bewäert.*

## Ëffentlech Geriichtsprozesser solle kënne gefilmt ginn

A Frankräich ass et méiglech, verschidde Geriichtsaffären ze filmen, wann all d'Parteien an d'Riichter:innen domadder averstane sinn.

- *D'Pirate wëllen dës Moossnam nom franséische Modell hei am Land aféieren.*

## Verfassungsgeriicht fir all Bierger:innen zougänglech maachen

An Däitschland kann all Bierger:in virum Bundesverfassungsgeriicht zu Karlsruhe Gesetzer a Veruerdnungen op hier Verfassungsrechtlechkeet iwwerpréiwe loossen.

- *D'Pirate wëllen, dass d'Bierger:innen zu Lëtzebuerg och d'Méiglechkeet kréien, fir virun d'Cour Constitutionelle ze zéien.*

Riichter:in fir de Strofvollzuch

Aktuell gëtt de Strofvollzuch (exécution des peines) vum Procureur d'Etat (Staatsanwaltschaft) duerchgefouert.

D'Pirate wëllen:

- *Dass de Strofvollzuch vun engem/enger zoustännege:r Riichter:in gemaach gëtt (juge de l'application des peines) an net méi vum Procureur d'Etat.*

## Ofschafe vun der Anwaltsflicht

All Bierger:in muss d'Méiglechkeet hunn, fir sech an allen Instanze selwer viru Geriicht ze vertrieden a selwer Kloen ze féieren, wann ee sech dat selwer zoutraut.

## Affekotspräisser transparent gestalten a reglementéieren

Affekot(inn)en an Medezinner si Fräiberuffler. Wärend bei de Medezinner d'Tariffer duerch eng Nomenclature bei der CNS festgeluecht an zum Virdeel vum Patient limitéiert sinn, gëllt bei den Affekot(inn)en keng esou eng Reegel an Transparenz.

D'Pirate fuerderen:

- *Dass d'Präisser vun Affekot(inn)en musse méi transparent gereegelt ginn, fir de Clientë d'Méiglechkeet fir ze vergläichen ze ginn an domadder de fräie Choix och no finanzielle Motiver ze erméiglechen;*
- *Dass d'Affekotskäschte fir verschidde Prestatiounen am Kader vu Geriichtsaffären, esou wéi et bei den Medezinner de Fall ass, reglementéiert ginn.*

## Reform vum Notariat

Notairen hunn ee Spezialstatut an der Justiz: si kréien u sech vum Staat ee Monopol, fir verschidde staatlech Aufgaben ze kontrolléieren, mee si gezwongen, dës Aufgaben zu all Moment z'erfëllen. De Statut an d'Aufgabe vum Notaire sinn iwwert d'Gesetz gereegelt.

D'Pirate sinn oppe fir eng Reform vum Notariat. D'Fro muss gestallt ginn, ob de Notaire weiderhi soll ee geschützte Beruff bleiwen oder ob d'Aufgabe vum Notaire net éischter erëm engem staatleche Service ënnert der Justiz sollen ënnerstoen, oder ob een d'Notariatskompetenzen och op d'Affekot(inn)en erweidere soll.

D'Pirate wëllen:

- *eng Reform vum Notariat upaken an de Monopol vum Notaire opbriechen.*

## Reform vum Dierwiechterstatut (Huissier de justice)

De Statut vum Dierwiechter ass fir d'Piraten net a Stee gemeesselt. D'Dierwiechter:innen hunn duerch d'Gesetz eng Rei vu Monopoler a mir stellen d'Fro, ob dës Aufgaben net besser ënnert der Verantwortung vu staatlechen Instanzen ënnert der direkter Autoritéit vun der Justiz kéinte gemaach ginn.

D'Pirate wëllen:

- *Keng Dierwiechter:innen, déi op Profit schaffen;*
- *D'Aufgabe vun den Dierwiechter:innen an den Aufgabeberäich vun de staatleche Justizautoritéiten zeréckféieren an den Dierwiechterstatut verstaatlechen.*

## Gesellschaftlech wertvoll Strofen

Eis Gesetzgebung soll et virun allem bei méi klengen Infraktiounen erméiglechen, de Schued rëm gutt ze maachen, ouni dass Prisongsstrofen néideg sinn.

D'Piratepartei fuerdert:

- *Dass am Gesetz explizitt d'Méiglechkeet fir eng Art vu "Community Service" agefouert gëtt. Sou gëtt et e kloere Kader fir kleng Strofe gesellschaftlech wäertvoll ze handhaben.*

## Untersuchungshaft op de Minimum begrenzen

Schonn am 18te Jorhonnert huet de Voltaire gesot, dass et besser ass, een Schëllegen ze schounen, ewéi een Onschëllegen zu Onrecht ze bestrofen. Dee Prinzip gëllt och haut nach. An engem Rechtsstaat gëllt d'Onscholdsvermuddung, bis ee Riichter engem de Géigendeel beweist. Aktuell ass et awer esou, dass vill Mënschen hei am Land oft méintelaang an Untersuchungshaft sëtzen, well d'Justiz immens lues schafft.

Mir Pirate wëllen:

- *Dass d'Untersuchungshaft op ee Minimum reduzéiert gëtt;*
- *Dass Alternativen, wéi zum Beispill déi elektronesch Foussfessel, reegelméisseg Rendezvouse bei der Police oder d'Bezuele vun enger Kautioun genotzt ginn, fir d'Untersuchungshaft an engem Prisong ze reduzéieren.*

## Kee Finanzement fir Iwwerwaachungsprogrammer & Spionagesoftware

2022 huet een internationaalt Journalistennetzwierk opgedeckt, dass verschidden europäesch Regierung eng Spionagesoftware mam Numm « Pegasus » benotzt hunn, fir Handye vu Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker auszespionéieren. De Staatstrojaner, dee PEGASUS gedeeft gouf, gëtt vun enger israelescher Firma (NSO) mat Sëtz zu Lëtzbuerg entwéckelt a verkaf. Net nëmme goufen hei Parlamentspresidenten an Deputéiert ugegraff, mee

och hir Mataarbechter:innen an enkste Familljemembere ware viséiert.

D'Opklärung vum SREL-Skandal a vill aneren Iwwerwaachungsskandaler aus de leschte Joren hu gewisen, dass och de lëtzebuergesche Geheimdéngscht regelméisseg ausserhalb vum politesch Vertrietbare gehandelt huet. D'Lëtzebuerger Regierung huet zouginn, dass de lëtzebuergesche Geheimdéngscht (SRE) Staatstrojaner benotzt. Ee Geheimdéngscht ouni effektiv parlamentaresch Kontroll ass allerdéngs Gëft fir eng Demokratie.

Mir Pirate fuerderen:


- *Dass Spionagesoftwaren net méi dierfe vu Regierunge kaf a benotzt ginn;*
- *D'Piratepartei setzt sech dofir an, dass zu Lëtzebuerg an op EU-Niveau keng Steiergelder fir d'Finanzéierung vun Iwwerwaachungsprojete wéi PEGASUS dierfen ausgi ginn;*
- *Mir schléissen eis hei der Meenung vum Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) un, dee proposéiert, dass d'EU-Staaten de Gebrauch vun der Pegasus-Software ënnerbanne sollen. Notamment kéint een, nom CEPD, op Basis vum Artikel 83 vum TFEU d'Benotze vu Spyware als kriminell Aktivitéit definéieren.*

# SÉCHERHEET & UERD
# PRÄVENTIOUN AN C

Präventioun ass de wichtegste Punkt bei all Kriminalitéitsbekämpfung, well d'Police kann net iwwerall zur selwechter Zäit sinn. Wann d'Leit besser opgekläert sinn, kënne si selwer vill Situatiounen schonn am Viraus entschäerfen a sech géint kriminell Aktivitéiten a Gewalt wieren. Jiddereе kann a sengem Alldag fir ee klengt Stéck Sécherheet suergen.

### Méi Street Worker

Et dierf een d'Mënschen, déi op der Strooss liewen, net all an een Dëppe geheien. Et muss ee kloer een Ënnerscheed maachen tëschent Mënsche mat béisen oder kriminellen Absichten a Mënschen, déi aus de verschiddenste Grënn op der Strooss liewen. Sans-abrien gehéieren zënter Joerdausenden zum Stadbild dozou a mir fannen et net richteg, dës Mënsche wéinst hirer finanzieller a sozialer Situatioun ze stigmatiséieren a mat Kriminelle gläichzesetzen. Eng Gesellschaft ass nëmmen esou staark wéi säi schwächste Glidd.



# ONUNG:
# OPKLÄRUNG



D'Pirate wëllen:

- *De Leit, déi op der Strooss liewen, Perspektive bidden a se wëssen doen, dass de Staat fir si do ass, wann si e brauchen;*
- *Den Asaz vun Hëllefsorganisatiounen a Street Worker hei am Land weider ausbauen;*
- *A grousse Gemenge méi Streetworker vum Staat finanzéieren.*

## Eng Ulafstell fir Affer vu Gewalt aféieren

Och mat der beschter Police an der beschter Justiz kann et ëmmer erëm virkommen, dass een Affer vu Gewalt a Kriminalitéit ka ginn. Grad esou wichteg wéi d'Präventioun ass dofir och d'Behandlung an de Suivi vu Leit, déi Affer vu Gewalt gi sinn.

D'Piraten setzen sech an:

- *Fir d'Aféierung vun engem All-in-One-Service fir Affer vu Gewalt. Dës zentraliséiert Ulafstelle sollen an de Spideeler hei am Land opgebaut ginn an den Afferen d'Méiglechkeet ginn, fir ee medezineschen, psychologeschen a juristesche Suivi mat Spezialisten ze maachen, wa si Affer vu Gewalt gi sinn. D'Anonymitéit vun den Affer steet heibäi am Vierdergrond.*

## Méi Informatioun iwwert d'Sécherheetslag

Et muss een eng Ënnerscheedung maachen tëschent der Sécherheet an dem Sécherheetsgefill, dat een dobaussen huet. Esou ginn et Plazen, wou ee sech sécher spiert, mee wou een trotzdeem mol Affer vu Gewalt ka ginn. Grad esou ginn et Plazen, wou een sech zwar villäicht net sécher spiert, mee wou awer éischter seele bis ni eppes geschitt.

## Fir d'Sécherheetsgefill ze verbesseren:

- *Muss de Staat Spekulatiounen a Gerüchter betreffend d'Kriminalitéit duerch eng proaktiv an neutral Informatiounspolitik a Statistiken entschäerfen;*
- *Mussen d'Bierger:inne reegelméisseg neutral Informatioune vun der Police, hire Gemengen an dem Staat kréien;*
- *Mussen d'Leit op enger Biergerversammlung d'Méiglechkeet kréien, op mannst ee Mol am Joer an hirer Gemeng een oppenen Austausch mat der Police an der Politik iwwert d'Thema Sécherheet ze hunn.*

### Präventioun fërdert Sécherheet

D'Police kann net iwwerall zur selwechter Zäit sinn an a ville Situatiounen ass een als Bierger:in oft op sech eleng gestallt. Jidderee kann a sengem Alldag fir ee klengt Stéck Sécherheet suergen, andeems en op verschidde Situatioune preparéiert ass.

D'Pirate wëllen:

- *Dass d'Police, zesumme mat aneren Acteuren aus der Justiz, Konsumenteschutz-, Bildungs- an Informatiounscampagnen organiséiert, fir de Leit Verhalensweisen an Tricker bäizebréngen, wéi ee sech viru Bedruch a Kriminalitéit op der Strooss ka schützen;*
- *Am Beräich vun der Online-Kriminalitéit Kanner an Erwuessener iwwert d'Methode vun de Cyberkriminalitéit opklären an hinnen Informatiounsplattforme bidden;*
- *Op nationalem Niveau d'Offer vu Selbstverdeedegungscoursen ausbauen. D'Prioritéit leit op der Deseskalatioun:  d'Leit solle méi selbstsécher ginn, hire Kierper besser kenneléieren a richteg op Situatioune reagéieren.*

### Baulech Moossnahmen fir ee bessert Sécherheetsgefill

D'Gemengen an de Staat kënnen op Plazen, déi onheemlech wierke, iwwert d'Gestaltung vun der Ëmgéigend fir ee bessert Sécherheetsgefill suergen. Heiansdo hëlleft déi richteg Beliichtung, heiansdo ass et d'Vergréisserung vum Trottoir oder d'Opmaache vun engem klenge Commerce an eidelen Zonen, dee fir eng Verbesserung suergt. Hei sollen déi Verantwortlech zesumme mat de Bierger:innen déi Plazen identifizéieren, déi baulech kënne verbessert ginn.

### Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel

Nëmme mat kloer Reegele kann haart géint Proxénitisme a Mënschenhandel virgaange ginn. Dofir mussen d'Sexworker aus der legaler Grozone erausgeholl ginn a legal Prostitutioun als Aarbecht unerkannt ginn. Dëst huet, zesumme mat klore Reegelen ënner wéi enge Konditioune Prostitutioun zu Lëtzebuerg legal praktizéiert dierf ginn, zur Folleg, dass méi kloer géint illegal Prostitutioun a Mënschenhandel ka geschafft ginn.

D'Piratepartei fuerdert:

- *Méi kloer Reegelen, wat d'Prostitutioun zu Lëtzebuerg ugeet;*
- *D'Prioritéit muss dorops leien d'Sexworker aus der Illegalitéit ewech ze halen an all Ënnerstëtzung fir regelméisseg Gesondheetschecks ze erméiglechen;*
- *Mir wëllen och eng Ulafstell schafen, wou déi betraffe Persounen sech kënne mellen, wann si aus dem Prostitutiounsmilieu wëllen erauskommen.*

## Gesetzer an Uerteeler méi accessibel maachen op legilux.lu

Gesetzer mussen esou kloer wéi méiglech formuléiert ginn an esou einfach wéi méiglech vun de Bierger:inne kënne fonnt ginn. Dëst ëmfaasst e schnellen an einfachen Zougang zu relevanten Informatiounen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Dass all d'Gesetzer ëmmer an enger konsolidéierter Versioun online um Legilux publizéiert ginn. Och sollen et Themeniwwersiichte ginn a sou oft wéi méiglech musse Gesetzestexter aus engem Domaine an engem Code geeuerdent ginn;*
- *Dass och d'Geriichtsuerteeler (Jurisprudenz) zentraliséiert um Legilux publizéiert ginn.*

# SOZIALES



## Offices sociaux

D'Pirate wëllen dat Soziaalt an den Offices sociaux erëm méi no vir bréngen. D'Mataarbechter:innen vun den Officë respektiv der ARIS mussen ze vill Zäit op administrativen Demarche verbrénge wat hinne manner Zäit fir d'eigentlech Sozialaarbecht léisst. Dat muss sech änneren.

D'Pirate fuerderen eng harmoniséiert Prestatiounslëscht fir all Bierger:innen. Et ginn wéineg national Richtlinnen an esou decidéieren déi eenzel Office Sociaux iwwert wat fir eng Hëllef an fir wat vir en Montant den Demandeur eppes zu gutt huet an kritt. Esou kann de President vun engem Office social maximal 5.000€ un finanziellen Aiden ginn wärend een President an engem aneren Office kann en Aiden d'urgence fräisetzen wou den Verwaltungsrot duerno eréicht ëm Erlaabnis freet an dann an nach anere Fäll déicdéiert de President alleng a freet just bei delikate Fäll den Avis vun sengem Verwaltungsrot.

Dofir sti mir Piraten:

- *Fir manner administratif Démarchen an den Offices sociales an méi Zäit fir d'Sozialaarbecht. D'administrativ Aarbecht muss do wou et geet vun den Assistant(e)s social(e)s op administrativ Poste verlagert ginn. Vill administ-*



*rativ Aarbecht ass och duerch konstant Kontrolle bedéngt, fir eis Pirate muss d'Prioritéit awer drop léien, dass d'Leit gehollef kréien;*

- *Fir eng Opwäertung vum Beruff vum Assistant social duerch d'Schafe vun engem Masterstudiegang esou wéi engem méi praktesch orientéierte Bachelorstudiegang op der Uni.lu;*
- *Fir eng harmoniséiert Prestatiounslëscht fir all Bierger:innen an alle Gemengen;*
- *Fir een Ausbau vun dem Service assistance vu Myenergy.*

## Hëllefen vum Fonds national de solidarité

D'Piraten sinn der Meenung, dass d'Hëllefen vum Fonds national de solidarité (FNS) sollen méi dobaussen kommunizéiert ginn an och automatesch un d'Leit déi se ze gutt hätten verdeelt ginn.

Een Beispill: 2018 hätten 108.000 Stéit d'Allocation de vie chère ze gutt gehat. Nëmmen 19.500 Stéit hunn d'Aide ugefrot. 138 Milliounen Euro huet den Letzebuerger Staat sech eleng duerch d'Onwessenheet vun den Leit erspuert.

Mir Piraten sinn dann och der Meenung, dass generell am Zweifel sollt zum Virdeel vun der betraffener Persoun décidéiert ginn. Esou zum Beispill am Fall wou Zweifel un der Kompositioun vum Stot bestinn.Vill Leit verléieren hir Hëllefen, well hir Liewensgemeinschaft ännert. Sierf et wëll se engem Kolleeg oder Familjemember kuerzzäiteg een Ënnerdag bidden, sierf et wëll se selwer kuerzzäiteg bei engem ënner kommen. Hei wëllen mir eng Karrenzzäit vun e puer Méint schaafen, an deenen een dierf mat Leit zesummenliewen, déi eng Paie verdengen, ouni dass een säin Revis verléiert.

Dofir sti mir Piraten:

- *Fir een automatescht Ausbezuele vun Aide wéi der Allocation de vie chère an eng indexéierung;*
- *Fir eng Opstockung vun den Disponbilitéiten vum Guichet vum FNS. Et kann net sinn, dass een ëmmer nëmmen Moies bis 11h30 accessibel ass. Ze vill Leit brauchen mëttlerweil d'Hëllefen vum FNS;*
- *Fir eng Karrenzzäit am Fall vu neien Liewensgemeinschaften.*

### Fir ee Guichet wou jiddereen Hëllef kritt

Donieft soll et och fir d'Leit méi einfach ginn, fir un Hëllef vum Staat ze kommen, sierf dat iwwert de FNS, sief dat iwwert aner Administratiounen. Dofir ënnerstëtze mir Piraten d'Iddi vun engem analoge Guichet nom Virbild vu Guichet.lu, wou een op all seng Froen eng Äntwert ka kréien. Donieft soll op der digitaler Versioun vu My-Guichet och ëmmer novollzéibar sinn, wien wéini wéi eng Entscheedung zu enger Demande getraff huet.

Dofir sti mir Piraten:

- *Fir een analoge Guichet;*
- *Fir een Contenu op MyGuichet deen een och an Liichter Sprooch ka liesen;*
- *Fir eng novollzéibar Entscheedungsstruktur bei Demande beim Staat.*

### Keen op der Strooss zreck loossen

Mir Piraten sinn géint Verbidden vun der Heescherei. Mir wëllen dass d'organiséiert Kriminalitéit bekämpft gëtt, kënnen awer net aktzeptéieren dass Leit als kriminell ofgestempelt ginn, déi anzwou op der Strooss mat hirem Becher sëtzen.

Mir wëllen, dass jiddereen d'Méiglechkeet vun engem Dach iwwert dem Kapp huet, dofir mussen Programmer wéi Housing first (ee Projet wou de Leit eng Wunneng ugebuede gëtt) ausgebaut ginn. Esou dass jiddereen dee wëll, och gehollef kritt säin Wee zréck an d´Gesellschaft ze fannen.

### Méi Noutlogementer

D'Offices sociales sinn am Moment dofir zoustänneg fir d'Leit a Noutlogementer ënnerzebréngen. Oft hu si awer guer keng Logementer a musse bei der Gemeng nofroen oder sech no Hoteller orientéieren. Mir Pirate sinn der Meenung, dass d'Unzuel vun Noutënnerkënft muss opgestockt ginn an dës entweder dann den Offices sociaux ënnerstinn oder d'Gemengen dës Roll ganz iwwerhuelen

### Verbëtzen vun Liewensmëttel bekämpfen

Mir Piraten wëllen areeschen, dass hei am Land manner Liewensmëttel ewesch gehäit ginn. Wann een décidéiert fir frësch Produiten oder soss Haushaltsgéigenstänn bei enger staatlech unerkanntener ONG ofzeginn - an d'ONG dës unhëllt - sollt d'ONG wéi bei den Don'en haut schonn een Zerfitikat ausstellen. Dësen Zerfitikat

soll op Rechnungen déi een dee Moment virleeën muss ausgestallt ginn, an dann kann een den Zertifikat bei senger Stéiererklärung bäiléeën.

Supermarchéen sollen och mussen e puer Cent fir all Tonn déi se ewesch gehéien als Don un d'ONGen wéi d'Croix rouge an d'Caritas iwwerweisen mussen. Esou sollen d'Supermarchéen motivéiert ginn, fir opezehaalen vill ze vill Produiten ze kaafen an dës da spéider ewesch ze gehéien.

Dofir sti mir Piraten:

- *Fir Liewensmëttelspenden déi kënnen vun der Stéiererkläerung ofgesat ginn;*
- *Fir ee puer Cent déi de Supermaché fir all Tonn lessen déi en ewesch gehäit muss spenden.*

# SPORT



**Méi Beweegung a Sport an de Schoulen a Betreiungsstrukturen**

Ee Manktem u Beweegung gëtt an eiser Gesellschaft ëmmer méi zum Problem. Dofir gëtt et héisch Zäit fir do unzesetzen an d'Kanner direkt am Jonken Alter mam Sport an dem Veräinsliewe vertraut ze maachen. Dëst geet am einfachsten iwwert d'Schoul.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Fir d'Schoulen an d'Betreiungsstrukture Strategien a Modeller fir Programmer mat physeschen Aktivitéiten iwwert den Dag verdeelt. Dës Programmer sollen als ganzheetlecht Konzept geduecht ginn, vum Schoulwee iwwert den Enseignement bis d'Fräizäit no der Schoul;*
- *Fir eng Upassung vun de Kompetenzen a Qualifikatioune vun de Responsabelen ugepasst an och déi beschtméiglech Rahmebedingunge geschaaft ginn;*
- *Ausserhalb vun de Schoulstonne sollen och Acteuren aus der Gesellschaft wéi zum Beispill Sportveräiner mat abezu ginn. Doduerch kënnen extern Acteuren hir Aktivitéite promouvéieren a nei Membere fannen an d'Kanner an déi Jugendlech léiere fréizäiteg, wéi wichteg een Engagement an engem Veräin as.*



### Eng besser Koordinatioun op Gemengenniveau

Vill Gemeng hei am Land hunn net déi finanziell Moyene fir e Sportkoordinator anzestellen. Et ass awer wichteg, dass all Gemeng senge Bierger:innen ee villfältege Sport- a Beweegungsprogramm kann ubidden.

Dofir wëlle mir:

- *D'Gemenge finanziell ënnerstëtze fir esou Posten ze schafen. Dëst duerch e spezielle Budgetsposten, de vum Sportsministère zu Verfügung gestallt gëtt;*
- *D'Gemenge mussen dofir just ee genaue Sports- a Beweegungsprogramm mat villfältegen Aktivitéite fir jiddereen ausschaffen a mat alle personellen a finanzielle Mëttel opgelëscht, déi d'Gemenge fir eng praktesch Ëmsetzung brauchen. Baséierend dorop kënnen d'Gemengen dann eng entspriechend Zomm aus dem Budget kréien.*

### An eisem Gesondheetssystem

Beweegung a Sport si fir e gesonde Liewensstil vun immenser Wichtegkeet. Leider gëtt zu Lëtzebuerg bis elo nach net genuch Gewiicht op ee präventiven a therapeutesche Programm vu der Sport-Santé geluecht. Domat géifen d'Leit a Gesondheetsberuffer méi staark abezu ginn, eng méi grouss Offer ugebueden a wichteg Informatiounen u Patient verdeelt ginn, fir déi dës Programmer besonnesch wichteg sinn.

Dofir setze mir Piraten eis an:

- *Fir ee Kader ze schafen an deem d'Behandlunge fir verschiddene gesondheetleche Problemer a Krankheeten iwwert d'Nomenclaturen eng Verschreiwung vu sportlechen a präventiven Aktivitéiten erméiglechen. Domat géif een enger Rei u Patienten d'Méiglechkeet ginn, fir an engem medezinesche Kader a vu speziell forméiertem Personal dës Aktivitéiten auszeüben an esou zu hirer Heelung oder engem bessere Krankheetsverlaf bäizedroen;*
- *Fir d'Schafung vu Maisons «Sport-Santé». Hei kënne Patiente mat hirer Verschreiwung hikommen. Si kréie vu speziell ausgebiltem Personal aus der*

*Santé an dem Sport op hir Besoinen an hir Krankheet ugepasste Beweegungs- an Trainingspläng ausgeschafft a gi bei der Ausübung vun den entspriechenden Aktivitéiten och enk vun dëse betreit;*

- *Fir spezifesch Formatioune fir d'Personal, déi an dëse Maisons «Sport-Santé» schaffen. Well nëmmen esou kann eng beschtméiglech Prise en charge assuréiert ginn.*

## Méi Investitioune fir d'Sportsveräiner an Federatiounen

Et ass mëttlerweil wäitreechend bekannt, dass Beweegung gutt fir de Kierper a fir d'Séil ass, dofir setzen d'Piraten sech fir eng méi staark Ënnerstëtzung vun de Sportveräiner, Federatiounen an dem Comité olympique et sportif an.

Dofir wëlle mir:

- *D'Veräiner an Federatiounen ënnerstëtzten duerch d'Kreatioun vu bezuelten Poste respektiv d'Zesummeleeë vu verschiddenen administrativen Tâchen;*
- *D'Schafung vun engem Service um Sportsministère, deen änlech wéi de Service d'Economie Rurale, Sportveräiner dobäi berode kann, wéi si optimal vu Subside profitéiere kënnen, si bei fiskalesche Froen ënnerstëtzt an hinne bei der Sich no Infrastrukture kann hëllefen;*
- *D'Zuel vun de Ressourcen um technesch-sportlechen Niveau wéi zum Beispill d'Zuel vun de qualifizéierten Trainere eropsetzen;*
- *Eng Iwwerschaffung vum System vun de Subsiden well den aktuelle Modell, obwuel eng däitlech Verbesserung zum System virdrun, awer nach ëmmer seng Lacunnen huet.*

## Strukture fir Athleten

An de leschte Jore goufe vill nei Projete lancéiert fir d'Athlete beschtméiglech ze begleeden an ze encadréieren. Mir wëllen dës Efforte weider virundreiwen, fir dass d'Athleten net nëmmen zäitweis, mee iwwert hir ganz sportlech Karriär entspriechend encadréiert a begleet ginn. Dëst souwuel um gesondheetleche Plang, op physeschem Niveau, wéi och op psychologeschem Niveau an och um Enn vun hirer sportlecher Karriär, fir den Iwwergang an eng normal Karriär ze begleeden. Nëmme mat der richteger Ënnerstëtzung kann e Sportler oder eng Sportlerin säi volle Potential developpéieren an déi beschtméiglech Resultater erzilen.

## Elittesport

Piraten wëllen, dass et enger Persoun an Zukunft soll méiglech sinn, fir Elittesportler:in ze sinn, ouni dofir mussen Deel vun der Section des Sports d'Elite de l'Armée ze sinn. Et soll een am Elittesport och innerhalb vun enger ziviller Karriär kënne säi Sport ausüben. Dëst kéint fir eis Piraten iwwert zwee Weeër méiglech gemaach ginn. E méigleche Wee wier iwwert de Statut vum Independant, wou si fir eng gewëss maximal Unzuel un Stonnen aus dem Sonderbudget géife bezuelt ginn. Eng zweet Méiglechkeet wier, dass d'Sportler:innen bei engem Employeur ënnert engem Kontrakt mat enger deelweiser Tâche agestallt ginn a wou déi betraffe Persounen dann och eng gewëss Unzuel u Stonnen iwwert de Sonderbudget kéinte bezuelt kréien. Op dës Aart a Weis entstinn engem Patron keng zousätzlech Aarbechten. A béide Fäll missten d'Sportler:innen Ziedele mat hire Stonnen eraginn a géifen dorop baséierend remuneréiert ginn.

Dofir géife mir Piraten:

- *E Sonderbudget zur Verfügung stellen, aus dem d'Elittesportler:inne kéinte remuneréiert ginn.*

## Unerkennung vun eSport als Sportaart

D'Piraten setzen sech fir eng offiziell Unerkennung vum eSport als Sportaart an. De Besoin fir ze trainéieren, séier Reflexer ze hunn an de Besoin vun enger gudder Aen- an Hand-Koordinatioun beweisen, dass eSport eng richteg Sportaart ass an dowéinst och als sou eng sollt unerkannt ginn.

## Benevolat

Benevoller sinn ëmmer méi schwéier ze fannen, och am Sport. Dowéinst ass et wichteg, dës méi staark ze ënnerstëtzen. Aus dësem Grond setze mir eis fir d'Aféiere vun enger Sport-Kaart an, déi de Benevoller aus Sportveräiner ze gutt kënnt an hinne Remisen a Virdeeler erméiglecht, zum Beispill d'Gratis Entrée an ëffentlech Muséeën a Kulturariichtungen. Op dësem Wee kann déi wichteg Aarbecht vun de Benevollen indirekt belount a valoriséiert ginn. Änlech Kaarte kéinte fir all Secteure mat Benevollen agefouert a jee no Besoin gestalt ginn.

## Vereinfachung beim Medico-Sportif fir jonk Sportler

Um Ufank vun all Saison sti vill Veräiner ëmmer nees virun dem Problem,

dass se hir nei jonk Sportler:innen net séier genuch duerch de Medico-Sportif kréien an esou eventuell riskéieren, aus Mangel u lizenzéierte Spiller:inne keng Ekippe fir Competitiounen umellen ze kënnen. D'Piraten fuerderen, dass hei eng Ausnam fir Jonker ënnert 12 Joer kéint gemaach ginn. Déi Jonk bräichte fir hir éischt Lizenz da just en Attest vum Hausdokter fir lizenzéiert kënnen ze ginn, dëst ënnert der Konditioun, de Medico am Laf vun der Saison ze maachen.

## Eng Struktur fir Bientraitance an Integritéit

Lëtzebuerg brauch dréngend eng Struktur fir eng gutt Behandlung an Integritéit am Sport opzebauen (Safeguarding in Sports). D'Missioun vun dëser Struktur ass et, fir Mëssbrauch a kierperlech a moralesch Belästegung ze verhënnere souwéi d'Affer dovun ze ënnerstëtzen. Lëtzebuerg läit an deem Beräich hannert den internationale Standarden zréck. Dës Struktur kann d'Berodung an d'Zesummenaarbecht mat den ëffentlechen Autoritéiten a privaten Acteuren organiséieren an aner Beräicher wéi d'Bekämpfung vum Dopping, d'Verdeedegung an d'Promotioun vun der Ethik am Sport, de Kampf géint d'Manipulatioun am Sport, etc. promouvéieren.

## Lutte géint den Dopping verstäerken

De Sport muss propper a fräi vun Dopping bleiwen. Fir e proppere Sport muss d'Lutte géint den Dopping och am Amateur-Beräich verstäerkt ginn. Fir dëst ze erméigleche wëllen d'Piraten d'ALAD finanziell a personell stäerken, fir esou och am Amateur- a Jugendberäich méi Doppingkontrollen z'erméiglechen.

## Méi zentral an divers Sportsitten

Hei zu Lëtzebuerg ass et de Moment dacks esou, dass et vill kleng Sitte fir verschidde Sportaarte gëtt, déi iwwert dat ganzt Land verspreet sinn. Verschidden Infrastrukture sinn dann och net fir méi Sportaarten ausgeluecht, mee just fir eng spezifesch Sportaart a si ginn dofir weder effizient genotzt nach dierfen se dacks vu méi Acteure genotzt ginn. Esou geet net nëmme wichteg Plaz verluer, mee et ginn och wichteg Ressource verbëtzt. Méi zilféierend wier et, wann e gréisser Sportcampussen erschaaft, wann an Zukunft nei Projete geplangt ginn. Doduerch géife méi modern an effizient Sitte fir vill Sportveräiner a Sportaarten entstoen an et géifen och wichteg Ressourcen agespuert respektiv méi geziilt agesat ginn.

## D’Schafe vun engem Departement fir Sport a Sportsmedezin op der Universitéit

D’Formatioun ass en zentrale Bestanddeel fir d’Qualitéit vum Enseignement an den Encadrement am Sport ze garantéieren. Dowéinst muss d’Ausbildung vun den Traineren, vun der Administratioun, wéi och vum Schoul- a Bildungspersonal weider gestäerkt ginn. Fir dës Formatioune weider ze verbesseren, ass et wichteg eng entspriechend Formatioun op universitärem Niveau unzebidden an d’wëssenschaftlech Fuerschung an de Beräicher vum Sport a kierperlecher Aktivitéit op der Uni Lëtzebuerg ze férderen. Dëst Universitéitsdepartement kéint och besonnesch fir déi verschidde Sportberäicher, d’Sportwëssenschaften a d’Sportmedizin férderlech sinn.

Den existéierende Know-How zu Lëtzebuerg géif an dëse Beräicher op dës Aart a Weis wesentlech gestäerkt ginn. Souwuel d’Federatioune wéi och déi ëffentlech Institutiounen an d’Ausbildungsinstituter kéinte vun esou engem Universitéitsdepartement profitéieren. Doduerch kéint d’Sammele vun Donnéeën erliichtert ginn, déi néideg sinn, fir eng effektiv Iwwerwaachung vun der kierperlecher Aktivitéit an den Aktiounen, déi um Terrain ëmgesat ginn.

# STEIERPOLITIK STAATSFINANZ



Eng fair Steierpolitik suergt fir eng gutt funktionéierend Wirtschaft an ee gudde sozialen Zesummenhalt. Een einfacht a gerecht Steierrecht suergt dofir, dass jiddereen eng Chance an eiser Gesellschaft huet. Mir Piraten wënschen eis ee moderne Steiersystem deen net nom Statut kuckt an dee sozial gerecht ass. Et gëtt héisch Zäit aus dem lëtzebuergesch Steiermodell ee Modell ze maachen, deen an d'21echst Joerhonnert passt.


### Méi netto vum Brutto um Salaire (Akommessteier)

Den aktuelle System vun der Akommessteier (Impôt sur le revenu des personnes physiques oder IRPP) ass oniwwersiichtlech, ineffikass an ongerecht. Vill Leit wëssen net wéi eng Steiererklärung geet a jee nodeems, wéi eng Zort Akommes een huet, gëtt een aneschters besteiert (Suen op engem Salaire ginn aneschters besteiert wéi Dividenden, Zënsen oder ee Loyer). Doriwwer eraus bezillt ee méi Steieren, wann ee Single ass, wéi wann ee sech bestuet. Dat ass net gerecht.

D'Piraten wëllen eng Vereinfachung vum Steierrecht. Eng Besteierung no eisem System géif bewierken, dass mer vill Ressourcë bei der Steierverwaltung fräi maachen an een transparente System kënnen opbauen, dee vun de Leit verstanen a selwer gerechent ka ginn.


&
ZEN

D'Piraten wëllen als éischt d'Steierklassen ofschafen. Fir eis Piraten ass et net akzeptabel, dass eise Steiersystem nach ëmmer ee Liewensmodell belount an een anere bestrooft. D'Zil ass eng komplett Individualbesteierung, bei där all Persoun gläich behandelt gëtt, onofhängeg vum Bezéiungsstatus. Laangfristeg wëlle mir eng komplett Individualbesteierung, andeems mir eng negativ Akommessteier aféieren. Eng negativ Akommessteier heescht, dass een eréischt ab engem méi héijem Akommes ufänkt Stéieren ze bezuelen. All Persoun ënnert deem Montant kritt Geld vum Staat zeréck, all Persoun driwwer fänkt un ze bezuelen.




## Elengerzéiend an d'Steierklass 2 setzen

Als eng vun den éischte Steiermoossname géifen d'Piraten direkt d'elengerzéiend Familljen an d'Steierklass 2 sëtzen, well dës Persoune gehéieren aktuell mat engem Aarmutsrisiko vu 40% zu de vulnerabelste Persounen hei am Land.

## Witwesteier ofschafen

Zu Lëtzebuerg ass et esou, dass eng Persoun, nom Doud vu sengem Liewenspartner, no enger Transitiounsphas vun dräi Joer aus der Steierklass 2 erausfält. Dëst bedeit, dass Persounen dräi Joer nom Doud vun hirem Partner vill méi Steiere musse bezuelen. Dës Persounen, déi schonn duerch den Doud vun engem léiwe Mënsch ee Schicksalsschlag erliewen, ginn duerno wéinst hirer néier Liewenssituatioun nach finanziell vum Staat bestrooft. D'Piraten Wäerten sech dofir asetzen, dass d'Witwesteier ofgeschaaft gëtt an déi betraffe Leit net méi an d'Steierklass 1a zréck falen, mee an der Steierklass 2 bleiwen.

## Steieren un d'Inflatioun upassen

Mat all Indextranche kritt een 2,5% um Bruttoloun bäi. Netto bleiwen

awer keng 2,5% iwwreg, well een mat méi Bruttoloun och méi Steieren muss bezuelen. All Indextranche kënnt deemno mat enger Steiererhéijung an doduerch geet d'Kafkraaft vun de Leit erof. All Index kascht ee Mindestlounempfänger ronn 10€ pro Mount vu senger Kafkraaft an de Staat hëlt sech iwwert eng verstoppte Steier méi Suen eran.

Fir déi Situatioun z'änneren, muss de Steierbarème mat indexéiert ginn. D'Piraten wäerten sech fir eng järlech Indexéierung vum Steierbarème asetzen. Dat awer enger Deckelung op den héchsten Tranche vum Barème. Richteg gesi kascht dës Moossnam de Staat näischt, well bei de Steierrecetten alles esou bleift, wéi et der aktueller Realitéit entsprécht an d'Leit behalen d'Indextranche vun 2,5% an der Täsch. Domadder gëtt d'Kafkraaft vun de Leit gestäerkt.

### Steierfräie Mindestloun

Ee Mindestlouhn ass, wéi den Numm et seet, de Minimum, deen ee fir ze liewen hei am Land brauch. Dofir wäert de Mindestlouhn mat de Piraten steierfräi sinn an et och bleiwen.

### Steierkreditter automatesch ausbezuelen

Steierkreditter mussen automatesch deene Leit zegutt kommen, déi se betreffen. Ënnert dem aktuelle System froe vill Leit hier Steierkreditter net un, well se net dovunner wëssen oder net wëssen, wéi dat geet (Beispill: de Crédit d'impôt monoparental).

De Staat dierf net drop spekuléieren, dass Haushälter duerch Onwëssenheet oder bürokratesch Hürden hir Hëllefen net ausbezuelt kréien, déi hinnen zoustinn. Generell mussen d'Prozedure vereinfacht an automatiséiert ginn a Steierkreditter direkt ausbezuelt ginn. Dofir sollen dës och indexéiert ginn, fir esou ee Wäertverloscht ze verhënneren.

### Actionnariat salarié ausbauen

D'Piraten wëllen, dass d'Mataarbechter:innen méi um Erfolleg vun hire Firme kënne bedeelegt a finanziell belount ginn. Eng Form fir dat ze maachen ass iwwert den Actionnariat salarié, wou Mataarbechter:innen Undeeler vun hirer Firma a Form vu Mataarbechter:innenaktien ausgestallt kréien, déi se un de Gewënner vun der Firma bedeelegen an hinne gewëss Matsproocherechter sécheren. Dat stäerkt d'Matbestëmmung vun de

Salariéeën an den Entreprisen a valoriséiert hir Aarbecht. D'Piraten wëllen dofir den Actionnariat salarié virun allem a klengen a mëttelgroussen Entreprisen steierlech ënnerstëtzen, a souwuel d'Firmen, wéi och d'Salariéen, steierlech entlaaschten, wa si dee Wee wëlle goen.

### Fitforinvest

All Euro, dee vun de Privatleit an d'Wirtschaft investéiert gëtt, hëlleft, fir d'Wirtschaft um dréinen ze halen a schaaft Méiglechkeete fir Erneierung an och Aarbechtsplazen. Fir d'Leit ze motivéieren, hir Suen z'investéieren, wëlle mir kleng Actionnairen een Ureiz ginn, fir selwer op de Finanzmäert aktiv ze ginn. D'Piraten setzen sech fir een Abattement vun 5.000€ bis 10.000€ op Investitiounsbénéficer an, ënnert der Konditioun, dass d'Wäertpabeieren op mannst sechs Méint laang gehale ginn.

### Steierfräie Bonus

Fir eis all klenge Bonus eng Unerkennung fir engem Salarié seng gutt Aarbecht a sollt dofir, ënnert gewëssene Limitten, net weider besteiert ginn.

- *Gratifikatiounen a Bonussen, déi net Deel vun der Rémunération périodique sinn, sollen dofir bis 5.000€ steierfräi gemaach ginn.*
- *D'Piraten wëllen doriwwer eraus och ee steierfräien 13te Mount.*

### Eng eenzeg Firmesteier: ICC an IRC fusionéieren

An engem Pabeier vun 2021 iwwert schreift de Conseil économique et social, dass et gudd wier, wann een den ICC an den IRC géif an eng Gewerbesteier géif zesummesetzen. D'Piraten schléissen sech där Meenung un: een Zesummeleeën zu enger eenzeger Firmesteier féiert zu enger besserer Iwwersiicht fir d'Firmen a suergt dofir, dass Firme gläich besteiert, ginn, egal a wéi enger Gemeng dass si sinn. Dës Mesure kann och zu enger Dezentraliséierung vun der Aarbecht bäidroen, well d'Betriber fräi am Land kënne verdeelen.

## Automatiséiert TVA Deklaratiounen

Aktuell ass et esou, dass Firmen ënnertenee mussen d'TVA bezuelen, dat verbuchen an duerno mam Staat verrechne mussen. Mat deem System kënnt et mol vir, dass Firme wéinst Verspéidunge bei den TVA-Ofrechnungen a finanziell Problemer kommen, grad bei klenge Firmen. D'Piraten wëllen an Zukunft ee modernen digitale System opbauen, fir TVA-Declaratioun ze maachen. D'Firme solle keng TVA méi ënnertenee verrechne mussen, mee um Enn vum Joer eng Quittung vum System ausgestallt kréien, fir ze wëssen, wéi vill TVA si un de Staat iwwerweise mussen.

## Erof mat der TVA

D'Piraten wëllen, dass op verschiddene Produite keng TVA berechent gëtt oder, wou dat net méiglech ass, dee niddregsten TVA-Taux vun 3% geholl gëtt. Mat dëser Moossnam stäerke mir de lëtzebuergeschen Handel an der Groussregioun a versichen, dass nohalteg Produkter an Aktivitéite méi bëlleg ginn. Dorënner fale Liewensmëttel aus biologeschem Ubau, d'Reparature vu Géigestänn, d'Renovatioun vu Gebaier, de Kaf vu klengen Elektroautoen, d'Coupe beim Coiffeur oder och de Kaf vu Kleedung bis zu engem gewëssene Präis.

## Lëtzebuerg fir Crypto aktiv maachen

D'Piraten ënnerstëtzen den Ausbau vu Cryptowärungen. Mir gesinn an dësen digitale Wärungen eng Chance fir d'Mënschen op der ganzer Welt, fir hiert Geld genee an déi Projeten an déi Wueren z'investéieren, an déi si wëllen investéieren. Mir schwätzen eis fir een attraktivë steierleche Kader aus.

## Keng bëlleg Taxe d'abonnement fir Gas an Atom

D'EU-Taxonomie huet et fäerdeg bruecht, dass Gas an Atomenergie als nohalteg Energiequellen ugesi ginn. Dat ass an eisen Aen ee Feeler. Mir si géint ee gréinge Label fir Gas an Atom. Dat ass Greenwashing. Nëmmen erneierbar Energië maachen eis prett fir Zukunft a sécheren eis geopolitesch Onofhängegkeet viru autokratesche Länner, wéi Russland oder dem Katar. Mir Piraten vertrieden d'Positioun, dass d'Fongen, déi an Atomkraaft a fossil Energien investéieren, keng Reduktioun bei der Taxe d'abonnement zu Lëtzebuerg dierfe kréien.

## Finanztransaktiounssteier

D'Piraten stëmmen der Iddi vun enger Finanztransaktiounssteier op OCDE-Niveau zou.

## Verstoppten Ierfschaftssteier ofschafen

Offiziell gëtt et zu Lëtzebuerg keng Ierfschaftssteier. Trotzdeem gi vill Leit, déi eppes ierwen, bei d'Lisette gelooss, well de Staat sech d'Suen iwwert d'Besteierung vun der Plus-Value op Immobilien erëm zeréckhëllt. Wann een eng Wunneng vun den Elteren ierft an déi verkeeft, fir zum Beispill de Prêt vu sengem Eegenheem ofzebezuelen, da muss een op d'Sue vum Verkaf Akommessteier bezuelen. Deemno bezuelen d'Leit also indirekt eng Ierfschaftssteier, och wann dës net esou heescht. Dës verstoppten Ierfschaftssteier trëfft virun allem kleng Ierfschaften, wat net gerecht ass. D'Piraten proposéieren dofir eng Verbesserung fir kleng Ierfschaften: d'Eischtresidenz vun den Elteren soll komplett vun der Steier op Plus-Value'en befreit ginn, wann d'Wunneng bannent zwee Jore verkaf gëtt. Verméige bis fënnef Milliounen Euro sollen net besteiert ginn. Eréischt ab fënnef Milliounen soll all weideren Euro ënnert d'Schenkungssteier (ronn 1,8%) falen.

## Steierrecht am ganze Land selwecht uwenden

Aktuell hunn déi eenzel Steierbüroen ze vill Interpretatiounsspillraum beim Ausleeë vun de Steiergesetzer. Dës féiert a verschiddene Situatiounen dozou, dass eng Persoun, jee no Steierbüro, aneschters besteiert gëtt a méi oder manner bezuele muss. All Persoun soll am Land gläich virun de Gesetzer behandelt ginn an dofir muss deen Interpretatiounsspillraum vun de Steierbüroen ofgeschaaft ginn.

D'Piraten wëllen:

- *Kloer a koherent Instruktioune fir d'Steierbüroen, dass all Dossier gläich ze behandele sinn. Interpretatiounsdivergenzen tëscht Steierbüroe mussen ëmmer am Interêt vun de Steierzueler:innen geléist ginn;*
- *Eng gratis Appelinstanz bei der Steierverwaltung aféieren, wou d'Leit sech géint eng onfair Besteierung wiere kënnen;*
- *Ee Code fiscal aféieren, wou all d'Steiergesetzer an hirer aktuellster Versioun an engem Dokument festgehale sinn.*

## D'Steierbüroen musse méi Kulanz vis-à-vis vun de Steierzueler:inne weisen

Reegelméisseg héiere mir vu Fäll vu Firmen a Persounen, déi op ee Schlag Riesenzommen u Geld un d'Steierverwaltung mussen zeréckbezuelen. D'Iwwerraschung kënnt heiansdo eréischt Jore méi spéit, well d'Steierverwaltung ze lues ass, fir d'Dossieren opzeschaffen.

D'Piraten setzen sech géint dës Ongerechtegkeeten an:

- *A Fäll vun Réckzuelunge vun grousse Montante mussen Accorde tëscht Verwaltung a Steierzueler:inne fonnt ginn, déi op kloer definéierte Critère berouen, déi fir all Steierbüro d'selwecht sinn;*
- *De Service de Recouvrement vun der Steierverwaltung muss d'Steierzueler:in beim Ausschaffe vun engem Finanzéierungsplang hëllefen, deen e.a. d'Héicht vun de Réckzuelungen, d'perséinlech Situatioun vun de Betraffen an d'Retarde vun der Beaarbechtung vun de Steiererklärunge vum Steierbüro berécksiichtegt;*
- *Zënsen op de Steierscholde sollen dofir eréischt ab deem Moment verrechent kënne ginn, wéi d'Steierverwaltung un Zäit gebraucht huet fir Steierdossier ze traitéieren.*

## Automatiséiert an digitaliséiert Steiererklärung

Säit 2022 kënne verschidde Privatpersounen deelweis hier Steiererklärung iwwer MyGuichet digital ausfëllen. D'Piraten wëllen de System esou opstellen, dass iwwerall do, wou et méiglech ass, d'Donnéeeën am Viraus ausgefëllt sinn, fir esou dem Benotzer d'Ausfëllen esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Informatiounen, déi dem Staat schonn op anere Verwaltunge virleien, sollen direkt kënne genotzt ginn. D'Automatiséierung vu Steiervirdeeler kann d(e) Steierzueler:in an och d'Steierverwaltung bei der Steiererklärung enorm entlaaschten, well dës zu manner Feeler féiert. D'Steierzueler:inne sollen zu all Moment iwwer MyGuichet de Status vun hirer Steiererklärung kënnen agesinn an eventuell Demanden iwwer de System traitéieren.

## Reform vun der Grondsteier

Aktuell leit eng Propose vun der Regierung um Dësch, fir eng nei Grondsteier opzestellen. D'Grondsteier gëtt nach no engem Gesetz vun 1936 gereegelt a muss dofir iwwert de

Leescht geholl ginn. D'Piraten ginn de Wee vun der Moderniséierung mat, mee wëllen, dass d'Steier previsibel an transparent opgestallt an op dat Néidegst beschränkt gëtt. Dat ass aktuell net de Fall, well d'Formel, déi fir d'Berechnung vun der Grondsteier geholl gëtt, matrechent, ob een eng Schwemm, eng Bäckerei oder ee Busarrêt viru senger Dier huet. D'Iddi vun der Regierung mécht och een Ënnerscheed tëschent Eenzelpersounen a Koppelen an dat ass eppes, wat fir eis guer net geet. Fir d'Piraten bedeit eng Grondsteier, dass eleng den Terrain an dat, wat drop steet besteiert, gëtt.

## Steiervirdeeler fir gerecht Loyeren

Aktuell gëtt de Staat Milliounen Euro d'Joer fir Logementsbäihëllefen aus. Dës Sue kritt de Locataire vun enger Wunneng, wann d'Käschte fir de Loyer ze vill Sue vu sengem Akommes verschléngen. Ekonomesch gekuckt mécht déi Hëllef eleng gesinn net vill Sënn, well de Proprietär vun enger Wunneng tëschent ville Leit auswiele kann, déi d'Hëllef kréien an deemno de Präis vu sengem Loyer erhéije kann. D'Hëllef dreift also d'Präisser am ënneschte Präissegment an d'Luucht, well niddreg Salairen sech géigesäiteg Konkurrenz maachen, wärend d'Proprietäre keen Usporn hunn, fir mam Präis erofzegoen.

Mir Piraten fannen:

- *Dass een de System vun de Loyershëllefen ausbaue soll a Proprietären, déi hir Wunneng zu engem soziale Präis verlounen, beloune soll. D'Proprietären, déi ënnert dem Duerchschnëttsloyer an enger Uertschaft verlounen, sollen dës Differenz vun hire Steieren ofsetze kënnen;*
- *Dass ee Mietpräisspiegel soll opgestallt ginn, fir d'Duerchschnëttspräisser an enger Uertschaft z'ermëttelen (opgedeelt no Kategorie vun enger Wunneng).*

## Wunnkäschten als Spezialausgab bei der Steiererklärung abauen

Wien lount, dee kritt nëmme schwéier d'Suen zesummen, fir sech iergendwann am Liewen eng eege Wunneng kënnen ze kafen. Proprietäre kënnen op der anerer Säit awer d'Zënse vun hirem Wunnengsprêt ofsetzen.

Mir Piraten wëllen:

- *Dass ee säi Loyer vu senge Steiere kann ofsetzen.*

## Géigefinanzéierung

D'Piraten maache keng eidel Versprieche mat Steiergelder. Eng Steierreform soll dofir suergen, dass et dem

Groussdeel vun de Mënschen hei am Land besser geet.

Kaddoe fir Millionäre wäert et mat eis hei am Land net ginn. Mir roden zu enger Erhéijung vum aktuelle Spëtzesteiersaz vun aktuell 42% op 47%. Dës Erhéijung sollt iwwert d'Aféierung vu weidere Besteierungstranchë bis 600.000€ pro Persoun Joresakommes geschéien. Dat bedeit, dass eng Persoun fir all Euro, dee se bei méi wéi 200.000€ Joresakommes verdéngt, op dësen Euro 44% aplaz 43% Stéier bezilt, an op all Euro no 400.000€ Akommes dann 45% Stéieren op deen Euro, an esou wieder.

Dës Moossnam kéint de Berechnunge vun der Steierverwaltung no iwwer 300 Milliounen zousätzlech an d'Staatskeese bréngen, déi fir d'Steierreform genotzt solle ginn.

## Staatsschold am A behalen

Och de Staat huet net onendlech Sue fir auszeginn an d'Ausgabe vum Staat mussen uerdentlech gefouert ginn, fir d'Staatsschold net wieder uwuessen ze loossen. D'Scholde vun haut sinn d'Steiererhéijunge vu muer an déi bezuele mir alleguerten. D'Piraten wëllen, virun allem an deene gudde Joren, Suen op d'Säit leeën, fir d'Staatsschold, déi aktuell bei 20 Milliarden Euro leit, lues a lues ofzebauen. Mir wëllen, dass bei engem Excédent budgétaire automatesch een Deel vun de Sue muss genotzt ginn, fir d'Scholden ofzebauen.

D'Finanze vum Staat musse responsabel gefouert ginn a grad op der Säit vun den Ausgabe mussen Ustrengunge gemaach ginn, fir dass Lëtzebuerg sech net weider verschold. Et muss eriwwer si mat deiere Prestige-Projeten, déi net bei de Leit ukommen. Ee Pavillon zu Dubai fir 32 Milliounen, de Bau vun enger Vëlosbréck um Belval fir 47 Milliounen oder de Kaf vun engem Militärsatellit fir iwwer 300 Millioune sinn nëmmen e puer Beispiller, déi weisen, dass et genuch Plaze ginn, wou Sue kënne gespuert ginn oder wou mer op Projete verzichte sollen.

## Iwwerflësseg Steieren ofschafen

D'Piratepartei wëll fir all Steier an Taxe, déi am Moment am Gesetz existéiert, kontrolléieren, ob se méi abréngt, wéi se u Käschte verursaacht. Sollt dës Bilanz negativ ausfalen, ka Geld agespuert ginn andeems déi betreffend Steieren ofgeschaaft ginn. Steieren, déi enorm opwendeg bei der Deklaratioun sinn an nëmme wéineg abréngen, sollen entweder vereinfacht ginn oder awer ofgeschaaft ginn.

# TRANSPAR

Transparenz erlaabt et jidderengem d'Aktioun vun der Regierung a Verwaltungen ze kontrolléieren. En transparente Staat an eng änlech transparent Verwaltung ass d'Grondlag fir d'Vertrauen an d'Politik an hir Aktiounen erëm opzebauen. Lëtzebuerg huet ënnert der aktueller Regierung all Joer Plazen am Korruptiounsindex verluer, d'Vertrauen an d'Politik an d'Parteien ass weiderhin am Sénkfluch, beim Eurobarometer vun 2022 iwwert d'Korruptioun hunn 46% vun alle Befrote gesot dass et Korruptioun an der Politik zu Lëtzebuerg gëtt. E Plus vu fënnef Prozentpunkten an dräi Joer.

Generell muss de Staat vill méi Statistiken zu de Problemer hei am Land liwweren. Vill ze oft heescht et an Äntwerten op parlamentaresche Froen "De Ministère huet heizou keng Donnéeën".

D'Pirate setzen sech fir Transparenz op allen Niveauen an, souwuel am Privatsecteur mee virun allem am ëffentleche Secteur. Domadder wëlle mir d'Vertrauen an d'Institutiounen an de Rechtsstaat rëm opbauen a virun allem verdéngen.

RENZ

## Fir e „Prinzip vun der Ëffentlechkeet“

De „Prinzip vun der Geheimhaltung“ vum staatlechen Handele muss zugonschte vum „Prinzip vun der Ëffentlechkeet“ verännert ginn. Verwaltung a Politik mussen endlech och an der Hisiicht vun hirer Transparenz géigeniwwer vun de Bierger:innen hiren Déngschtleeschtungscharakter unerkennen an sech grondleeënd dorop ausriichten, een Informatiounszougang fir Bierger:innen effizient, komfortabel a mat niddrege Käschten ze erméiglechen.

Besonnesch vir eng Bewäertung vun der Aarbecht vu politeschen Entscheedungsträger ass et dringend noutwenneg, dass d’Grondlage vu politeschen Entscheedungen transparent gemaach ginn. Aktiv matbestëmmen an enger Demokratie ass nëmme méiglech, wa virun Decisioune souwuel den Inhalt, wéi och de Prozess vu der politescher Entscheedung ëffentlech sinn. Och nodréiglech mussen Entscheedungen zréck ze verfollege sinn - net ëffentlech Sëtzunge vu Chamberkommissiounen zum Beispill sinn enger Demokratie onwürdeg. Ofkommes hannert zouenen Diere mussen der Vergaangenheet ugehéieren, fir dass direkt a participativ Demokratie méiglech ass. An dësem Sënn setzt sech d’Piratepartei fir de Prinzip vun der Ëffentlechkeet vum staatlechen Handelen an eng komplett Transparenz vun de gewielte Vertrieder géigeniwwer de Wieler an.

Mir Piraten fuerderen:

- *Kommissiounssëtzunge vun der Chamber am Live-Stream;*
- *Obligatoresche Live-Stream fir Gemengerotssëtzungen;*
- *Annulatioun vun der sougenannter « Circulaire-Bettel-II ».*

## Fir e wierklecht Transparenzgesetz

Dat aktuellt Gesetz iwwert eng transparent Verwaltung ass de Pabeier net wäert op deem et geschriwwe gouf. D'Zivilgesellschaft kritt regelméisseg vun der „commission à l'accès aux documents" Recht fir dass duerno um Verwaltungsgeriicht d'Dokumenter awer geheim dierfe gehale ginn. Et ass d'Manifestatioun vum Refus vun de läschte Regierunge fir Transparenz ze priedegen a Geheimniskrämerei ze liewen. Ob Google Datacenter, Foussgängersécherheet an der Stad oder d'Kontroll vu politeschen Entscheedungen, mir brauchen e wierklecht Transparenzgesetz mat Bëss.

E modernt Transparenzgesetz ass d'Basis fir en accessibele Staatsapparat an eng oppe Verwaltung. Mat Steiergelder finanzéiert Studien, Verträg tëscht staatlechen Administratiounen an der Privatwirtschaft, Verhandlungsdokumenter vu gewielte Vertrieder mussen der Ëffentlechkeet zur Verfügung stoe fir d'Handele vu Staat a Volleksvertrieder kontrolléieren ze kënnen.

Mir Piraten fuerderen:

- *En neit Transparenzgesetz no Hamburger Virbild;*
- *Eng Reduktioun vun den Ausname fir Dokumenter zeréckzehalen;*
- *Automatesch Veréffentlechung vun deene meeschten Dokumenter;*
- *Eng éischt Instanz ouni Affekotskäschte fir dës Rechter duerchzesetzen;*
- *Remboursement vu Prozedursfraise wann een um Geriicht gewënnt;*
- *En Auswäite vun dëse Reegelen op all Zorte vun Informatiounen.*

## Eng transparent an effizient Economie

Vill Leit am Ausland mengen nach ëmmer Lëtzebuerg wier e Standuert fir dubiéis Bankgeschäfter a komplizéiert Firmekonstrukter ouni jeeglech Transparenz. Och wann sech déi läscht Jore vill duerch den Drock vu Bausse geännert huet sou huet d'Politik bis elo de Potenzial vun enger transparenter Ekonomie fir esou méi effizient ze schaffe verschlof.

Duerch d'Méiglechkeet Daten nëmmen eemol, zentraliséiert, mussen unzeginn, kéinte vill Compliance-Prozesser an de Beräicher wéi zum Beispill Geldwäsch (AML) oder Know Your Customer (KYC) vereinfacht oder souguer automatiséiert ginn. D'Betriber, d'Banken an d'Verwaltunge kéinte vill Geld spuere wann Daten déi eemol beim Luxembourg Business Register

hannerluecht goufen automatesch iwwerpréift kéinte ginn an als Basis fir Entscheedunge kéinten erugezu ginn. Dëst ouni gréisser Hürden. Dëst wier e win-win fir Entreprisen an Zivilgesellschaft. Prozesser géife méi effizient ginn an d'Zivilgesellschaft a Journaliste kéinten hirer Kontrollfunktioun besser nokommen.

Dofir mussen natierlech och staatlech a para-staatlech Prozeduren entschlaakt gi fir esou ze garantéieren dass et einfach a fir jidderee méiglech ass sech un d'Reegelen ze halen.

Mir fuerderen:

- *En Registre de Commerce deen oppen an diskriminéierungsfräi zougänglech ass, och programmatesch;*
- *Eng eenzeg Prozedur fir LBR a RBE z'aktualiséieren, ganz ouni PDF;*
- *Digitalen a programmateschen Accès op eCDF-Dépôte fir automatesch Solvabilitéitspréifungen;*
- *D'Garantie dass d'digital Daten aus de para-staatleche Register duergi fir AML a KYC Obligatiounen erfëllt ze hunn.*

### Fir eng transparent Politik a Verwaltung

Souwuel d'Regierung wéi d'Chamber hunn dës Legislatur u méi Transparenz geschafft, et koume verschiddenste Forme vu „Transparenzregister", ëmmer méi Date musse veröffentlecht ginn, mee all dat huet kee koherente Kader. D'Regierung mécht eppes, Beamten eppes anescht, d'Chamber nach eppes an d'Gemenge quasi näischt.

D'Piraten fuerderen dofir e klore gesetzleche Kader iwwert eng transparent Politik duerch e Gesetz zur Erhéijung vun der Transparenz an der Politik. Dëst Gesetz soll zu Transparenz an de Beräicher Finanzen, Verbindlechkeeten, Geschenker an Interessekonflikter féieren a fir Regierungsmemberen, Deputéiert souwéi Beamten an der "Carrière supérieure, catégorie administrative" gëllen. Dës sollen all hier finanziell a perséinlech Interessen oppeleeë fir méiglech Interessekonflikter transparent ze maachen. Den aktuelle System souwuel bei der Chamber wéi Regierung geet net duer fir all Interessekonflikter oppen ze leeën. Dofir fuerdert d'Piratepartei eng méi komplett Reegelung, déi och fir Regierungsmemberen, Buergermeeschter a Schäffen an héich Beamte gëllt déi mussen Ulagevermégen, finanziell Investitiounen,

Verbindlechkeeten, Annahmequellen, Geschenker an all potentiell Interessekonflikter oppe leeën.

Do dernieft fuerderen d'Piraten den Transparenzregister vun der Chamber a Regierung ze standardiséieren an och Strofe fir d'Betriber déi sech net registréiere virzegesinn. Den Transparenzregister vun den Entrevue muss ausserdeem mat engem Kalenner vun den Entrevuë komplettéiert gi fir esou sécherzestellen dass zäitlech Zesummenhäng kënnen novollzu ginn.

Mir fuerderen:

- *E Gesetz zur Erhéijung vun der Transparenz an der Politik nom Virbild vum franséische Gesetz „relative à la transparence de la vie publique";*
- *D'Iwwerschaffen a Vereenheetleche vun den Transparenz- an Entrevuesregister fir d'Chamber;*
- *D'Schafe vun enger Verwaltung nom Virbild vun der Haute Autorité pour la transparence dans la vie publique.*

## Fir transparent Wirtschaftsaktivitéite vum Staat

De Staat ass wuel een, wann net, dee, gréisste Wirtschaftsacteur zu Lëtzebuerg, an trotzdeem ass en a sengem Fonctionéieren heefeg méi ontransparent wéi eng kleng ASBL. De Budget gëtt just a grousse Lignë veröffentlecht an d'Beneficiaire vun Aiden, Subsiden oder anere Sue sinn net ëffentlech nozevollzéien. Mir Piraten gleewen dass d'Regierung, d'Verwaltungen an och d'Gemenge mam gudde Beispill musse virgoen an e méi transparenten Ëmgang mat ëffentleche Gelder liewe mussen.

Mir fuerderen:

- *Verëffentlechung vun Transaktiounsdate vum Staat fir all Transaktioun iwwer 25.000 € an anonymiséiert ënnert dësem Seuil;*
- *Maschinneliesbar Budgeten op alle Verwaltungsebene vu Gemenge bis bei de Staat;*
- *D'Schafe vun engem Register iwwert all ëffentlech Aiden, Subsiden a Kontrakter op alle Verwaltungsebene mat der Publikatioun vun alle Transferten déi kumuléiert iwwert 25.000 € pro Joer leien an anonymiséierten Date fir all Transferten ënnert dem Seuil.*


## Besser Kontroll vun den Ausgaben bei staatlechen Projeten

Ob d'Nordstrooss, d'Vëlosbréck um Belval oder de Stadion: et goufen déi lescht Joren a Joerzéngten oft Planungsproblemer a Feeler bei der Realiséierung vu grousse Bauteprojete gemaach, woubäi all Kéiers de Budget fir dës Projeten explodéiert ass. Dës Beispiller weisen, dass et u Kontroll bei groussen Infrastrukturprojete feelt. Et weist och, dass grouss Projete mat méi grousser Virsiicht geplangt musse ginn.

D'Piraten fuerderen:

- *Dass bei all Projet d'Planungsbüroe mat an d'Haftung geholl ginn, wa Projeten déi virleefeg Budgeten oder Zäitpläng ëm e bestëmmte Prozentsaz iwwerschreiden;*
- *Dass d'Planungsbüroen an d'Architekten ee fixe Präis fir hir Déngschtleeschtungen a kréien an net a Prozent vum Wäert vum Projet bezuelt ginn;*
- *Dass bei ëffentlechen Ausschreiwungen de Wäert op Qualitéit geluecht ginn an net nëmmen op de Präis.*

# WIRTSCHAFT: KONSUMENTE



## Liewensmëttelwarnunge méi breet veröffentlechen

Zu Lëtzebuerg wéi an Europa kënnt et ëmmer erëm zu Réckriff vu Liewensmëttel. Um Site vum Konsumenteschutzministère an op dem Facebooksite vum Ministère kann een iwwert dës Réckriff forméiert ginn. Och d'Press kritt alt mol Communiquéen dozou geschéckt. Déi versprachen Alert op GouvAlert ass awer bis elo net disponibel.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Liwwensmëttelwarnungen déi och kënne per GouvAlert un d'Leit geschéckt ginn;*
- *Méi Mëttel fir de Kampf vu frauduléise Liweensmëttel. Hei geet ëm de Schutz vun eise Matbierger:innen an dofir mussen hei d'Ressource vum Konsummenteschutz an der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) erhéicht ginn.*

## Géint zoue Banken a Postbüroen

D'Piratepartei bedauert, dass ëmmer méi Guicheten uechter d'Land zougemaach ginn. Mir wëllen eis dofir asetzen, dass déi Banke wou de Lëtzebuerger Staat Aktionär ass,


SCHUTZ

op mobil Guichete setzen, déi esou d'ganz Land ofdecken. Esou hunn méi Leit d'Chance fir mat enger Persoun am Guichet ze schwätzen an Hëllef ze froen, ouni dass Guichete wéinst ze wéineg Leit onattraktiv fir d'Banke ginn. D'Post muss entweder och op mobil Guichete setzen oder an aner Commercen - zum Beispill an den Duerfbutteker - integréiert ginn.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Hëllef an de Guichete vun de Banke fir de Leit de Webbanking z'erklären;*
- *Mobil Guicheten;*
- *Biergerzentre wou d'Post grad wéi aner Commercen hir Plaz fannen.*

## Net nëmmen d'Recht op eng Réckerstattung vu sengem Geld

Am Moment kann de Keefer vun engem Produit innerhalb un der Garantie nëmmen eng ganz oder deelweis Réckerstattung vu sengem Geld vum Produit deen e kaaft huet, froen. Am Sënn vun der Kreeslafwirtschaft, si mir Piraten der Meenung, dass et och muss ee Recht op Reparatioune ginn. Ëmmer méi Mënsche wëllen hire Foussofdrock reduzéieren an si net drun intresséiert de ganze Produit ewech mussen ze geheie wéinst engem De-






fekt. Och soll ee Remplacement vun engem Deel vum Produit ëmmer méiglech sinn.


### Keng Reklamm w.e.g.

D'Offallgesetzer gesi fir den 1te Januar 2024 vir, dass d'Leit, nëmmen nach Reklammen an hir Bréifkëscht kréien, wann se dat op engem Sticker op hirer Boîte explizitt froen. Dat gëllt awer just fir „imprimés à vocation commerciale". Gratis Zeitunge wäerten dofir nach ëmmer an all d'Boîten kommen an et besteet de Risiko, dass d'Commercen hir Reklammen dann als „gratis Zeitungen" ëmdeefen a verdeele loossen.

Et geet awer och anescht: a Kanada existéiert eng Méiglechkeet, fir sech bei enger Agence vum Staat an ee Regëster androen ze loossen, fir ganz aus dem Verdeeler fir « Envois toutes boîtes » eraus geholl ze ginn.

D'Piraten wëllen och zu Lëtzebuerg esou ee System aféieren, deen da vun alle Postservicer muss respektéiert ginn. D'Demande soll einfach iwwert MyGuichet kënne gemaach ginn.

# WIRTSCHAFT: LANDWIRTSCH



Bauer sinn ass en immens ustrengende Beruff. Jo, et ass souguer méi wéi e Beruff, et ass eng Beruffung! Lëtzebuerg brauch eng staark, modern a nohalteg Landwirtschaft. Och, wa Lëtzebuerg sech ni wäert komplett selwer ernäre kënnen, sou ass et awer vun enormer Wichtegkeet, dass mir och grad hei zu Lëtzebuerg qualitativ héichwäerteg an nohalteg Liewensmëttel produzéieren. Fir dëst ze erreechen, muss d'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg gefërdert ginn.

### Kennzeechnung vum Fleesch

Et ginn antëscht zwar schonn Labelen, mat deene Lëtzebuerger Fleesch gekennzeechent gëtt, mee et ginn ëmmer nach Produiten, wou d'Hierkonft net direkt ersiichtlech ass, zum Beispill an der fräier Vente beim Metzler. Fir an deem Fall erauszefannen, wou d'Fleesch hierkënnt, muss de Konsument nofroen. Wichteg ass am Fall vun der Kennzeechnung och, wéi eng Produktiounsofschnëtt a wéi enge Länner gemaach ginn. Um Lännercode gëtt nämlech just dat Land vum leschten Produktiounsofschnëtt genannt. Dat ass awer net transparent an och de Konsument kann dacks net erausfannen, ob et sech wierklech ëm e komplett lokal hiergestallte Produit handelt oder net.


HAFT

Fir d'Piraten muss d'Transparenz gefërdert ginn:

- *Op all Fleeschprodukt (verpakt an onverpakt) muss d'Hierkonftsland vum Déier kloer duerch eng Kennzeechnung z'erkenne sinn an och, wou d'Déier opgewuess ass;*
- *Duerch eng Kennzeechnung, déi och kloer mécht, a wéi enge Länner d'Fleesch traitéiert ginn ass;*
- *Duerch eng Kennzeechnung, déi Haltungsklassen no strengen Déierewuelkrittären definéiert.*

## Méi Uebst a Geméis ubauen

Aktuell ginn hei zu Lëtzebuerg virun allem Fleesch a Mëllech produzéiert an d'Landwirtschaft konzentréiert sech op d'Véizuucht. Den Ubau vu Liewensmëttel, wéi Uebst a Geméis, ass nach ëmmer éischter seelen. Aus Grënn vun der Nohaltegkeet misste mir den Ubau vun Uebst a Geméis, grad am BIO-Segment, vill méi staark ausbauen. Grad verschidden Uebstbeem sinn enorm wichteg fir eis Biodiversitéit well sinn eng wichteg Nahrungsquell fir Insekte sinn.

Well den Ubau, grad bei verschidden Zorte Geméis, am Fräiland héich problematesch ass, muss mir hei op e modernen, nohaltegen an innovative Wee goen. Fir dass méi Baueren op de Wee gi fir och Uebst a Geméis unzebauen, muss de Staat seng Responsabilitéit huelen an de Bauere mat Subventiounen zur Säit stoen, well mat dem neie Produktiounszweig grouss finanziell Investment verbonnen ass.

Op Geoportail kann een haut schonn iwwert de "Potentiel solaire" kucken, op wéi engen Diech ee ka Solaranlagen installéieren. Dëse Prinzip géing sech och op den Uebst- a Geméisbau uwende loossen. Mat dësem Regëster kéinte Baueren, mee och Privatpersounen, kucken, wou de Buedem gëeegent ass fir Uebst a Geméis unzebauen a wou och genuch Waasser dofir disponibel ass.

D'Piraten wëllen den Uebst- a Geméisubau ausbauen:

- *Mam Bau an de Finanzement vun héicheffizienten Zäre fir d'Baueren. Dës sollen, wou méiglech, no bei Industriesitte gebaut ginn, well an enger ganzer Rei vu Betriber ganz vill Wäermt entsteet. Dës kéint op dës Aart a Weis fir den Uebst a H benotzt ginn. Zudeem verfügen dës Zären iwwert en Opfänksystem fir Reewaasser an iwwert een zouene Waassercircuit innerhalb vun der Zär. D'Waasser, dat fir ze netze genotzt gëtt, bleift bal integral an der Zär erhalen a kann esou ëmmer nees genotzt ginn. De restleche Waasser-*

*verbrauch kéint duerch Reewaasserop-fangbecken assuréiert ginn;*

- *Doduerch, dass de Staat d'Bauere mat méi Subside finanziell ënnerstëtzt, wann si méi Uebst a Geméis am Fräi-land ubauen, grad am BIO-Segment, oder Bongerten an Uebstbeem a Gréng-landwisen entstoe loossen;*
- *Ee Kadaster fir den Uebst-a Geméi-subau um Geoportail erstellen, wou kloer gekennzeechent gëtt, fir wéi een Uebst oder Geméis sech eng Plaz am beschten eegent.*

## Sou vill wéi méiglech op Sprëtzmëttel verzichten

Et ass eng Tatsaach, dass mir nach ëmmer ganz vill konventionell Bau-erebetriber zu Lëtzebuerg hunn an direkt Transitioun op 100% Bioland-wirtschaft fir vill Betriber nach net a Fro kënnt. Bei ville Kulturplanzen ass e komplette Verzicht op Sprëtzmëttel och bal ëmmer mat engem Verloscht vu Quantitéit an domat och mat en-gem Verloscht vu Sue verbonnen. Fir méi Baueren op de Wee a Richtung vun der Biolandwirtschaft mat ze huelen a fir sou vill wéi méiglech op Sprëtzmëttel ze verzichten, muss grad de Verloscht vu Suen duerch déi méi niddreg Recolten kompenséiert ginn.

Dofir setzen d'Piraten sech an fir:

- *Eng staark Subventionéierung fir Betriber, déi esou mann wéi méiglech Sprëtzmëttel benotzen;*
- *Eng Berodung vun Experten déi op wëssenschaftlecher Fuerschung de Bau-eren zur Säit stinn.*

## Biolandwirtschaft ausbauen

Bis 2050 soll déi ganz Landwirtschaft hei am Land op Bio ëmgestallt ginn. Aktuell ass d'Unzuel un Biobaueren hei am Land awer nach ganz kleng. Dës läit zum Beispill dorun, dass et net genuch Ofsazmäert fir Bioliewensmët-tel ginn. Ouni garantéiert Ofsazmäert wäerte vill Baueren awer net op eng biologesch Landwirtschaft ëmstel-len, well si domat gravéierend finan-ziell Abousse missten hinhuelen, déi d'Existenz vun hire Betriber bedreet. De Choix fir op Bio ëmzestelle sollt kee finanzielle Choix sinn, mee ee fräie Choix fir zou méi Ëmweltschutz an dem Schutz vun eise Ressource bäizedroen. Grad de Staat kéint awer nach méi Verantwortung iwwerhuelen an de Baueren nach méi zur Säit stoen, fir dass eng entspriechend Transitioun esou einfach a finanziell sécher ge-maach gëtt, wéi nëmme méiglech.

Produkter aus biologeschem Ubau oder Produkter, déi mat héije Sozial-

standarden hiergestallt ginn, sollen TVA-fräi un den Endkonsument verkaf kënne ginn. Dëst géif mat sech brén-gen, dass nohalteg Produkter präis-lech méi kompetitiv ginn a méi Kon-sumenten sech dës leeschte kéinten. Domat géif een och ee responsabelen a méi nohaltege Konsum färderen. Gläichzäiteg léisst een dem Konsu-ment domadder de fräie Choix beim Akaf.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Dass de Staat virun allem an dee-nen éischte Jore vun der Ëmstellung besser Subventiounen ausbezuelt;*
- *Dass de Staat selwer nach vill méi Bioproduite fir seng Kantinne keeft;*
- *Dass keng TVA op BIO-Produiten erhuewe gëtt;*
- *Dass de Staat Garantië fir Prête vu Bauerebetrieber gëtt, esou wéi et dat scho bei de Studenteprête gëtt.*

## Primme reforméieren an déi mëttel-stänneg Betriber méi staark ënners-tëtzen

Dass kléng Bauerebetriber sech haut net méi rechnen ass eng Realitéit. Do-wéinst sinn si an deene leschte Joren och ëmmer méi verschwonnen. D'Evo-lutioun geet dowéinst ëmmer méi a Richtung vun ëmmer manner dofir awer ëmmer méi grousse Betriber. Fir d'Piraten ass dat awer net de richt-ege Wee. Vill mëttelstänneg Betriber leeschten eng ganz gutt Aarbecht a produzéiere qualitativ héichwäerteg Liewensmëttel. Dowéinst mussen esou Betriber och weiderhi bestoe bleiwen. Dat geet awer nëmmen iw-wert de Wee vun de Primmen.

Am aktuelle Modell ginn d'Primmen haaptsächlech no der Unzuel un land-wirtschaftlecher Fläch gerechent, e grousse Betrib mat vill Land kritt also automatesch vill méi wéi e méi klenge Betrib mat manner Land. Dat mëscht et grad de mëttelstännege Betriber schwéier, fir käschtendeckend ze pro-duzéieren an herno och nach eppes iwwereg ze hunn fir selwer kënnen ze liewen an hire Betrib um Lafen ze halen. Fir eis misst eng gutt Qualitéit vun der Produktioun vill méi staark subventionéiert ginn. Dat géif net nëmmen de mëttelstännege Betriber zegutt kommen, mee géif insgesamt dofir suergen, dass sech net nëmmen d'Quantitéit vun de produzéierte Lie-wensmëttel lount, mee besonnesch och hir Qualitéit.

## E Guichet unique fir d'Landwirtschaft

Am Moment sinn an der Landwirtschaft vill administrativ Aufgaben extrem Zäitopwänneg, zum Beispill fir Subsiden unzefroen. Duerch eng gutt Digitalisatioun an d'Schafe vun engem Guichet unique kéint hei villes vereinfacht ginn. An dësem Guichet unique wiere sämtlech Dokumenter kloer an einfach ze fannen, se kéinten do direkt ausgefëllt an ageschéckt ginn. Gläichzäiteg kéint een dëse Sitte mat engem integréierte Rechner verbannen, duerch deen eng Persoun kann direkt ausrechnen, wéi héich de Montant vun de Subsiden ass, fir déi dës eligibel ass. Dëse Guichet unique soll awer och all déi wichteg Informatiounen a Gesetzer mat engem Bezuch zur Landwirtschaft regruppéieren. Gläichzäiteg soll ee Bauer hei eng komplett betriblech Berodung kënnen ufroen, wou Experten zesumme mat dem Bauer deem seng Situatioun genau ënnersichen an him eng ëmfaassend Berodung kënnen offréieren, zum Beispill iwwert den Ubau vun neie Kulturen, Moossname fir méi Ëmweltschutz asw.

## Schluechthaiser zu Lëtzebuerg erhalen

Eréischt dëst Joer gouf annoncéiert, dass eent vun deenen zwee verbleiwende Schluechthaiser hei zu Lëtzebuerg seng Dieren zou mëscht, well et sech net méi rentéiert. Fir eis Piraten ass dat eng Katastroph. Mir mussen dowéinst elo dofir suergen, dass dat lescht verbleiwend Schluechthaus hei am Land op bleift. Fir eis bedeit e Schluechthaus hei zu Lëtzebuerg, dass d'Déierequälerei méiglechst kleng ka gehale ginn an d'Déiereschutzgesetz ka garantéiert ginn.

- *Mir Pirate setzen eis an fir ee Schluechthaus fir kierztméiglechst Transportweeër z'assuréieren;*
- *Dass Déieren no de beschtméiglechen an aartgerechteste Konditioune kënne geschluecht ginn;*
- *Dëst auszebauen, dass och Hénger geschluecht kënne ginn, dëst mat staatlecher finanzieller Hëllef.*

## Déierentransporter begrenzen

Beim Déierentransport soll an éischter Linn un d´Wuel vun den Déiere geduecht ginn an net dorunner, déi bëllegst Handelsroute fir méiglechst vill Profit ofzefueren.

Dowéinst fuerdere mir:

- *D´Déierentransporter souwäit wéi méiglech ze begrenzen;*
- *Eng Obligatioun fir d´Bauere fir dat noosten Schluechthaus auszewielen, esou dass Déieren net onnéideg duerch ganz Europa gefouert ginn;*
- *Eng Erhéijung vun de Strofe fir Mësshandlung op Déierentransporter oder a Schluechthaiser;*
- *D'Presenz vun op mannst engem Schluechthaus zu Lëtzebuerg, fir den Déiereschutz hei weiderhi kënnen ze kontrolléieren.*

## Bauerenhäff amplaz Agrarfabriken

Massendéierenhaltung ass schlecht fir Mënsch an Déier. Mir setzen eis fir besser Standarde bei der Haltung vu Notzdéieren an, fir op dësem Wee eng aartgerecht Behandlung ze garantéieren. D'Piraten fuerderen

- *Dass de Kader vun der landwirtschaftlecher Produktioun verbessert an ökologesch ausgebaut gëtt;*
- *Eng Réckbesënnung op Bauerenhäff mat enger iwwerschaubarer Unzuel u Béischten amplaz vu risegen Agrarfabriken.Et geet net ëm d'Festleeë vun enger Zuel, mee dorëms, dass d'Wuel vum Déier um Haff no klore Krittäre respektéiert gëtt.*


## Personalmangel an der Landwirtschaft

Och an der Landwirtschaft gëtt et grousse Personalmangel. Vill Betriber fanne keng Leit méi, déi an der Landwirtschaft wëlle schaffen. Well awer d'Aarbecht an der Landwirtschaft ëmmer méi komplex gëtt, si sinn op Hëllef ugewisen. D'Piraten kéinten sech hei eng konkret Mesure virstellen, wéi de Staat de landwirtschaftleche Betriber kéint ënnert d'Äerm gräifen. Dëst ass awer natierlech och eng Fro vum Salaire. Net all Betrib kann et sech leschten, fir Leit mat engem héije Salaire anzestellen.

D'Piraten setzen sech dofir an:

- *Dass de Staat mat der ADEM soll zesumme kucken, fir Aarbechtsmoossname wärend der Saison ze schafen, wou fit Mënschen, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, der Landwirtschaft kënnen hëllefen.*

# WIRTSCHAFT:
# LËTZEBUERG ALS START-U



## Start-ups wuesse loossen

Dat lëtzebuergescht Steierrecht gesäit eng minimal Verméigenssteier fir Betriber vir, déi onofhängeg vum Resultat vun engem Betrib erhuewe gëtt. Grad bei jonke Betriber, déi mat wéineg Kapital gegrënnt goufen, kann dat zousätzlech Käschte generéieren, déi net ëmmer am Viraus geplangt waren an d'Iwwerliewe vun enger Firma beanträchtege kënnen.

Vill jonk Start-ups brauche virun allem no hirer Grënnung méi Kapital, fir z'iwwerliewen. Si hunn et awer gläichzäiteg schwéier, fir hei am Land dat néidegt Kapital selwer nozeschëdden oder geléint ze kréien a bleiwe soumadder oft an hirer Entwécklung hänken oder ginn an d'Ausland.

## Innovatioun a Risiko belounen - Firmegrënnunge vereinfachen a Fräiberuffler ënnerstëtzen

Firmegrënnunge sinn e ganz wichtege Faktor fir d'Wirtschaft an hier Entwécklung. Se hëllefen Innovatiounen ze fërderen a Chômage ze bekämpfen. All gegrënnte Firma, déi hir Startphas iwwerlieft ass längerfristeg eng staark Beräicherung fir d'Wirtschaft an eng grouss Kontributioun un eist soziaalt Zesummeliewen. Dofir muss d'Politik Moyen schafen, dass esou vill wéi méiglech Firmen dës Phas


UP NATION

iwwerstinn an sech permanent zu Lëtzebuerg etabléieren.

Dat fänkt fir eis bei der Autorisation d'établissement un, déi an den Ae vun eis Piraten endlech muss d'digitaalt Zäitalter ugepasst ginn. Dee Moment, wou eng Persoun dann Independant:e ass, si mir Piraten der Meenung, dass een net genuch ofgeséchert ass an oft net iwwert hir Rechter a Flichten informéiert gëtt. D' Prozedure vun der CCSS sinn net transparent genuch, d'Leit kënnen oft net novollzéien, firwat se mussen déi Avancen bezuelen op wat fir enger Basis hir Base Imposable festgeluecht ginn ass, well dat gëtt oft net erkläert.

Mir Pirate fuerderen dann och, dass all Independant:e sech kann zu all Moment an der Mutualité des Employeurs aschreiwen an doriwwer assuréiert ginn. Esou solle Situatioune verhënnert ginn, wou d'Fräiberuffler:in déi sech net an deenen éischten dräi Méint ugemellt ginn, musse bis zum 1te Januar vum nächste Joer waarden, fir sech s'affiliéieren. Hei kann et aktuell zu Situatioune komme wou Frae schwanger ginn, an et dee Moment dann net méiglech ass sech nach an der Mutualitéit fir dat Joer anzeschreiwen. Dee Moment kéinten se weder wärend der Schwangerschaft, nach bei der Gebuert iwwer d'Mutualitéit assuréiert sinn. Mir Piraten wëllen dës prekär Situatioun ofschafen, duerch eng Affiliatioun déi zu all Moment méiglech ass an déi mat enger Karenzzäit géif wierken, ersetzen.

Mir Piraten fuerderen;

- *Ee Guichet unique fir d'Autorisation d'établissement an eng Vereinfachung vun der Prozedur;*
- *ee besseren an digitalen Austausch tëscht CCSS an der Stéierverwaltung an der Douane;*
- *Méi transparent Démarchen bei der CCSS;*
- *Ee staffelbare Congé parental;*
- *Méi flexibel Cotisatiounsméiglechkeete bei der CCSS tëscht dem Mindestloun an engem Drëttel vum Mindestloun. Dës Cotisatioune sollen dann och online all Mount upassbar sinn. An och méi héisch Cotisatiounen sollen zougelooss ginn, wann een Ufanks des Mounts ee méi ee klenge Montant virgesinn hat;*
- *D'Méiglechkeet sech zu all Moment bei der Mutualité des employeurs s'affiliéieren;*
- *D'Indexéierung vu Verträg tëscht dem Staat an eenzelen Indépendant:e.*

## Aarbechtsmigratioun

Lëtzebuerg brauch qualifizéiert a manner qualifizéiert Personal. Et feelt eis an alle Secteuren am Land un Leit. D'Plazen um Aarbechtsmarché ginn zum grousen Deel vu Leit aus der Groussregioun besat, mee och Leit aus aneren EU Staaten an net EU Staaten ginn zu Lëtzebuerg gebraucht.

Dës weideren, wëll d'Piratepartei och, dass d'Prozedure fir d'Unerkennung vun Diplomer vereinfacht gëtt. Et kann net sinn, dass Diplomer wou mir als Lëtzebuerger Staat d'Uni unerkennen, net direkt unerkannt ginn. Oft mussen d'Leit aus dem EU In- an Ausland nach beim Registre des titres hiren Diplom androe loossen, obwuel d'Uni vum Staat unerkannt ass. Esou ee Verloscht vun Zäit a vun Aarbechtskraaft duerch Leit déi schonn am Land sinn ass fir eis Piraten net z'akzeptéieren.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Dass jonk Betriber déi éischt zwee Joer vun der Minimalbesteierung ausgeholl ginn;*
- *D'Aféiere vun engem Entreprise Investment Scheme;*
- *Eng Vereinfachung an Erliichterung vun de Prozedure fir Leit déi mat engem Aarbechtsvisa op Lëtzebuerg kommen. Och d'Partener:innen déi mat op Lëtzebuerg kommen, sollten d'Recht hunn, hei dierfen ze schaffen;*
- *Eng Vereinfachung vun de Prozedure fir d'Unerkennung vun Diplomer;*
- *Een Ausbau vun de gratis Lëtzebuergesch Coursen an de Culture générale Coursen.*

## D'Handwierk muss erëm méi attraktiv ginn

De Staat soll op d'Approche setzen, fir regional Betriber ze stäerken. Do spillt d'Handwierk kloer eng wichteg Roll. Fir eis Pirate mussen dës Betriber Prioritéit hunn, dëst wann et ëm d'Plazen an den Industriezone geet. Hei muss de Staat och Zuele sammelen, fir méi ee kloren Iwwerbléck iwwert d'Besoine vun de klengen a mëttelstännege Betriber ze hunn an esou d'Zonen deementspriechend z'amenagéieren.

Ee Problem dee kleng a mëttelstänneg Betriber och hei am Land hunn, ass dass de Betrib oft net ka vun iwwerholl gi wann déi fréier Propritétaire wëllen ophalen. Entweder feelt et un lewen oder et sinn ze vill lewen an déi Persoun déi et wëll iwwerhuelen, kann déi aner net ausbezuelen.

Mir Pirate wëllen, dass een sech net méi muss mat 16 Joer decidéieren ob ee wëll Handwierker ginn oder net.

Dofir wëlle mir ee System opbauen, dee grad ewéi am Sportslycée et de Schüler erméiglecht, fir eng Première ze maachen a gläichzäiteg eng Handwierksausbildung. Hei sollen och Stagen wéi an der Beruffsschoul méiglech sinn, wou d'Schüler eng gewëssen Zäit an d'Schoul ginn an eng gewëssen Zäit kënne Betriber erfuerschen.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- *Industriezone fir regionaalt Handwierk a Produkter;*
- *Actionnariat Salarié a gelounten Terraine fir d'Betriber fir déi nächst Generatioun ofsécheren;*
- *Eng méi attraktiv Handwierksausbildung duerch ee BAC-DAP;*
- *Eng Reform vum Baugesetz déi op engem Guichet unique an Transparenz duerch d'Publikatioun vun Decisiounen baséiert – wat och zu enger Acceleratioun, méi Verständnis vun den Decisiounen féiert.*

## Steierklass 2 och wichteg fir d'Attraktivitéit vum Land

Lëtzebuerg brauch jonk Leit. D'Aarbecht hei am Land ass awer och duerch d'Steierklassen 1 an 1a fir Célibatairen net méi esou attraktiv. Virun allem Leit mat méi héije Salaire gesinn net méi onbedéngt de Sënn, dee wäite Wee op Lëtzebuerg ze maachen. Bei engem Salaire vu 5.400€/Mount kritt een a Frankräich méi Netto eraus wéi zu Lëtzebuerg. Mir sinn also fir Jonker mat héije Qualifikatiounen net méi attraktiv genuch. Dëst ass ee weidere Grond, fir d'Ënnerscheeder bei der Besteierung op Grond vum Staut Bestued, Gepacst, Célibataire mussen der Vergaangenheet ugehéieren.

## Fitforinvest

All Euro, dee vun de Privatleit an d'Wirtschaft investéiert gëtt, hëlleft, fir d'Wirtschaft um dréinen ze halen a schaaft Méiglechkeete fir Erneierung an och Aarbechtsplazen. Fir d'Leit ze motivéieren, hir Suen z'investéieren, wëlle mir kleng Actionnairen een Ureiz ginn, fir selwer op de Finanzmäert aktiv ze ginn. D'Piraten setzen sech fir een Abattement vun 5.000€ bis 10.000€ op Investitiounsbénéficer an, ënnert der Konditioun, dass d'Wäertpabeieren op mannst sechs Méint laang gehale ginn.

## Lëtzebuerg fir Crypto aktiv maachen

D'Piraten ënnerstëtzen den Ausbau vu Cryptowärungen. Mir gesinn an dësen digitale Wärungen eng Chance fir d'Mënschen op der ganzer Welt, fir

hiert Geld genee an déi Projeten an déi Wueren z'investéieren, an déi si wëllen investéieren. Mir schwätzen eis fir een attraktivë steierleche Kader aus.

## Open Data, Open Source, Open Access

Wëssen dierf kengem gehéieren. Jidderee muss d'Recht hunn, sech informéieren ze kënnen an dat bedeit fir d'Piraten, dass Wësse fräi zougänglech muss sinn an net dierf duerch Paywalls oder Abonnementer limitéiert ginn. Och Computerprogrammer sollte fir jidderengem zougänglech sinn, well soss Persounen, déi sech d'Programmer net leeschte kënnen, vun der digitaler Participatioun ausgeschloss ginn. D'Ofhängegkeet vu kommerzielle Programme verhënnert eng zäitgeméiss Informatiounspolitik. Donnéeë kënnen nëmme benotzt ginn, wann se accessibel sinn. Nëmme wann Informatiounen an Daten net méi hannert Lizenze verstoppt ginn, kënnen si innovativ vun all Bierger:innen an Entreprisë genotzt ginn.

Accessibilitéit ass awer net alles - och d'Format muss stëmmen. Daten ëffentlech ze maachen, ouni se fir eng Weiderverwäertung brauchbar ze maachen ass zwecklos. Open Data ass kee Selbstzweck. Daten ëffentlech ze maachen, just fir kënnen ze soen, dass se ëffentlech sinn, hëlleft kengem. D'Format muss stëmmen, d'Date mussen zäitno public gemaach ginn an och à jour gehale ginn.

Mir fuerderen:

- *En Iwwerschaffe vun der Plattform data.public.lu fir d'Daten méi iwwersiichtlech a besser weiderverwäertbar maachen;*
- *E gläichberechtegten Informatiounszougang fir jiddereen nom Prinzip "Sharing is Caring";*
- *Legaliséirung vu Filesharing;*
- *Kierzung vun alle Schutzfristen op Minima wéi se an den TRIPS- a WIPO-Traitéë virgesi sinn an nei Aushandlung vun dëse Verträg;*
- *Allgemengen a fräien Zougang zu allen aus Stéiergelder finanzéiert Fuerschungsresultater an -daten;*
- *En Open-Access-Fond um Niveau vun der Uni, fir Publikatiounskäschte bis zu engem gewësse Seuil ze iwwerhuelen;*
- *Kee Monopoliséiere vu Wëssen a Kultur iwwer den Ëmwee vum Urheber- a Patentrecht;*
- *Radikal Reform vun nationalen, europäeschen an internationale Reege-*

*len zum Urheber- a Patentrecht a Copyright;*

- *Keng Patenter op liewenswichteg Produiten/Entdeckungen;*
- *Formatioune fir den Ëmgang mat Open Source Programmer an de Schoulen an um Niveau vun der Formation Adulte;*
- *Open Source an de Schoulen notzen aplaz vun Accorde mat internationale Grousskonzerner;*
- *D'ëffentlech Verwaltunge sollen op Open Source Léisunge setzen. Dokumenter, déi an de Verwaltungen entstinn, sollen den oppene Standarden ënnerleien;*
- *Ustriewen déi weltwäit Spëtzt an Open Data Froen an Dateschutz ze ginn.*

## Reform vum Urheber- a Patentrecht (Copyright)

Déi aktuell Reegelen zum Urheberrecht baséieren zum Deel op joerhonnertenalen Iddien a Virstellungen, déi net méi un déi häiteg technologesch Méiglechkeeten ugepasst sinn. Modern Technologien, déi e verloschtfräit Kopéieren an Austausche vu Kultur a Wëssen erlaben, sinn eng Chance fir jiddereen, onofhängeg vu finanzielle Méiglechkeeten, fir un der kultureller Villfalt Deel ze huelen an sech ze bilden. D'Urheberrecht an dat angelsächsegt Copyright verhënnert d'Verbreedung vu Kultur a Wëssen, andeems et den Zougrëff dorop monopoliséiert. De fräien Zougang zu Kultur a Wëssen ass awer eng Bedingung, fir eng oppen a gebilten Informatiounsgesellschaft.

Dowéinst setzen d'Piraten sech an, fir:

- *E gläichberechtegten Informatiounszougang fir jiddereen;*
- *E gerechte Loun fir den Auteuren hier Konscht, wat aktuell zum Deel, mat den aktuelle Reegelen zum Auteursrecht, net ëmmer garantéiert ass;*
- *D'Kierzung vun alle Schutzfristen op déi festgeluechte Minimumen, wéi se an den TRIPS a WIPO-Traitéë virgesi sinn. Mëttelfristeg sollen dës Traitéen nei ausgehandelt gi fir d'Schutzfristen op maximal 14 Joer ab Umeldung vun engem Wierk ze kierzen;*
- *Eng Ënnerdeelung vun de Fristen, wéi se an den TRIPS a WIPO-Traitéë virgesi sinn: eng éischt Frist vu siwe Joer an eng zweet vu siwe Joer, déi awer explizitt nach muss ugefrot ginn. Mat dëser Reegelung fale Wierker vu sougenannte verweesste Wierker an d'Public Domain a kënnen esou vu jidderengem genotzt ginn, ouni restriktiv Urheberrechtsreegelungen;*

- *Eng Legaliséierung vum privaten Austausch vun Dateien ("Filesharing") bei der net-kommerzieller Notzung;*
- *Eng Reegelung, dass kopéiergeschützte Produiten net dierfe vum Verkaf zu Lëtzebuerg ausgeholl ginn;*
- *Eng europäesch Direktiv, déi e Kopéierschutz ("DRM") fir digital Produite generell verbitt. Nëmmen esou kënnen digital Musek oder Filmer weiderverkaaft oder verierft ginn.*

# WIRTSCHAFT: NOHALTEG & ATTRAKTIV

## Lëtzebuerg zu engem Wirtschaftsstanduert fir Climatetech maachen

Mir Pirate wëlle kleng Servicer wéi eis Handwierksbetriber stäerken an och de Secteur Climatetech encouragéieren op Lëtzebuerg ze kommen. Ënnert Climatetech falen zum Beispill Solaranlagen an allen Formen, (Mikro)Wandrieder a Carbon capture.

Domat erwëscht een zwou Mécke mat enger Klapp wëll een eng Léisung fir d'Klimakris weiderdreift an nohalteg Aarbechtsplaze schaaft. Fir Solaranlagen ze bauen, brauche mir qualifizéiert Handwierker. Mir ginn dovun aus, dass fir den Bau vu Solaranlagen duerch eise Programm Sunergy ronn 400 zousätzlech Aarbechter:innen gebraucht wäerte ginn. Een Deel vun dëse Leit mussen natierlech duerch fir de Bau vu Solaranlage geschoult ginn.

Dofir sti mir Pirate fir ee klimafrëndleche Wirtschaftsstanduert deen:

- *Laangfristeg Aarbechtsplaze schaaft a séchert;*
- *Op eis Stäerkten als Finanzstanduert baut;*
- *Eis zum Virreider mécht wat klimafrëndlech Technologien ugeet;*
- *Eis Handwierksbetriber stäerkt.*

## Fir eng Finanzplaz déi prett ass fir d'Zukunft

D'Piraten sinn sech der Wichtegkeet vun der Finanzplaz bewosst. Mir wëllen d'Finanzplaz prett fir d'Zukunft maachen andeems mir viséiere Virreider ze si wat Green Finance ugeet. Hei gëtt bis elo vill Greenwashing bedriwwen. Fir eis ass awer kloer, dass hei nëmmen eng fortschrëttlech Taxonomie, déi Atom a Gas ausschléisst, kann als Weeweiser fir eng gréng Finanzplaz dengen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- *Ee kloren an ambitiéise Krittärekatalog deen d'Grenzwäerter fir de Verbrauch vu Waasser, Stroum a fossille Brennstoffer fir Betriber festleet*
- *Eng ëffentlech zougänglech Nohaltegkeetscharta vu grousse Betriber*
- *transparent Kommunikatioun iwwert déi Betriber mat deenen d'Politik verhandelt fir op Lëtzebuerg ze kommen*
- *Nohaltegkeet an d'Anhale vu Mënscherechter vun engem Betrib soll bei Ausschreiwungen ee Krittär sinn. Fir hei zousätzlech Bürokratie beschtméiglech ze vermeiden, sollen d'Ministèrë bei der Ausschreiwung hei erëm mat Donnéeë schaffen, déi se duerch d'Nohaltegkeetscharta schonn hunn;*
- *Ee reduzéiert TVA-Steiersaz vun 3% op Reparaturen. Dëst mam Zil d'Ressourcen ze schounen a lokal Aarbechtsplaze schafen an z'erhalen;*
- *Ee konsequent Virgoe géint Greenwashing.*

## Nohalteg Betriber

Mir kënnen a sollen net all Wirtschaftsaktivitéit, déi um Pabeier gutt kléngt, zu Lëtzebuerg maachen, grad wann dobäi massiv Ressource gebraucht ginn, wéi Buedem, Waasser an Energie (Beispill Jughurtsfabrick, Google-Datenzenter zu Biissen oder och den Tanktourismus). D'Piratepartei steet a fir Betriber, déi an eist Land passen.

Eis Approche fir nohalteg Betriber:

- *Ee kloren an ambitiéise Krittärekatalog deen d'Grenzwäerter fir de Verbrauch vu Waasser, Stroum a fossille Brennstoffer festleet. Betriber déi dës Grenzwäerter net respektéieren, sollen net op Lëtzebuerg kommen. D'iwwerschaffe Versioun vum PNEC gesäit schonn eng Obligatioun vun der Décarbonisatioun fir Betriber hei zu Lëtzebuerg fir, déi eng Aarbechtsfläch vun iwwer 1.000m2 hunn;*
- *Projeten a Wirtschafts- oder Industriezonen, déi vill Fläche brauchen, sollen a gemeinsamen Approchen an der Groussregioun oder interkommunal realiséiert ginn;*
- *Transparenz schafen, an och d'Akzeptanz vun de Bierger:inne fir nei Projeten erhéijen. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass eng transparent Kommunikatioun iwwert Projeten déi sollen op Lëtzebuerg kommen, de Leit an de Betriber ze gutt kënnt. D'Praktik vun de Memorandum of understanding (MoU) déi tëscht de Betriber an de Ministeren ausgehandelt ginn, an déi net ëffentlech zougänglech sinn, sollen ophalen.*

## Kritesch Infrastrukturen an ëffentlecher Hand

Kritesch Infrastrukturen, déi déi elementaarst Bedürfnisser vun der Gesellschaft decken, solle garantéiert ginn. Dozou gehéieren ënnert anerem d'Stroossen an d'Réier déi drënner leie fir d'Waasser, den Zuch, Gas oder Stroumversuergung. D'Piratepartei fuerdert, dass d'ëffentlech Hand dës Servicer weiderhin effikass kontrolléiert, fir dass all Persoun ee qualitativen Accès zu dëse Grondbedierfnisser och an Zukunft huet.

## Ofschafung vun der Zwangs-Memberschaft an alle Kummeren

Servicer solle kengem opgezwonge ginn. Gesetzer déi Firme verflichten enger professioneller Kummer unzegehéieren si weder nëtzlech nach legitim. Firwat solle Firmen zum Beispill per Gesetz gezwonge ginn enger "Chambre de Commerce" unzegehéieren? D'Piratepartei fuerdert, dass déi Zwangs-Memberschaften ophalen an dass et jidderengem soll fräistoen, op een e Service well notzen (an dofir bezuelen) oder eben net.

## Neireegelung vum Gléckspill

Verschidde Länner, wéi Malta, hunn eng attraktiv Gesetzgebung, fir d'Gléckspill-Industrie op hiren Territoire unzezéien. Och an der Belsch zum Beispill ass d'Gléckspill iwwert präzis Gesetzer streng encadréiert.

Lëtzebuerg fiert aktuell een anere Wee an iwwerléisst der Lotterie Nationale ee Monopol fir all Zort vu Gléckspiller a Wetten hei am Land. Dëse Monopol funktionéiert net: Firme kommen iwwert d'europäesch Unioun trotzdeem hei eran. Queesch duerch d'Land gesäit een a Caféen illegal Spillmaschinne stoen, wou vill Suen iwwert auslännesch Serveren (Malta, Brasilien, etc.) verspillt ginn. An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°2927 hat de Justizministère d'Presenz vun 2.000 illegalen Internetbornen bestätegt. Et gi keng Efforten ënnerholl, fir dës illegal Aktivitéiten ze stoppen oder dës Bornen iergendwéi juristesch z'encadréieren.

Dës Sue ginn am Normalfall mol net deklaréiert ginn a gi soumadder dem Lëtzebuerger Staat verluer. Online Gléckspiller a Wette sinn en legitimmen a milliardeschwéiere Maart vun dem Lëtzebuerg och eppes kéint hunn.

Piratepartei fuerdert:

- *De Monopol vum Staat un de Gléckspiller ze briechen a Gléckspill Gesetz vun 1977 un d'Realitéit am 21echst Jorhonnert ugepasst sinn;*
- *Eng Steier op dës Gléckspillaktivitéiten anzeféieren, fir vun dësem Milliardenmarché ze profitéieren;*
- *Vun den zousätzleche Steiergelder, souwéi an der Schwäiz, een Deel ze notze fir eis Pensiounskeesen ze fëlle souwéi an d'Präventioun vun der Sucht z'investéieren.*

## Digitalisatioun

Den Austausch vun Daten tëscht der CNS, CCSS, Douane an der Steierverwaltung muss digital an automatesch gemaach kënne ginn. Och d'Ministèren fuerderen haut nach vill ze oft Donnéeë vun de Betriber, déi sinn eigentlech schonns hunn. All dëst Kascht Zäit an Aarbecht. Mir Piraten wëlle Bürokratie esou kleng wéi méiglech halen an dofir fuerdere mir, dass bei all Demande déi ee beim Staat stellt, keng Donnéeë méi gefrot ginn, déi de Ministère oder déi Administratioun schonn huet.

Mir Piraten sinn eis och bewosst, dass duerch Digitalisatioun d'Aarbechtswelt sech verännere wäert. Beruffer an d'Kompetenzen déi fir déi eenzel Plaze gebrauch ginn, wäerten änneren.

## Ënnerstëtzung vu Betriber, déi Servicer no vun bei de Leit ubidden

Fir Piraten sinn et kloer eis kleng Betriber, déi mir all an eisem Alldag brauchen, déi mussen zu Lëtzebuerg vum Staat ënnerstëtzt ginn. Heibäi handelt et sech fir eis ëm Handwierksbetriber a kleng Commercen, wéi Coiffeuren oder Bäckereien. Dës Betriber sollen an de Bebaungspläng (PAG, PAP) hir Plaz fannen, well hir Aarbechte sinn oft manner flächenintensiv wéi déi vu groussen Industriebetriber.

Hei ass eng Kreeswirtschaft (Circular Economy) gefrot, fir sécherstellen, dass d'Liwwerketten do wou et geet, lokal gehale ginn. Hei ass et och wichteg, z'analyséieren a wéi fern dës Kreeswirtschaft kann op Niveau vun der Groussregioun gefërdert sinn.

Dofir wëlle mir Piraten:

- *Eng transversal Digitalisatioun wou net all Ministère an Administratioun sech eleng entwéckelt mee wou eng national Strategie dohannert stécht;*
- *Een europäesche Reskilling an Upskilling Fong fir d'Leit op d'Aarbechtswelt vu muer virzebereeden.*

### Ablösesumme

Mir Piraten ënnerstëtzen d'Fuerderung no enger Ablösesumme, wann een Aarbechter:innen, déi am Betrib ausgebilt ginn, dëse fir eng Plaz beim Staat oder an de Gemenge verloossen. Wann de Patron kann noweisen, dass de Léierjong:meedchen seng Léier bei him erfollegräich op een Enn bruecht huet oder dass en seng Mataarbechter:innen a Formatiounen déi mat hirem Beruff ze dinn haten, ausgebilt huet, da soll dëse Patron eng Entschiedegung vum Staat bezuelt kréien.

### Respekt vum gesetzleche Kader an de Verwaltungsréit

Ëmmer nach feelt et a ganz ville groussen Entreprisen u Membere vum Personal an de Verwaltungsréit, obwuel d'Representatioun vun de Salariéeën eigentlech gesetzlech virgeschriwwen ass. 2022 waren awer an 13 vu 27 Gesellschafte mat Staatsbedeelegung wou d'Personaldelegatioun net hir Plaz am Verwaltungsrot hat. Mir Piraten fuerderen, dass hei d'Gesetzer respektéiert ginn.

### D'Boergeld muss bleiwen

Fir eis Piraten ass kloer, dass ee muss och an Zukunft iwwerall kënne mat Boergeld bezuelen.

### Wuesstum intelligent gestalte fir méi Liewensqualitéit fir jiddereen

Zënter Jore gëtt de Wuesstem als eppes duergestallt, wat einfach esou vun uewen erof op eist Land eroffält. Dobäi ass de Wuesstem zu Lëtzebuerg politesch gewollt, hausgemaach an net an allen Hisiichte schlecht. De Wuesstem, dee politesch gewollt ass, ass virun allem quantitativ: méi Wirtschaft, méi Aarbechtsplazen an um Enn méi Steierrecette fir eise Sozialsystem um Lafen ze halen.

Zënter e puer Jore mierke mer awer, wéi sech dëse quantitative Wuesstem op d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg auswierkt. De Problem ass net de Wuesstem u sech, mee d'Ampleur an d'Richtung vum Wuesstem an, well mer dem quantitative Wuesstem fräit Feld iwwerloossen an déi negativ Konsequenzen, wéi d'Präisser um Wunnmarché, den Trafic, d'Zersiidlung vun eisem Land an den onmoossege Ressourcëverbrauch ignoréieren an net an eis Rechnungen eranhuelen.

D'Piraten sinn der Meenung, dass de Staat de Wuesstem muss lenken:

- *Mir kënnen a sollen net all Wirtschaftsaktivitéit, déi um Pabeier gutt kléngt, zu Lëtzebuerg maachen, grad wann dobäi massiv Ressource gebraucht ginn, wéi Buedem, Waasser an Energie (Beispill Jughurtsfabrick, Google-Datenzenter zu Biissen oder och den Tanktourismus). Projeten a Wirtschafts- oder Industriezonen, déi vill Fläche brauchen, sollten a gemeinsamen Approchen an der Groussregioun oder interkommunal realiséiert ginn;*

- *De Wirtschaftswuesstem muss an enger ganzheetlecher Approche gekuckt a gemooss ginn. Dofir musse Moossinstrumenter, wéi de PIB du bien-être entwéckelt an och konsequent genotzt a kommunizéiert ginn;*

- *Et geet net duer d'Bruttoinlandprodukt an d'Steierrecetten ze kucken, mee et muss een dovunner och d'Käschten ofrechnen, déi zustane kommen, well de Staat weider Investitioune muss ënnerhuelen, fir de Wuesstem um Liewen z'erhalen. Et muss dann d'Rechnung gemaach ginn, ob sech Investitiounen am Verglach mat der Aktivitéit an dem Wirtschaftswuesstem lounen;*

- *D'Nodeeler vum Wuesstem, wéi de Verkéier oder de Wunnengsbau, mussen duerch de Staat kompenséiert ginn;*

- *De Wuesstem kann duerch eng gemeinsam intelligent Wirtschafts- an Siidlungspolitik an der Groussregioun fir méi Liewensqualitéit suergen. Aarbechtsplaze sollten éischter do geschaaft ginn, wou d'Leit wunnen. Et muss een och emol op eppes verzichte kënnen.*

# WUNNEN ZU LËTZEB
# MÉI WUNNENGE BA



D'Wunnengspräisser um Privatmarché sinn zënter 2018 richteg explodéiert, mam Resultat, dass vill Mënschen hei am Land all Mount ganz vill Sue fir ee Kredit oder ee Loyer opbrénge mussen. Verschidde Persounen hunn iwwerhaapt keng Chance méi, fir um private Wunnmarché eppes ze fannen a mussen aus dem Land plënneren.

Et dierf net sinn, dass Mënschen, déi hei am Land opgewuess sinn, aus finanzielle Grënn mussen auswanderen ! Fir d'Piraten ass d'Léise vun der Wunnengskris eng kloer Prioritéit. Piraten wënschen sech eng Wunnengspolitik, an där net den décke Portmonni entscheet, mee wou jiddereen een Daach iwwert dem Kapp ka kréien.

### Ee Masterplang fir de Logement

102 Gemengen, eng Rëtsch Ministèren an zwee ëffentlech Promoteure sinn aktuell um Bau vun ëffentleche Wunnenge bedeelegt. D'Gemengen hunn a villen Entscheedungen am Wunnengsbau dat lescht Wuert an dat mécht d'Situatioun um Wunnmarché net méi einfach.

Den offiziellen Zuele vum STATEC no bréichte mer aktuell ronn 8.000 zousätzlech Wunnengen d'Joer, fir dem demografeschem Wuesstem an eisem Land gerecht ze ginn. Souguer, wou d'Zënsen nach niddreg waren, goufen awer

# BUERG:
# AUEN



mol net 4.000 Wunnengen d'Joer gebaut. Et gëtt vill geschwat vun iwwer 4.000 Hektar u verfügbarem Bauland, mee de Staat weess aktuell mol net, op wéi vill vu sengen Terrainen an noer Zukunft eng Wunneng wäert stoen.

D'Piraten wëllen ee Masterplang Logement, aus deem ervirgoe soll:

- *Wat den aktuelle Stand um Wunnmarché ass;*
- *Wouhin de staatlechen a private Wunnengsbau histeiere soll (wéi vill soll pro Joer privat gebaut ginn a wéi vill staatlech ?);*
- *Wien responsabel ass a wien dat lescht Wuert beim Bau vum Logement ze soen huet;*
- *Wéi eng Virgabe fir de Bau vun all weiderer Wunnunitéit musse gëllen (Bau vun zousätzlechen Infrastrukturen, wéi Dokteschcabineten, Crèchen, Schoulen, Butteker, etc.);*
- *Dass bei all gréisserem Bauprojet, eng Mindestzuel u Wunnenge fir sozial Zwecker virgesi gëtt. Dës Wunneng muss un de Staat goen a soll dann den ASBLen fir Sozialprojete genotzt ginn;*
- *Wien vum ëffentleche Wunnenge profitéiere kann an och zu wéi enge Konditiounen (mam Nationale Register fir Wunnengen = RENLA).*

## Méi Suen an den ëffentleche Wunnengsbau investéieren

Verschidde Fonge beim Staat, wéi de Pensiounsfong, hu riseg Reserven, déi zum groussen Deel an auslännesch Projeten investéiert ginn, déi weder d'Mënscherechter, d'Ëmwelt an de Klima respektéieren.

D'Piraten wëllen:

- *Mindestens 5% vun de Reserve vum Pensiounsfong notzen, fir ëffentlech Wunnengen hei am Land ze bauen;*
- *Méi Suen aus dem Staatsbudget an den ëffentleche Wunnengsbau investéieren;*
- *Fongen fir bezuelbare Wunnraum opstellen, wou privat Investisseure géint ee fixe Rendement kënnen hir Sue placéieren.*

## Ee Code de la Construction aféieren

Aktuell reegele verschidde Gesetzer d'Bauen hei am Land (Landesplanungsgesetz vun 2004, Naturschutzgesetz, Denkmalschutzgesetz, etc.). Dobäi kënnt, dass och all Gemeng säin eegene Bautereglement huet, wat et fir Architekten a Bauhären zu méi Bürokratie féiert. D'Piraten wëllen eng besser Iwwersiicht iwwert all d'Reegelen an och eng Harmoniséierung

tëschent de Gemengereglementer bewierken. An d'Baute-Reegele gehéiert an eisen Aen déi gewënschte Benotzung vum Terrain souwéi déi erwaarte Besiedlungsdicht, ma net, wéi eng Faarf den Daach oder eng Garagëpaart soll hunn.

D'Piraten fuerderen:

- *Dass déi bestoend Gesetzer all an engem Code de la Construction ënnert een Hutt bruecht ginn, fir méi Kloerheet an dësem Beräich ze suergen;*
- *Dass d'Gemengebautereglementer an dësem Code de la Construction harmoniséiert ginn, soudass an alle Gemengen op 90% déi gläich Aschränkungen a Méiglechkeete fir d'Bauhäre gëllen;*
- *Dass d'Bebauungspläng, ausser an historesche Quartieren, net mat Virschrëften iwwerlaascht ginn, esou dass d'Proprietäre méi Fräiheete kréien, wéi se op hirem Terrain wëlle bauen;*
- *Dass an neie Lotissementer méi héich ka gebaut ginn, fir esou méi Mënschen eng Méiglechkeet op eng erschwénglech Wunneng ze ginn.*

## Nei Wunnformen erméiglechen

Wat méi Wunnengen op engem Terrain gebaut ginn, wat all Wunneng méi bëlleg ka verkaf ginn, well een den Terrainspräis op all Wunnunitéit kann opdeelen an d'Baukäschten normalerweis stabil bleiwen (ronn 4.000€/m2 +/-). Gläichzäiteg hu méi héich Gebaier de Virdeel, dass een hei och Servicer op verschiddene Stäck direkt mat abaue kann, déi dann alle Bewunner vum Quartier Liewensqualitéit brénge mat Crèchen, Epicerien, Bäckeren, Cabinets médicaux oder Kinéen.

Op anere Plazen, grad am ländleche Raum, sollte mer d'Kierch am Duerf loossen an op aner Léisunge setzen, déi sech an d'Landschaftsbild afügen.

D'Piraten:

- *Sinn oppe fir och nei Weeër am Wunnengsbau ze goen, wa se technesch realiséierbar sinn, vun de Leit op der Plaz gewollt sinn a Sënn maachen;*
- *Wëllen d'Gesetzer an d'Reglementer (Code de la Construction) un den aktuelle Stand vun der Technologie upassen an nei Formen an vun energeetescher Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) erlaben.*

## Bauprozedure vereinfachen an digitaliséieren mam Baute-Guichet

D'Bauprozeduren hei am Land sinn oniwwersiichtlech a komplex. Dëst ëmsou méi, well nieft der Gemengeverwaltung och d'Verwaltunge vu véier Ministèrë mat an ee Bauprojet kënnen involvéiert ginn. Vill Bauhäre verléieren den Iwwerbléck a frustréieren am Pabeierdschungel. Dobäi si Prozedure richteg a wichteg, fir ze verhënneren, dass hei am Land egal wat an egal wou gebaut gëtt.

D'Piraten schwätze fir eng Ännerung vun de Prozeduren aus, andeems een op d'Digitaliséierung setzt:

- *Mir ënnerstëtzen d'Iddi vun engem Guichet unique (engem Baute-Guichet), wou vun der éischter Demande bis hin zur Geneemegung déi ganz Bürokratie digital verlagert gëtt. Den Demandeur soll op dësem Portal kënne gesinn, bei wiem seng Demande leit;*
- *Dës Plattform soll fir méi Transparenz beim Baue suergen, well mat den Donnéeë Statistiken opgebaut kënne ginn, fir ze kucken, wéi schnell Bauprojete virukommen. D'Bierger:inne kënnen esou objektiv novollzéien, bei wéi enger Verwaltung d'Demanden hänken an domadder kënne mer dann d'Prozedure fir alleguerten déi Bedeelegt verbesseren;*
- *Mir setzen eis dofir an, dass endlech Friste gesat ginn, bis dass eng Baugeneemegung muss erdeelt oder ofgeleent ginn. Fir dass déi Fristen agehale ginn, muss dann entweder d'Prozedur méi schlank gemaach ginn oder méi Personal an de Ministère kommen, fir d'Demandë méi schnell kënnen ze behandelen.*

## Mam Privatsecteur zesummeschaffen

Aktuell existéieren um nationale Plang just zwee grouss ëffentlech Promoteuren: de Fonds de Logement (FDL) an d'Société National d'Habitations à Bon Marché (SNHBM). D'Waardeléschten, fir hei eng gënschteg Wunneng kënnen ze kréien, si laang an déi zwee Promoteure kommen zënter Joerzéngten net mam Bauen no. De grousse Besoin un erschwéngleche Wunnenge mécht et néideg, dass de Staat och mam Privatsecteur zesummeschafft, wou iwwer 90% vun de Wunnengen all Joer gebaut ginn.

D'Piraten sinn oppen dofir:

- *Dass och privat Promoteuren d'Offer gemaach kréien, fir bezuelbar Wunnprojete fir de Staat ze bauen. D'Bauen duerch de private Promoteur muss ënnert strengen Auswielkrittären*

*an enger Konventioun festgehale ginn an d'Gewënnmargë fir de Promoteur mussen attraktiv, awer limitéiert bleiwen. D'Wunneng dierf herno net méi deier ginn, wéi wann de Staat selwer gebaut hätt. Den Terrain vum Bauprojet muss an all Fall an ëffentlecher Hand bleiwen.*

### Baulandleasing

Fir Bauterrainen esou schnell wéi méiglech kënnen ze notzen, bis dass genuch staatlech Wunnengen do sinn, sollt ee bestoend Terrainen elo schonn notzen:

- *D'Piraten schloen ee Leasing vum Bauland vir, woubäi de Staat privat Terraine fir e puer Joer least an dann do drop schnell modular Wunnenge fir e puer Joer kann opriichten.*

### Méi Aarbechter:innen gi gebraucht am Bausektor

Obwuel de Bausektor hei am Land mat ee vun de gréissten an Europa ass, feelen op alle Schantje Leit, fir méi schnell ze bauen. Gläichzäiteg sinn d'Salairen am Bausektor mat déi niddregst, wann een Zuele vum STATEC kuckt. Och den Internationale Wärungsfong an d'Konkurrenzautoritéit hunn de selwechte Constat gemaach.

Fir eis Piraten mussen d'Aarbechtskonditiounen am Bausektor verbessert ginn, fir méi Leit unzelackelen. Mir proposéieren:

- *Een temporäre Steierkredit fir Salariéeën am Bausektor, deen de Netto-Salaire erhéicht;*
- *D'Aféiere vun enger Reduktioun vun de Jore bis d'Pensioun;*
- *Eng Verbesserung vun de Congésdeeg souwéi ee bessere Schutz am Fall vu Krankheet;*
- *De Bau an d'Bereetstelle vun temporären Déngschtwunnengen (modular Bauten) fir Bauaarbechter:innen, déi aus dem wäiten Ausland heihinner kommen.*

## Méi Transparenz bei Baugeneemegungen

Aktuell gesäit d'Gesetz vir, dass de Buergermeeschter an enger Gemeng d'Baugeneemegunge muss ausstellen, wann all d'Reegele vum PAG a PAP erfëllt sinn. An der aktueller Wunnengskris, wou Terraine Gold wäert sinn, féiert dat awer ganz schnell zu Situatiounen, déi zu Interessekonflikter a Korruptioun féiere kéinten.

Mir Piraten wëllen:

- *Dass d'Baugeneemegungen an Zukunft vun enger Majoritéit vu Leit am Gemengerot gestëmmt ginn. Dëst géif de Buergermeeschter entlaaschten an et géif de Gemengerotsmemberen et erlaben, kritesch Froen zu verschiddene Projeten anzebréngen an de Bierger:inne erlaben, eng besser Kontroll doriwwer ze kréien, wat wou gebaut gëtt, éiert et autoriséiert ass;*
- *Dass d'Nopere vun den Terrainen, wou ee Bauprojet realiséiert gëtt, virun der Baugeneemegung automatesch iwwert de Projet informéiert ginn, fir Asproch kënnen anzereechen.*

## Schafe vun engem Conseil Supérieur du Logement

An dësem Gremium solle Vertrieder aus Proprietären, Locatairen, Wëssenschaftler, Immobilienprofien a Finanzinstituter soll als 'Denkfabrik' funktionéieren an duerch onofhängeg Avis'en d'Politik beroden, fir de Wunnengsmaart besser plangen ze kënnen. De Conseil soll onofhängeg vu politesche Faarwen zesummegesat sinn: e soll d'Zivilgesellschaft representéieren an net d'Politik.

## D'Potenzial vun der Groussregioun notzen, fir Drock vum nationale Wunnmarché ze kréien

Mir kréien de Wunnengsproblem net geléist, andeems mer nëmmen um hei am Land plangen a maachen. D'Groussregioun muss aktiv an d'Bewältegung vun der Wunnengsproblematik matagebonne ginn. Et geet dorëms, d'Liewensqualitéit grenziwwerschreidend z'erhéijen. D'Potenzial vun der Groussregioun muss genotzt ginn, fir Drock vum nationale Wunnmarché ze kréien.

Mir Piraten kéinten eis gemeinsam Bau- an Infrastrukturprojeten iwwert der Grenz virstellen, wou Gemengen op béide Säite mam Staat gemeinsam matmaachen.

### Perimetererweiderunge verhënneren

D'Rapporte vum Observatoire de l'Habitat weisen, dass zu Lëtzebuerg nach ronn 4.000 Hektar Land fir de Wunnengsbau kënne benotzt ginn an deemno Bauterraine fir 300.000 weider Persounen hei am Land verfügbar sinn. Iwwer 500 Hektar sinn am Besëtz vum Staat an de Gemengen ! Dorobber kënnen déi nächst 20 Joer nach zéngdausende Wunnenge gebaut ginn!

Dofir ass eisen Usaz:

- *Léiwer déi bestoend Grondstécker benotzen, wéi weider Bëscher ofzeholzen an d'Natur zouzebetonéieren;*
- *D'Wunnengskris dierf net op Käschte vun eiser Natur an Ëmwelt goen: mir Piraten si skeptesch, fir nach méi Flächen hei am Land als Bauland auszeweisen. Perimetererweiderungen dierfen ausschliisslech fir d'ëffentlech Hand a fir sozial Wunnenge genotzt ginn.*

### De Bausecteur nohalteg gestalten

Lëtzebuerg huet ee grousse Wunnengsmangel an dofir muss méi gebaut ginn. Allerdéngs dierfe mer eis Bautepolitik net géint d'Natur ausspillen, well dat schlëmm Folge fir eis Ëmwelt huet a Punkto Biodiversitéitsverloscht, Flächeversigeleung, Iwwerschwemmungen a Liewensqualitéit.

Fir de Bausecteur gëllt fir eis:

- *Déi bestoend Bauperimeteren dierfen net vergréissert ginn, well et leien aktuell ronn 4.000 Hektar Bauland prett. Als éischt solle mol dës Bauplaze ganz genotzt ginn, éiert mer Felder zoubetonéieren a Bëscher ofholzen;*
- *Baumaschinnen, déi mat erneierbaren Energie kënne fueren, solle steierlech geférdert ginn. Dës profitéiert der Baubranche duebel, well se um europäesch Maart manner CO2-Zertifikater musse kafen;*
- *Nei Forme vun energeetesche Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) mussen erlaabt ginn;*
- *Gebaier, déi nohalteg gebaut ginn, solle subventionéiert ginn;*
- *bei ëffentleche Bauprojete muss een Undeel vu 25% aus nohaltege Baumaterialien erreecht ginn.*

## Bauschutt reduzéieren

Duerch déi héich Aktivitéit am Bausecteur entsteet vill Bauschutt: al Gebaier, déi ofgerappt ginn a Buedem, deen ausgegruewe muss ginn. Aktuell existéiere queesch duerch d'Land Bauschuttdeponien, wou dëse Bauschutt kann hi bruecht ginn. Mee op ville Platze sinn d'Deponie voll an et deet een sech zënter Jore schwéier, fir nei Deponien opzemaachen.

De Problem vum Bauschutt muss resolut ugaange ginn:

- *Bestoend Gebaier mussen sou gutt wéi méiglech erhale bleiwen a renovéiert, restauréiert oder ausgebaut ginn. Dëst reduzéiert de Bauschutt beim Bauen an erhält eis architektonesch Ierwen;*
- *Et soll dofir direkt een Appell gemaach ginn un all Gemengen zu Lëtzebuerg souwéi an der Groussregioun, déi gewëllt sinn a Platz hunn, fir de Bauschutt kënnen ze lageren. De Staat muss dann zesumme mat deene Gemengen an der Baubranche ee Plang opstellen, fir Bauschutt ze reduzéieren an Deponie méi schnell disponibel ze maachen;*
- *D'Prozedure fir d'Oflagere vu Bauschutt mussen, am Respekt mat der Ëmwelt, gelackert ginn, fir kënnen Deponien no vun de Chantieren disponibel ze maachen;*
- *De Staat muss d'Färderung vun neien Deponien zesumme mam Privatsecteur finanzéieren.*

## Historesch Gebaier erhalen a mat Liewe fëllen

Historesch Gebaier gehéieren zum Stadbild vun enger Gemeng an erziele vill iwwert d'Geschicht vun enger Uertschaft.

Eis Partei huet sech an de vergaangene Jore kritesch mam Ëmgang mat eisem historesche Bauierwe beschäftegt. An der Chamber hu mer den Ofrëss vun der Ettelbrécker Gare kritiséiert an ofgeleent. Mir haten och a parlamentaresche Froen un d'Kulturministesch verschidde Bauprojeten ënnert d'Lupp geholl, wou bauhistoresch Gebaier sollten ofgerappt ginn. An engem Fall (dem Eesebuerer Schlass) ass et eis souguer gelongen, dass een Ofrëss-Stopp domadder bewierkt gouf.

Wann eppes national geschützt ass, kann de Buergermeeschter awer eng Autorisation de destruction ginn, mat der Oplag, dass de bestoende Gabarit geschützt gëtt. Dat ass en Nonsens.

D'Piraten wëllen, dass:

- *Beim Baue bestoend Baukultur souwäit wéi méiglech erhale bleift;*
- *Gebaier, déi um nationale Plang geschützt sinn, automatesch och um kommunale Plang geschützt sinn;*
- *Gebaier, déi net méi genotzt ginn, wéi zum Beispill Garen, erëm mat Liewe gefëllt ginn, andeems een se renovéiert, fir dass hei Gemengeservicer, Veräiner oder Geschäfter kënne Plaz huelen;*
- *Eng „Fondatioun du Patrimoine" aféieren, déi historesch Gebaier opkafen, restauréieren an enger neier Notzung zouféiere kann, z.B. fir ze Wunnen. Esou eng Fondatioun kéint Knowhow iwwert den Denkmalschutz vermëttelen an de Public sensibiliséieren.*

# WUNNEN ZU LËTZEB
# KAFEN ËNNERSTËTZ



**Een Eegenheem ass eng Sécherheet fir d'Zukunft !**

Déi aktuell Regierung setzt drop, dass staatlech Wunnenge verlount ginn an net verkaf. An eisen Aen ass dat eng falsch Approche. Firwat kafe Leit sech eng Wunneng ? Ma ganz einfach: ass eng Wunneng ofbezuelt, dann huet eng Persoun déi Suen zwee Mol op der Säit: et spuert een op der enger Säit de Loyer a gläichzäiteg kann een d'Wunneng verkafen an huet an deem Fall d'Kapital, fir aner Liewensplàng ze verwierklechen, zum Beispill wann een an een Altersheem wëll oder senge Kanner een Ierwen hannerloosse wëll. Sou wéi mer fréi an eng Pensioun abezuelen, sollte mer de Leit fréi d'Méiglechkeet ginn, hier eege Wunneng ofzebezuelen.

Grad dofir wëlle mir Piraten:

- *Dass d'Leit hei am Land d'Méiglechkeet kréien, fir hir eege Wunneng ze kafen, ob um Privatmarché oder bei der ëffentlecher Hand.*

**Ëffentlech Wunnenge fir 10€/m2 mat Mietkauf!**

Wann de Staat, d'Gemeng oder een ëffentleche Promoteur ouni Profit bauen, dann ass ee Loyer vun 10€ de Me-

# BUERG:
# EN



tercarré de Mount realistesch. D'Präisser beim Fonds du Logement oder der SNHBM weisen, dass et haut scho méiglech ass, fir Wunnengen ënnert 10€/m2 ouni Profitter ze verlounen an ze verkafen.

D'Piraten setzen sech dofir an:

- *Dass de Staat massiv Wunnenge baut an se fir 10€/m2 deene Leit zegutt komme léisst, déi um Privatmarché keng Wunneng fannen;*
- *Dass d'Leit de Choix kréien tëschent kafen a lounen an dat duerch eis Formel vum Mietkauf.*

Beim Mietkauf ass eis d'Iddi, dass beim Ënnerschreiwe vun engem Mietkontrakt de Wäert vun der Immobilie am Kontrakt festgehale gëtt. All Loyer, deen ee Locataire vun enger staatlecher Wunneng als Loyer bezilt, kritt en zum Deel gutt geschriwwen. Deen Dag, wou de Locataire d'Wunneng ofkafe wëll, kann hien dës Gutschrëft vum Akafspräis ofzéien.

Ee Beispill: eng Persoun lount eng staatlech Wunneng vun 100m2 a bezilt 1.000€ de Mount Loyer. De Wäert vun der Wunneng ass op 400.000€ festgehalen. 800 Euro ginn als Gutschrëft festgehalen.

No fënnef Joer hätt de Locataire 800€*12 Méint * 5 Joer = 48.000€ Loyer bezuelt.

De Locataire kéint an deem Fall entscheeden, dës Zomm ze benotzen, fir d'Wunneng ofzekafen. De Staat behält awer ëmmer Virkafsrecht um Haus an den Terrain gehéiert weiderhin dem Staat. Deen Dag wou d'Persoun d'Wunneng verkeeft, kritt hien d'Sue vum Staat erëm a kann sech eppes um Privatmarché kafen. D'ëffentlech Wunneng kann un déi nächst Persoun verlount ginn.

De Mietkauf ass de Wee, deen de Leit am meeschte Fräiheet gëtt. Et behält een zu all Moment de Choix: lounen oder kafen. Dës Form existéiert elo schonn an Däitschland a wär relativ einfach ëmzesetzen.

## Mietkauf och um Privatmarché aféieren

D'Etüde vum Observatoire de l'Habitat weisen, dass ee klengen Deel un Eenzelpersounen a Firmen ee groussen Deel vun de Bauterrainen hei am Land besëtzt. Et ginn och Beispiller vu Persounen, déi méi wéi honnert Wunnengen hei am Land besëtzen. D'Piraten si kloer géint d'Enteegnung, well dat d'Investitiounen an de lokative Wunnengsmaart géif ausbremsen, wat fatal Konsequenze fir d'Bauaktivitéit

hätt. Wien wéilt nach weider Locatiounswunnenge bauen, wann e weess, dass en se kéint wechgeholl kréien ?

D'Piraten hunn eng besser Léisung, fir d'Besëtzverhältnisser um Wunnengsmaart ze kippen.

Mir wëllen de Mietkauf och um Privatmarché aféieren an d'Proprietären, déi domadder Locatairen den Zougang zu hirer éischter Wunneng erméiglechen, steierlech entgéint kommen.

De Locataire soll een Exklusivrecht kréien, fir dem Proprietär d'Wunneng no e puer Joren zu engem raisonnabele Präis ofzekafen. D'Loyeren, déi de Locataire bezuelt huet, kënnen zum Deel vum Präis, deen am Mietkontrakt festgehalen ass, ofzéien. Am Géigenzuch dierf de Proprietär d'Wunneng verkafen a kann dofir Steiervirdeeler geltend maachen. Mat däser Moossnam motivéiere mer méi Proprietären hir Wunneng ze verkafen. Gläichzäiteg motivéiere mer d'Investisseuren, fir an de Bau vu weidere Wunnengen z'investéieren. Abuse sollen duerch den Abau vu Schutzklausele fir d'Locatairë verhënnert ginn.

## Staatsgarantie fir Immobiliëprêten erhéijen

Et geet net duer, dass de Staat nëmme selwer Wunnenge baut, mee et muss och gekuckt ginn, dass souvill Leit wéi méiglech selwer eppes um private Wunnmarché ze kafe kréien. Verschiddene Leit feelt et heiansdo dofir just um Eegekapital, wat awer schwéier zesummenzespueren ass, wann ee selwer och nach ee Loyer muss bezuelen. De Staat sprénɡt dofir haut schonn als Garant fir Immobiliëprête mat an, dëst awer just bis zu engem Montant vun 200.000€.

D'Piraten wëllen de Maximum vun der Staatsgarantie fir Immobiliëprête fir déi éischt Wunneng erhéijen.

## Notaireskäschte bei der Éischtwunneng ganz ofschafen (Bëllegen Akt)

All Kéier, wann een eng Wunneng keeft, muss ee beim Notaire eng Taxe bezuelen, déi „Droits d'enregistrements" heescht. Wann ee seng éischt Wunneng keeft, huet een ee Steierkredit vun 30.000€ pro Persoun zegutt (= bëllegen Akt). Mat dësem Steierkredit bezilt een da keng oder manner Steiere beim Notaire fir den Enregistrement.

De bëllegen Akt geet awer hautzedaags net méi duer, well d'Wunnengspräisser an d'Luucht gaange sinn a well d'Leit a verschiddene Liewenssituatioune plënnere mussen (Vergréisserung vun der Famill, Scheedung, Krankheet, etc.). Dat bremst och de

Marché, well d'Leit aus Käschtegrënn net plënneren.

D'Piraten fuerderen:

- *Dass d'Droits d'enregistrement beim Kaf vun der éischter Wunneng, déi als Haaptwunnsëtz benotzt gëtt, einfach ganz sollen ewechfalen, wann de Keefer op mannst zwee Joer selwer dra wunne bleift. D'Zil vum vum bëllegen Akt muss et sinn, dass Leit méi einfach zu hirer éischter Wunneng kommen;*
- *Dass d'Droits d'enregistrement a spezielle Situatiounen, déi een zum Plënneren zwéngen, wéi zum Beispill no enger Scheedung oder bei schwéiere Krankheeten, och ewechfalen.*

## Méi streng Reegelen géint d'Spekulatioun um Wunnmarché

D'Logementskris zu Lëtzebuerg kennt vill Verléierer. Si kennt awer och vill Gewënner. D'Zuele vum Observatoire de l'Habitat weisen, dass e puer grouss Promoteuren an Eenzelpersounen ee Groussdeel vun de Bauterrainen hei am Land besëtzen. Ee Bauterrain ass do fir drop ze bauen an et dierf net sinn, dass Eenzelpersounen a grouss Firme mam Leed vun anere spekuléieren.

D'Piraten setzen sech fir méi streng Reegele géint d'Spekulatioun um Wunnmarché an:

- *Mir wëllen eng geziilte Steier op Bauterrainen, déi haut scho kënne bebaut ginn, mee wou nach keng Baugeneemegung vum Promoteur ugefrot gouf. D'Piraten haten dofir 2021 ee Gesetzesvirschlag an der Chamber ofginn, fir dës Bauterrainen endlech ze mobiliséieren.Fir kleng Proprietären a kleng Besëtzer net ze bestrofen net ze bestrofen, ass an eiser Formel eng gewëssen Unzuel u Bauland fir de perséinleche Bedarf virgesinn;*
- *Mir ënnerstëtzen eng Steier op Wunnengen, déi eidel stoe bleiwen. An enger Wunnengskris ass all eidel Wunneng eng verluere Wunneng;*
- *D'Piraten hunn an der Chamber ee Gesetzesvirschlag (n°7951) ageреecht, déi d'Kommissioune vun den Immobilienagencen deckele soll. D'Iddi kéint een och op de Bau vu Wunnengen uwenden, andeems d'Plus-Valuë vun de private Promoteure méi an d'Zaang hëlt;*
- *An der Schwäiz existéiert ee Gesetz, dass et auslänneschen Investisseure verbitt, fir um Wunnmarché aktiv ze ginn (Lex Koller). D'Piraten wëlle juristesch préiwen, wéi eng Lex Koller hei am Land, ënnert dem Anhale vum EU-Recht, kéint ëmgesat ginn.*

# WUNNEN ZU LËTZEE
## LOUNEN MÉI ERSCHWÉNGLECH M



### Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen

Mir hunn ee Mangel u Wunnengen an et ass kloer, dass op kuerz Zäit net genuch Wunnenge kënne gebaut ginn, fir déi aktuell Nofro ze bedéngen. Ëffentlech Wunnenge sinn ee seelent Gutt an dofir musse bei der Vergab vun ëffentleche Wunnenge Prioritéiten opgestallt ginn.

D'Piraten:

- *Begréissen d'Aféiere vun engem nationale Register fir ëffentlech Wunnengen (RENLA);*
- *Wäerten een transparente Punktesystem opstellen, bei deem d'Leit jee no hirer Liewenssituatioun eng Prioritéit fir eng ëffentlech Wunneng wäerte kréien.*

### Mietkauf och um Privatmarché aféieren

D'Etüde vum Observatoire de l'Habitat weisen, dass ee klengen Deel un Eenzelpersounen a Firmen ee groussen Deel vun de Bauterrainen hei am Land besëtzt. Et ginn och Beispiller vu Persounen, déi méi wéi honnert Wunnengen hei am Land besëtzen. D'Piraten si kloer géint d'Enteeg-


BUERG:
MAACHEN

nung, well dat d'Investitiounen an de lokative Wunnmaart géif ausbremsen, wat fatal Konsequenze fir d'Bauaktivitéit hätt. Wien wéilt nach weider Locatiounswunnenge bauen, wann e weess, dass en se kéint wechgeholl kréien?

D'Piraten hunn eng besser Léisung, fir d'Besëtzverhältnisser um Wunnengsmaart ze kippen. Mir wëllen de Mietkauf och um Privatmarché aféieren an d'Proprietären, déi domadder Locatairen den Zougang zu hirer éischter Wunneng erméiglechen, steierlech entgéint kommen.

De Locataire soll een Exklusivrecht kréien, fir dem Proprietär d'Wunneng no e puer Joren zu engem raisonnabele Präis ofzekafen. D'Loyeren, déi de Locataire bezuelt huet, kënnen zum Deel vum Präis, deen am Mietkontrakt festgehalen ass, ofzéien. Am Géigenzuch dierf de Proprietär d'Wunneng verkafen a kann dofir Steiervirdeeler geltend maachen. Mat dëser Moossnam motivéiere mer méi Proprietären hir Wunneng ze verkafen. Gläichzäiteg motivéiere mer d'Investisseuren, fir an de Bau vu weidere Wunnengen z'investéieren. Abusë sollen duerch den Abau vu Schutzklausele fir d'Locatairë verhënnert ginn.

## Fair Loyeren ënnerstëtzen

Aktuell gëtt de Staat Milliounen Euro d'Joer fir Logementsbäihëllefen aus. Dës Sue kritt de Locataire vun enger Wunneng, wann d'Käschte fir de Loyer ze vill Sue vu sengem Akommes verschléngen.

Ekonomesch gekuckt mécht déi Hëllef eleng gesinn net vill Sënn, well de Proprietär vun enger Wunneng tëschent ville Leit auswiele kann, déi d'Hëllef kréien an deemno de Präis vu sengem Loyer erhéije kann. D'Hëllef dreift also d'Präisser am ënneschte Präissegment an d'Luucht, well niddreg Salairen sech géigesäiteg Konkurrenz maachen, wärend d'Proprietäre keen Usporn hunn, fir mam Präis erofzegoen.

Mir Piraten fannen:

- *Dass een de System vun de Loyershëllefen ausbaue soll a Proprietären, déi hir Wunneng zu engem soziale Präis verlounen, beloune soll. D'Proprietären, déi ënnert dem Duerchschnëttsloyer an enger Uertschaft verlounen, sollen dës Differenz vun hire Steieren ofsetze kënnen;*

- *Dass ee Mietpräisspiegel soll opgestallt ginn, fir d'Duerchschnëttspräisser an enger Uertschaft z'ermëttelen (opgedeelt no Kategorie vun enger Wunneng).*

## Ausbau vun der Gestion Locative Sociale

An deene leschte Joren huet «Gestion Locative Sociale» dozou bäigedroen, dass Bierger:innen mat nidderegem Akommes eng Wunneng kruten an eidel Wunnenge verlount ginn.

D'Piraten fannen dee Modell gutt a wëllen:

- *D'Gestion Locative Sociale weider ausbauen a méi Mëttelen a Steiervirdeeler zur Verfügung stellen, fir méi Wunnengsbesëtzer ze motivéieren, fir hir Wunneng zu faire Präisser ze verlounen.*

## De Loyer vu senge Steieren ofsetzen

Wien lount, dee kritt nëmme schwéier d'Suen zesummen, fir sech iergendwann am Liewen eng eege Wunneng kënnen ze kafen. Proprietäre kënnen op der anerer Säit awer d'Zënse vun hirem Wunnengsprêt ofsetzen.

Mir Piraten wëllen:

- *Dass ee säi Loyer vu senge Steiere kann ofsetzen.*

## De Loyer méi am Index gewiichten

De Loyer mécht aktuell nëmmen 0,5% vum Index-Wuerekuerf aus. Dat ass net realistesch: De Loyer mécht bei ville Leit hei am Land iwwer 40% vun den Liewenskäschten aus.

- *D'Gewiichtung vum Loyer muss am Index-Wuerekuerf no uewen ugepasst ginn.*

## Kommissioune solle vun deem bezuelt ginn, deen d'Agence bestellt

Fir eis Piraten ass et onverständlech, firwat ëmmer de Locataire muss fir d'Kommissioun vun den Immobilienhändler opkommen.

Mir setzen eis dofir an:

- *Dass d'Kommissioun vum Immobilienagent zu 100% vun där Persoun muss bezuelt ginn, déi den Immobilienhändler beoptraagt huet;*

- *Dass de Beruff vum professionellen Immobilienhändler ee gesetzleche Statut kritt, mat méi strenge Qualifikatiounen an enger Deontologiecharta, un déi sech all Immobilienagent ze halen hunn. D'Zil vun der Mesure ass et, fir deloyal Aktivitéiten tëschent den Agencen ze verhënneren an de Beruff vum Immobilienagent besser z'encadréieren, änlech wéi bei den Architekten (Ordre des Professionnels du Secteur immobilier).*

## Méi Flexibilitéit bei der Dauer vu Mietverträg

Dat aktuellt Mietgesetz gesäit vir, dass ee Mietkontrakt sech automatesch ëm ee Joer verlängert, wann en net dräi Méint virum Schluss vum Locataire gekënnegt gëtt. Dës Reegel (prorogation tacite) mécht et ville Locataire schwéier, fir aus hirer aller Wunneng erauszeplënneren, well se fir ee präzisen Datum eng Wunneng fanne mussen. An Däitschland ass de legale Kader do méi flexibel: Ee Mietkontrakt ass meeschtens ouni fest Dauer an de Locataire kann zu all Moment mat dräi Méint Kënnegungsfrist erausplënneren.

D'Piraten hunn ee Gesetz an der Chamber proposéiert, wat virgesäit:

- *Dass d'Mietverträg am Prinzip sollen à durée indéterminée sinn. Ee Mietvertrag, deen à durée à déterminée ass, soll sech automatesch an een CDI verwandelen an de Locataire soll zu deem Moment mat dräi Méint Kënnegungsfrist kënne plënneren.*

## Sozialwunnengen

Sozialwunnengen hëllefe Persounen, déi a schwierege Liewenssituatiounen eng Ënnerstëtzung brauchen. Dës Wunnenge sinn am Besëtz vum Staat oder ASBLen, fir keen op der Strooss zeréckzeloossen.

Fir d'Piraten musse Sozialwunnenge verlount an net verkaf ginn, well eng Sozialwunneng, déi verkaaft gëtt, ass keng Sozialwunneng méi:

- *Muss bei all gréisserem Bauprojet eng Mindestzuel u Wunnenge fir sozial Zwecker virgesi gëtt. Dës Wunneng muss un de Staat goen a soll dann den ASBLen genotzt ginn, fir deenen ze hëllefen, déi Hëllef brauchen;*

- *Dierfen d'Präisser vu Sozialwunnengen net erhéicht ginn, och net du-*

*erch eng Indexéierung. (Dozou hunn d'Piraten och ee Gesetz an der Chamber proposéiert).*

## Schafe vun enger permanenter nationaler Loyerskommissioun mat Decisiounsgewalt

D'Loyerskommissiounen op kommunalem Plang funktionéieren a ville Fäll net effikass oder feele ganz. Et kann net sinn, dass ofhängeg a wéi enger Gemeng ee wunnt, dass een do besser oder méi schlecht behandelt gëtt.

D'Piraten setzen sech aus deem Grond dofir an:

- *Dass eng permanent zesummegestallte Loyerskommissioun op nationalem Niveau, ënnert dem Hutt vum Logementsministère, opgestallt gëtt. Dës Kommissioun sollt aus Juristen, Leit aus dem soziale Beräich, dem Konsumenteschutz souwéi Entspären aus der Baubranche bestoen an och eng Decisiounsgewalt hunn, fir géint all Zort vu Mëssbrauch um Wunnengsmaart virzegoen. Decisioune vun dëser Loyerskommissioun solle vum Friddensgeriicht behandelt ginn.*

## Wunngemeinschaften & Co-Locatioune férderen

Am Ausland ass et Usus, dass d'Leit sech zesummendinn, fir a Wunngemeinschaften zesummenzewunnen. D'Reegelen fir Wunngemeinschaften hei am Land maachen et ville Proprietären awer schwéier, sech mat deem Modell unzefrënnen. Als Besëtzer huet een am léifsten eng direkt Uspriechpersoun am Fall vu Problemer a Garantien. Wat vill Leit dovunner ofhänkt eng Wunngemeinschaft ze maachen, ass och d'Definitioun vun der « communauté domestique », déi zum Beispill fir d'Berechne vum REVIS benotzt gëtt. Grad Flüchtlingen, déi temporär bei Famillje wunnen, hunn et soumadder schwéier, een Urecht op de REVIS ze kréien.

D'Piraten wëllen, dass et méi einfach gëtt fir Wunngemeinschaften ze maachen a wëllen:

- *D'Reegele fir d'Wunngemeinschaften op de Leescht huelen;*
- *Dass an enger Wunneng och méi wéi eng 'communauté domestique' däerf liewen;*
- *Kloer Reegele festleeën, déi engem REVIS-Empfänger et erlaben, als eege Communauté domestique unerkannt ze ginn, ouni d'Interventioun vun enger agreéierter Associatioun.*

# DENG PIRATEN AN DER CHAMBE

D'Piraten hunn mat 2 Deputéierten an eise Mataarbechter an den éischte 5 Joren an der Chamber insgesamt

- iwwert 1600 parlamentaresch Froe gestallt.
- iwwert 100 Motiounen a Resolutiounen proposéiert.
- 20 eege Gesetzesvirschléi geschriwwen.

Mir hunn d'Regierung an de Staatsapparat kritesch hannerliicht a fir méi Transparenz a Matbestëmmung an der lëtzebuergescher Politik gesuergt. Mir sinn dofir souguer géint de Premierminister bis viru Geriicht gaangen a kruten hei och Recht.

Mir hunn d'Politik méi oppe gemaach fir Bierger:innen wéi s du an ech, andeems mir jiddereen dobaussen an eis Aarbecht matagebaut hunn, dat gréisstendeels online.

Mir hu konkret Léisungen an der Chamber proposéiert:

- *Ausbau vun der Solarenergie duerch nei Finanzéierungsmodeller,*
- *Verbuet vun abusiven Aarbechtskontrakter,*
- *Méi streng Reegelen géint Spekulatioun um Wunnmarché a bei Loyeren,*
- *Transparenz duerch ee Lobbyregister*
- *Aféierung vun engem Biergerrot.*

An eisem Walprogramm fir 2023 gëss du méi iwwert eis Léisungen fir jidderee gewuer.






Surf laanscht op **www.piraten.lu** fir méi iwwert eis parlamentaresch Aarbecht gewuer ze ginn.

PIRATEN

WWW.PIRATEN.LU/KONTAKT

CHAMBERWAHLEN | WAHLPROGRAMM 2023

PIRATEN.LU | AHOI@PIRATEN.LU | +352 20 33 37